



CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ANNEXE AU COMPTE RENDU DES SÉANCES PUBLIQUES N° 11 - SESSION ORDINAIRE 2018-2019

1 0 0 J O E R



W I E L E W A T M I R S I N N

A L L G E M E N G T
W A H L R E C H T

EXPO | 27.09.19 — 06.09.20

www.wielewatmirsin.lu

100 ANS DE SUFFRAGE UNIVERSEL AU LUXEMBOURG (1919-2019)

Aujourd'hui, voter et poser sa candidature pour défendre ses convictions relève d'un droit acquis qui peut sembler banal. Toutes les Luxembourgeoises et tous les Luxembourgeois de 18 ans ou plus peuvent émettre leur vote lors des élections législatives, communales et européennes. Les personnes de nationalité étrangère peuvent, sous certaines conditions, participer aux élections communales et européennes.

Cela n'a pourtant pas toujours été ainsi. En effet, pendant longtemps le droit de vote était limité aux hommes les plus fortunés, le système censitaire faisant dépendre le droit de vote du montant d'impôts payés. Les femmes étaient exclues d'office.

Ce n'est qu'en 1919 que le suffrage universel fut introduit au Luxembourg. Depuis lors, sans condition de fortune, toutes les Luxembourgeoises et tous les Luxembourgeois adultes peuvent voter et poser leur candidature lors d'élections.

Dans le cadre du centenaire de cette avancée démocratique décisive, la Chambre des Députés et le Musée national d'histoire et d'art organisent une grande exposition sous le titre #wielewatmirsinn-100 ans de suffrage universel au Luxembourg.

Venez découvrir sur plus de 650 m² l'histoire du droit de vote au Luxembourg de la Révolution française à nos jours.

Où ?

Musée national d'histoire et d'art (MNHA) au Marché-aux-Poissons à Luxembourg-Ville.

Quand ?

Du 27 septembre 2019 au 6 septembre 2020.

Heures d'ouverture :

Mardi-dimanche 10-18 h, jeudi 10-20 h, lundi fermé.

L'entrée est gratuite.

Vernissage le 26 septembre à 18 heures.

Programme actualisé sous :

WWW.WIELEWATMIRSINN.LU

100 JOER ALLGEMENGT WAHLRECHT ZU LËTZEBUERG (1919-2019)

Wielen oder selwer bei Wahlen untrieden, dat erschéngt haut wéi en onëmstriddent, bal scho banaalt Recht. Vun 18 Joer un dierfen all Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger hir Stëmm bei de legislativen, kommunalen an Europawahlen ofginn. Wien net déi Lëtzebuerger Nationalitéit huet, dierf ënner bestëmmte Konditiounen un de Gemengen- an Europawahlen deelhuele.

Mä dat wor net ëmmer esou. Während laanger Zäit wor d'Wahlrecht op déi räichste Männer beschränkt, den Zensusystem huet d'Wahlrecht ofhängeg gemaach vun der Héicht vun de bezuelte Steieren. D'Frae woren d'office ausgeschloss.

Eréischt 1919 gouf d'allgemengt Wahlrecht zu Lëtzebuerg agefouert. Zënterhier gëtt et keng Verméigenskonditioun méi an all erwuesse Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger dierfe wielen an hir Kandidatur bei Wahle stellen.

Am Kader vum 100. Joresdag vun dësem entscheidenden demokratesche Fortschritt organisieren d'Chamber an den Nationalmusée fir Geschicht a Konscht eng grouss Ausstellung ënnert dem Titel #wielewatmirsinn-100 Joer allgemengt Wahlrecht zu Lëtzebuerg.

Kommt an entdeckt op méi wéi 650 m² d'Geschicht vum Wahlrecht zu Lëtzebuerg vun der Franséischer Revolutioun bis haut.

Wou?

Am Nationalmusée (MNHA) um Fëschmaart an der Stad.

Wéini?

Vum 27. September 2019 bis de 6. September 2020.

Ouvertureszäiten:

Dënschdes bis sonndes 10-18 h, donneschdes 10-20 h, méindes ass zou.

Den Entrée ass fräi.

Vernissage de 26. September um 18 Auer.

Aktualiséierte Programm ënner:

WWW.WIELEWATMIRSINN.LU

100 JAHRE ALLGEMEINES WAHLRECHT IN LUXEMBURG (1919-2019)

Wählen oder selbst zur Wahl antreten, um sich für seine Überzeugungen einzusetzen, erscheint heutzutage als ein unumstößliches, fast schon banales Recht. Ab 18 Jahren dürfen alle Luxemburgerinnen und Luxemburger ihre Stimme bei den Nationalwahlen sowie den Gemeinde- und Europawahlen abgeben. Wer nicht die luxemburgische Nationalität besitzt, darf unter bestimmten Voraussetzungen an den Kommunal- und Europawahlen teilnehmen.

Doch das war nicht immer so. Lange Zeit war der Gang zur Urne ein Vorrecht reicher Männer, das Zensuswahlrecht machte das Wahlrecht abhängig von der Höhe der gezahlten Steuern. Frauen waren von vornherein ausgeschlossen.

Erst 1919 wurde das allgemeine Wahlrecht in Luxemburg eingeführt. Seither ist das Wahlrecht nicht mehr an ein Mindestvermögen geknüpft und alle erwachsenen Luxemburgerinnen und Luxemburger dürfen wählen und ihre Kandidatur bei Wahlen stellen.

Im Rahmen des 100. Jahrestages dieses entscheidenden demokratischen Fortschritts organisieren die Abgeordnetenkammer und das Nationalmuseum für Geschichte und Kunst eine große Ausstellung mit dem Titel #wielewatmirsinn-100 Jahre allgemeines Wahlrecht in Luxemburg.

Entdecken Sie auf mehr als 650 m² Ausstellungsfläche die Geschichte des Wahlrechts in Luxemburg, von der Französischen Revolution bis zur Gegenwart.

Wo?

Im Nationalmuseum für Geschichte und Kunst (MNHA) am Fischmarkt in der Stadt Luxemburg.

Wann?

Vom 27. September 2019 bis zum 6. September 2020.

Öffnungszeiten:

Dienstag bis Sonntag 10-18 h, Donnerstag 10-20 h, Montag geschlossen.

Eintritt frei.

Eröffnung am 26. September um 18 Uhr.

Aktualisiertes Programm unter:

WWW.WIELEWATMIRSINN.LU

Die Geschichte des Wahlrechts in 12 Schritten L'histoire du droit de vote en 12 étapes

1797

In der Folge der Französischen Revolution und unter französischer Herrschaft finden im Raum des heutigen Luxemburgs erstmals moderne Wahlen statt. Das Wahlrecht ist nicht sehr demokratisch: Es besteht ein indirektes Männerwahlrecht auf mehreren Ebenen. Zudem gilt ein Zensus: Nur jene, die eine bestimmte Steuerhöhe erreichen, dürfen wählen.

Dans la suite de la Révolution française et sous le régime français, les premières élections modernes ont lieu sur le territoire qui correspond au Luxembourg actuel. Les élections ne sont pas très démocratiques : elles ont lieu selon un droit de vote indirect masculin à plusieurs niveaux. En plus, le système est censitaire : seuls les hommes qui atteignent un certain montant d'impôts peuvent voter.

1848

In ganz Europa setzt die Revolution Demokratisierungen durch. Auch in Luxemburg wird das direkte Wahlrecht eingeführt und der Zensus wird herabgesetzt. *Dans toute l'Europe, la Révolution impose des démocratisations. Au Luxembourg également, le suffrage devient direct et le cens est réduit.*

1868

Die autoritäre Verfassung, die Wilhelm III. 1856 durchgesetzt hatte, wird reformiert und der Zensus gesenkt. Aber das Zensusystem wird in die neue Verfassung eingeschrieben.

La Constitution autoritaire imposée par Guillaume III en 1856 est réformée et le cens est réduit. Mais le principe censitaire est inscrit dans la nouvelle Constitution.

1892

Der Zensus wird auf 15 Franken herabgesetzt. *Le cens est réduit à 15 francs.*

1902

Der Zensus wird auf das in der Verfassung vorgesehene Minimum von 10 Franken reduziert. *Le cens est limité au minimum de 10 francs prévu dans la Constitution.*



Wahlen 1905 - Élections en 1905.
© Photothèque VdL, Collection Marcel Schroeder.

1913

Neue Steuern werden für den Zensus angerechnet, sodass die Zahl der Wähler noch weiter steigt. *De nouveaux impôts sont pris en compte pour le cens, de sorte que le nombre des électeurs monte encore davantage.*

1918

Die Einführung des allgemeinen Männerwahlrechts ist bereits allseits akzeptiert, das Frauenwahlrecht soll dagegen erst später folgen. Doch aufgrund der Forderungen nach der Republik am Ende des 1. Weltkriegs schlägt Staatsminister Reuter ein Referendum vor, an dem nun auch die Frauen teilnehmen sollen.

L'introduction du suffrage universel masculin est déjà accepté de toute part, mais le suffrage des femmes est seulement prévu pour plus tard. Mais à la fin de la guerre, réagissant à la revendication d'introduire la république, le ministre d'État Émile Reuter propose un référendum auquel les femmes participeraient également.



Ende 1918 kündigt die Regierung ein Referendum zur Frage der Monarchie an. *Fin 1918, le gouvernement annonce un référendum sur la question de la monarchie.* ANLux, AE-00681.



CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

COMPTE RENDU DES SÉANCES PUBLIQUES N° 11 - SESSION ORDINAIRE 2018-2019

Promotion de l'entrepreneuriat au lycée
Protection du patrimoine industriel
Augmentation du salaire social minimum

p. 352
p. 356
p. 361

Sommaire des séances publiques n°s 27 à 29
Sommaire des questions parlementaires

p. 372
p. Q239

27^e séance
28^e séance
29^e séance

Mercredi 19 juin 2019
Jeudi 20 juin 2019
Mardi 25 juin 2019

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram



Konferenz der Parlamentspräsidenten der deutschsprachigen Länder

Bekämpfung des Antisemitismus

Am 23. und 24. Juli 2019 nahmen der Präsident der luxemburgischen Abgeordnetenkammer Fernand Etgen und Generalsekretär Claude Frieseisen an der Konferenz der Parlamentspräsidentinnen und -präsidenten der deutschsprachigen Länder in Bregenz teil.

Diese Konferenz, welche letztes Jahr in Luxemburg stattfand, tagte dieses Jahr am Bodensee auf Einladung von Wolfgang Sobotka, Präsident des österreichischen Nationalrats. Die Präsidenten Wolfgang Schäuble (Deutschland), Albert Frick (Liechtenstein), Marina Carobbio Guscetti (Schweiz), Karl-Heinz Lambertz (Deutschsprachige Gemeinschaft Belgiens) und Fernand Etgen (Luxemburg) befassten sich dieses Jahr auf Anregung von Gastgeber Wolfgang Sobotka mit dem Thema „Aktuelle Formen des Antisemitismus und Maßnahmen zu seiner Bekämpfung“.


Eine Expertengruppe, bestehend aus Prof. Dr. Dr. h. c. Monika Schwarz-Friesel, Kognitionswissenschaftlerin und Antisemitismusforscherin der Technischen Universität Berlin, Dr. Felix Klein, Beauftragter der Bundesregierung für jüdisches Leben in Deutschland und den Kampf gegen Antisemitismus, sowie Thomas Stern, Koordinator der Antisemitismusstudie des österreichischen Parlaments, unterstützte die Teilnehmer mit Impulsvorträgen.

Die Teilnehmer stellten fest, dass die Zunahme antisemitischer Tendenzen und Vorfälle europaweit eine Herausforderung für die Ge-

sellschaft und die Politik darstellt. Der Präsident der luxemburgischen Abgeordnetenkammer Fernand Etgen erinnerte in diesem Zusammenhang an die rezenten Diskussionen im luxemburgischen Parlament, das mit 58 Ja-Stimmen bei zwei Enthaltungen eine Motion angenommen hatte, mit der die Regierung aufgefordert wurde, sich die Antisemitismusdefinition der International Holocaust Remembrance Alliance (IHRA) zu eigen zu machen und verstärkt gegen jedwede Form von Intoleranz und Diskrimination, im Speziellen gegen Antisemitismus vorzugehen und Bildungs- und Sensibilisierungsmaßnahmen diesbezüglich zu unterstützen.

Die Analyse der verschiedenen Formen des heutigen Antisemitismus hat gezeigt, dass Antisemiten zwischenzeitlich auch die wesentlichen sozialen Medien für ihre Zwecke missbrauchen. Die Präsidenten haben sich im Verlauf des zweitägigen Treffens auch intensiv über die möglichen Vorbeugungsmaßnahmen ausgetauscht.

Hier wird unter anderem auf die Pflege der Erinnerung, auf pädagogische Projekte sowie auf Fortbildungsmöglichkeiten für Lehrer und Erzieher gesetzt. Die Präsidenten waren sich einig darüber, dass die Parlamente dieses Thema weiterhin mit einem sehr wachsamem Auge verfolgen müssen und dass sie mit in der Pflicht stehen, entsprechende Gegenmaßnahmen zu veranlassen.



Die Parlamentspräsidenten der deutschsprachigen Länder: 1. Reihe (von links nach rechts): Wolfgang Sobotka (Österreich), Wolfgang Schäuble (Deutschland), Marina Carobbio Guscetti (Schweiz); 2. Reihe (von links nach rechts): Fernand Etgen (Luxemburg), Karl-Heinz Lambertz (Deutschsprachige Gemeinschaft Belgiens), Albert Frick (Liechtenstein)

© Parlamentsdirektion Foto Serra

Étude de l'OCDE axée sur le logement

Augmenter l'offre de logement – notamment de logements sociaux locatifs – et mieux préparer le marché du travail luxembourgeois à l'ère digitale, voici les deux grands défis relevés dans l'étude économique sur le Luxembourg de l'Organisation de coopération et de développement économiques (OCDE) présentée par son Secrétaire général, M. José Angel Gurría, aux membres de plusieurs commissions parlementaires (Economie, Logement, Environnement, Mobilité).

« Le marché du logement luxembourgeois doit devenir plus équitable », a souligné José Angel Gurría. Un constat partagé par les députés qui ont assuré que c'est une thématique qui est régulièrement discutée au sein du Parle-

ment. Une des recommandations de l'OCDE pour parvenir à un marché du logement plus inclusif consiste à instaurer une taxe sur la non-utilisation de terrains et de sanctionner les promoteurs immobiliers qui n'utilisent pas leurs permis de construire. Une solution proposée par l'étude de l'OCDE est de relever les impôts fonciers sur les terrains constructibles. Selon José Angel Gurría, le Luxembourg doit instaurer une politique de sanction parallèlement à une politique d'incitation concernant le marché immobilier.

« Investir dans les compétences »

Le deuxième grand défi auquel le pays doit faire face est la pénurie de compétences en

matière de technologies de l'information et de la communication (TIC). Selon l'étude de l'OCDE, les entreprises luxembourgeoises ont des difficultés à recruter des informaticiens ayant des « compétences digitales spécifiques ».

Le Secrétaire général a remarqué que ce phénomène s'explique par un manque de communication entre les entreprises, les syndicats et le Gouvernement. Dans cette même logique, l'étude de l'OCDE constate que les dépenses en matière de recherche et de développement restent faibles.

L'économie luxembourgeoise est principalement basée sur les services, mais le pays doit

investir plus dans les « compétences », a observé le Secrétaire général de l'OCDE.


Taxes environnementales

Les députés se sont également renseignés sur les taxes environnementales. D'après l'étude de l'OCDE, celles-ci sont faibles au Luxembourg et en dessous de la moyenne des pays membres de l'OCDE.

Le Secrétaire général a proposé aux députés de relever les taxes et les droits d'accises sur les carburants, notamment le gazole, le but étant d'avoir des mesures fiscales environnementales plus efficaces afin d'atteindre les objectifs de l'accord de Paris sur le climat.



Échange de vues de M. José Angel Gurría, Secrétaire général de l'OCDE, avec les membres de plusieurs commissions parlementaires



Institut étatique pour jeunes

7189 - Projet de loi concernant l'Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse

Le présent projet de loi a pour objet d'adapter l'organisation de l'institution « Maisons d'enfants de l'État ». La création de cette institution remonte au milieu du 19^e siècle à un moment où l'État, peu de temps après avoir obtenu son indépendance, avait le souci de créer des institutions sociales, afin de lutter contre une certaine indigence qui continuait à prévaloir dans le pays. L'institution faisait d'abord partie de l'Hospice central d'Ettelbruck (aujourd'hui le Centre hospitalier neuropsychiatrique), qui, lors de sa création, a été à la fois dépôt de mendicité, hôpital général et asile d'aliénés. Dès l'année 1870, il est apparu au législateur qu'il fallait instaurer une autre forme de prise en charge des enfants accueillis par ladite institution. Partant, les enfants étaient transférés au plateau du Rham, où ils cohabitaient pendant un siècle avec les personnes âgées valides. Ils sont repartis, en 1980, alors que le Centre du Rham fut converti en centre intégré pour personnes âgées.

La loi du 18 avril 2004 a conféré un cadre légal propre à l'institution « Maisons d'enfants de l'État ». Cette loi était marquée avant tout par trois éléments : il s'agissait de s'adapter aux réalités d'une société en pleine mutation et de donner un cadre légal à l'institution « Maisons d'enfants de l'État » après séparation avec l'ancien Centre du Rham. Finalement, il fallait veiller à ce que « l'État dispose lui-même d'un instrument capable de répondre à tout moment aux nécessités actuelles et à venir et de pouvoir réagir efficacement et aussi rapidement que possible tant à des besoins "normaux" qu'à des situations exceptionnelles et imprévues. Tout en respectant le principe de la subsidiarité, il est d'une première importance que l'État ait à sa propre disposition un instrument lui permettant d'intervenir de façon directe dans un domaine dont le devoir de l'organiser lui incombe directement » (exposé des motifs du projet de loi portant organisation des Maisons d'enfants de l'État). Ce troisième élément reste aujourd'hui encore une des raisons principales de légiférer en la matière.

Le projet de loi sous rubrique vise à permettre à l'institution « Maisons d'enfants de l'État » de promouvoir une politique transversale et de développer un modèle conceptuel qui associe davantage l'éducatif, le social, le scolaire, le psychologique, le thérapeutique et le médical, en apportant un regard holistique sur les personnes concernées.

Afin de mettre en avant les nouvelles attributions dévolues à cette institution, il est également proposé de changer la dénomination de ladite institution qui est rebaptisée « Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse ».

Le projet de loi se caractérise par les cinq éléments suivants :

- donner à l'État la possibilité d'organiser des structures d'aide complémentaires à celles du secteur privé ;

- promouvoir une approche transversale et développer un modèle conceptuel qui associe l'éducatif, le social, le scolaire, le psychologique, le thérapeutique et le médical en vue de contribuer à développer une stratégie globale de santé mentale des enfants et des jeunes ;

- développer des structures de travail dans une perspective interdisciplinaire et transversale entre les professionnels au niveau institutionnel, entre les différents départements et services du ministère de tutelle ainsi qu'entre les ministères concernés. Une telle approche est notamment nécessaire pour arriver à mettre en route une prise en charge centrée sur l'enfant, globale et personnalisée ;

- prendre en considération le développement des Maisons d'enfants de l'État depuis 2004 et conférer une base légale aux structures existantes et aux réorganisations opérées ces dernières années, tout en préparant le cadre nécessaire pour le développement futur de l'Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse ;

- doter l'institut des ressources professionnelles nécessaires pour répondre aux enjeux actuels et futurs.

pilote, avec l'objectif de leur donner plus d'impact et de valeur, y compris et surtout dans les classes supérieures, sous forme d'« unités d'entreprise » qui s'ajoutent aux « unités d'enseignement ».

Au-delà du volet « entreprise », le présent projet de loi opère des modifications qui s'imposent face aux conclusions tirées de la pratique scolaire du lycée-pilote pendant ces dernières années.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 08.05.2018

Rapporteur : M. Gilles Baum

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

(Président : M. Lex Delles) :

21.03.2018 Présentation du projet de loi

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

(Président : M. Gilles Baum) :

16.01.2019 Désignation d'un rapporteur

27.02.2019 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'une série d'amendements

20.03.2019 Visite du Lycée Ermesinde à Mersch suivie d'une entrevue avec les responsables du lycée

03.04.2019 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

08.05.2019 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 19.06.2019

Loi du 12 juillet 2019

Mémorial A : 2019, n° 511, page 1

Adaptation du REVIS et du RPGH

7417 - Projet de loi portant modification de :

1^o la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2^o la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

Le projet de loi 7417 a pour objectif de procéder à une adaptation de 0,9 pour cent des montants

- du revenu d'inclusion sociale (ci-après « REVIS »), et

- du revenu pour personnes gravement handicapées (ci-après « RPGH »).

À cet effet, il vise à modifier

- les articles 5, paragraphe 1^{er}, et 49, paragraphe 3, de la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale, ainsi que

- l'article 25, alinéa 1^{er}, de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées.

Ces augmentations du REVIS et du RPGH sont prévues, de manière rétroactive, au 1^{er} janvier 2019 et viennent s'ajouter à l'augmentation de

1,1 pour cent réalisée par la loi du 21 décembre 2018 portant modification de :

1. la loi du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale ;

2. la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ; et

3. la loi modifiée du 18 septembre 2009 organisant l'aide sociale.

Ces adaptations vont de pair avec l'augmentation du salaire social minimum (SSM) de 100 euros, telle qu'elle a été retenue dans l'accord de coalition 2018-2023. Selon des estimations fournies par l'IGSS (Inspection générale de la sécurité sociale), l'application d'un éventuel relèvement du salaire social minimum à hauteur de 0,9 pour cent au 1^{er} janvier 2019 au REVIS et au RPGH entraîne une hausse du coût de ces prestations de 2,3 millions d'euros pour l'exercice 2019.

Dépôt par Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 01.03.2019

Rapporteur : M. Max Hahn

Travaux de la Commission de la Famille et de l'Intégration

(Président : M. Max Hahn) :

05.06.2019 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 25.06.2019

Loi du 12 juillet 2019

Mémorial A : 2019, n° 505, page 1

Promotion de l'entrepreneuriat à l'enseignement secondaire

7304 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote

Le présent projet de loi a pour objectif de mettre en place une expérience entrepreneuriale pendant les études secondaires au lycée-pilote, et ceci conformément au plan d'action « Entrepreneurship 2020 » de la Commission européenne.

Le lycée-pilote, c'est-à-dire le Lycée Ermesinde à Mersch, a conclu avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ainsi qu'avec le Ministère de l'Économie la convention « Promotion de l'entrepreneuriat à l'enseignement secondaire ». Fort de son expérience de douze ans en matière d'activités complémentaires, le lycée-pilote s'engage à re-

fonder celles-ci en créant des entités plus proches encore de la réalité économique. Les entreprises, qui existent déjà au lycée-pilote depuis plusieurs années, sont devenues un facteur essentiel de motivation et d'orientation. En effet, elles demandent aux élèves un engagement authentique et continu face aux opportunités et aux difficultés de la production et du commerce, et les placent dans la nécessité de s'intégrer dans un processus de production existant, afin que les élèves apprennent à y développer leurs propres talents.

Le présent projet de loi vise à ancrer les entreprises davantage dans le curriculum du lycée-

Le saviez-vous ?

DÉPÔT

Le dépôt est l'acte par lequel la Chambre des Députés est officiellement saisie d'un projet de loi ou d'une proposition de loi.

een natierlech dann och an deem Kontext net d'Regierung invitéieren, fir d'Konsumenten an d'Entreprise besser ze ënnerstëtzen.

Ech mengen, mir hunn hei alles gemaach, wat eis un demokratesche Mëttelen zur Verfügung stoung. Méi ass net dran! Pour le reste ass et en demokratesche Vott, deem mer ënnerleë sinn. Dofir gesinn ech elo net, aus wéi engem Grond mer sollen eis Strategie konsolidéieren. Eis Strategie ass ganz kloer, bei där nächster Kommission och erëm derfir ze œuvréieren, dass, wann ee Rapport heiriwwer gemaach gëtt, d'Konklusionen esou ausfallen, dass dat méi wäit muss goen, dass mer do méi en anständeg Gesetz respektiv Direktiv hikeréien.

An déi Campagne de sensibilisation, déi hei gefrot gëtt, ech weess net, zu wat déi wierklech féiere soll. Ech mengen, d'Direktiv ass gestëmmt, d'Gesetz gëtt haut gestëmmt. Pour le reste huele mir selbsterständlech als Regierung d'Engagement, fir an deem Thema Geoblocking bei der neier Kommission, an deem neie Conseil de compétitivité alt erëm eng Kéier de Sujet opzebréngen an ze probéieren, Leit ze fannen, Alliéierter ze fannen, déi mat eis derfir schaffen, dass dee Geoblocking opgehuewe gëtt.

Dofir gesinn ech net an, firwat déi Motioun hei soll gutt sinn, an ech wollt lech dat awer just matdeelen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wirtschaftsminister. Den Här Gloden wëllt nâischt méi soen, dach, hie wëllt nach eppes soen.

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Ech wëll just soen, well dat gëtt ëmmer dobausse falsch gesot: Mir schwätzen hei vun engem Règlement. Et ass keng Direktiv, Här Minister. E klengen Ënnerscheid.

Ech stelle fest, déi gréng si frustréiert iwwert de Sujet, jiddwereen ass d'accord mam Constat, duerfir gesinn ech net an, firwat een hei net déi Motioun ka stëmmen. Den Drock op der Regierung muss héich bleiwen, fir déi Diskriminatioonen hei ofzeschaffen. Duerfir, ech halen d'Motioun bäi, Här President.

► **Une voix.**- Très bien !

Vote sur la motion 1

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech mengen, mir kënnen dann zum Vott ...

(Brouhaha)

... vun der Motioun kommen. Ech ginn dervun aus, datt de Vote électronique gefrot ass. D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration.

De Vott ass heimat ofgeschloss. An d'Motioun ass mat 27 Jo-Stëmmen an 31 Nee-Stëmmen, bei 2 Abstentioonen, net ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Mars Di Bartolomeo), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

6. 7268 - Projet de loi portant modification

1° du Code du travail ;

2° de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail ;

3° de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle (suite)

Mir kommen elo zu deene verschiddenen Ofstëmmungen zum Projet de loi 7268 iwwert

d'Formation professionnelle. Et sinn dat de Vott iwwert d'Amendement, de Vott iwwert de Projet de loi an de Vott iwwert d'Motioun.

Amendements et motion 1

Mir schwätze fir d'Éischt dann iwwert d'Amendement. Wëllt de Minister dozou nach eppes soen?

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Jo, Här President, de Fait, datt mer haut ofstëmmen, huet eis nach eng Kéier d'Geleeënheet ginn, déi Amendement am Detail ze kucken. Et ware jo dräi Amendement, och wa se dann nëmmen a Form vun zwee Amendement erabuecht gi si vun der CSV, mä dräi Punkten hu se betraff.

Dat eent war eng Terminologie, déi gewieselt huet, wou emol eng Kéier op der Plaz, wou „convention“ soll stoen, d'Wuert „contrat“ soll stoen. Dat ass eigentlech als Synonym ze gesinn. Allerdéngs, am Sënn vun der Formation professionnelle ass hei an der Terminologie scho kloer, ob et e Contrat d'apprentissage ass oder eng Convention de stage, soudatt ech géif mengen, datt een effektiv dat misst eng Kéier kloerstellen.

Deen anere Punkt war, fir en Artikel ze wieselen, wou nach op 25 Congésdeeg verwise ginn ass am Fall vun engem Stagiaire. Dat heescht, dat ass e jonke Mënsch, dee seng Formation an der Formation professionnelle à plein temps eigentlech an der Schoul mécht, awer zu gewëssene Momenter, dat kënne Schoulwoche sinn, dat kënnen och Vakanzeweche sinn, an engem Stage ass.

Am Gesetz vu virdrun hate mer schonn déi Notion do vu Congé an och de Verweis op déi 25 Deeg, se huet do awer gradesou wéineg Sënn gemaach, wéi se eigentlech haut Sënn mécht, well dat doten net déi sinn, déi am duale System sinn, well do leeft et schonn automatesch iwwer e Contrat d'apprentissage, deen awer gläichgestallt ass, wat de Congé ubelaangt, mam Contrat de travail, also elo 26 Deeg huet.

Hei sinn et der, déi nach Vollzäit an der Schoul sinn. Elo kann et sinn, datt emol zum Beispill an enger Ouschtervakanz e Stage ass. Mä fir de Rescht ass et awer esou, datt an der grousser Vakanz oder an anere Vakanze Schoulvakanz ass, soudatt, ob mer elo hei 25 Deeg oder 26 Deeg schreiwen, dat irrelevant ass. Am Prinzip bräicht et guer net am Text ze stoen.

Dann dee Punkt, deen effektiv méi seriö ze huelen ass, dat ass dee vun der VAE. Deen huet awer nâischt mat dësem Gesetzesprojet ze dinn, dee mer haut hei ofstëmmen. An zwar ass déi Situatioun esou: Duerch eng Ännerung vun der Terminologie a vun der Definitiou ass d'Formation professionnelle en eegestännegen Ordre d'enseignement, oder ass et en Deel vun Enseignement secondaire, wéi et virdrun war technique, an elo général?

Et ass näämlech 2017, wou déi Erreur sech do ageschlach huet. Do ass et esou gewiescht, datt effektiv elo momentan, laut Gesetzestext, eng VAE net méiglech wär, wann een den Diplom vun der Formation professionnelle géif ustriewen, wat kee Sënn mécht, do muss ech der Madamm Hansen absolutt recht ginn. An ech denken, datt mer dat och esou schnell wéi méiglech sollte korrigeieren.

Elo ass et awer esou, datt, wa mer elo déi Amendement heit stëmmen, da musse mer wëssen, datt dee ganze Gesetzestext nach eng Kéier zréck bei de Conseil d'État geet, de Conseil d'État en Avis complémentaire mécht, mir eng Chamberskommission mussen organiséieren, deen Avis nach eng Kéier aviséieren, nach eng Kéier kucken, eisen definitiven Text ze änneren, e Rapport, en neie Rapport unhuelen an dann an de Plenum kommen.

Mir wëssen awer och, datt am Beräich vun der Formation professionnelle d'Schoul jo net eréischt de 15. September ugeet, mä schonn de 15. Juli, well do déi éischt Kontrakter gemaach gi vun den Apprentië fir dat nächst Joer. A well mer awer drop drécken, an och op Wonsch vun de Chambres professionnelles gären hätten, datt deen Text hei a Kraaft trëtt fir dat nächst Schouljoer, géif ech derbäi bleiwen, wéi ech och scho gëschter gesot hunn, datt mer déi Amendement do ofleenen.

Ech proposéieren awer, datt d'Regierung esou schnell wéi méiglech e Gesetzesprojet op de Wee bréngt, fir op d'mannst déi Fro vun der VAE ze korrigeieren, well dat effektiv eng Erreur ass, déi sech zanter zwee Joer an eisem Gesetz ageschlach huet, an déi mer esou schnell wéi méiglech sollten eraushuelen.

vläicht, Här President, well ech elo am Elan sinn, nach e Wuert zur Motioun.

Dat hu mer gëschter jo och schonn undiskutiert a mer waren do bis an den Detail gaangen, ob dann elo eng Box fir deen, dee

säin Apprentissage am Bësch mécht, mat ënner d'Gratuitéit fällt oder net. Ech hu mech nach eng Kéier renseignéiert, datt gewësse Materialien, net Bicher, net Kopien, mä aner Materialien, och am klassesche Lycée oder am generale Lycée, net ënner d'Gratuitéit falen.

Ech géif einfach proposéieren, well mer eis do eens sinn an der Saach, datt den Apprenti an der Formation professionnelle soll gläichgestallt gi mam Schüler am Général oder am Classique, datt mer dat doten eng Kéier am Detail an der Kommission solle kucken, eier mer hei driwwer ofstëmmen. An duerno kann d'CSV nach ëmmer déi Motioun erëmbrengen, wa mer eis do an där Saach net géifen eens ginn. Mä do sinn eng ganz Rei vun Detailer, déi een awer vläicht sollt consideréieren.

Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Educationminister. D'Madamm Hansen huet d'Wuert gefrot.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Ech fänken da mat der Motioun un, a mir halen déi Motioun fest, fir se awer hei ofstëmmen ze loossen, well wa mer eis jo eens sinn, dann, denken ech, kënne mer se och stëmmen.

Dann zu deenen anere Punkten. Zum Amendement 1. Ben, op déi Feeler vu Convention a Contrat war ech gëschter jo och guer net agaangen, well ech denken, dat sinn definitiv Oubliën. Mä 26 oder 25, dat ass awer a mengen Aen net richtig, well d'Gesetz léisst et zou, et steet am Gesetz, d'Stagé kéinte ganz oder deelweis an de Vakanze sinn. Dat léisst also zou, datt do ganz vill Stagé kéinte sinn. An dofir denken ech, datt awer hei muss ee Minimum un Congésdeeg och fir de Stagiaire festgehale ginn. Also, déi 26 Deeg, dat schéngt mer net irrelevant ze sinn.

An allgemeng fannen ech d'Prozedur u sech komesch. Ech fannen et net an der Rei, datt mer hei als Chamber elo ee Gesetz stëmmen, wou mer pertinent wëssen, datt Feeler dra sinn an datt nach mussen Upassunge gemaach ginn. Dat fannen ech net deen normale Wee. Do hätt déi Aarbecht misse virdrun anstänneg gemaach ginn - dat hat ech jo och gëschter gesot -, da wäre keng Feeler dran.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Hansen.

Vote sur l'amendement 1

Ech mengen, mir këimen dann zum Vott vum Amendement 1. D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. Den Amendement 1 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Den Artikel L. 111-10 bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommission e virgeschloen huet.

Vote sur l'amendement 2

Mir këimen dann direkt zur Ofstëmmung vum Amendement Nummer 2. De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. Den Amendement Nummer 2 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen,

Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Mars Di Bartolomeo), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Den Artikel 45 bleift dann och ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommission e virgeschloen huet.

Mir këimen dann zur Ofstëmmung vum Gesetz, dem Projet de loi 7268. Den Text steet am Document parlementaire 7268¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7268 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7268 ass mat 33 Jo-Stëmme an 27 Nee-Stëmme ugehall, pardon, 27 Abstentioonen.

(Brouhaha)

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Vote sur la motion 1

Mir këimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun Nummer 1 vun der Madamm Martine Hansen.

De Vott fänkt un. Duerno de Vote par procuration.

D'Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme an 31 Nee-Stëmme ofgeleent. Merci.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

7. Dépôt d'une motion par M. Gast Gibéryen

Da géif ech dem Här Gibéryen d'Wuert gi fir den Depot vun enger Motioun.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll eng Motioun deponéieren. D'Regierung huet en Avant-projet de loi ausgeschafft, fir eng Naturresev vum Gréngwald ze maachen, an déi ass elo un déi verschidde Gemenge verschéckt ginn, déi en Affichage gemaach hunn, fir datt d'Leit sech dozou kënnen äusseren. An elo ass eng ganz Rei vu Leit, déi opbruecht sinn, well an dësem Projet och drasteet, oder d'Méiglechkeet geschäfe gëtt, fir datt de Stafelter als Strooss fir d'Autos soll zougemaach ginn.

Fir datt elo net onnéideg Biergerinitiativen entstinn an an deene verschiddene Gemengeréit grouss Diskussiounen iwwert déi dote Problematik entstinn, hunn ech geduecht, eng Motioun hei ze maachen, wou d'Chamber géif d'Regierung opfuerderen, hiren Avant-projet de loi, ier se e Projet de loi deponéiert, dohinner ze amendéieren, datt de Stafelter géif fir den Autosverkéier opbleiwen. An domadder wieren dann all déi Sträitdiskussiounen, déi elo do am Osten entstinn, um Enn. Et ass also eng Motioun, déi als Zil huet, fir datt de Stafelter fir de Verkéier bestoe bleift.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien !

Motion

D'Chamber vun den Deputéierten,

an der Suerg ëm Liewensqualitéit an Ëmwelt,

- ënnerstëtzt d'Projeten, fir de Gréngwald als zesammenhängende Bësch ze schützen;

- hëlt zur Kenntnes, datt am Avant-projet zur Naturresev Gréngwald eng Rëtsch Dispositiounen sech op den „Chemin repris CR119“ tëscht dem Stafelter an der Nationalstrooss 11 bezieien;

- schléisst aus dësen Dispositiounen, datt dës Deelstreck vum CR119 net méi soll als Stroosseverbindung ënnerhalen a méiglecherweis fir de Verkéier gespaart ginn;

- kennt anerersäits d'Wichtigkeet vun där Verbindung besonnesch fir d'Leit aus der Fiels an aus der Lënster Géigend an d'Wichtigkeet vun där Streck fir e gudden Verkéiersfloss besonnesch a Spëtzestonnen un;

- stellt fest, datt déi Streck och bei Noutasätz a bei néidegen Deviatioune vun der N11 verkéiers-technesch onbestreitbar wichteg ass;

- stellt fest, datt fir den Tram-Projet schon een Deel vum Gréngwald huet misse geaffert ginn an datt am Avant-projet weider Ausname virgesi si fir den Tram respektiv d'Grande Voirie;

- ass iwwerzeugt, datt d'Späre vun dëser Streck gravéierend an ëmweltschiedlech Konsequenzen op de Verkéier huet, well d'Stauen dann op anere Stroossen nach méi grouss ginn;

fuerdert d'Regierung op,

besonnesch am Interessi vun de Leit aus dem Oste vum Land,

- den Avant-projet zur Naturresev Gréngwald elo schon esou ze änneren, datt den CR119 als Stroosseverbindung tëscht dem Stafelter an der lechternacher Streck (N11) erhale bleift;

- all Dispositiounen, och beim Plange vu Stroossebau- an Infrastrukturaarbechten, ze huelen, fir datt d'Deelstéck vum CR119 tëscht dem Stafelter an der N11 och an Zukunft als sécher Verkéiersverbindung notzbar bleift.

(s.) Gast Gibéryen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Gibéryen.

Mir kéimen dann zu eisem nächste Punkt ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, entschëllegt, ech wier frou, wa mer dat nach këinten dës Woch ofstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Mir wäerten eist Beschtaachen.

8. 7353 - Projet de loi sur la protection des savoir-faire et des informations commerciales non divulgués (secrets d'affaires) contre l'obtention, l'utilisation et la divulgation illicites

Mir kéimen dann zu eisem nächste Punkt, dem Projet de loi 7353 iwwert de Schutz vum Know-how a vun de Geschäftsgeheimnissen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Mosar, den Här Arendt, den Här Charles Margue, den Här Reding, den Här Baum an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut schéngt et mer e bëssen den Dag vun de Geheimnissen ze sinn an der Chamber. De Moien hu mer des Längeren iwwer reell oder supposéiert geheim Casieren oder Fichiere geschwat, ...

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - ... an de Mëtze schwätze mer dann och iwwer Geschäftsgeheimnissen, déi awer, contrairement zu deenen éischten, näischt Illegales u sech hunn.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien !

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Wat ass e Geschäftsgeheimnis, e Secret d'affaires? Et ass zum Beispill ee Rezept, wéi zum Beispill dat héich geheimt Rezept vu Coca Cola, oder, méi no bei eis, dat vum Léa Linster senge faméise Madeleinen. Dat si Rezept, déi kengem Brevet ënnerleien. Dat kënnen och Procédés de production sinn, déi geheim sinn. An et gëtt do verschidde Grënn, firwat déi Procédés an déi Rezept kengem Brevet oder kengem Dessin ënnerleien, zum Beispill, well den Detenteur se net wëllt duerch e Patent schützen, wat jo bekanntlecherweis no 20 Joer an d'Effentlechkeet fällt.

Mir haten heizou spannend Diskussiounen an der Kommissioun iwwert de Champ d'application vun dësem Gesetz, souwuel territorial - et ass kloer, dass dësen Text wäert all d'Secret-d'affaire schützen, déi zu Lëtzebuerg gebraucht a benotzt ginn -, mä awer och iwwert de Champ d'application matérielle, wéi gesot, zum Beispill iwwer Rezept, mä awer och iwwert déi spannend Fro, ob zum Beispill eng Clé d'encryption an enger Applikatioun kann e Secret d'affaires sinn oder aner äänlech Prozederen.

Mat dësem Projet de loi transposéiere mer d'europäesch Direktiv 2016/943 vum 8. Juni 2016 an eist nationaal Recht. Déi Direktiv ass geholl ginn opgrond vum Echech vu viregten Efforte vun der Kommissioun, fir eppes géint d'Industrieespionage ze maachen. Do ass ni eng harmoniséiert Approche fonnt gi bis ebe justement zu dëser Direktiv.

Et ass och héich Zäit, dass mer dës Direktiv ëmsetzen, well mir si schon zolidd a Verzug, a wa mer elo dësen Text net unhuelen, kréie mer méiglecherweis eng Prozedur vun der Kommissioun op d'Box.

E puer Wierder zu den Travaux parlementaires. Mir hunn am Mäerz zu dësem Text geschafft. Mir hunn d'Avise vum Statsrot analyséiert, dee sech haaptsächlech un d'Avise vun den Tribunaler ugeleent huet. Et handelt sech hei ëm e ganz prozedurale Projet, wou mer am Fong eng Prozedur aféieren, souwuel um Referé wéi um Fong, fir ebe géint Verstéiss géint Geschäftsgeheimnissen virzegoen.

Et sinn dunn, no eiser Lettre d'amendement, och nach Avisen erakomm, vum Barreau de 24. Abrëll, vum Statsrot en Avis complémentaire, wou awer net méi vill drastoung, de 7. Mee, an nach en Avis complémentaire vun der Chambre de Commerce.

Lëtzebuerg huet sech an dëser Matière fir en autonome Gesetzestext decidéiert, well et bis elo keng speziell Legislatioun en faveur vun der Protektioun vun de Geschäftsgeheimnissen ginn ass. Déi Geheimnissen si bis elo duerch véier verschidde Piliere vun eisem Recht protegéiert ginn.

Et war engersäits d'Strefrecht, do war en Artikel 309 am Code pénal, deen de Secret d'affaires geschützt huet. Mä awer och d'Zivilrecht, et konnt een op de Grondlage vun der Responsabilité civile kloen, wann een e Secret d'affaires hat, dee violéiert gouf. Awer och

d'Konkurrenzrecht, hei ware mer an der Matière vun der Concurrence déloyale, wou also och konnte verschidde Mesurë geholl ginn opgrond vun där Matière. A schlussendlech waren heiansdo d'Prinzipie vum Vertragsrecht applikabel, wann d'Violation vum Secret d'affaires am Kader vun engem Vertragsverhältnis virgefall ass en vertu vun der Verflüchtung, Kontrakter de bonne foi ze exekutéieren.

Den Haaptobjekt vun dësem Text, vun dëser Direktiv, ass et, Regeln ze definéieren, fir de Secret d'affaires virum illegalem Erwerb, Benotzung oder Divulgation ze schützen. De Considerant 10 vun der Direktiv beschreift kloer dat iwwergeuerdnet Zil vun der Direktiv, nämlech op EU-Niveau Regeln anzeféieren, déi eng gewëssen Harmoniséierung vun der nationaler Legislatioun erlaben, fir esou eng Kohärenz an der EU ze kréien, wat d'zivilrechtlech Mesuren ubelaangt.

Hei sinn zwou Betruechtungen, déi matspillen. Éischters ass et d'Consideratioun, dass nëmme mat enger harmoniséierter Rechtslag de Secret d'affaires och beschtméiglech geschützt ka ginn. An zweetens de Constat, dass e fragmentéierte Marché unique muss verhënnert ginn, well grenziwwerschreidend wirtschaftlech Aktivitéiten nëmme dann hiert Potenzial entwéckelen, wann de Marché unique och funktionéiert.

De Secret d'affaires huet eng zentral Roll an enger diversifizierter Wirtschaftswelt, wou den technologeschen an handwierkleche Savoir-faire ëmmer méi wichteg gëtt, fir sech als Producteur ze demarkéieren. Eng effikass Protektioun vun deem Secret d'affaires ass wichteg virum allem fir kleng a mëttelstännesch Entrepreneuren, déi jo d'Réckgrat vun eise Wirtschafte bilden, well et hinne bei gréisseren Investissementer a Recherche an Innovatioun eng gewisse Planungssécherheet erméiglecht.

Den Droit de la propriété intellectuelle eleng geet hei nämlech net duer. Nach eng Kéier: Also kann et haaptsächlech fir kleng a mëttel Entrepreneuren ëmständlech sinn, e Brevet enregistrieren ze loosse. Dat si schwéier a kostspielig Prozeduren. An et kann awer och fir e Createur wichteg sinn, fir justement eng gewisse Confidentialitéit hei ze halen iwwer seng Innovatioun an dofir näischt enregistrieren ze loosse, well et ass gewosst, dass, wann een e Brevet oder en Dessin enregistriert, dann d'Method an de Savoir-faire sech an der Effentlechkeet befënnert.

Op där anerer Säit ass et esou, dass net all Savoir-faire och d'Kritären, fir als Propriété intellectuelle unerkannt ze ginn, erfëllt.

Wat sinn elo d'Kritären, fir als Secret d'affaires kënnen geschützt ze ginn, ënnert dësem Text? Dat sinn der dräi. Éischters muss e geheim sinn, geheim haaptsächlech par rapport zu deenen anere Konkurrenten am Secteur. Zweetens muss en eng kommerziell Valeur hunn, déi sech justement dorauer ergëtt, dass e geheim ass. An drëttens muss de rechtméissege Besëtzer vum Secret entsprechend Mesurë geholl hunn, fir dass dee Secret och geheim bleift, dat heescht, fir säi Secret ze schützen.

De Projet de loi gesäit zwee Fäll vir, zwou Hypothesen, wou eng Persoun sech onrechtméisseg Zougang zu engem Secret d'affaires beschäfe kann. Éischters ass dat en net autoriséierten Accès op all Dokument, Objet, Material oder Fichier respektiv eng net autoriséiert Kopie vun de genannten Elementer. An deen zweete Cas de figure sinn all aner Verhalen, déi de Gefloogenheete vun Eierlechkeet am kommerzielle Beräich widdersprieche, also eng Aart Concurrence déloyale.

De Gebrauch oder d'Divulgation vun engem Secret d'affaires ass illicite, illegal ënner folgende Konditiounen: Éischters, wa sech eng aner Persoun wéi de rechtméissege Besëtzer de Secret d'affaires onrechtméisseg beschäaft huet. Zweetens, wann eng Persoun e Confidentialitéitskontrakt oder eng aner Obligation, fir dee Secret net präiszeginn, gebrach huet. An drëttens, all aner Aktioun, mat där ee mat enger kontraktueller Obligation oder all aner Obligation zur Limitéierung vum Gebrauch vum Secret gebrach huet.

Den Accès zu engem Secret, engem Secret säi Gebrauch oder seng Divulgation sinn och dann illicite, wann eng Persoun dee Moment wusst oder an der jeeweileger Situatioun hatt wësse misse, dass de Secret d'affaires direkt oder indirekt iwwer onrechtméisseg Weeër beschäaft, genotzt oder divulgéiert ginn ass.

Da gesäit de Projet de loi verschidde provisoiresch Mesuren am Referé, mä awer och d'Méiglechkeet, eng Decisioun um Fong ze kréien, vir. Déi provisoiresch Mesuren, dat ass e classesche Referé, dat heescht, do kann de rechtméissege Besëtzer vum Secret d'affaires de President vum Tribunal d'arrondissement saiséieren, deen dann am Referé siegéiert, fir eng Ordonnance ze froen. An deem Fall kann

dat illegaalt Benotzen, den Usage vum Secret d'affaires, provisoiresch ënnerbonne ginn. Awer och d'Produktioun, d'Offréieren, de Verkaf, d'Stockéieren, den Import oder Export vun Objeten, déi aus där Produktioun, déi op dee Secret baséiert, erauskommen, kënnen verbuede ginn. Déi betreffen Objete kënnen dann natierlech och saiséiert ginn, fir eng weider Zirkulatioun ze verhënnere.

Wa sech dann de Verdacht bestätegt, dass hei effektiv eng Violation vum Secret virläit, da kann och eng Decisioun um Fong kommen, wou dann déi genannte provisoiresch Mesuren och dann definitiv ugewannt ginn. Derbäi kënn, dass da verschidde korrektiv Mesuren applizéiert kënnen ginn, wéi: d'Zréckruuffe vun den Objeten, d'Objeten oder d'Produktioun vum Marché huelen, d'Infraktioun um Objet behiwen oder eben och d'Zerstéiere vun deene selwechten. Den Tribunal kann och, op Nofro vun rechtméissege Besëtzer vum Secret, déi Objeten zréckfroen oder kucken, dass se un eng karitativ Organisatioun als Don zoukomme gelooss ginn.

D'Victime vun der Violation vum Secret d'affaires huet och d'Recht op eng ugemossene Entscheedung. Den Tribunal dréit beim Festleeë vum Montant vun der Entscheedung de wirtschaftleche Konsequenzen, déi sech aus der Violation vum Secret d'affaires erginn hunn, Rechnung. De Manque à gagner fir d'Victime, déi onrechtméissege Profitter, déi den Auteur vun der Violation sech selwer verschäaft huet, mä och de Préjudice morale, deen hei kann entstanen sinn, alles dat sinn zimlech classesch Prinzipie vun der Responsabilité civile.

E ganz wichtige Punkt zum Schluss vun dëser Interventioun. Den Artikel 1 vum Projet de loi, deen de Champ d'application definéiert, gesäit eng Rei Ausname vir zum Schutz vum Secret d'affaires. Esou ass zum Beispill, a ganz wichtig, eng Ausnam fir d'Journaliste virgesinn. Den Exercice vum Droit à la liberté d'expression et d'information, deen an der Europäescher Mënscherechtscharta ageschriwwen ass, ass hei ausgeholl, wat wichteg ass, fir dass d'Journalisten, haaptsächlech investigativ Journalisten, weider kënnen schaffen a sech eben och fräi hei renseignéieren an och iwwert déi Theme schaffen.

En anere wichtige Punkt, eng aner wichtig Exceptionioun am Text betrëfft déi e bësse sensibel Matière vun de Whistleblower. Dir wësst, dass de 16. Abrëll dës Joer dat Europäescht Parlament en Text ugeholl huet, eng Direktiv fir de Schutz vun de Whistleblower, wou de Whistleblower d'Méiglechkeet ginn ass, fir verschidde intern Informatiounen, an dozou gehéieren ënner Ernstänn och d'Secrets d'affaires, bei effentlechen Instanzen ze deponéieren, mä awer och kënnen direkt un d'Effentlechkeet ze goen, wann déi concernéiert Persoun dann intern keng zefriddestellend Antwort kritt bei där Instanz, déi dann agericht gëtt an deem jeeweilege Land, oder den effentlechen Interessi oder hie selwer direkt menacéiert ass.

Dësen Text, dës Gesetz, dréit also dës neier Direktiv Rechnung, déi och elo deemnächst eng Kéier bei eis an d'Parlament kënn, a gesäit also do eng wichteg Exceptionioun vir am Interêt vun de Whistleblower.

Et sinn nach e puer aner Exceptioniounen, déi an deem Artikel 1 virgesi sinn, haaptsächlech wat d'Liberté d'établissement an d'fräi Zirkulatioun vun de Salariéen ugeet, mä awer och d'Néidegkeet, fir kënnen Informatiounen tëschent Autoritéite weiderzeginn am Interêt public.

Här President, dat hei ass e fundamental wichtigen Text. Hei ass en Equilibre fonnt ginn tëschent dem Schutz vun de legitimen Interèten vun den Einzelnen engersäits an deene vun der Allgemengheet anerersäits. An dësem Equilibre ass also, wéi gesot, an dësem Projet de loi hei respektéiert.

Dat gesot, sinn ech um Enn vu menger Interventioun ukomm. Ech soen all de Kolleegen aus der Ekonomieskommissioun an natierlech och de Beamte vun dem Ministère de l'Économie Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an ech ginn och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Fayot. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo. Ech géif och direkt mat engem Merci ufänken un eisen exzellente Rapporteur, deen an enger technesch schwieriger Matière en exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport hei ofgeliehwert huet an deen och op d'Wichtigkeet vun deem Projet higewisen huet, wat effektiv ganz vill kleng a mëttelstännesch Betriber betrëfft, déi och extrem vill um Niveau vun der Recherche vun neie Brevete maachen. An ech fannen, genaousou wéi de Rapporteur dat och beschriwwen huet, datt dësen Text do e

ganz gudden Equiliber fënnt. Mir wäerten duerfir dësem Text natierlech eis Zoustëmmung ginn.

Ech wollt awer nach just kuerz op ee Punkt agoen, well de Rapporteur deen och ugeschwat huet. U sech ass jo d'Géigegewicht vun dësem Gesetz e bëssen de Whistleblowing; ech mengen, de Rapporteur huet dat och ugeschwat. Do, wou ech allerdéngs e bëssen enttäuscht sinn, an dat huet elo net onbedéngt mat deem Minister ze dinn, deen dosetzt, mä mat sengem Kolleg Justizminister: Do hate mer eigentlech scho säit enger Rei vu Méint a Joren e Gesetz ugekënnegt kritt, dat effektiv hei zu Lëtzebuerg dee ganze Volet Whistleblowing géif wesentlech verstärken, och méi staark encadréieren. Mir waarden dorop nach ëmmer mat ganz vill Ongedold. Mir wëssen, dass den Här Justizminister vläicht elo aner Suergen huet. Nach wäre mer awer frou, wou mer iergendwann eng Kéier an den nächste Méint och do mat engem Text géife saiséiert ginn.

Ech géif dann och wellen ophalen. Den Här Rapporteur huet vu Geheimnisser geschwat. Ech géif soen, en huet mat Recht gesot, dass mer de Moien iwwer gewësse Geheimnisser geschwat hunn. De Mëtten hu mer iwwer aner Geheimnisser geschwat. Den Ennerscheid ass just, Här President, dass mer elo fir dës Geheimnisser e Gesetzestext hunn a mer net méi am Fou sinn, wéi bei deenen anerer Texter.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Guy Arendt (DP).**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll virdem dem Franz Fayot villmools Merci soe fir säin detailléierte mëndlechen a schrëftleche Rapport. Duerfir brauch ech och net méi weider an déi Detailler anzegoen, dee war esou präzis an detailléiert wéi nëmmen néideg.

Här President, bei dësem Projet de loi geet et virun allem drëms, kloer Regeln ze schafen, fir dass d'Entreprise, déi ee Betriebsgeheimnis geklaut kréien, sech effikass dergéint wiere kënnen a gerecht d'fir entschieden ginn. Effektiv sinn d'Betriebsgeheimnisser an de verschiddene Memberstaten ënnerschiddlech geschützt.

Fir e kohärente Schutz fir Betriebsgeheimnisser innerhalb der EU kënnen ze garantéieren an esou eise Bannemaart méi staark an attraktiv ze maachen, géllt et, duerch d'Transposition vun dëser Direktiv eng Harmonisatioun, oder soe mer emol esou e Rapprochement vun de verschiddene Rechter, déi d'Entreprise hunn, wann hinnen e Betriebsgeheimnis geklaut gouf an hinnen domadder wirtschaftleche Schued ugericht gouf, ze errechen.

Effektiv ass de Begrëff, an de Rapporteur huet schonn drop higewisen, Secret d'affaires, also d'Betriebsgeheimnisser, de Moment just iwwer eis Jurisprudenzen definéiert ginn. An hien huet och gesot, dass sech deelweis op de Code pénal, deelweis op de Code civil oder op d'Gesetz iwwer d'Concurrence déloyale beruff ginn ass, fir eben dee Begrëff an de Grëff ze kréien.

Mä mat dësem Gesetz wäerte mir elo eng genau Definitioun kréie vun deem, wat eigentlech e Betriebsgeheimnis ass. Mir kënnen als DP dëse Projet de loi nëmmen ënnerstëtzen, well et den europäesche Betriber, an och deenen Entrepreneuren, déi sech um europäesche Kontinent wellen etabléieren, méi Sécherheet bitt. Aus dëse Grënn ginn ech heimadder den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet an ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Arendt. An da wär et um honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Mir léisen eis de Mëtteg of. An de Moien hat näischt mat Geheimnistuerei ze dinn, an hei schwätze mer vu Betriebsgeheimnisser, well ech präziséieren. Ausserdeem hu mer de Moien iwwer Saache geschwat, déi mer zu 57 Leit hei am Haus ofgestëmmt hunn, an enger Zäit, wou ech nach net derbäi war.

D'Betriebsgeheimnisser sinn, nieft intellektuelle Propriétéitsverhältnissen, Rechter a Patenter, mat déi wichtegst a confidentiellst Informatioun fir eng Entreprise. An ech gebrauchen am Fong léiwere elo dat Wuert, wat och de Guy Arendt gebraucht huet a wat d'Leit am Fong evidenterweis verstinn, Betriebsgeheimnis, well dat encouragéiert d'Entrepreneuren, fir weider ze investéieren, a virun allem, fir innovativ ze sinn a Recherche ze maachen.

Et ass dowéinst gutt, dass d'Entreprise virun Industriespionage geschützt ginn, an dass mer dovunner, an dat ass jo en Zil vun der Direktiv, eng harmoniséiert gesetzlech Grondlag hunn op europäeschem Niveau.

Déi Saach ass also ze begrëssen. An ech ginn an deem Sënn och d'Zoustëmmung vun deene Grënge fir dëse Projet de loi, ouni ze vergiesse, Merci ze soen dem Här Rapporteur fir seng gutt an technesch komplex Erklärungen.

Trotzdem well ech e puer Bedenken zum Ausdruck bréngen. D'Betriebsgeheimnisser dierfen op kee Fall zum Virwand ginn, fir wichtig Informatiounen, déi d'Allgemengheet betreffen, net public ze maachen. Ech maachen dobäi ganz kloer Referenz op de Fall, wéi mer et bei Monsanto haten, vun Informatiounen iwwer de Gesondheitsimpakt vu Produite wéi de Glyphosat, déi ënnert dem Virwand vun engem Betriebsgeheimnis ënner Verschluss gehale gi sinn. Dat ass de schlechten an de falschen Usun vun engem Pseudobetriebsgeheimnis, wann et drëm geet, dass den Intérêt général, also d'Gesondheet vun de Leit, a Gefor ass.

Mir mussen also oppassen op déi large Definitioun vu Betriebsgeheimnisser. An ech sinn zouversichtlech, dass déi weider Jurisprudenz déi Saach kläre wëllt.

De Schutz vun de Betriebsgeheimnisser dierf also net op d'Käschte vun de Grondrechter a vun der Presse- an der Informatiounsfreiheet goen. Et ass scho gesot ginn: Fir d'Presse- an Informatiounsfreiheet ze garantéieren, dierfe Journalisten net duerch de Schutz vu Privatinteressen un hirer investigativer Aarbecht gehënnert ginn. Ech weess, et ass e Spagat, mä mir sinn eis et als Rechtsstat an als Demokratie schëlleg, dee schmuele Grat ze goen.

Och wat d'Whistleblower ugeet, dierfe se net duerch de Schutz vum Secret d'affaires zousätzlech ënner Drock geroden. Ech weess, et steet op eisem Programm, a mir wäerten och nach e Gesetzesprojet iwwer de Whistleblower an nächster Zäit an dëst Haus erabréngen a virdrun natierlech an d'Kommissionen. Mir begrëssen also ausdrécklech, dass d'Direktiv d'Ausnam fir d'Presse- an d'Informatiounsfreiheet a fir d'Whistleblower virgesäit.

En anere Punkt, deen nach net weider ugeschwat ginn ass: Mir mussen och oppassen, wéi mer mat de Betriebsgeheimnisser ëmginn, ouni dass mer d'Mobilitéit vun de Mataarbechter a Gefor bréngen. Mir wëssen, dass mer vill Leit brauchen, dass mer eng Penurie u qualifizierten an och anere Mataarbechter hunn, weltwäit. Mir mussen oppassen, dass mer do kloer Linnen hunn, fir dass och Leit kënnen vun engem Betrib bei en anere goen, well soss kréie mer och Problemer, wat d'Konkurrenz ugeet.

Opgroun vun dësen Iwwerleeungen ass et gutt, dass dëse Projet de loi d'Direktiv zum groussen Deel à la lettre iwwerhëlt an, wat de Schutz vun de Secrets d'affaires ugeet, net nach méi wäit geet.

Ech soen lech Merci, an, wéi gesot, déi gréng ginn hiren Accord dozou.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. Da wär et um honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, Merci, Här President.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Déi nächste Kéier musst Der nach e bëssen ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Reding, et ass un lech.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, mä den Här Di Bartolomeo ass nach amgaangen. Ech wëll deen elo net ënnerbriechen als fréiere President.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Di Bartolomeo, den Här Reding huet d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, also et soll elo wierklech keng eidel Floskel sinn, wann ech soen, dass de Kolleg Fayot eis hei de Projet de loi net hätt kënnen besser a méi verständlech a méi präzis erklären. Villmools Merci! An et gëtt oft gesot: „Et ass schonn alles gesot ginn.“ Mä net vu jiddwerengem, an ech wëll net an deee Feeler verfallen an nach eng Kéier paraphraséieren. Ech mengen, legal Geheimnisser, Betriebsgeheimnisser, d'Fruucht vun der Aarbecht an den Investisementer vun Entrepreneuren ze schützen ass immens wichteg an immens luewenswäert, an duerfir wäert dësen Text och d'Zoustëmmung vun der ADR fannen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. An da wär et um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Datt eng Entreprise net wëllt, dass d'Mataarbechter hir Erfolgersrezepter un d'Konkurrenz verkafen, ass jo legitim. Mä et gëtt awer ouni Zweifel och Informatiounen innerhalb vun den Entrepreneuren, wou d'Geheimhaltung géint den öffentliche Interêt ver-

stéisst, an dat sinn net nëmmen Informatiounen, déi franchement illegal sinn oder géint europäesch Prinzipie verstoussen, wéi zum Beispill bei LuxLeaks.

Wat ass zum Beispill, wann eng Firma Ëmwelttechnologien entwéckelt huet, déi awer zréckhält, well déi knaschteg Technologie méi Gewënn ofwerfen? Wat ass, wann eng Firma e Medikament entwéckelt, dat vill méi effikass ass, dat awer net kommerzialiséiere wëllt, well et manner Profit géif bréngen? E Mataarbechter, deen dëst géif denoncieren, géif höchstwahrscheinlech opgrond vun dëser Legislatur veruerteelt an domadder och monddout gemaach ginn.

Déi politesch Fro, mat där mer et haut hei ze dinn hunn, spillt sech an engem Spannungsverhältnis of tëschent dem Recht vun den Entrepreneuren op Geheimhaltung an dem Recht vun der Öffentlichkeit op Transparenz. An do tranchéiert dës Direktiv eendäiteg en faveur vun den Entrepreneuren.

Well och wann op Drock vum Europaparlament a géint de Wëlle vun eenzelne Memberstate gewëssen Ausnameregellunge virgesi sinn, wéi zum Beispill fir Journalisten oder Whistleblower oder awer och Personaldelegéierter, et bleift derbäi, dass hei quasi eng nei Form vu Patentrecht geschaaft gëtt op alles, wat eng Entreprise selwer als geheim a kommerziell wäertvoll astuufft.

En fin de compte ass et awer eng Zort Maulkuerf géint d'Mataarbechter, net nëmmen opgrond vun den tatsächleche Bestëmmungen, déi, wéi gesot, an eisen Aen ze vill restriktiv sinn, mä och opgrond vun der ofschreckender Wirkung, déi vun dësem Gesetzestext ausgeet.

Déi nei europäesch Direktiv iwwer d'Whistleblower, déi am Abrëll ugeholl gouf, ass natierlech ze begrëssen a schwächt dës Direktiv iwwer de Secret d'affaires a gewësse Fäll och of. Mä och déi huet ganz grouss Faillen an doriwirer eraus ass se och nach laang net ëmgesat.

An deem Kontext wiere mer frou, a verschiddeener vu menge Virriedner hunn dat jo och schonn ugedeit, wa mer als Chamber relativ deemnächst géife befaasst gi mat engem Text aus dem Justizministère iwwer d'Whistleblower, well bis elo ass ëmmer gesot ginn, dass gewaart géif ginn, bis déi europäesch Direktiv esou wäit wier. Bon, déi ass elo effektiv zënter e puer Méint eraus, an ech mengen, dass et der Chamber ganz gutt zu Gesicht géif stoen, do relativ schnell kënnen Stellung ze huelen an net erëm an der Ëmsetzung vun der Direktiv zwee bis dräi Joer hannendran ze hänken.

Här President, mir als Lénk wellen, dass d'Transparenz d'Regel an d'Geheimniskrämerei d'Ausnam ass. Mat dësem Text gëtt awer genee de Contraire a Stee gemeesselt. De Secret gëtt zur Regel an a gewëssene virdefiniéierten Ausnahmefäll dierf et Transparenz ginn. Duerfir ass fir eis kloer, dass mer deen heiten Text net stëmme wäerten.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, de Secret d'affaires, wéi en hei am Text definéiert ass, geet immens wäit. Et ass quasi alles, wat eng Entreprise, en Entrepreneur sech erdenkt a mengt, schützen ze wellen. Op där enger Säit hu mer schonn zwou Dispositiounen, déi genau dat solle protegéieren an déi ëmmer probéiert hunn, eng Balance tëschent Effentlechkeet an Notze fir d'Allgemengheet ze schafen an awer e legitime Geschäftsinteressi vun enger Entreprise ze schützen. Dat ass emol d'Copyright, also d'Droit-d'auteurs, déi generell d'Kreatiounen protegéieren. Dorëner falen, ënner anerem, d'Logiciellen. An op där anerer Säit hu mer d'Patentrecht. Béid Rechter hunn en Oflafdatum, en Oflafdatum, dee seet: „Wann d'Entreprise bis x Joer dovunner profitéiert huet, da fält d'Inventioun der Allgemengheet zegutt.“

Dat ass e Prinzip, deen deemools scho mam „Statute of Anne“ agefouert gouf. D'Copyright, genau ewéi d'Patentrecht, hunn zu all Zäitpunkt ëmmer zäitlech Limitte fir eng Inventioun an de Schutz vun dëser Virgesinn.

Datt mer dat elo hei beim Secret d'affaires onlimitéiert maachen, ass a mengen Aen e krasst Ongläichgewicht tëschent den Interëten op där enger Säit vun enger Entreprise an den Interëten vun der Allgemengheet op där anerer Säit, fir vun Neiegeketen, Inventiounen kënnen ze profitéieren.

De Kolleg Baum huet et gesot: Mir gesinn hei d'Schafung vun engem neien, zweete Wee vum Patentrecht. E Wee, wou een net méi

muss effentlech soen, dass een eppes erfondt huet, fir et kënnen ze schützen, mä wou een et ka verstopen. Et kann een also soen: „Ech hunn eppes, wat vläicht besser wär fir d'Ëmwelt, oder ech hunn eppes, wat besser wär fir d'Allgemengheet, mä ech verrode kengem eppes dovunner, well ech am Moment nach genuch Geld maache mat den Alternativen.“

A genau do läit den Hues am Pfeffer! Genau do huet näamlech d'Patentrecht zu all Zäitpunkt ëmmer gesot: „Fir datt d'Allgemengheet ka profitéieren, muss een, fir ënner dem Patentrecht geschützt ze sinn, dat verëffentlechen.“ Et muss ee beschreiwen, wéi d'Inventioun fonctionnéiert. Et muss een de Leit dobaussen d'Chance ginn, nom Oflaf vun der Protektioun genau dës kënnen ëmsetzen.

Doriwwer schwätze mer hei net méi. Mir soen hei: „Et ass onlimitéiert. Et gëtt keng Effentlechkeet. Et gëtt zougspaart. Et ass eppes, wat een an den Tresor leet an net méi auspeekt.“

Ech froe mech, an dat ass natierlech eischeren an d'Auteurs vun der Direktiv wéi elo un d'Transposition geknappt, firwat hei de Choix gemaach gouf, fir ebe grad déi Onendlechkeet, déi Illimitatioun anzeféieren, wou op anere Fäll ëmmer déi Balance gesicht gouf. Ass et den Drock vu Lobbyiste gewiescht, déi léiwere wellen, dass d'Coca-Cola-Rezept weiderhin am Tresor läit, oder ass et einfach duerch Onwëssenheet geschitt, wéi historesch déi zwee Droits à la propriété intellectuelle évoluéiert hunn? Vläch ass et och eng Mëschung vu béidem.

Fakt ass: Mir hunn haut iwwer e Gesetz ofgestëmmt, wat onlimitéiert d'Protektioun vum Secret d'affaires virgesäit, wou et duergeet, dass et soen: „Et ass e Secret d'affaires“, fir datt et protegéiert ass. All déi Effekter, déi dat kann op d'Pressefreiheet, op d'Whistleblower hunn, sinn ewell thematiséiert ginn. An ech hunn akute Bauchwee mat deem Projet hei. Et ass eng Direktiv, deementspreechend muss mer se souwisou transposéieren. Mä d'Piraten wäerte sech bei dësem Projet enthalten, well mir hu ganz, ganz grouse Bauchwee, wann et drëm geet, wat hei mat de Rechter vu Pressefreiheet fir Whistleblower geschitt, mä eben och vun der Balance vun den einzelnen Interëten vum enger Entreprise an der Allgemengheet op där anerer Säit.

Ech soe Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Wirtschaftsminister Étienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Étienne Schneider, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Ech wëll direkt dem Här Clement äntworten, dee jo schreckleche Bauchwee huet, wéi e sot. Ech mengen, e brauch deen net ze hunn, well d'Whistleblower-Gesetz kënn eréischt. A mir regelen déi dote Problematik, wat d'Whistleblower ugeet an och, wat d'Fräiheete vun der Presse ugeet, fir un Donnéeën ze komme respektiv se ze benotzen, an deem Gesetz an net an deem heiten. Dat ass och an deem Projet, deen ech virdrun hei verteidegt hunn, schonn ugeschwat ginn. Dofir, mengen ech, braucht Der kee Bauchwee ze hunn, respektiv spuert lech en, bis dat Gesetz do ass, an do kënn Der da soen, ob Der dat da gutt fannt oder net.

Pour le reste, mengen ech, ass alles hei gesot ginn. De Rapporteur huet en exzellenten detailléierten Bericht gemaach.

Et ass wichteg, dass mer mat där heiter Ëmsetzung vun der Direktiv eis EU-Gesetzgebung emol eenergermoossen harmoniséiert kréien, wéi dat doten ze handhaben ass.

Et ass och esou, dass net vill Sputt an där heiter Direktiv war, fir ofzeweche vun deem, wat an der Direktiv ass. Mä do, wou et méiglech war, hu mer dat gemaach, an zwar ëmmer am Interêt vum Salarié respektiv vum Whistleblower, fir dann dem Här Clement säin Term ze nennen. Ech ginn lech e Beispill: An der Direktiv gëtt gesot, dass een als Salarié vun enger Entreprise, deen eppes verroden huet, wat en net soll, also ka belangt ginn tëschent zwee a sechs Joer no der Dot. Do konnten d'Länner sech all decidéieren, wéi een Delai se da virgesinn. Mir hunn de minimalsten Delai virgesinn, näamlech zwee Joer. Eis Noperen, d'Belsch, hu fënnf Joer do virgesinn. Dir gesitt also, dass mir dee klenge Sputt, dee mer haten, fir eben an deem Sënn de Salarié entgéintzekommen, voll ausgenotzt hunn.

Pour le reste mengen ech awer, dass dee Secret d'affaires e wichtige Schutz ass fir eis Entrepre-

sen. Mir mussen awer net blauäueg sinn a mengen, dass een alles, wat an enger Entreprise esou vu Wëssen ass, elo einfach aus Grënn vun Transparenz op der Place publique ka verdeelen an diskutéieren. Esou funktionéiert keng Economie, an ech mengen, esou éierlech muss mer och mat eis selwer sinn.

Ech soen lech op alle Fall Merci fir Är Bäitrag.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Wirtschaftsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7353. Den Text steet am Document parlementaire 7353¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7353 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7353 ass mat 56 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

9. 7304 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote

Mir këimen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7304, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert de Pilotlycée. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht ginn. Et si schonn ageschriwwen: d'Madamm Hetto-Gaasch, d'Madamm Lorsché, den Här Kartheiser, den Här Wagner an den Här Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.** - Villmools Merci, Här President. « Effort, passion, amitié »: Dat ass de Motto vun Lycée pilote, deem 2005 an d'Liewe geruff ginn ass an dee säit 2012 zu Miersch seng Dieren opgemaach huet a fonctionnéiert ënnert dem Numm Ermesinde.

Dëse Lycée bitt vu Septième bis Cinquième all Klassen un am Classique, am Général an och am Préparatoire, da vun der Quatrième un de Classique a vun der Troisième un d'Sektiounen A, B, C, D a G.

Wat ass d'Spezifisitéit vun deem Lycée? Wat ass an deem Lycée anescht wéi an anere Lycéeën?

D'Membere vun der Educatiounskommissioun haten d'Chance, fir am Februar op d'Plaz selwer kucken ze goen, sech ze informéieren. Mir haten do Interaktiounen, net nëmme mat der Direktioun, wat ganz interessant war, mä och mat de Schüler a mat deene Leit, déi mat de Schüler do schaffen. A mir konnten eis e

Bild maachen iwwert dat, wat genannt gëtt d'Entreprises, mir konnten eis e Bild maachen iwwert d'Entrepreneuriat.

An net fir näischt gëtt et, nom Ofschluss an där Schoul, net nëmme e Premièresdiplom, mä och e Certificat d'initiation à la recherche respectivement e Certificat d'initiation à l'entreprise. A schonn no der Cinquième kritt all Schüler e Certificat de sensibilisation à l'entrepreneuriat.

D'Zil vun deem Projet de loi ass einfach, d'Expérience entrepreneuriale an d'Schoulgesetz, oder an d'Gesetz vun där Schoul festzeschreiben, geméiss dem Plan « Entrepreneurship 2020 » vun der Europäescher Kommission.

De Lycée Ermesinde vu Miersch huet mam Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse an och mam Ministère de l'Économie eng Konventioun ofgeschloss, déi heescht „Promotion de l'entreprise à l'enseignement secondaire“.

Opbauend op der Erfahrung vun de leschte Joren huet de Lycée wëlles, sech nach méi no un déi ekonomesch Realitéit ze engagéieren. D'Entreprises, déi scho säit Joren an deem Lycée fonctionnéieren, si wichteg fir d'Motivatioun, d'Orientatioun an och den Engagement vun de jonke Leit.

Duerch dëst Gesetz gi si, d'Entreprises, fest verankert am Curriculum vun der Schoul an esou fonctionnéieren d'Unités d'entreprise zesumme mat den Unités d'enseignement.

(Brouhaha)

Et ass e bëssen Tumult de Mëtten. Dat ass awer net schlëmm.

D'Gestioun vun de Ressourcen, deenen natierlechen, mënschlechen, finanziellen an zäitlechen, ass e groussen Defi an eiser globaliséierter Welt. An dat ass en Defi, op deem d'Éducatioun sech muss stellen. Fir dass d'Schüler sech däers bewusst sinn an och esou kënnen schaffen, mussen natierlech optimal Léierkonditiounen an top Personal op der Plaz sinn. An dat ass och de Fall. D'Approche muss positiv a motivant sinn, fir de Schüler Loscht ze ginn, um Développement économique deelzehuelen an d'Liewen ze verbessern.

Dobäi gëllt et, zesummenzeschaffen. D'Entreprise sinn also complementaire zu de Coursen an de perséinlechen Aarbechten, déi individuell gemaach ginn. De Schüler engagéiert sech also, fir d'Chancen, awer och d'Schwierkeete vum Produktiounsprozess an dem Commerce kennenzelieren. De Schüler investéiert sech an d'Produktioun an entwéckelt esou seng Talenter.

Wat fir Entreprise ginn am Lycée Ermesinde zu Miersch ugebueden?

Et ass emol Arts et Métiers. Do kann ech mech erënneren, dass mer op der Visitt gesinn haten, dass an engem Atelier Kleeder gemaach gi sinn. Et ass de BAM, de Bike Atelier Miersch, wou d'Veélo gefléckt ginn. Et ass de C.A.D.E., d'Centrale d'Administration et de Développement des Entreprises. Et ass Chelsea Studios, dat ass alles, wat Multimedia ass, Film a Foto. Coiffure gëtt et, Food and Beverage, dat ass dat, wat mat der Kichen ze dinn huet an natierlech och mam Service, Nature et Terroir, et gëtt Sätzwierk, dat huet mat de Kulturen a mat der Sprooch ze dinn, et gëtt Sciences, Spectacles a Sport.

Dës Entreprise produziéieren Gidder oder si bidde Servicer un. D'Entreprise gi geréiert vun experimentéiertem Personal, vun experimentéierte Schüler. An déi sollen esou authentesch wéi nëmme méiglech fonctionnéieren.

An deem Entrepreneuriat gëtt et fir d'Schüler verschidde Stufen, déi mam Degré vun der Verantwortung ze dinn hunn, déi si an der Entreprise iwwerhuelen.

D'Kompetenzen, déi se do léieren, dat nennt een „soft skills“, an déi si laut deem, wat mer héieren hunn, an där Schoul gradesou wichteg wéi déi Kompetenzen, déi se am Unterrecht léieren.

Zum Inhalt vum Projet de loi.

Do geet et emol ëm d'Unités d'enseignement an ëm d'Unités d'entreprise, déi op 32 Stonnen an der Woch festgeluecht sinn, 34 Stonne bei Schüler, déi Latäin oder Chinesesch maachen. An doranner leien aacht bis zéng Unités d'entreprise, awer och Séquences d'études, Séquences récréatives, parascolaires an den Encadrement.

Natierlech leet dëst Gesetz och de Programm fest: d'Préparatioun, déi muss gemaach ginn an Hinaarbecht, fir den Diplom ze kréien, d'Unité-d'entreprises an och de Memoire. Et gëtt e Mémoire collectif, dee geschriwwen gëtt op Troisième, an et gëtt e Mémoire individuel op Deuxième.

Dann, e wichteg Element an där Schoul ass de Portfolio. Am Portfolio ass de Journal de

bord vum Schüler dran, dee säi Parcours retraçiert, säi Projet personnel an och, wat wichteg ass, d'Autoévaluation: Wéi gesäit de Schüler sech an där Schoul an an där Entreprise, wou e matschafft?

Et gëtt natierlech och en Dossier, dee vun der Équipe pédagogique opgestallt ass a säi Parcours d'apprentissage erëmispigelt, an och natierlech eng Zensur.

Den Artikel 8, dee leet d'Organisatioun vun den Unités d'entreprise am Lycée fest, wéi scho gesot, ënnert der Gerance vun experimentéiertem Personal an och experimentéierte Schüler natierlech. An hei fonctionnéiert et nom Prinzip „learning by doing“.

D'Tächë vun Personal an deenen Entreprise sinn, niewent der Betreuung, d'Entwécklung vun de Gidder a vun de Servicer, awer och de Verkaf respectiv d'Distributioun vun dese Gidder a Servicer. Nohaltegkeet, Ëmweltschutz an natierlech och d'Rücksicht op d'Gesondheet spillen eng grouss Roll an deenen Tächen, genau ewéi de Gebrauch vun neien Technologien. Natierlech fällt an déi Täche vun där Entreprise a vun dem Personal och d'Ënnerstützung vun de Schüler dran an den Austausch mat aneren Entreprises.

Den Artikel 9, dee leet déi intern Organisatioun an der Schoul fest. Do gëtt et déi méi theoretesch Approche, wat d'„Maisonen“ sinn, wat sech méi op den educative Beräich bezitt, awer och déi praktesch Approche, dat heescht d'„Entreprise“, déi ekonomesch Approche.

Den Tuteur an d'Équipe-pédagogique, déi këmmere sech natierlech ëm d'Kanner. An d'Täche vum Tuteur ass d'Gestioun vun esou enger „Maison“, d'Organisatioun vun de Séquences d'études a rekreative Sequenzen, d'Concertatioun am Kader vun den Équipes pédagogiques an natierlech och déi sozioeducativ Betreuung vu Kanner, déi et an der Schoul méi schweier hunn.

Wat d'Evaluatioun ugeet, dat heescht, esou wéi d'Kanner virukommen, do gëtt fir all Fach eng Nott ausgedeelt vun 1 bis 6. An do gëtt natierlech och eng Joresmoyenne gerechent. Wann een a méi wéi engem Drëttel vun de Fächer eng ongenügend Nott huet, dann huet een d'Joer net gepackt.

An anere Fäll gëtt et en Noexamen: wann een eng Fënnf oder eng Sech huet, wann een eng Ongenügend an engem Haaptfach huet. Wann een eng Véier huet an engem Fach, wat elo kee primordiaalt Fach, wat net e Fach fundamental ass, da gëtt et en Noexamen, dee kann ausgesprach ginn opgrond vun den Evaluatiounen, vun deem, wat och am Portfolio steet (veuillez lire : Wann een eng Véier huet an engem Fach, wat elo kee primordiaalt Fach ass, wat eng Discipline non fondamentale ass, da kann een Noexamen ausgesprach ginn opgrond vun den Evaluatiounen vun deem, wat och am Portfolio steet).

Den Artikel 15 leet de Statut fest vun deene Leit, déi an der Entreprise schaffen, déi d'Entreprise leeden. Déi ware bis elo Chargés d'éducation. Déi ginn awer elo Employés de l'État am Sous-groupe administratif. Dräi Konditiounen sinn am Gesetz festgeluecht: Si mussen mindestens fënnf Joer an där Spezialitéit geschafft hunn, wou se och an der Entreprise schaffen, si mussen mindestens den Niveau B2 an engem vun de Landessproochen hunn a si mussen en DAP hunn oder en equivalenten Diplom. An natierlech ginn an deem Artikel och d'Tächë festgeluecht an d'Vakanzen.

Am Artikel 17 steet och drageschriwwen, dass d'Entreprise kënnen Suen ausginn, mä si kënnen och Suen erakréien.

Voilà! Ech mengen, déi Leit, déi mat op der Visitt ware vun der Educatiounskommissioun, déi konnte sech e Bild maachen. Ech hunn dat ganz, ganz flott fonnt. A mir gefält un deem Gesetz ganz gutt, dass déi Erfahrung vun deene Joren - déi Schoul schafft jo awer elo mëttlerweil iwwer zwielef Joer -, dass déi Erfahrungen, déi gemaach gi sinn, hei an dat Gesetz erafléissen. Ech fannen dat valorisant. An duerfir ginn ech hei den Accord vun der Demokratescher Partei.

An ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Françoise Hetto-Gaasch agedoen. Madamm Hetto-Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischte soen ech dem Rapporteur Gilles Baum villmools Merci fir säin explizite Rapport.

Laut de leschten Zuele vum Statec an och dem Rapport vun Global Entrepreneurship Monitor vun 2017/2018 läit den Undeel un neien Entre-

preneuren hei zu Lëtzebuerg bei 9,3 %. Domadder leie mer ganz genee 1 % méi héich wéi den Duerchschnitt hei an Europa.

D'Motivatioun, fir Entrepreneur ze ginn, läit un éischer Stell am Wonsch no Onoffhängegkeet. An et sinn och éischer d'Männer, déi sech traumen, wéi d'Fraen.

Et muss een awer och wëssen, dass d'Angscht virum Echec 53 % vun de Leit ofschreckt, fir iwwerhaapt deen dote Wee unzotrieden. Et gëtt jo och hei zu Lëtzebuerg eng ganz Partie vu flotten Initiativen, déi den Entrepreneursgescht fërderen. An et ass gewosst: Wat ee méi fréi domadder anfängt, wat et besser ass.

D'Schoule bidden also duerfir ganz kloer den optimalen Terrain, fir jonk Leit mam Entrepreneuriat ze konfrontéieren. An an deem Sënn ass och dese Gesetzestext ze gesinn.

D'Modifikatiounen, déi sech heider fir d'Gesetz vun 2005, mat deem de Lycée jo geschaaft ginn ass, erginn, baséieren op den Erfahrungswärter vum Lycée Ermesinde. An ech erënnere wierklech op deser Plaz un déi mitigéiert Vuë vu ville Leit, wéi deenen neie Lycée opgaangen ass.

D'Philosophie vun der Schoul berout jo op dem Schüler senger Motivatioun a sengem Engagement. Alles nom Motto, esou wéi den Här Baum och gesot huet: « effort, passion, amitié »

Hei wier et natierlech flott, wann ee géif e globalt Konzept entwéckelen, wou wierklech systematesch deenen enke Kontakt mat dem Entrepreneuriat an alle Schoule géif stattfannen. Domadder géif den Entrepreneursgescht an alle Lycéeën integréiert ginn.

Wéi den Här Rapporteur dat och schonn ausféierlech erkläert huet, gi sougenannten Unités d'entreprise kreéiert, déi als konventionéierte Stage organiséiert sinn an am Fong geholl complementaire zu den normale Coursen stattfannen. D'Zil ass et jo, fir déi Jonk an e praxisorientéierten a realitéitsnoe Produktiounsprozess ze integréieren. Hei kënnen si hir eegen Talenter entdecken an dann och entwéckelen.

Vill Schüler wënsche sech dat. Si wënsche sech eng méi praxisorientéiert Schoul. An d'CSV-Fraktioun ënnerstützt duerfir och dese Projet, well heider déi jonk léieren, wéi ee verantwortungsvoll an och léisungsorientéiert schafft. Hei entwéckele si e Sënn fir dat Praktesch, fir dat Ekonomesch, dat Ekologesch an dat Relationell, deemno alles complementaire Kompetenzen zu deem, wat si an den normale Schoulcoursen léieren.

Mir konnten eis, wéi gesot ginn ass, den 20. Mäerz am Kader vun enger Visitt vun Lycée en eegent Bild um Terrain maachen. An och, wa mir dese Projet de loi mat ënnerstützen, esou stelle sech dach awer fir eis e puer Froen.

Den Entrepreneursgescht ass a soll jo Source vun Innovatioun sinn. Wann et awer vu virera fix ass, wéi eng Entreprises et ginn, gëtt dann effektiv nach ëmmer den Esprit d'entreprise gefördert, bleift do genuch Zäit, genuch Sputt fir Innovatioun an och fir nei Iddien?

Am Text steet dann, dass d'Personal, dat an den Entreprise schafft, derfir surge muss, dass d'Produktioun an d'Distributioun Fortbestand hunn. Dohier meng Fro: Wéi laang muss déi Perennitéit do garantéiert sinn? Besteet do net d'Gefor, dass mer eis ze vill anengen, selwer ze vill Drock maachen an eis et verspären, fir nei Entreprises ze grënnen? Gëtt domadder iwwerhaapt den Entrepreneursgescht gefördert oder ass dat vläicht net d'Zil? An eisen Aen ass et awer e wichteg Zil.

An de leschte Jore koumen an enger ganzer Rei vu Lycéeën franséisch-, däitsch- oder och engleschsproocheg Sektiounen derbäi. Duerfir och eis Fro am Kader vun deem Projet: Wéi ginn déi dräi Haaptproochen an d'Unité-d'entreprise mat agebaut? Wéi eng Sprooch gëtt iwwerhaapt geschwat an der Entreprise? Wéi ee Stellwäert huet de Sproochenapprentissage am Lycée Ermesinde?

Mir hunn eis och d'Fro gestallt, ob den Niveau B2 a just enger vun de Landessproochen fir de Formateur duergeet, fir de Schüler kënnen iwwert déi eenzel Aarbechtsoflee präzis Erklärungen ofzeginn. A mir sinn iwwregens frou, dass op eis Interventioun hin den Niveau DAP fir den Ausbilder an d'Gesetz stoe koom. Et wier definitiv e falscht Zeeche gewiescht, wa mer vermëttelt hätten, dass jiddweree kann e Betrib féieren, ouni eng minimal Basisausbildung ze hunn.

Well et net explizitt am Gesetz drasteet an awer fir eis och, an d'Elteren dobause ganz bestëmmt och, wichteg ass, wollte mir nofroen, ob d'Zensur, déi jo wierklech net identesch ass mat där aus deenen anere Lycéeën, den Elteren erkläert gëtt. Do kann de Minister eis vläicht herno eng Erklärung derzou ginn.

Ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. Schoul a Léiere solle Freed maachen

an op d'spéidert Liewe preparéieren. D'CSV ënnerstëtzt duerfir och dës Projéit de loi. A mir géifen eis wënschen, wann och weider Schoulen a Lycéee sech op de Wee géife maachen, fir den Entrepreneursgeeschicht an de klassische Schoulunterrecht ze integréieren.

Ech géif et awer och interessant fannen, no enger Zäit eng Evaluatioun ze maachen, fir ze kucken, wéi dësen éischte Kontakt mat den Entreprisé sech op de Schüler hir spéider schoulesch an och beruflech Carrière auswirkt. An an deem Kontext iwwerreechen ech och hei eng Motioun.

Wannechgelift, Här President!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- consciente que l'école a pour mission de préparer les élèves à une société marquée par des changements constants et rapides ainsi qu'à un marché du travail de plus en plus concurrentiel et interrégional ;

- sachant que le lycée pilote s'appuie sur une expérience de 12 ans en matière de projets pédagogiques fondés sur des « entreprises » qui réunissent élèves et adultes autour de travaux de production, de développement et de commercialisation ;

- constatant que le présent projet de loi a pour objectif de mettre en place une expérience entrepreneuriale pendant les études secondaires au lycée pilote et à refonder celles-ci en créant des entités plus proches encore de la réalité économique ;

- notant que ce concept s'inscrit dans le plan d'action « Entrepreneurship 2020 » de la Commission européenne ;

invite le Gouvernement,

- à présenter à la Chambre des Députés au plus tard trois ans après la mise en vigueur de la loi y relative une évaluation du fonctionnement des unités d'entreprise ;

- d'examiner dans le cadre de cette évaluation l'éventuelle corrélation entre l'expérience entrepreneuriale des élèves et leur orientation scolaire future.

(s.) Françoise Hetto-Gaasch, Paul Galles, Martine Hansen, Marc Spautz, Claude Wiseler.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - An domadder ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzestext a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Hetto-Gaasch. Als nächsten ageschriwwene Riedner hu mer den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. D'LSAP-Fraktioun begrëisst dës Projéit de loi, dee jo, wéi vum Rapporteur a sengem gudden Rapport - an e Merci derfir -, wou e ganz gutt an detailléiert beschriwwen huet, wéi déi Entreprises, op déi jo den Enseignement ..., déi ee vun de Piliere si vum Enseigne-

ment am Ermesinde-Lycée, wéi déi fonctionnéieren. Entreprisé verschiddenster Aart, wou effektiv den Entrepreneuriat gefërdert gëtt an esou och deene Jonken d'Méiglechkeet gi gëtt, fir am Fong erauszefannen, wat se Loscht hunn ze maachen, ier se sech entscheede fir eng Formation professionnelle oder fir weiderzegoe fir en Unisdiplom.

Dat ass effektiv remarkabel. Mir waren effektiv jo de Lycée Ermesinde besichen. Et ass e super Projéit. An et ass ëmsou méi e bemierkenswäerte Projéit, och wéinst deenen Häiser a wéinst där Method, wéi do enseignéiert gëtt, wéinst dem Abanne vun deene Jonken an den Enseignement, wou u sech hir Stärkten ..., wou si gefuerdert ginn an deene Matière, wou se staark sinn. Dat heescht, wou eng Exzellenz gefuerdert gëtt, plutt wéi eng Mediocritéit, wéi dat esou oft a leider a munche vun onse Schoulen de Fall ass, wou mer am Fong oft a Richtung vun engem Mëttemooss ginn, plutt wéi an d'Richtung vun enger Exzellenz.

An ech mengen, de Lycée Ermesinde ass do e ganz interessante Projéit, dee weist, wat do d'Potenzialitéit sinn. Dofir huet dës Projéit natierlech ons Ennerstëtzung. An ech ginn och den Accord vun der LSAP-Fraktioun heizou.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Fayot. An da wier et un der honorabelen Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Géigesaz zu anere Parteie stoungen déi gréng am Fong vun Ufank un hannerter der Kreatioun vum Lycée Ermesinde. Woubäi ech un de Kolleg Robert Garcia wéilt erënnere, dee schon am Joer 2000 eng Motioun hei deposéiert huet, wou e ganz genee déi do Form vu Lycée gefuerdert huet, e kooperativen a participativen Lycée, dee mam Grupp Lycopa sollt ausgeschafft ginn.

Ëmsou méi frou si mir, dass d'Konzept, wat ganz innovativ ass, an eiser Lycéeslandschaft Fous gefaasst huet an haut nach kaum a Fro gestallt gëtt. A mir ënnerstëtzen natierlech och déi verschidde Modifikatiounen, déi de Rapporteur Gilles Baum perfekt a sengem Rapport erkläert huet. Duerfir him e grouse Merci. E grouse Merci awer och fir d'Visitt, déi en ugestouss huet. Déi war wierklech ganz opschlossräich. An do konnt ee sech e Bild vun deene ganz interessanten Aktivitéite maachen.

Nieft den Ännerungen, déi hien erkläert huet, déi sech op d'Evaluatioun vun de Schüler an de Statut vun de Leit, déi am Lycée schaffen, bezéien, geet et jo haaptsächlech ëm d'Unités d'entreprise, déi an dësem Gesetzesprojéit méi staark un déi ekonomesch Realitéit solle gebonne ginn. D'ës op Basis vun enger Konvention, déi de Lycée mam Educationminister a mam Wirtschaftsminister ofgeschloss huet.

Do muss ech soen: Op den éischte Bléck, an dat war net nëmmeisen Androck, huet dës Neuerung fir Opreegung gesuergt. De Wuertlaut huet näamlech zu der Vermuddung gefouert, dass d'Schüler vum Lycée mat dësem Projéit de loi an den Zwangskostüm vun Entrepreneurie géife gestach ginn, mam eenzegem

Zil, d'Wirtschaft am spéidere Berufsliewen um Dréien ze halen, a mam dramatesche Resultat, dass d'Allgemengbildung géif op der Streck bleiwen.

Mir sinn awer frou, dass dës Suerg net berechtigt ass. Ganz am Contraire! Während der Visitt vum Lycée hu mir eis iwwerzeege gelooss, dass sech un der Grondausrichtung an un der Approche vun den Entreprises näischt wäert änneren. Si gi souguer opgewäert.

Ech erkläre mech: Bis elo goufen déi verschiddenen Aktivitéiten, déi am Kader vum Entrepreneuriat stattfannen, just als complémentaire Aktivitéiten zu den Disciplines fondamentales ugesinn. Am Laf vun der Zäit - dat hunn ech mer och vun Eltere bestätege gelooss - huet sech erausgestallt, dass dës Aktivitéiten eng entscheidend Roll an der beruflecher Orientierung spille bei de Kanner, bei deene Jonken.

An der Praxis ass et jo esou, dass d'Schüler sech opgrond vum eegene Choix an deene verschiddenen Unitéite regroupéieren, well se eppes gemeinsam hunn: d'Interesse an d'Passioun fir eng bestëmmte Matière. An op déi Manéier schaffen déi Jonk dann altersgeméicht an interaktiv zesummen an zesumme brénge se eppes zustanen, wat wäit iwwer e kuerzliewege Projéit erausgeet.

An deem Sënn bedeit den Term „Production“, dee jo am Gesetzestext virkënt, net d'Produktioun vu Wuere, déi e Benefiss solle generéieren, mä éischer d'Produktioun vu konkreten Iddien an Initiativen, mam gemeinsamen Zil, nohaltege a ressourcéschouend Servicer a Wuere zustanen ze brénge, déi der eegener Schoulpopulatioun an awer och dem direkten Ëmfeld vun der Schoul zeguttkommen, am Sënn vun der Economie circulaire - mir fannen dat äusserst begrëssenswäert -, an déi ganz einfach eng wëssenschaftlech, handwierklech oder kulturell Beräicherung fir d'Schüler an d'Schülerinne bedeiten.

D'ës duerch eng transversal Approche, déi de Schüler méi Autonomie, méi Eegeverantwortung, méi Teamgeeschicht, méi Initiativgeeschicht a méi eng grouss Eegendynamik zoutraut an hinnen déi am reelle Schoulalldag och effektiv zougesteet.

Wichtig ass och ze betounen, dass d'Léieren an den Entreprises um positive Choix vun de Schüler berout an net, wéi esou oft, um Choix par exclusion. Dat heescht, déi individuell Stärkten, déi individuell Interessen, Passiounen an Ambitioune bestëmmen de Parcours vun de Schüler an net hir Schwächen. D'ës no der Devise, dass all Kand op seng eege Manéier begaabt ass. D'Begabung an d'Interesse vun Schüler mussen just d'Chance kréien, sech weiderzuentwëckelen a sech fir säi sougenannten „Projet de vie personnel“ mat Inhalter ze fëllen.

Här President, erlaabt mer zum Schluss nach just eng Remark, déi eis als Gréng um Häerz läit. An eisen Ae war et derwäert - och d'Madamm Hetto huet et betount -, äänlech pädagogesch Konzepter nach méi geziilt an anere Schoulen ze entwëckelen, inklusiv der Grondschoul, fir dass méiglech vill Kanner a Jonker dovun kéinte profitéieren, an net just eng Minoritéit, déi dach éischer aus bessergestallte Schichten entstaamt.

Spéitstens zanter der bekannter Reformpädagogin Maria Montessori hirer Definitioun vum „Kand als Baumeschter vu sech selwer“ huet eng wichteg Erkenntnis sech duerchgesat. Et ass déi, dass et net vill bréngt, de Kanner hir Gehirer duerch Frontalunterrecht ze beriselen, mä villméi muss et drëms goen, en Ëmfeld ze schafe wéi hei, an deem d'Kanner sech selwer, mä och aneren eppes bäibrénge kënnen. An zwar duerch eng interaktiv, transversal a léisungsorientéiert Approche, eng Approche, déi op de Kanner hire Stärkten opbaut, wéi ech et scho gesot hunn, a se do ofhëlt, wou se stinn.

An duerfir ënnerstëtze mir als Gréng all Schrëtt, deen Dir, Här Minister, an déi Richtung wëllt ënnerhuelen, nom Motto: « effort, passion et amitié ».

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools Merci, Här President. A Merci och un den Här Baum fir e ganz komplette Rapport.

Mir hate wierklech eng flott Visitt am Lycée Ermesinde. An ech mengen, déi Leit, déi do mat waren, waren all begeeschtert, aus deene verschidde Grënn. Mir hunn einfach déi Freed gehat, begeeschtert, sympathesch an engagéiert Schüler do kennzeléieren. An et huet mech och gefreet, dass souguer a Projete wéi an der Astronomie zum Beispill jonk Leit sech engagéieren. Et war eng flott Visitt. An dofir Merci och un de Lycée Ermesinde.

Awer déi Schoul mussen mer och kritischesch kucken. Et ass déi Suerg ëm déi Schüler, déi mer do kennegeléiert hunn, déi e bëssen eis Reflexioun ëm déi Schoul soll inspiréieren an eis orientéieren an deem, wat mer mengen, wat gutt ass fir déi Schoul.

Et ass eng Schoul, déi vun Ufank un hire Wee gesicht huet. Am Ufank sollten d'Schüler hir Schoulbicher selwer schreiwen. E bëssen esou an där total vereelzter 68er Ideologie, déi eis gréng Kolleegin och elo hei rappeléiert huet, eng Schoulpädagogik, déi net vun dëser Welt ass, déi de Kanner méi schuet wéi notzt. An et ass jo dat, wat déi gréng eigentlech erreche mat hirer Politik.

Elo soll den Entrepreneuriat an de Schoulen ageféiert ginn, an d'Europäesch Kommissioun mengt, dass dat dat Richteg wär fir d'Schoulen. D'Europäesch Kommissioun huet iwwerhaupt keng Kompetenz an der Education. Si soll sech do eraushalen! An et ass net mat enger neoliberaler Ideologie à la Europäesch Kommissioun, wou mir sollte kucken, wéi mer eis Schoulen organiséieren. Et geet déi, wéi gesot, guer näischt un.

Mir mengen als ADR, dass et eng héichwäerteg Bildung soll sinn. Mir hate gëschter iwwert d'Wichtigkeet vun der Formation professionnelle geschwat, iwwert d'Handwierk. Mir denken, dass och an allen anere Beräicher d'Leeschtung, den Niveau soll esou sinn, dass Lëtzebuerg international ka mathalen: an der Wëssenschaft, och an der Konscht, och an der Economie. Awer a spezialiséierte Schoulen, déi d'Leit op dee Wee brénge a se op engem international valabelen Niveau qualifizéieren.

Ech huelen zur Kenntnis, dass den Här Fayot vun der LSAP hei gesot huet, a ville Lëtzebuerger Schoule wär den Niveau medioker. D'LSAP ass säit Jore fir d'Schoulpolitik hei am Land matverantwortlech. An ech freee mech, dass den Här Fayot an engem Abléck vun éierlecher Asicht eis hei gesot huet, wat d'Wourecht ass, näamlech dass d'Resultat vun hirer Politik zu enger Mediocritéit am Schoulwiesen op ville Plaze gefouert huet.

Dat ass jo awer net dat, wat mir gär hätten!

(Interruption)

Mir wëllen, dass op jidde Fall d'Kanner net ofgelenkt ginn, mä mir hätte gär e Schoulsystem, deen d'Kanner op engem méiglechste héijen Niveau qualifizéiert.

De Lëtzebuerger Schoulsystem soll spezialiséiert sinn. E soll leeschtungsorientéiert sinn. E soll integrativ sinn, och eppes, wat dës Regierung net mécht, well dës Regierung jo dauernd eis Schoulen no Sproochen an no Nationalitéiten ëmmer méi optrennt; mir haten dat och gëschter nach eng kéier gesot. An d'Kommerzialiséierung vun de Schoulen elo als Entreprises ass just en neien Usaz an déiselwech Richtung.

Mat d'ärselwechter Begeeschterung, mat esou engem „Metaverbiage“ vu Consideratiounen, mat enger Sprooch, déi eigentlech mat de Realitéiten näischt ze dinn huet, mat deemselwechte Sproochgebrauch ass hei Reform fir Reform gelueft ginn, och vun deene Gréngen, och vun aneren! Egal bal, wat an de Schoule proposéiert gëtt, ëmmer mat deeneselwechte Floske gëtt dat gelueft als dat Richteg. Mä d'Wierklechkeet ass, dass d'Schoule sech ëmmer méi vun deene wierklechen Noutwendegkeeten ewechbewegen.

Mir sinn also ganz skeptesch. Et ass net dee richtige Wee fir d'Lëtzebuerger Schoul. Natierlech soll de Kontakt zur Economie geflegt ginn, awer, wéi gesot, net nëmme zur Economie. An déi Atelierien, déi sinn heiansdo méi parascolaire u sech, méi hobbyméisseg, déi kënnen och an der Schoul hir Plaz fannen, mä wéi gesot am Parascolairen, wéi dass se sollte wierklech d'Gerüst sinn, d'Skelett vun der Schoulausbildung.

Mir wäeren tendenziell der Meenung gewiescht, mir sollten eis bei dësem Projéit enthalten, well vläicht verschidde Aspekter och d'Leit kënnen begeeschteren. Mir hunn dat och zum Deel kënnen gesinn.

Mä do, wou d'ADR op kee Fall matmécht - nimools matmécht! -, dat ass an deem Paragraf, wou mer soen: „dräi Landessproochen, an et geet duer, an enger Landessprooch e bësse Kenntniss er hunn, op engem Niveau B2“. Nimools wäert d'ADR e Gesetz stëmmen, an deem d'Lëtzebuerger Sprooch op déi zweet Plaz gesat gëtt!

Fir eis gëtt et eng Nationalsprooch an dräi administrativ Sproochen, well mir halen eis un d'Sproochegesetz vun 1984. Et gëtt net dräi

Le saviez-VOUS ?

SESSION

Une session est une des divisions de la législature. Il s'agit de la période de l'année pendant laquelle siège la Chambre des Députés. Le Règlement de la Chambre prévoit l'ouverture de la session pour le deuxième mardi d'octobre. Généralement une session se clôture juste avant l'ouverture de la prochaine session.

VOTE DE LA LOI

La Chambre des Députés se prononce sur les projets et propositions de loi dans le cadre de plusieurs votes. Un projet ou une proposition de loi peut être soumis au vote par division sur demande de cinq députés au moins. Si des modifications ont été adoptées, la Chambre procède ensuite au second vote réglementaire sur ces amendements après que le Conseil d'État a donné son avis à leur sujet. Ce vote tient son nom du fait qu'il est prévu par le Règlement de la Chambre. L'étape suivante concerne le vote sur l'ensemble du projet ou de la proposition de loi. Finalement, au moins trois mois après le vote sur l'ensemble, le second vote constitutionnel achève l'œuvre législative de la Chambre. Néanmoins, la Chambre, avec l'accord du Conseil d'État, peut décider de se dispenser de ce second vote constitutionnel.

Landessproochen. Dat ass eng Fiktioon! Et ass och esou, datt mir verlaangen, datt, wien zu Lëtzebuerg wëllt Beamten oder Employé sinn an der Fonction publique, Lëtzebuergesch muss schwätzen. Dat ass an deem Gesetz net garantéiert. Dofir stëmme mir mat Neen!

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, et ass schon e puermol gesot ginn, mir sinn als Kommissioun dee Projet besiche gaangen, deen tatsächlech, mengen ech, jiddweree beegeschtert huet. Well et war schwéier, net beegeschtert ze sinn, fir ze gesinn, wéi déi Schüler och wierklech mat Enthusiasmus sech an deene verschiddenen Entrepreneuren oder Ateliers, wéi een dat och ëmmer wëllt nennen, do beschäftegt hu mat Saachen, also mat Biologie, Mechanik, Vëlo reparéieren, Gastronomie, Astronomie, Schräinerei an esou weider. Ech wier frou gewiescht, wann et dat zu menger Zäit gi wier. Also ech hätt mech wahrscheinlech och gefreet, an esou engem Lycée kënnen ze sinn.

Mir sinn och dee Lycée visitéiere gaangen an dee Projet u sech visitéiere gaangen, well mer awer an der Kommissioun am Ufank bei der Presentatioun eng Partie kritischesch Iwwerleeungen haten. An ech war och positiv iwwerrascht, datt u sech och vill Kolleegen a Kollegeinnen aus deene verschiddenste Fraktiounen sech awer trotzdeem d'Fro gestallt hunn, awéifern déi ganz Entrepreneurialgeschichten awer kompatibel wiere mat der Schoul. Ech war frou, datt déi Fro iwwerhaupt och vun anere Leit koum wéi nëmme vun engem Vertrieeder vun déi Lénk. An dat war jo och d'Reaktioun, datt mer dat kucke gaange sinn.

Bon, mir haten duerno och eng Diskussioun, och mat de Verantwortleche vum Lycée, mat dem Här Medinger, dem Här Özen, déi scho vun Ufank un derbäi sinn, wéi et nach net „Ermesinde“ geheescht huet, mä „Neie Lycée“, an déi wierklech ganz engagéiert sinn. A wie se kennt a wien och weess, wat u sech de Gedanken hannert der Schoul war, dee weess, datt et keen neoliberale Gedanken ass op jidde Fall. Also ech hunn dat och ëmmer esou verstanen.

Trotz alldem muss ee sech ëmmer d'Fro stellen, wat hanner gewëssene Programmer wéi justement deem Aktiounsprogramm « Entrepreneurship 2020 » vun der EU steet, awéifern sech esou Saache mariéiere mat - „bestueden“, pardon!, net „pardon“, „entschëllegt“, et gëtt schwéier -, wéi sech esou Saachen „mariéieren“ - allez! - mat och Alternative respektiv emanzipatorescher Pädagogik.

De Problem ass deen: Si wollt jo ewechkomme vum klassesche Frontalunterricht. Et kann ee soen, datt de klassesche Frontalunterricht och seng Virdeeler konnt hunn. Mä esou gutt huet en och net funktionéiert. Well de Problem ass jo och deen: Ech kenne jo ganz wéineg Leit, déi an deem klasseschen Unterricht waren an déi aus der Aarbechterklass koumen. Et sinn der ganz wéineg, déi herno aus där Situation erauskomm sinn, et sief, si hunn an enger Zäit gelieft wéi den „Trente Glorieuses“, déi hinnen et erméiglecht huet, fir e bëssen erauszekommen an de Mëttschichten.

Well am Prinzip huet dat jo widerhin déi Saach reproduzéiert. De klassesche Frontalunterricht reproduzéiert u sech widerhi grosso modo - bon, et ginn ëmmer Ausnamen - d'Klassenverhältnisse. An dat kann awer och de Fall sinn, och mat alternative Pädagogiken, déi och hir Virdeeler hunn, mä déi een och muss kritischesch kucken - well et ginn der vill en plus a si sinn nach méi al wéi '68, et ginn der vill - an déi och duerno, wa se applizéiert ginn innerhalb vun neoliberalen Verhältnisse, heiansdo awer och kënnen net déi erwünschte Resultater kréien an déi awer och duerno erëm déiselwecht Verhältnisse widerhi reproduzéieren. Bon!

Mir wäerten dee Projet do elo matstëmmen, well dee Projet schon existéiert a mir wëllen deem och net am Wee stoen, och wann een esou Projekte muss kritischesch ukucken. Et wier falsch, deen Enthusiasmus elo ze briechen.

Mä et muss een awer trotzdeem Iwwerleeungen maachen, sech iwwerleeen - ech ka mech erënneren un déi Campagne „Trau dech“ vum Minister Krecké, wou ee gesinn huet, esou eng Primanerin mat 18 Joer: „Jo, elo hunn ech meng Première gemaach an ech maache meng Entreprise.“ Jo! Also dat kann nëmme e Minister soen, dee säi ganz Liewe laang Fonction-

naire war an deen duerno neoliberal gëtt, fir ze mengen, datt dat esou einfach wier! Meeschtens ass et jo esou: Et muss een e Betrib ierwen oder et muss ee scho gutt Startkapital hunn, an da kann een och capabel Leit astellen. Et ass seelen, et ass ganz seelen, datt een dat vum selwe mécht!

Meng Bom hat eng Epicerie, nodeems se Aarbechterin war bei Villeroy & Boch. An den 90er Joren ass et Biergof gaangen. Firwat? De Cactus war schon zu Bäreleng, mä dunn huet nach de Match opgemaach. Et war zu Weimeschierch, déi Epicerie. An dunn huet se missen iergendeng Kéier zoumaachen. Et huet näischt mat Aarbecht ze dinn. Ech mengen, et kann een esou vill sech engagéieren, esou vill schaffen, wéi ee wëllt, et d'äerf een ni vergiesse, datt aner Saache matspillen!

De Problem ass jo och deen, datt awer trotzdeem déi jonk Leit, déi an de Lycée Ermesinde ginn, meeschtens och aus - an tant mieux pour eux! - elo net onbedéngt räiche Verhältnisse kommen, awer aus e bësse méi privilegiéierte Verhältnisse kommen. An déi och vläicht duerno nieft deene Capacitéiten, déi se kënnen kréien an enger Entreprise an esou weider, och iwwer e gewëssene Capital culturel verfüegen, sief et vun doheem, an deen och nach duerno duerno deen Enseignement am Lycée Ermesinde weider amplifiéiert gëtt! Natierlech kënnen déi Leit wahrscheinlech och besser eens ginn, dat d'äerf een net vergiesse.

Dofir plädéiere mir widerhi fir den Tronc commun. An et wier schéin, wann och, wat weess ech, am Lycée technique du Centre, wann déi Jonk do kéinte Literatur maachen, Philosophie, Geschicht maachen a Schräinerei an och Kontakten an esou weider a léieren, wéi dat gemaach gëtt. Well - mir hu gëschtler iwwert déi Formation professionnelle diskutéiert, ...

(Interruption par la présidence)

... déi ass - ech si fäerdeg, Här President - u sech dofir do, fir datt d'Leit aus den Aarbechterschichten sech afügen an den Aarbechtsprozess. An dernieft hu mer esou flott Projeten, déi Kanner aus e bësse méi privilegiéierte Schichten, déi Leit destinéieren, fir duerno e Betrib ze dirigéieren. Et wier gudd, wa jiddwereen déi Chance kéint hunn!

Mä trotzdeem, ech wëll dat net schlechtmaachen, dee Projet ass ganz flott am Ermesinde. An ech wënschen hinne bon Courage a weider esou. An ech weess, datt si reflektéiert déi Saach och gesinn. Also ech mengen, dat wäert och nach weiderhin interessant bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et soll een innovéieren an do soll een och an der Bildung net stoppen. An ech mengen, hei ass e Projet, deen elo säit zwielef Joer leeft, wou eng Erfahrung gesammelt gouf. An deen heite Projet dréit deem Rechnung, fir eben dat an dee richtege legale Kader ze géissen.

Deementspriechend kann ech hei den Accord vun de Piraten markéieren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Educatiounsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech deene Felicitatiounen un de Rapporteur, de Gilles Baum, uschléissen. Och Merci fir déi Zoustëmmung hei, déi awer relativ grouss ass, zum Projet de loi, wou de Lycée Ermesinde nach eng Kéier säi Kader geschäerft kritt, nei Méiglechkeete kritt, virun allem awer och opgrond vun den Erfahrungen aus de leschten zwielef Joer déi eng oder déi aner Disposition aus der gesetzlecher Basis amendéiert gëtt.

Dir wësst, datt mer eng Politik maachen nom Motto: „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“. An an déi Schoullandschaft, an déi Bildungslandschaft do passt absolutt och e Lycée wéi de Lycée Ermesinde, deen eng Stoussrichtung ganz besonnesch thematiséiert, nämlech déi vum Entrepreneurship, dee souguer - jo, et ass de Mëtten ugeklungen - Entrepreneuren an der Schoul huet, déi féiert an de Schüler d'Méiglechkeet gëtt, do Responsabilitéit dran ze huelen, hir Erfahrungen ze maachen.

Domadder férdere mer d'Projetsdenken, mir férdere d'transversale Denken, mir férdere d'Teamarbecht, mir férdere sozial Kompetenzen. An natierlech gëtt sech widerhin dat vu Fachwëssen och an deem regulären Unterricht - anerer nennen et Frontalunterricht,

souwäit en dann nach esou an där doter Form muss stattfannen - dann ugéegent, fir ebe grad an den Entrepreneuren, an deene Projeten och kënnen eppes zustanen ze bréngen.

Fir d'Eegestännegkeet vun deene Jonke ganz besonnesch kënnen ze favoriséieren, fir hinnen awer och d'Chance ze ginn, hir Talenter ze entdecken an hir Talenter ze entwéckelen, dat, denken ech, ass mat de Kär, de pädagogesche Kär eigentlech vum Lycée Ermesinde: Dem jonke Mënsch d'Méiglechkeet ginn, ze mieren, ze spieren, a wat e staark ass, a weider doranner ze entwéckelen. An dat ass schon eng aner Approche, wéi mer se op anere Plazen oft maachen, wou mer eis ganz besonnesch mat de Schwächte vun engem jonke Mënsch beschäftegen.

Den Direkter vum Lycée Ermesinde huet et eng Kéier ganz flott op de Punkt bruecht. En huet gesot: Wann een e jonke Mënsch huet, deen net besonnesch talentéiert ass am Fussball, nun, mat deem kann een all Dag trainéieren, da gëtt et nach ni e grouse Fussballist. Mä wann een awer säin Talent entdeckt ... Den Här Traversini kuckt op mech. Ech schwätzen aus eegener Erfahrung, mengt en, jo.

(Hilarité)

Wann een awer en anert Talent entdeckt a sech selwer an et kann een doranner investéieren a sech doranner entwéckelen, dann ass et net nëmme, datt een dat zu enger richteger Stärkt ka féieren, mä datt een eigentlech och e gléckleche Mënsch kann domadder ginn a säi Liewenswee domadder maachen. An dat ass mat déi pädagogesch Grondlag vum Lycée Ermesinde. Op jidde Fall esou, wéi ech se gesinn.

Nu gëtt et awer, an och dat ass de Mëtten an der Diskussioun hei ugeklungen, eng Rei vu Punkten, op déi mer mussen oppasse bei all där Beegeschterung do. Wa mer soen Entrepreneuren an der Schoul, da gëtt do mat Geld geschafft. Dann heescht dat och vläicht Konkurrenz zu anere Geschäfte ronderëm. Dann heescht dat awer och, datt mer Responsabilitéit droen an deenen Entrepreneuren.

Dann heescht dat och, datt mer dat iergendwéi musse limitéieren, reguléieren, fir datt et nach ëmmer am Kontext vun der Schoul ka stattfannen, fir datt mer eis net op eemol ausserhalb vun der Schoul op dee grouse Marché beginn, an dann natierlech all déi Regele vun deem Marché, dee mer nun eemol kennen, och musse matrespektéieren.

Duerfir ass et eben och esou, datt mer vläicht net déi Flexibilitéit hunn, déi ee sech heiansdo géif wënschen, fir och dann nach eng nei Entreprise ze maachen. Duerfir wëlle mer scho kucken, datt dat a geuerdnete Bunnan, an engem äänleche Volume, eigentlech an äänleche Schinnen och iwwer Jore weidergeet.

Ech wëll nach eng Iwwerleeung wierklech oder eng Präzisioun uféieren, nämlech dat ass, wa mer vun Entrepreneurship schwätzen - an et ass net nëmme de Lycée Ermesinde, dee sech Entrepreneurship op de Fändel schreift, et gëtt eng ganz Rei vun anere Lycéeën, déi a ville Projete matmaachen, vill Projeten an der Lescht och entwéckelt hunn, déi an déi dote Richtung ginn -, da bedeit Entrepreneurship net nëmme, fir Jonker dozou ze encouragéieren, sech selbstständig ze maachen, hir Entreprise ze grënnen. Da bedeit Entrepreneurship eben, en Esprit ze vermëttelen, sech ze engagéieren, e Problem ze gesinn an de Problem wëllen ze léisen.

Dat ass eppes, dat brauch ech, déi Kompetenz brauch ech, wann ech eng Entreprise wëll grënnen. Mä si kënt mer eigentlech iwwerall herno am Liewen, am Berufsliewen, am soziale Liewen, am private Liewen zu pass. Ech brauch dat, wann ech mech gewerkschaftlech engagéieren. Ech brauch dat, wann ech mech an enger Biergerinitiativ engagéieren. Ech brauch dat, wann ech bei een anere Patron schaffe ginn. Mir brauchen dat allegueren heibannen, wéi mer hei sinn, soss wäere mer net hei, wa mer net deen doten Undriff hätten.

Duerfir solle mer de Begrëff Entrepreneurship net nëmme limitéieren op d'Création d'entreprise duerno. Dat kann eng ganz favorabel Suite sinn dovunner. Mä et gëtt ganz vill aner Méiglechkeeten, wat ee mat deem Bagage, deen een do geliiwert kritt, ka maachen am Liewen.

Vläicht nach eng Präzisioun. Et ass gefrot ginn: Wéi ass de Sproochenapprentissage am Lycée Ermesinde? Dee fént jo net an deenen Entrepreneuren statt. Do gëtt eng Émgangssprooch gewielt, déi dann der Aktivitéit ugepasst ass. Déi ass eigentlech net fest geregelt. Mä de Sproochenunterricht fént an de Coursunitéite statt, d'selwecht wéi an anere Schoulen och. An et kritt ee jo och duerno deeselwechten Diplom.

Et kann een am Lycée Ermesinde seng Première maachen an deene jeeeweilege Sektionen. An dat ass deeselwechten Diplom, well och deeselwechten Examen derhannert steet wéi eng Première an iergendengem anere Lycée am Land. An duerfir ass de Sproochenunterricht, wéi och déi aner Fächer, absolutt comparabel an identesch mat deem, wat och op anere Plaze gemaach gëtt.

Hei ass et eben esou, datt sech Zäit reservéiert gëtt fir déi Aktivitéit an den Entrepreneuren, fir déi eenzel Projeten a gekuckt gëtt, datt dat Transversale aus den eenzelne Fächer, aus den eenzelne Coursen dann op där dote Plaz mateneen a Verbindung bruecht gëtt.

Ech wëll nach eng Kéier Merci soe fir déi Zoustëmmung. Och fir déi Beegeschterung, déi Der par rapport zur Schoul ausgedréckt hutt bei där Visitt, déi Der gemaach hutt als Kommissioun. Ech denken, mer sollten nach e puer Schoule kucke goen, well ech sinn dovun iwwerzeegt, Dir wäert och do gradesou beegeschtert sinn.

Villmools Merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7304. Den Text steet am Document parlementaire 7304⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7304 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7304 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Gales, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Gales), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme José Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer nach zur Diskussioun respektiv Ofstëmmung vun der Motioun. Wëllt dozou nach een eppes soen? Den Educatiounsminister.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Also wann Der d'Regierung frot em hir Meinung dozou: Ech ka mat där Motioun do liewen, datt mer no dräi Joer eng Kéier en Tëschebilan maachen, wéi de Lycée Ermesinde a wéi awer och ganz besonnesch d'Entreprisë sech do entwéckelt hunn an zu wat dat gefouert huet. Dat schéngt mer e verstännegen Opwand ze sinn, fir awer eng Indication ze kréien, zu wat et gefouert huet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Kënnen mer par vote à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass mat deser Motioun averstanen?


Wien ass dergéint?

Domadder ass des Motioun eestëmme ugeholl.

Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kennt muer de Mëtten um zwou Auer nees zesammen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 16.30 heures.)



Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Fernand Etgen, Président
- Mots de bienvenue
 - M. Fernand Etgen, Président
- Ordre du jour
 - M. Fernand Etgen, Président
- Motion de M. Gast Gibéryen au sujet de la modification de l'avant-projet de la réserve naturelle Gréngewald, de façon à préserver la liaison routière CR119 entre le Stafelter et la N11
 - Exposé : M. Gast Gibéryen
 - Prise de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
 - M. Gast Gibéryen - Mme Martine Hansen - Mme Josée Lorsché - M. Alex Bodry - M. Eugène Berger - M. Gast Gibéryen (interventions de M. Eugène Berger, M. Alex Bodry et M. Mars Di Bartolomeo)
 - Vote sur la motion (rejetée)
- Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la conservation et de la protection du patrimoine industriel
 - Exposé : M. Franz Fayot
 - Débat : M. Marc Spautz - M. André Bauler (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Roberto Traversini (intervention de M. Fernand Kartheiser) - M. Fernand Kartheiser (intervention de Mme Josée Lorsché) - M. Marc Baum (intervention de M. André Bauler) - M. Marc Goergen
 - Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture (intervention de M. Fernand Kartheiser et question de M. Marc Baum)
- Question élargie n° 13 de M. André Bauler au sujet des besoins en personnel des Archives nationales ainsi que de l'état d'avancement concernant la planification et construction d'un nouveau bâtiment
 - M. André Bauler - Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture
- Validation des élections européennes du 26 mai 2019
 - M. Fernand Etgen, Président - M. Sven Clement
 - Rapport de la Commission de vérification des pouvoirs : Mme Djuna Bernard
 - Vote

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Carole Dieschbourg et Mme Sam Tanson, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.** - D'Regierung huet keng Kommunikatioun ze maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools.

2. Mots de bienvenue

Dir Dammen an Dir Hären, éier mer mat eisem Ordre du jour ufänken, wëll ech gär kuerz vun der Geleeënheet profitéieren, fir eis Invitéen, déi haut op der Zuschauertribün Plaz geholl hunn, ganz häerzlech ze begrëssen.

(Brouhaha)

Et sinn dat eng Rei Fuerscher vun der Uni Lëtzebuerg, vum LISER, vum LIST a vum LIH, déi bei engem Projet matmaachen, deen de Fonds national de la recherche elo scho fir d'Zweet mat der Chamber mécht am Kader vum sougenannte Projet „Pairing scheme“, wou d'Deputéiert d'Geleeënheet hunn, fir mat dese Fuerscher iwwer hir Aarbecht ze schwätzen. An d'Fuerscher, déi matmaachen, léieren hirersäits um Terrain déi parlamentaresch Aarbecht hei méi no kennen.

Häerzlech wëllkomm!

(Hilarité)

► **Une voix.** - Si sinn nach net do, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Aah!

► **Une voix.** - Et war awer gutt gesot.

(Brouhaha et hilarité)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Et kënnst an de Procès-verbal.

3. Ordre du jour

D'Conférence des Présidents proposéiert, dat mir d'Motioun vum Här Gast Gibéryen iwwert d'Ofännerung vum Avant-projet zur Naturreserv Gréngewald, déi hien an der Sitzung vu gëschter deponéiert huet, elo als éischte Punkt op den Ordre du jour huelen.

Ass d'Chamber mat dëser Ëmännerung vum Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

4. Motion de M. Gast Gibéryen au sujet de la modification de l'avant-projet de la réserve naturelle Gréngewald, de façon à préserver la liaison routière CR119 entre le Stafelter et la N11

(Motion déposée en séance publique n° 27 du 19 juin 2019 - à consulter en page 350 de ce compte rendu)

Mir kommen dann, wéi gesot, zur Motioun vum Här Gast Gibéryen iwwert d'Ofännerung vum Avant-projet zum Naturreservat Gréngewald. An déi eenzel Leit hunn d'Auteur vun der Motioun.

Exposé

► **M. Gast Gibéryen (ADR), auteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hat gëschter scho beim Depot vun der Motioun d'Geleeënheet, fir a groussen Zich déi Motioun hei virstellen, soudatt ech dat haut net méi brauch an allen Detailer ze maachen.

Ëm wat geet et hei prinzipiell? D'Regierung huet de Gemengen en Text zoukomme gelooss vun engem Avant-projet iwwert d'Naturreserv vum Gréngewald. An déi eenzel Leit hunn d'Méiglechkeet, fir déi Dossier anzeséieren.

D'Suerg vu ville Leit ass, obschonn dat net explizitt an deem Text drasteet, dat déi Texter awer esou géifen interpretéiert ginn, dat een dorauer kéint schlëssen, dat de Stafelter fir de Verkéier géif zougemaach ginn. An de Sënn vun dëser Motioun ass eben, dat d'Chamber

sech soll ausdrécken, dat de Stafelter net soll zougemaach ginn, a wann d'Regierung déi Texter op den Instanzewege gëtt, dat si se da soll dohinner ëmänneren, dat et och kloer ass, dat de Stafelter an Zukunft fir den Autosverkéier opleift. Dat ass am Fong den Hannergrond an de Sënn vun dëser Motioun.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gibéryen. Wie wëllt eppes zu där Motioun soen? Dann huet d'Madamm Ministesch d'Wuert. Déi ass schon hallef ënnerwee. Madamm Dieschbourg, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.** - Villmools Merci a schéine gudd Mëtteg, Dir Dammen an Hären Deputéierten. Gäre soen ech zwee Wierder zu deem ganz, ganz wichtege Projet vun där Réserve naturelle, déi mer amgaange sinn auszeweisen. Et ass eng vun deenen ... et ass déi gréisst. Et ass den eenzegen zesummenhängende Bëschmassiv, dee mer a Lëtzebuerg hunn: Et ass eise Gréngewald. An ech mengen, dass et batternéideg ass, dass mer ebe grad dee grouse Bëschmassiv, deen en immense Liewensraum ass, mä dee virun allem awer och fir eis Mënschen e groussen Erhuelungsraum ass, uerdentlech schützen, dass do net ëmmer nach weider geknabbert gëtt.

Ech wëll dann dem Här Gibéryen soen: De Fakt, dass hei déi Réserve ausgewise gëtt, beschléisst net, ob eng Strooss op oder zou ass. Et steet wuel dran, dass grad un där Strooss do, no de Reamagement, déi mer am Moment amgaange sinn ze maachen, fir d'Verbindung ze maachen, net méi ka geschafft ginn. Méi steet hei, wéi gesot, net dran.

Mir sinn elo grad do amgaangen. Ech hunn de 15. Mee d'Gemenge saisiéiert. Dee Projet hei ass am Hierscht duerch de Regierungsrat gaangen. D'Gemenge si saisiéiert ginn. D'Gemengen hunn duerno e Mount Zäit, fir an d'Procédure publique ze goen. Dofir sinn ech och frou, dass dat elo ass, well ech jo hoffen, dass déi meescht Gemengen eben elo grad an der Procédure publique sinn. Do kënnen d'Leit hiren Avis zur Zone de protection Gréngewald eraschécken. An duerno hunn d'Gemengen och d'Chance, fir hiren Avis ze schreiwen.

Dat heescht, mir sinn elo matten an enger Prozedur an et ass elo wierklech net den Zäitpunkt, fir iergendeppes do festzehalen. Dofir mengen ech, déi Motioun hei, an ech ginn elo och net op d'Detailer an, zemools well e puer Saachen drastinn, déi net ganz richteg sinn - dat kënnen mir zwee ganz gäre beschwätzen, ech wëll och net op déi falsch Saachen agoen -, ech menge just, dass et à ce stade wierklech net den Zäitpunkt ass, dat heiten ze stëmmen. An ech géif dofir soen: Déi heite Motioun brauche mer à ce stade wierklech net.

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Ministesch. Den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR), auteur.** - Merci, Här President. Ech mengen, déi Suergen, déi d'Leit zum Ausdrock bréngen, déi huet d'Madamm Ministesch elo grad hei confirméiert. Wann am Text drasteet, dat un där Strooss net méi d'Leit geschafft ginn, da gëtt déi Strooss noutgedrongen no enger gewëssener Zäit zougemaach. An et ass genau duerfir, firwat d'Leit soen: Wann dee Gesetzestext hei an där Form gestëmmt gëtt, dann ass déi Strooss condamnéiert, fir zougemaach ze ginn.

A vu datt elo scho Gemengeleit do Bréiwer un d'Gemenge schreiwen, dat Petitiounen amgaange sinn ze entstoen, dat Biergerinitiativen amgaange sinn ze entstoen, kéinte mir als Politik hei en Akzent setzen, andeem mer soen, dat mir als Chamber gär hätten, dat déi Strooss opleift an dat d'Chamber d'Regierung invitéiert, dat se hir Texter dann och deementspreechend formuléiert, dat d'Leit d'Garantie hunn, dat déi Strooss opleift. Deen Text, esou wéi en elo virläit, ass d'Condamnatioun vun där Strooss.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gibéryen.

Eis Fuerscher sinn elo op der Zuschauertribün ukomm.

(Hilarité)

A well se dann elo de facto do sinn, wëll ech am Fong geholl meng Begrëssungswierder net nach eng Kéier ganz widderruelen, mä ech wëll si ganz einfach häerzlech wëllkomm heeschen.

An dann hat d'Madamm Hansen d'Wuert gefrot.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Also, ech mengen, dat de Gréngewald wichteg ass. Dat steet hei net zur Diskussioun. A mir wëssen och, dat d'Iddi u sech vun der fréierer Regierung kënnst, fir beim Bau vum Tram ze kompenséieren, fir dann déi Strooss do zougemaachen. Dat war 2011/2012. Duerno sinn awer elo eng Partie Saache geschitt.

Éischtens ass een neit Naturschutzgesetz gestëmmt gi mat aneren a méi flexibel Kompensatiounsméiglechkeeten.

Zweetens ass awer eis Populatioun nach ëmmer gewuess an de Verkéier huet zousätzlech zougeholl. Stéchwuert eben dee Wuesstum, dee mer hunn.

An drëttens, wéi déi Decisioun geholl gi war, war ugeholl ginn, dat, wann d'Autobunn A7 bis op wär, déi Strooss dann net méi géif gebraucht ginn. Dat ass awer leider Gottes net de Fall. Well op der A7 steet ee moies, dann d'äerf een eng Kéier mat 70 furen, dann d'äerf een eng Kéier mat 90 furen, dann ass eng Kéier eng Spuer op, da sinn eng Kéier zwou Spueren op, a meeschtens steet een eben do. An duerfir gëtt dës Strooss nach gebraucht.

An dann huet awer och d'Regierung d'Joer nach eng komplett nei Bréck do opgeriicht. An duerfir, aus all deene Grënn, wäerte mir dës Motioun ënnerstëtzen, well mer och derfir sinn, datt eben nach kann un där Strooss geschafft ginn, fir datt se net muss deemnächst eng Kéier zougemaach ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Madamm Lorsché, wannechgelift.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Mir schlëssen eis de Wierder vun der Madamm Minister un. Si huet erkläert, dat et net de richtigen Zäitpunkt ass, fir doriwier ze debattéieren hei, well déi Prozedur amgaangen ass, d'Procédure publique. An natierlech sti mir voll derhannert, dat d'Reserve naturelle Gréngewald ausgewise gëtt, well eise Lëtzebuerger Land grouss Erhuelungszonen an Naturschutzgebitt brauch, fir d'Liewensqualität an eisem Land oprechtzëerhalen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. Den Här Bodry wannechgelift.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech si jo scho laang derbäi. Ech ka mech net erënneren, dass jee hei d'Chamber an enger Klassementsprozedur vun engem Naturschutzgebitt intervenéiert huet. Ech kucken hei déi fréier Ëmweltministeren, ech ka mech net un esou ee Phenomeen erënneren.

D'Aklasséierung vun Naturschutzgebitt geschitt duerch e Règlement grand-ducal no enger Prozedur, wéi se am Gesetz, am Naturschutzgesetz, virginn ass. An do gehéiert natierlech eng Enquête publique derzou. Do gehéiert derzou, dass een d'Argumenter héiert. An do kann et natierlech, opgrond vun där Enquête publique, wann d'Bierger hiert Uleies virdroen, och zu Ofännerunge vum ursprénglechen Text kommen, wann dat berechtigt ass.

Hei si mer an deem extraordinäre Phenomeen, dass hei d'Legislativ intervenéiert an enger Prozedur, déi eigentlech ënnert der Exekutiv leeft. Dat ass wierklech zënter 30 Joer nach ni passéiert, an ech mengen, mir sollten net op deem dote Wee ofruetschen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Berger, wannechgelift.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Als fréieren emol klenge Responsablen am Ëmweltministère war ech och mat esou Dossiere konfrontéiert. An ech kann

eigentlech nëmmen dat ënnersträiche vun der Prozedur hier, wat elo mäi Virriedner gesot huet, datt dat hei awer schonn e bësse speziell ass, well déi Enquête-publiques lafen an esou weider.

An do kënt eppes derbäi eraus, wat herno dann eben de Resumé gëtt vun deem, wat d'Leit gäre wëlle respektiv wat d'Gemengen do gesinn an esou weider. Dat heescht, datt mer hei net kënnen als Legislativ eppes virgräifen, wou eng Enquête publique nach net fäerdeg ass. Ech weess net, wat do bei där Enquête publique erauskënn, mä einfach eleng vun der Prozedur hier gesinn ech hei och déi Problemer, déi scho genannt gi sinn. An duerfir kënnen mir déi Motioun do net matdroen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Berger. Den Här Gibéryen nach eng Kéier.

► **M. Gast Gibéryen (ADR), auteur.**- Jo, Här President, ech wëll elo just soen, datt et mech verwonnert, wann elo hei versicht gëtt, sech hanner Prozeduren ze verstoppen, ouni duerfir brauchen dann iwwert de Fong ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Déi si wichteg an engem Rechtsstat.

► **M. Gast Gibéryen (ADR), auteur.**- D'Prozeduren, wëll ech soen, an engem Rechtsstat, Här Bodry ...

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Gëschter hu mer nach vill iwwer Prozedure geschwat.

► **M. Gast Gibéryen (ADR), auteur.**- Här Bodry, an engem Rechtsstat ass déi éischt Prozedur, datt d'Parlament de Volleksverrieder ass. A wann d'Parlament gären iwwer eppes schwätzt, da schwätzt et iwwer eppes. A wann e Parlament enger Regierung wëllt eppes mat op de Wee ginn, da gëtt et dat mat op de Wee. Dat ass en elementare Prinzip vun engem Rechtsstat a vun engem Parlament.

An iwwerregens gëtt mer gesot, datt schonn esou Debatte waren. Ech mengen, Dir waart deemools Ëmweltminister, wéi Haebicht war.

(Interruption par M. Alex Bodry)

► **Une voix.**- Da lauschtert emol no, Här Bodry!

► **M. Gast Gibéryen (ADR), auteur.**- Wéi Haebicht war, Här Bodry, mengen ech, waart Dir souguer Ëmweltminister zu där Zäit. An do ass och hei an der Chamber eng Debatte gefouert ginn, wou souguer deemools fir d'Éischt d'Sendung iwwert d'Televisioun iwwerdroe ginn ass, wou en long et en large iwwer eng Prozedur, déi op dem rengen Regierungsniveau war, hei an der Chamber debattéiert ginn ass.

Also, engem Parlament steet et ëmmer fräi, iwwer eppes ze diskutieren, wann et wëllt! Mir si Volleksverrieder a wa mir gesinn, datt e Problem ass, deen d'Leit interesséiert, dann ass et eist Recht an eis Flicht als Deputéierten, fir déi Themen hei opzewerfen!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR), auteur.**- Wa mer déi heite Motioun net unhuelen, de géif vill Kaméidi an deene Gemengen an an deene Géigenden an deenen nächste Wochen a Méint lass. Dee kéinte mer eis erspueren, wann haut géif kloer Positioun hei bezu ginn.

Ech stellen also fest, datt déi Parteien, déi des Motioun net wëlle stëmmen, derfir sinn, datt de Stafelter fir d'Autos soll zougemaach ginn.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Neen, dat ass net esou.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gibéryen. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här Gibéryen, dat ass déi falsch Konklusioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Da kënnen mer zur Ofstëmmung vun dësem Motioun kommen. Ech spieren, datt de Vote électronique gefrot ass.

Vote sur la motion

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt de Vote personnel. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass bei 22 Jo-Stëmme géint 35 Neen-Stëmme an 2 Abstentione verwerf.

Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 23 voix pour, 35 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy

Arendt), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Ont voté non : MM. Guy Arendt (par M. Gusty Graas), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. Eugène Berger), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Claude Wiseler et Marco Schank.

5. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la conservation et de la protection du patrimoine industriel

D'Chamber féiert de Mëtteg eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Erhalen an den Denkmalschutz vun industriellen Iewen, déi d'LSAP-Fraktioun ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 87 (2) vun Chambersreglement festgehalen. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Spautz, den Här Bauler, den Här Traversini, den Här Gibéryen an den Här Goergen. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Franz Fayot als Verrieder vun der LSAP-Fraktioun. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Här President, léif Kolleginnen, léif Kollegeen, léif Membere vun der Regierung, wann ech regelméisseg laanscht d'Polvermillen lafen oder spadséieren, gesinn ech rieterhand do eng al Fabrik stoen op engem fréieren industrielle Site, dee viru Kuerzem sanéiert ginn ass, wou awer elo scho säit enger längerer Zäit näischt geschitt ass. An da soen ech mer all Kéiers, dass ech frou sinn, dass et nach do steet, dat schéint aalt industriell Gebai, dat och vun der industrieller Vergaangenheet vun der Stat Lëtzebuerg zielt, wéi och munch aner Sitten an de Stater Faubourgen, wéi d'Händschefabrik am Gronn, wéi d'Brauereien a Clausen an am Neiduerf, wéi nach e puer al Temoine vun der Echer Schmelz an der Millebaach an zu Dummeldeng, wéi Heintz van Landewyck bei mir am Quartier zu Hollerech a wéi esou vill aner industriell Sitten, déi verschwonnen sinn, zum Beispill d'Luxlait zu Märel, wou elo e Residenzprojet entstanen ass.

Ech soe mer dann awer och all Kéiers, dass et mech net ganz vill wonnere géif, wann des Fabrik déi nächste Kéier, wann ech do laanscht lafen, net méi do wier, well de Promoteur sech et anescht iwwerluecht hatt.

D'Aktualitéit vun dësem Thema hänkt enger-säits mat der Diskussioun ronderëm d'Geblihalen zesummen am Kontext vun Kulturjoer Esch 2022, an ech mengen, méi aktuell kéint et net sinn, well net méi spéit wéi de Moien an der Kulturkommissioun hate mer en Echange iwwert d'Kulturjoer 2022. Do krute mer de Programm presentéiert, wéi et soll viru-goen a mer kruten och confirméiert, dass d'Geblihalen elo definitiv net zu de Sitten wäert gëhären, wou d'Kulturjoer zu Esch sech wäert ofspillen.

Mä des Heure d'actualité huet och mat aneren Developpementen ze dinn, déi zurzäit geschéien, dat sinn: de Projet Esch-Schëffleng, den „Quartier Alzette“, de Projet „Rout Lëns“ op den Terres Rouges zu Esch an de Projet „NeiSchmelz“ zu Diddeleng. Mä och den Agrocenter zu Miersch ass fir de Moment an der Aktualitéit.

D'Fro, déi sech stellt, ass déi vum Stellwäert, deem mer dese Lieux de mémoire vun der Aarbecht heizuland wëlle ginn. Wéi sti mer zum Schutz an zur Valorisierung vun deene Plazen, wou d'Mënsche geschaff hunn an d'Grundlage vun Rächtem vun dësem Land am 19. an am 20. Jorhonnert geschaff hunn? A wie soll decidieren, an no welche Kritären, wat mat

dese Plaze geschitt? Déi öffentlech Hand? D'Gemengen oder de Stat? Oder awer privat Promoteuren?

Dëst ass bis elo wäitgeendst eng rhetoresch Fro, well de Stellwäert vum industrielle Patrimoine an der Vergaangenheet leider net ganz héich war. Gewëss, et gëtt eng Rei vu ganz gegléckte Beispiller vun Erhalen a Reaffektatiounen a rezenter Vergaangenheet, wéi de Belval an de 1535° zu Déifferdeng. Mä soss gouf bal ëmmer ofgerappt ouni Rücksicht op déi besteend Industriesitten.

Ass des Mentalitéit vläicht amgaange sech ze änneren? D'Antwort ass och hei keng einfach an et gëtt ënnerschiddlech Entwécklungen, op déi ech elo wëll kuerz agoen.

Mä fir d'Éischt zréck zur Geblihal, déi mengen ech, en zentraalt Element ass an dësem Diskussioun. De leschte Stand an dësem Dossier, wou et jo vill Hin an Hier gouf, ass deen, dass d'Geblihalen net wäerte genotzt gi fir Esch 2022. Dat hunn ech elo just scho gesot.

De Grond, firwat d'Geblihal net ka genotzt ginn, ass dem Direkter vum Fonds Belval no, an dat huet d'Madamm Ministesch och de Moien an der Kulturkommissioun confirméiert, dass de Sécherheitsrisiko ze grouss wier. Mir bedauern dat, gradesou wéi mer bedauern, dass net och aner interessant Industriesitte wéi eben den „Quartier Alzette“ oder d'„Rout Lëns“ aus Sécherheitsgrënn konnten an d'Planung vun Kulturjoer abezu ginn. Mir mengen, dass et eng gutt Okkasioun gewiescht wär, fir Esch 2022 och ze benotzen, fir eisen extraordinären industrielle Patrimoine ze weisen an anzesetzen.

Mir hoffen awer, dass déi alternativ Soluatioun, déi eng Renovierung vun der Möllerei um Belval virgesäit, fir do deen Digital-Space-Site ënnerzebréngen an eng Notzung vun aneren existente Sitten um Belval och zefriddestellend wäerte sinn.

D'Geblihal, och wa se net fir Esch 2022 zum Asaz kënn, soll awer erhale ginn an - dat ass eng gutt Nouvelle -, wéi den Direkter vum Fonds Belval seet, „ouni hir Architektur an hire Charakter ze zerstieren“. Des Ausso begrësse mir ausdrécklech. Mä wat heescht dat genau? Heescht dat, dass d'Essenz, den historesche Charakter erhale gëtt vun dëser Cathedral vun der Aarbecht, mat Projeten, déi der Allgemengheet, dem grand Public zougänglech sinn? Heescht dat, dass do Restauranten, Ateliere fir Kënschtler, Wunnenge fir Jonker a fir Famillje geschaff ginn?

Mir géifen et gutt a wichteg fannen, wann alles drugesat géif ginn, fir d'Geleeenheet ze notzen, fir domat de Quartier Belval ze beliewen. Well och wann een de Belval als Konversionsprojet positiv bewäerte kann, esou muss een awer och soen, dass dat normal, dat urbaant Liewen an all sengen Dimensionen um Belval, op d'mannst ausserhalb vun de Bürosstonden, fir de Moment net wierklech stattfënt. Ech mengen, eis Visiteuren do uewen op der Tribün kënnen dat wahrscheinlech bestätegen.

Mat der intelligenter Notzung vun der Geblihal deet sech hei an eisen Aen eng eemoleg Chance op. Mir géifen et net gutt fannen, wann hei just Fassadismus géif gemaach ginn, fir virun enger industrieller Kuliss Luxuswunnenge fir just e puer Leit mat vill Suen ze schafen. Et gëtt jo e Projet vun engem private Promoteur, dee virun net allze laanger Zäit am „Tageblatt“ thematiséiert gouf, dee schéngt e bëssen an déi Richtung ze goen.

D'Fro ass: Wat geschitt elo weider an deem Dossier? Wat sinn d'Pläng, froen ech lech, Madamm Kulturministesch, fir des Hal mat engem aus eiser Vue onschätzbare kulturhistoresche Wäert net nëmmen ze erhalen, mä virun allem och optimal am Sënn vun alle Bierger ze valorisieren?

Dat laangt Hin an Hier ronderëm d'Geblihal ass symptomatesch fir den Émgang mat erhaltenswäerte Gebailechkeeten op diversen anere Friche hei am Land. Wat geschitt mat enger bestëmmter Friche? Wéi eng Gebaier, déi op enger Friche stinn, sinn erhaltenswäert? Wien decidéiert dat an no wéi enge Kritären? Gëtt et eng kohärent Visioun fir déi eenzel Friche hei am Land, vun deenen déi meescht aus Grënn vun der nationaler Industrie-geschicht bis op e puer Ausnamen am Süde konzentriert sinn.

Hei lafe Reflexiounen am Kader vum Kollektiv „Hallz We Need“, och do hu mer de Moien driwwer geschwat, déi bis 2022 sollen ofgeschloss ginn. A mir begrëssen dat a freeën eis op d'Konklusiounen vun deem Kollektiv.

Och d'Unesco-Kandidatur fir de Projet „Man and the Biosphere“ an den „RedRock Trail“, déi jo allen zwee och mat Esch 2022 solle verbonne ginn, sinn extrem spannend an hunn och Elementer a Richtung vun enger Opwäertung vun eisem industrielle Patrimoine.

Wéi schonn ugedeit, fanne mir et kriddeleg, fir net ze soe bedenklech, wann e private Promoteur, ouni dass och nëmmen en Usaz vun engem Projet virläit, sech exklusiv engem Terrain wéi der sougenannter „Rouder Lëns“ zu Esch unhëlt an, wéi et schéngt, quasi eegestänneg entscheede kann, wat mat deem Patrimoine industriel geschitt, wat do erhale bleift a wat net. Beispillsweis sollten am initiale Projet déi remarkabel „Keeseminnen“ an aner wäertvoll Gebailechkeeten ofgerappt ginn. Et schéngt, wéi wann d'Gemeng Esch an dësem konkrete Fall net de Lead huet an och net wierklech agebonnen ass, wat mer bedauern. An déi Émfro, bezüungswies déi eenzel Workshopp, déi hei vum Promoteur organiséiert goufen, wäerte wuel kaum an d'Gewicht fale géintwärtig de finanziellen Interesse vun deem Promoteur.

Ee Promoteur sicht nämmlech, an dat läit an der Natur vun der Saach, eng maximal Renditt a kuckt, fir seng Investissementer esou schnell an esou gutt wéi méiglech ze rentabiliséieren. Dëst Striewen no Profit steet awer dem Schutz vun der Industriekultur diametral géintwärtig. Am Idealfall ginn hei Gebaier ganz oder deelweis erhalen aus reng ästhetesche Grënn, wa se dann an d'Konzept passen. De kulturhistoreschen Hannergrond vun deenen eenzelen Elementer respektiv d'authentesch Zesummepill wäerte kaum oder guer keng Roll spillen. An, wéi gesot, mir sinn der Meenung, dass d'öffentlech Hand déi Saach hei net ganz dierf aus der Hand loossen a sech an esou Dossiere muss amëschen.

Ech wëll awer betounen, dass et hei net just ëm d'Geblihal oder de Projet „Rout Lëns“ geet. Et sinn dëst just zwee ganz aktuell Beispiller fir d'Industriekultur, déi Gefor lafen, an hire Eenzegaartegheet ze verschwannen oder verschampeléiert ze ginn, an domat géif och e Stéck vun eiser Geschicht fir ëmmer verschwannen.

D'Lescht vun historesch bedeitenden an domat erhaltenswäerte Sitten an Anlage kann awer ouni Problem erweidert ginn, woubäi verschidde Standuerter scho ganz oder deelweis revaloriséiert goufen, bei aneren dese Prozess nach usteet. Ech nennen hei als Titre d'exemple de Plateau du funiculaire zu Déifferdeng, de Site vun Esch-Schëffleng, wéi gesot, den „Quartier Alzette“, wou jo e ganz interessante Projet entsteet mat enger Approche, déi souwuel ekologesch ass, mä och déi existent Struktur a Gebailechkeete vum Quartier respektéiert, de Quartier „NeiSchmelz“ zu Diddeleng, wou och ganz vill erhale gëtt a geschützt gëtt um Inventaire supplémentaire, de Quartier „Wunne mat der Wooltz“ zu Wolz oder nach de Projet „Rives de l'Alzette“ zu Miersch um Site vum ehemolegen Agrocenter.

Dese leschte Projet ass leider e weidert typescht Beispill fir d'Virgoen zu Lëtzebuerg, wou déi sougenannte Kärenhal fir d'Éischt op der Lëscht vun den erhaltenswäerte Gebaier stoung, dunn erofkum, a schlussendlech dat Gebai an d'Siloe plattgemaach goufen; erëm eng Kéier aus Käschtgrënn.

Dësen Dossier weist, dass mer oft keng kohärent Visioun hunn, wéi mer eis d'Zukunft vun deene Sitten virstellen. Dobäi gëtt et x Beispiller am Ausland, wou gelonge Rekonversiounen oft mat weineg Moyene gemaach goufen. Ech nennen hei just als Beispill d'Tapetenwerk zu Leipzig, wou an engem äänleche Volume wéi der Geblihal Ateliere, Working Spaces fir Kënschtler a Wunnenge solle geschaff ginn, oder och gënschteg Wunnkomplexer zu New York an zu San Francisco.

Här President, ofschléissend géif ech gär soen, dass mir als LSAP der Meenung sinn, dass nëmme mat enger globaler Visioun a mat engem kohärent Konzept de Patrimoine industriel wierksam geschützt ka ginn. Eng staatlech oder parastaatlech Entwicklungsgesellschaft ass net zwangsleefeg d'Garantie fir eng optimal Revalorisation vun industriell bedeitende Sitten a Gebaier, mä verbonne mat konkrete staatleche Richtlinnen ass dëst sécher méi zillféierend, wéi esou Projeten, déi ouni Zweifel vun nationalem Interessi sinn, ouni Virgaben an ouni Kontroll reng profitorientéiert Promoteuren oder Gesellschaften unzevertrauen.

Ech entschëllege mech fir de liichte Retard a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Fayot. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 15. Oktober 2003 huet hei an der Chamber eise leider verstuerwene Frënd, de Fred Sunnen, geschwat iwwert d'Geschicht vun der Industrie hei zu Lëtze-

buerg. An en huet deemools un dee weltberühmte Komponist Maurice Ravel erënnert, deen de Boléro geschriwwen huet, an zitëiert huet, wéi en am Ruhrgebiit war, wou en d'Stolindustrie gesinn huet: „Wie soll ich ihnen den Eindruck dieser Schlösser aus flüssigem Metall, dieser glühenden Kathedralen, der wunderbaren Sinfonien von Pfiffen, von furchtbaren Hammerschlägen schildern, der uns umhüllt?“ Dat waren deemools d'Wieder vum Ravel, déi de Fred Sunnen 2003 hei gesot huet.

2003 ass et drëm gaangen, wat mer géifen um Site Belval maachen, dass mer géife kucken, fir deen Industriesite Belval kënnen ze erhalen. An do ass decidéiert ginn, dass d'Héichiewe sollen erhale ginn. Et ass decidéiert ginn, dass nach aner Projekte sollen um Belval gemaach ginn, an d'Regierung huet 2009 - dat waren de Baute-minister Claude Wiseler an d'Kulturministesch Octavie Modert - Projekten eraginn, fir dat kënnen ze maachen. An deen éischte Projet, deen huet deemools drëm gedréit, dass mer sollten en CNCI, e Centre national de la culture industrielle, an (veuillez lire : an d'Restauration) vun den Héichiewe maachen.

Dee Projet ass deponéiert ginn. An dunn ass et awer gläichzäiteg der Lëtzebuurger Ekonomie e bësse méi schlecht gaangen. D'Lëtzebuurger Ekonomie huet finanziell a wirtschaftlech Schwieeregkeete kritt. An do ass deemools festgehale ginn, de Projet ze deelen, soudass mer emol an enger éischer Phas just géifen d'Héichiewe maachen, an duerno géife mer weiderfuere mat den Investor an den CNCI, an eng Gebléishal an doriwwer eraus.

An ech wëll soen, dass hei, wéi d'Gesetz den 29. Juni 2010 gestëmmt ginn ass, eng Motioun gestëmmt ginn ass, wou drasteet, dass mer elo den Héichiewe géife maachen an dass an enger zweeter Phas, wann et dem Land erëm géif besser goen, mer selbstverständlech och déi aner Deeler vum Kärprojekt géife maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, déi Motioun war énnerschruiwe vum François Bausch, Eugène Berger, Fernand Boden, André Hoffmann, Lydia Mutsch.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

(*Brouhaha*)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech wëll domadder just soen: Do si jo Leit derbäi, wéi deen, deen haut zoustännege Minister ass, oder zesumme mat der Madamm Tanson, mä de Minister vun den éffentleche Bauten, de Fraktiounscheef vun der liberaler Partei, déi fréier Escher Buergermeeschtescher; an ech ka mer virstellen, dee jëtzege Buergermeeschter ass och domat averstanen. An dofir waarden ech elo just drop, wéini dann elo de Projet kënn, fir dass mer da weider a Belval an an d'Industriekultur investéieren, well wann ech dem Här Bettel nolauscheren an dem Här Gramegna, da geet et dem Land esou gutt wéi nach ni. Also sinn d'Bedingunge vun der Motioun ...

► **Une voix.** - Dir waart do och mat dran.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ... vun deemools erfüllt, déi Motioun, déi och unanime heibanne gestëmmt ginn ass.

(*Interruption par M. Alex Bodry et hilarité*)

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer soen: Et geet hei net eleng ëm d'Stolindustrie an et geet hei net eleng ëm Belval. Mä eis geet et drëm, dass d'Gebléishal erhale bleift. Wann d'Gebléishal elo net an d'Konzept passt, oder der Regierung net an d'Konzept passt fir 2022, wëll ech mech elo net mat 2022 beschäftegen, well d'Madamm Minister an de President vun 2022, mäi Kolleg, de Georges Mischo, hunn an der Mëttegstonn zesumme mat deene Responsabelen an enger Pressekonferenz duergestallt, wéi si sech 2022 virstellen.

Mä ausser Belval gëtt et och nach Déifferdeng. Et gëtt d'Groussgasmaschinn, ...

► **Une voix.** - Aah!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ... wou ee muss drun erënnern, dass d'Groussgasmaschinn 1939, an dat verstitt Der, dass ech als fréiere Mecanicien doriwwer frou sinn, dee gréisste Motor war an dee stärkste Motor war, dee jee-mools gebaut ginn ass, mat 11.000 PS. Dat ass eppes, wat et duerno net méi ginn ass, well duerno näamlech d'Verfahren an d'Aart a Weis an d'Technik gewandelt hunn. Dofir ass et och wichtig, dass een iwwert d'Groussgasmaschinn schwätzt.

Et ass wichtig, dass een iwwert dat schwätzt, wat zu Diddeleng war, wou schonn de Waassertuerm an d'Rei gesat ginn ass. Et ass och wichtig, an als Schëfflenger, Der verstitt dat, ass et mir och wichtig, dass mer iwwert d'Waasserhaus an iwwert de Kilttuerm, d'Waasserbull vun Schëffleng schwätzen, déi Bestanddeele ass vun dem Projet, deen zu Schëffleng soll kommen.

An de Franz Fayot huet et scho gesot, d'„Rout Lëns“ vun Esch ARBED-Mines, wou et och

wichtig ass, dass do Saache geschéien an dass do un déi Geschicht erënnert gëtt, wou de Rächtum vu Lëtzebuerg mat entstanen ass.

Mä wann ech elo vun der Siderurgie schwätzen, esou ass et awer och wichtig, dass mer déi aner Industrien, déi aner Industriekultur net vergiessen, déi et gëtt. Mir müssen och schwätzen iwwer ee vun deenen eelsten a geschichtsträchtesten Industriebetriben, dee Lëtzebuerg hat.

Ech denken un eng Faiencerie, déi hei fir Lëtzebuerg, fir d'Stad Lëtzebuerg eng ganz grouss Roll gespilt huet.

Ech denken un den Henri Tudor vu Rouspert, deen och eng ganz grouss Roll gespilt huet an der Elektrifizierung, wou lechnach déi éischt Gemeng war hei am Land, déi Elektresch aus der Steckdous kritt huet a wou se net nach mat de Lantere gaange sinn.

Ech denken u Wolz un eng Liederfabrik, déi och ganz grouss a geschichtsträchteg war an déi an der Zäit och iwwer 1.200 Leit beschäftegt huet op hirem Héichpunkt. Och dat si Punkten, un déi ee muss denken.

Ech denken un d'Schifergrouwe vu Maarteleng, ...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ... well aneschters wéi d'Miniéren am Süde sinn dat Kummeren zu Maarteleng a ronderëm, wou de Schifer geholl ginn ass, wat och eng grouss Wichtigkeet hat deemools fir d'Lëtzebuurger Geschicht.

Ech denken un d'Brasserien: Mousel, Bofferding an Diekirch.

An et kéint een nach weiderfuere iwwer all déi Punkten, déi och eng ganz grouss Roll gespilt hunn. Dofir ass et wichtig, dass mer eis elo net eleng iwwer Esch 2022, wat ganz wichtig ass, iwwer „Man and the Biosphere“, iwwer all déi Projekten ennerhalen, mä dass mer och e Konzept hunn an dass mer wëssen, wou et higeet mat der Industriekultur, net nëmme an Süden, wou et eng grouss Roll spillt, wou vill Projekten ennerwee sinn, mä och doriwwer eraus.

An dofir hoffe mer just als CSV, dass d'Madamm Minister - se huet de Moien an der Kommissioun gesot, och fir si wier et wichtig, d'Gebléishal ze erhalen, och wa se net bei Esch 2022 derbäi wier - eis dat och de Mëtten nach eng Kéier seet. Dat géif eis dann och roueg schlofe loossen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools, Här Spautz. Als nächste Riedner ass den honorablen Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Industriell Gebaier sinn en Deel vun eisem architektonesche Patrimoine. Si géllt et ze erhalen. Fir eis als Demokratesch Partei soll een erhalen, wat erhaltenswäert ass, schützen, wat schützenswäert ass. An duerfir brauche mer e modernt Denkmalschutzgesetz mat kloer Regeln a Kritären, wou jo déi éischt Mouture enner mengem Kolleg Guy Arendt viru Kuerzem virebereet gouf.

Industriell Gebaier gehéiere gradesou gutt zu eisem Patrimoine wéi Doléiner- a Bauerenhaiser, Kierchen a Kapellen, Buergeren a Schlässer an nach vill aner Monumenter. Mir kënnen houfreg op dese Patrimoine zu Lëtzebuerg sinn, well et war ee vun de Piliere vun eisem nationale Rächtum a fréieren Zäiten. Denke mer nëmme un d'Vestigé vun eiser Stolindustrie, déi elo just ugeschwat gi sinn an déi och menge Kollegen aus dem Süde besonnesch um Häerz leien, dem Eugène Berger, dem Max Hahn an dem Gusty Graas.

► **Une voix.** - Très bien !

(*Brouhaha*)

► **M. André Bauler** (DP).- Nieft den Immeuble vun der Stolindustrie ...

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Dir hutt nach Kollegen am Süden.

(*Hilarité*)

► **M. André Bauler** (DP).- Ech schwätzen elo vun deene vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Aah!

► **M. André Bauler** (DP).- Här Di Bartolomeo, ech hunn net un Ärem Engagement gezweifelt.

Nieft den Immeuble vun der Stolindustrie gëtt et awer och soss industriell Bauwierker, déi schützens- an erhaltenswäert sinn: al Millen a Wierer, Garagen an Ateliers. E pertinent Beispill ass den Atelier, an deem d'Fondation de l'architecture hei an der Stad ennerdaach kommt ass, oder den Autosmusée zu Dikrech.

De gréisste Chantier, deen deemnächst esou richtig am Beräich vum Patrimoine industriel

wäert ulafen, ass ganz kloer Uewermaartel, also déi sougenannten „Leekoll“, déi fréier Schifergrouv, där hir Geschicht an d'18. Jorhonnert zrëckgeet. Dat ass e risige Projet, zomol wann een un déi sëllegen ennerierdesch Schächt, Gäng a Kavernen denkt. Hei lafen d'Planunge schonn zanter Joren. An dese Site soll jo souwuel kulturell wéi touristesch genotzt ginn. D'Manifestatioun „Koll an Aktioun“ ass e pertinent Beispill, fir ze weisen, wat een do organiséiere kann.

Eng grouss Eraufuerderung fir de Patrimoine industriel ass awer kloer d'Tatsaach, dass et och fir dese Patrimoine nach ëmmer keen Inventaire gëtt. Zwar si scho verschidden Aarbechten an de leschte Jore gemaach ginn, mä dat meescht ass nach ëmmer net an engem Inventaire erfaasst. Et kënn zum Beispill dacks vir, dass ganz séier en Inventaire gebraucht gëtt, an da kann den zoustännege Service just äntweren: „Pardon, dat hu mir leider net“, wéi zum Beispill rezent vun de Millen a Querbauwierker an der Wäisser an un der Schwaarzer lernz. Dat ass sécherlech net ideal, fir d'Aarbecht ze verdeiwen, déi mat deemem wichtige Deel vun eiser Lëtzebuurger Geschicht ze dinn huet. Iwwerens brauche mer och méi Personal, fir den Inventaire ze realiséieren.

An de wëssenschaftlechen Inventairen, déi zënter 2016 vum Service des sites et monuments publizéiert konnte ginn - et handelt sech ëm d'Gemenge Fiels a Fëschbech, den drëtte Band iwwer d'Gemeng Helperknapp ass quasi ofgeschloss -, also an dese wëssenschaftlechen Inventaire sinn nach eng ganz Rëtsch industriell Zeie fonnt ginn, déi vläicht manner grouss an imposant si wéi de Site vun Uewermaartel, mä duerfir net manner wichtig fir d'Geschicht vum Lëtzebuurger Land. Dozou zielen d'Iwwerreschter vun der Schmëdd a vun der Schmelz bei Fëschbech, déi fréier Schmelz zu Fëschbech oder d'Ateliersgebai an der Fiels, an deem fréier eng Schräinerei war.

Et si grad déi kleng Ateliersgebai, Gierwereien a Millen, un déi mir net direkt denken, wann et ëm de Patrimoine industriel geet, well dee fänkt net an der Stad un an hält um Belval op. An ech war frou, besonnesch an der Interventioun vum Här Spautz ze mierken, dass säi Bléck och iwwert de Süden erausgeet.

Et si grad déi méi kleng Zeien an ländleche Raum wéi Ateliersen, déi rar ginn, mä fir eis industriell Entwécklung esou wichtig sinn. Duerfir ass et net vu Muttwëll, dass mir an der nächster Zäit e kohärente wëssenschaftlechen Inventaire vum ganze Land kréien, mat deem de Patrimoine industriel grad ewéi deen anere Patrimoine hei am Land adequat kënnen geschützt a behandelt ginn.

Denkmalschutz ass en aktuell Thema. Dobäi geet et hei wierklech net ëm den Erhalt vun ale Braken, mä ëm erhaltenswäert Bausubstanz. Et geet grad drëms, Al an Nei op originell Manéier mateneen ze verbannen, fir esou déi architektonesche lerschaft an d'Zukunft eran ze retten an hir en Zweck ze ginn.

Mir brauche méi wéi jee e modernt Denkmalschutzgesetz, an deem Transparenz a Rechtssécherheet groussgeschriwwen ginn. Mir brauchen also verständlech an einfach Prozeduren. Mir brauchen och e wëssenschaftlechen Inventaire. Wat um Inventaire steet, soll an Zukunft automatesch geschützt sinn. Ech denken, dass mer am Kader vun neien Denkmalschutzgesetz, dat jo elo esou lues preparéiert dierft sinn an an d'Kommissioun wäert kommen, nach genuch Zäit kréien, fir méi an de Fong vun deemem Thema ze goen.

lech Merci fir d'Nolauschteren, Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools, Här Bauler. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Roberto Traversini. Här Traversini, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Grazie mille. Grazie. Dir Dammen, Dir Hären, Här President, et geet haut ëm eise Patrimoine. Dofir Här Fayot, Merci, dass Der déi Heure d'actualité gefrot hutt.

(*M. Roberto Traversini ajuste la hauteur du microphone.*)

Ech sinn e bësse méi kleng. Déi aus dem Süde sinn normalerweis ëmmer méi kleng.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Méi déif am Süden.

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Méi déif am Süden. Net ze déif fir lech, Här Kartheiser.

Wat verst mer dorënner? Ma dat si Spueren, déi iwwerall ze fanne sinn, wou de Mënsch a säin natierlecht Émfeld agegraff huet, fir eppes ze produzéieren. Et ass eis Aufgab, fir dese fir eis national Geschicht esou wichtige industrielle Patrimoine ze erhalen a sénnvoll ze notzen.

Mir fannen apaart am Süde vum Land vill esou industriell Iwwerreschter. Mä et dierf een d'Diskussioun net nëmme op de Minett rezuéieren.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Den industrielle Patrimoine besteet net just aus Héichiewen, industriellen Halen oder soss Walzwierker, déi mer dorëmmer am Süde stoen hunn. Et geet vill méi wäit a begräift och déi méi rural a kleng Industrien: d'Schräinereien, d'Schmatten, d'Gierwereien an et sinn och schonn e puer anerer hei opgezéit ginn. Dat gëtt awer an der Diskussioun gär emol vergiess, grad well een déi kleng Temoine guer net kennt an oft guer net weess, dass déi do sinn. Mir müssen elo derfir suergen, dass d'Bewusstsein fir eise Patrimoine méi grouss gëtt.

Wat de Süden ugeet, esou mengen ech, kënnen ze behaupten, an dat mat mengen 22 Kollegen dann aus dem Süden, dass d'Leit lues a lues erkannt hunn, wéi wichtig dat ass, wat mer do hunn. Et war awer net ëmmer esou. Här Spautz, et war net 2003, et war 1999, wéi mäi Virgänger, de Roga, op deser Plaz eng Interpellatioun iwwert d'Industriebroochen am Minett gehalen huet. Hie wollt dobäi awer virun allem iwwert „d'zukünfteg wirtschaftlech, sozial an ekologesch Entwécklungen aus der Minettregion“ schwätzen.

Leider waren ze vill psychologiesch Barrière bei de Leit a virun allem awer bei de lokalpolitesses Responsabelen. Et géif eng Aart Geläämtheet ginn, ee Gefaangesinn an der Nostalgie. Déi meescht kéinte sech ganz schwéier virstellen, dass de Minett eppes aneschters kéint si wéi dat, wat et virdu war. Et war net esou vill Bewusstsein do, fir aus Alem eppes Neies ze maachen. Oft war den éischte Gedanken: „Ewech mat deem Schrott!“

Et ass net nëmme „ewech mat deem Schrott“, et ass och ganz vill geduecht ginn an och gemaach ginn, fir d'Lächer erëm opzefëllen. An dat net mat Buedem, mä mat héijem Dreck, just fir un de Ronneberg ze denken, wann een dat sollt vergiess hunn. Mir ware vläicht am Stëbs. An do hu ganz vill Leit gemengt: Op e bësse Stëbs kënn et jo net un. De Ronneberg steet nach ëmmer do.

E puer Beispiller awer elo, wou mer gemierkt hunn, dass et awer eng Chance ass, wat mer am Süden hunn.

De Site um Belval ass schonn ugeschwat ginn. Wat wier de Site um Belval ouni Héichiewen, d'Gasleitungen, d'Gebléishal? Ma eventuell e flotte Quartier, mä e wier net dat, wat en haut ass. Vun der Unisbibliothék guer net ze schwätzen, wéi flott déi ginn ass.

Déi zwee Héichiewen, déi do stinn: Mir haten der 40 hei am Land, et stinn der nach 2 do. Deen aneren ass a China. Mir kënnen dee vläicht eng Kéier recuperéiere goen, wa si en net méi brauchen. An esou schnell geet et, wann ee sech net fir Saachen interesséiert. Op eemol ass et fort an et kënn doudsécher net erëm!

Èmsou méi wichtig ass et, fir déi industriell Infrastruktur um Belval a senger Integritéit ze erhalen, wat nach do steet. D'Gebléishal soll erhale ginn a se soll sénnvoll genotzt ginn. Mer hunn de Moien och nach eng Kéier gesot kritt, dass se net wäert ofgerappt ginn. An dat wäert dann och hoffentlech esou bliwen. Well ouni Gebléishal wier net ze verstoen, wéi d'Héichiewe jee funktionnéiere konnten. Virdrun huet e Mecanicien geschwat, ech schwätzen dann hei als Maschinenschlässer, deen do geschafft huet. Dat wier net méiglech, déi zwou Saachen, wann eng dovunner fort ass.

An ech mengen, dass d'Gesellschaft awer elo gemierkt huet ... Wann een awer d'Reaktiounen déi lescht Zäit gesinn huet, wivill do awer driwwer geschwat ginn ass a wat soll gemaach ginn, da mengen ech, dass all Mënsch verstanen huet, dass mer müssen eise Patrimoine halen.

En anert Beispill ass Esch-Schëffleng. Do, wou d'Schwéierindustrie doheem war, soll e Modellquartier entstoen, en autofräien, wou de Vélo, d'Foussgänger solle Prioritéit kréien. D'industriell Gebailecheete sollen awer dobäi wäitgeend erhale bliwen an och sénnvoll genotzt ginn. Et huet kee Wäert, eng Fassad ze halen, wann näischt hannendrun ass. Esou soll de Kilttuerm enner anerer an der Metzerschmelz op der Schëfflenger Säit a kulturellen Treffpunkt am Quartier ginn.

De 1535°: Et soll ee sech jo net selwer luewen, mä wien hätt dat geduecht virun e puer Joer? Do schaffen elo 600 Leit. 600 Leit! A souguer,

mengen ech, de gréisste Skeptiker huet gemierkt, datt dat do net nëmmen erhalen ass, mä datt e ganze Wirtschaftszweig do amgaangen ass opzebléien.

D'Geblihal. D'Gaszentral, déi ass Gott sei Dank virun e puer Méint als Monument national klasséiert ginn. Zënter Jore schaffe mer drun an et war net ëmmer einfach, well och ArcelorMittal, de Proprietär, war net ëmmer frou. A mir sinn och frou, datt do scho sënnavoll Iddien hannendrustinn, fir déi ze notzen.

Et ginn nach Beispiller mat ganz grousem Potenzial, an dat a sämtleche Südgemengen. Ech muss se opzielen, well soss, als President vum PRO-SUD, kréien ech Schwieeregkeeten. Déiselwecht hu mer zu Suessem, zu Käerjeng, zu Beetebuerg, Péiteng, Diddeleng, Keel, Rémeleng, Monnerech, wéi gesot, zu Esch an zu Schéffleng stoen.

Et sinn einfach Monumenter, déi mussen erhalte bleiwen, heiansdo méi klenger, mä wichteg ass, datt ee se sënnavoll notzt.

Nach schnell zwee Punkten, Här President, da sinn ech fäerdeg, well esou oft schwätzen ech jo net hei. Da loosst mer eng Minutt méi laang!

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dat sinn d'Spillregelen awer net.

(Hilarité)

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- Jo, ech cumuléieren.

2022, e wichtige Bestanddeel vun eisem Süden. An do geet et haaptsächlech drëm, de Bestand vun eisem Patrimoine ze erhalen. Et ass natierlech wichteg, datt et och no 2022 weidergeet.

De Minett Unesco Biosphere ass ugeschwat ginn. Wichteg: Déi eefel Südgemenge schaffen de Moment drun, fir an d'Unesco-Netzwerk eranzekommen. A wa mer doranner sinn, dat bréngt eis extrem, extrem vill Saachen. Do ass et, wou de Mensch am Fong geholl an d'Natur agegraff huet a wou d'Natur et eriwergenholl huet. An awer ass et méiglech, do erëm Saachen ze maachen. Et ass jo net, wéi wann an enger Biosphär net méi kéint geschafft ginn. Dofir mengen ech, datt et wichteg wier bei där Kandidatur, datt mer do dee Label géife kréien.

Vun dem „Eise'Stol“ ass scho geschwat ginn. Dofir halen ech op, Här President. Dat gétt e flotten Trail. An ech mengen, datt et wichteg ass fir d'Erhaltung. Et ass e Patrimoine fir de Süden. A wann et fir de Süden ass, dann ass et fir d'ganz Land.

An dofir Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Traversini. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools Merci, Här President.

(Brouhaha)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Kritt hien elo manner Zäit, well hie schwätzt oft.

(Hilarité)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et ass mer un eisichter Platz eng Freed, dem Här Fayot Merci ze soen, datt en dee wichtige Sujet hei ugeschwat huet. An ech mengen, d'Sitten, déi sinn an der Tëschenzäit alleguer opgezielt gi vun deene verschidde Leit ass deene verschidde Gemengen. An ech ka mer also deen Deel vun der Ried scho spueren.

Ech mengen, et ass awer ganz wichteg, véier konzeptuell Froen ze stellen. Déi éischt un d'Regierung. Mir brauchen den Inventaire. Wou sti mer dobäi? A mir brauchen eng zolidd legal Basis, fir de Patrimoine kënnen ze protegieren. An och dat ass eng Fro un d'Regierung: Wou sti mer an eisem legislative Kader? Wa mer konfrontéiert si mat der Fro, wéi preservative mer eisen industrielle Patrimoine? Da muss mer, mengen ech, déi Saach systematesch ugoen.

Déi éischt Fro ass: Wat solle mer iwwerhaapt protegieren? Mir kënnen net alles protegieren, datt ass och e grouse personellen a finanziellen Opwand. Mir mussen also kucken: Wat huet wierkelech en industriegegeschichtleche Wäert? Wat ass regional wichteg? Wat ass architektonesch oder technesch wichteg? A mir mussen capabel sinn, eng Selektioun ze maache vun deem, wat wierkelech erhaltenswäert ass.

Dat Zweet ass: Wéi solle mer et erhalen? An ech mengen, Verschiddeenes ka museal ganz

gutt opgeschafft ginn. Et muss net alles eent zu eent stoe bleiwen. Mä et kann e Verschiddeenes einfach esou opbereeden, datt et zum Beispill ka pädagogesch benotzt ginn, datt eng Erinnerung ka stattfannen, ouni datt eent zu eent muss do stoe bleiwen, wat virdrun do war.

Mir haten déi Diskussioun jo och scho bei den Héichwien. Deen nationalen Zentrum fir Industriekultur ass deemools net gemaach ginn, mä et war eigentlech e wichtige Deel vun deem ganze Konzept, vläicht souguer dee wichtigste. An ech mengen, et war dann interessant, och bei aneren Industrieanlagen ze kucken, datt mer déi museal Begleitung, vläicht an e Zesummenarbecht mam nationale Musée fir Geschicht a Konscht, op déi Manéier upaken.

An déi drëtt Fro, déi mer eis musse stellen hanner „wat?“ a „wéi?“ ass: Mat wéi engem Zweck? Firwat eigentlech? Well mir kënnen net einfach Infrastrukturen dostoe loossen oder an all Infrastruktur eng Ausstellung maachen oder e Musée, mä mir mussen wierkelech eng Utilisatioun heiansdo erfannen, déi wuel de Charakter vun der Site respektéiert awer och Liewen an déi Infrastrukturen erabrëngt, se integréieren an eis Stied, an eis Gemengen oder zu engem bestëmmten Zweck.

D'Geblihal ass zum Beispill direkt niewent der Universitéit Lëtzebuerg. Mir hunn do d'Entwécklung vum Weltraumsektor. Kann een net och do an deem Sënn eppes maachen? Mir haten de Moien zum Beispill iwwer e Planetarium geschwat, deen een och kéint do integréieren.

Mir brauchen einfach Iddien, déi engem Konzept, engem regionale Konzept an engem lokale Konzept entsprechen, fir datt mer dat, wat mer hunn, net nëmmen erhalen, mä och mat Liewe fëllen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Obwuel datt den Här Goergen schon an der Warteschleife steet, ass et elo awer um honorablen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Wéi ech hënt waakreg gi sinn a geduecht hunn, ech sollt mer awer nach zwee, dräi Gedanken méi iwwert des Debatt maachen, sinn ech net wéi den Här Fayot an den Jogging gesprongen an duerch d'Géigend gelaf, mä ech hu mech mat enger Zigarette op d'Terrass gesat.

(Hilarité)

► **M. André Bauler (DP).**- Dat ass sympathesch.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- An op där Terrass zu Esch huet een dann all déi Geräicher héieren, déi de Rhythmus vun där Stad ausmaachen an déi vum Wierk vun ARBED/Belval kommen. Dat ass a gewëssener Hënsicht d'Musek vun där Stad an de Pace vun där Stad.

An ech soen dat, well et eben drëm geet, mengen ech, e Verständnis vun Industriekultur ze hunn, wat méi ass wéi e reng nostalgesch, wat net an eisichter Linn just op en entfernte Passé orientéiert ass, deen näischt méi mat enger Realitéit vun haut ze dinn huet an dee just nach an engem gewëssene Sënn e museale Charakter huet. Mä ech mengen, mir missten zu engem Begrëff vun Industriekultur kommen, dee bis haut erawierkt a bis haut d'Liewe vun enger ganzer Rëtsch Mënsche bestëmt.

An duerfir soen ech dem Här Fayot och Merci fir des Aktualitéitsstonn, well e schwätzt eigentlech iwwert d'Steifkand vun engem Steifkand. De Patrimoine culturel insgesamt zu Lëtzebuerg ass relativ stiefmütterlech behandelt ginn an der Lescht. An innerhalb vum Patrimoine culturel ass de Patrimoine industriel dat Gebitt, wat iwwerhaapt bis elo kaum erfaasst ginn ass.

An duerfir mengen ech, datt et och wichteg ass, ëmmer erëm drop hinzewisen, datt mer zënter x Joren drop waarden, datt mer en neit Gesetz iwwert de Patrimoine culturel kréie sollen. An zënter x Jore kréie mer ëmmer erëm erkläert, et géif zwar ganz äifreg dru geschafft ginn, mä gesinn hu mer bis elo dovunner, zumindest als Chamber, nach relativ wéineg.

A mir mengen, datt esou e Gesetz iwwert de Patrimoine culturel vun extrem grousser Wichtigkeet wier, grad an engem Land, wat esou enorm séier wäiss wéi Lëtzebuerg a wou de Wuesstum en enormen Drock ausübt op d'Baulandreserven, op d'Infrastrukturen, déi mer dréngend brauchen.

A wann een dat net zesummen am Bewosstsi vun engem modernen, adequate Gesetz iwwert de Patrimoine culturel mécht, da risquéiert een, ganz vill vu senger eegener Geschicht ze verléieren, oder et risquéiert een, an och dorobber huet den Här Fayot opmierksam gemaach, sech zum Handlanger vu private Promoteuren ze maachen, déi versichen, d'Bijouen

oder d'Kiischen op deene verschidde Kichen u sech ze rappen an aus historisches wäertvollen a bis haut erawierkenden architektonale Gebaier hir eege Projeten ze maachen, déi reng profitorientéiert sinn a wou d'öffentlech Hand, also d'Allgemengheet, iwwerhaapt keen Afloss méi drop huet. Och do hu mer an der Lescht ëmmer erëm ganz staark negativ Beispiller gesinn.

De spezifische Schutz vum industrielle Patrimoine ass an deene leschte Wochen awer ëmmer nees erëm op den Ordre du jour vun der politescher Aktualitéit an der Press komm, well, entgéint aneren ufänglechen Aussoen, déi Geblihal op Esch-Belval net zum Headquarter vun Esch 2022 konnt ginn.

An ech wëll elo net den Historique vun deem Gebai maachen, well wann een dat géif maachen, da bräicht ee keng Heure d'actualité, mä eng Journée d'actualité. Mä ech mengen, datt een awer feststelle muss, datt de Skandal u sech ass, datt dat Gebai net klasséiert ass als Monument national. An dat selwer ass schon Ausdrock vun engem feelende Geschichtsbewosstsi an engem feelende Bewosstsi an verschidde Kreesser, wat d'Industriekultur ueget.

2007 schon ass dat Gebai beim leschte Kulturjoer benotzt gi mat enger ganz wichtiger a gudder Ausstellung. An duerno ass ëmmer erëm versprach ginn, datt dat Gebai éischters soll erhalte bleiwen an zweetens soll och benotzt ginn an engem industriekulturelle Sënn.

Vum CNCI ass geschwat ginn. Den Här Spautz huet dorobber opmierksam gemaach. An e puer Joer drop, 2011, ass dann eng Etüd gemaach ginn, fir den Zoustand vum Gebai ze präwieren. An opgrond vun där Etüd da sinn och Budgetartikelen an deene Joren drop festgehale ginn, fir zumindest Deeler vun deem Gebai a Stand ze setzen. Déi Budgetartikele sinn awer ni benotzt ginn an et ass jorelaang erëm näischt geschitt, bis dann dat nächst Kulturjoer komm ass an dann d'Gebai vun der Geblihal am Kader vun Esch 2022 erëm zum Thema ginn ass.

An et war awer keen anere wéi déi viregt Regierung, déi dat och ëmmer erëm zum Thema gemaach huet. Well op all Nofroen hin an der Chamberskommissioun huet den deemolege Statssekretär gesot: „Ma wat mat deem Gebai geschitt, dat hänkt dovunner of, ob mer de Label Esch 2022 hu mer kritt. Mam Gebai ass awer bis elo näischt weider geschitt, bis op dann d'Ausso, déi mer viru Kuerzem héieren hunn, datt et aus deelweis zätleche Grënn net méiglech wär, fir dat fir Esch 2022 ze notzen.“

An duerfir muss een och d'Opreegung bei ganz ville Leit verstoen, déi déi dote Konnexioun gemaach hunn an déi sech elo ganz berechteterweis, mengen ech, Froe stellen, ob net alt nees erëm eng Kéier d'Leit op all Eiwegkeet verträischt ginn, bis d'Gebai eventuell wierkelech an engem Zoustand ass, datt et definitiv verluer ass. Duerfir wier ech frou, wann d'Ministesch dat, wat se och schon de Moien an der Kommissioun gesot huet, nach eng Kéier widderhuele géif, datt et d'Intention ass vun der Regierung, fir dat Gebai ze halen a kulturell ze notzen.

Zum Schluss nach zwee Wieder. Mir brauchen onbedéngt en Inventar vun deenen industriekulturell wäertvollen a schützenswäerte Gebaier. A virun allem brauche mer e Plang, wéi mer d'Industriekultur an Zukunft denken. Mir brauchen eventuell e Méjoresplang, wéi mer dat wëllen entwéckelen.

A mir brauche virun allem en zesummenhängend Konzept, dat och vum Kulturministère, wou, mengen ech, de Kulturministère misst de Lead hunn, wéi eis industriekulturell Landschaft an Zukunft soll ausgesinn. Well bis elo louch ganz vill Verantwortung, wat d'Industriekultur ugaangen ass, op de Schëllere vun de Gemengen, wou ganz vill Gemenge se och wouergeholl hunn an de Lead haten. An ech mengen, datt et endlech och um Kulturministère wier, fir do seng Verantwortung ze iwwerhuelen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Baum.

(Interruption)

Den Här Marc Goergen, pardon.

(Hilarité)

Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Här President, d'Industriehalen a -sitten, wou eis Grousseltere fréier geschafft hunn, sollen de gläiche Stellwäert kréie wéi déi mittelalterlech Buergen a barock Fassaden, déi mir hei am Land gutt konservéiert hunn.

Jo, Lëtzebuerg soll säin industriell lerwen erhalen, mä virun allem soll des lerschaft Léisunge fir eis haiteg Problemer bidden. Ugesiichts vun der Situatioun op eisem Wunnengsmaart muss d'Regierung hir Verantwortung huelen a kucken, dass op dese Plaze weidere Wunnraum entstoe kann. Mir géifen dat als éischt Prioritéit definéieren.

D'Industriehalen, déi net astuerzgefäerdert sinn, kënnen a modern Wunnbléck remodeléiert ginn. An deem Kontext kéint een och Fleegestrukture fir eis elter Matbirger integréieren. Hei gétt et schlisslech och e grouse Bedarf.

Mir Piraten gesinn awer och eng wirtschaftlech Chance, eist Industrieerwe fir den Tourismus zu Lëtzebuerg ze notzen. Do, wou et méiglech ass, sollen touristesch Projeten op den alen Industriesitten entstoen an Aarbechtsplaze fir d'Mënschen an der jeeweileger Regioun schafen. Virun allem mussen d'Projeten awer nohalte sinn. Et sollte keng Onzommen a Muséeën oder Sitten investéiert ginn, déi schlecht oder guer net besicht sinn. Am Contraire. D'Regierung soll kleng a clever denken an eis Sitte sënnavoll ëmsetzen.

D'Projete sollen och net vun uewen erof diktéiert ginn, mä mat de Leit um Terrain ausgeschafft ginn. Virun allem sollen d'Bierger an de concernéierte Gemengen zesummegeruff ginn, fir iwwert d'Gestaltung vum Site matzeschwätzen. Zesumme solle kloer Kritären ausgeschafft ginn, fir ze decidéieren, wéi eng Sitten erhaltenswäert sinn a wéi se revaloriséiert kënnen ginn.

Zum Schluss wëll ech nach eng Kéier umieren, dass et wichteg ass, d'Geschicht net nëmmen an engem Musée ze weisen, mä d'Leit mat drun deelhuelen ze loossen. Ob Wunnraum, sozial Projeten oder Tourismus, d'Regierung besetzt an der Ëmgestaltung vum lëtzebuergeschen Industrieerwe vill Méiglechkeeten, eppes Sënnavolles an Nohalteges ze schafen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. Madamm Kulturministesch Sam Tanson, wannechgelift.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture.**- Jo, ech si jo frou ze héieren, dass mer alt erëm en zimlech breede Konsens op där Fro hunn. Ech mengen, vill vun lech hunn ulaude gelooss, dass se selwer op esou Plazen nach geschafft hunn. Bei mir, mäin ee Bopa huet bei der ARBED geschafft, mäin aneren op der Bunn. An ech mengen, dass vill vun lech heibannen an äänleche Situatiounen sinn. An dat mat der Bunn ass och wichteg, well dorop kommen ech nach ze schwätzen. Dat huet mer näamlech elo e bësse gefeelt an deser Diskussioun vum Patrimoine industriel.

Wat ech domat wëll soen: Ech wëll net meng perséinlech Geschicht opschaffen, mä ech mengen, dass et net meng perséinlech Geschicht ass, mä d'Geschicht vun onsem Land. D'Industriekultur gehéiert zu eiser Identitéit, ass staark ancréiert an deem, wat mer sinn. An duerfir ass et och esou wichteg, dass mer se erhalen an dass mer se weisen.

An ech si jo net esou oft mat lech d'accord, Här Kartheiser, mä ech muss awer soen, ...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Een historichesche Moment!

(Hilarité)

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture.**- ... an deene Froen, wéi Der se gestallt hutt, kann ech lech op alle Fall rejoignieren. D'Fro ass jo och déi op där enger Säit: Wat maache mer mat deem Patrimoine, dee mer hunn? A wéi vermëttle mer dat, wat war? Dat sinn a mengen Aen déi zwou Froen, déi sech an deem heite Kontext stellen.

Dee Patrimoine, dee mer hunn, do si schon eng ganz Rëtsch Saachen an deene leschte Joren entweder geschützt ginn oder erhalte ginn oder iergendwéi nei verwäert ginn. Ech kann lech d'ailleurs och berouegen, Här Fayot: Bei engem vun Ären nächsten Jogginge wäert d'Polvermillen nach ëmmer do sinn, well och do sinn eng ganz Rëtsch Gebaier protegéiert. Wann ech se elo erëmfinden, kann ech lech se och tel quel alleguete soen. Dat ass d'Direktionsgebai mam Auertuerm, et ass d'Kantinn, et ass d'Kesselhaus mam Kamäin, d'Fabrikshale mat Shedsdiech an d'Fabrikationsgebai. Déi sinn all um Inventaire supplémentaire zënter Mee 2012. Dat heescht, déi wäerten lech och nach weider begleeden, wann Der do laanscht wäert lafen.

Eng Fro, déi sech jo elo ganz vill gestallt huet, ass déi: Wat geschitt? Wéi eng Sitte wäert Esch 2022 beleen? Fir déi, déi net de Moien an der Kommissioun derbäi waren oder net mat op d'Pressekonferenz waren, wéi den



Escher Buergermeeschter, wollt ech awer vläicht eng Kéier e bësse soen, wat mer elo do decidéiert hunn.

Ech maache vläicht nach eng Kéier e Schratt zréck. Ech kommen nach eng Kéier zréck op d'Gebliishal. Dat stoung effektiv am Bid Book. Dunn hat d'Regierung d'lescht Joer gefrot, dass emol soll gekuckt ginn, wat dat géif bedeite fir déi Hal. An opgrond vun deenen Analysen, déi mir dëst Joer am Ufank vum Joer presentéiert goufen, hu mer du festgestallt, dass et einfach mat der Zäit net géif erausgoen, fir eng sécher an nohalteg Léisung op deem Site ze fannen. Méi ass et net. Dat huet näischt mat deem Gebai ze dinn.

Ech weess, wéi eng Geschicht dat Gebai huet. Ech weess och, dass et tëschent 2007 an haut eidel stoung an dat dem Gebai och net geholfen huet. Mä e Fakt ass einfach deen, dass mer eis et net konnten erlaben, dass Esch am Ufank vum Joer 2022 ouni Solution géing dostoen. Dat konnt ech net op mech huelen an ech mengen, och déi aner Leit, déi an deem Dossier involvéiert waren, net. Déi Garantie konnt kee mer ginn, dass mer wierklech eng sécher Léisung op där Plaz do géife fannen.

Dunn hu mer awer ganz séier reagéiert a mir hunn op eng ganz wäertvoll Zesummenaarbecht mam Fonds Belval kënnen zréckgräifen. A mir hunn elo eng Solution fonnt, wou net nëmmen ee Gebai d'Symbol vun Esch 2022 wäert sinn, mä wou e ganze Quartier wäert d'Symbol vun der Kulturhauptstad sinn.

An ech mengen, dass dee Schrëtt e ganz positive Schrëtt ass fir d'Kulturhauptstad, mä och fir Belval en tant que tel. Et sinn elo eng Dose Lieuen, déi mer festgehale hunn. Gëschter am Regierungsrout krute mer de Feu vert, fir e Projet de loi auszuschaffen, dass also de Fonds Belval e Projet de loi ausschafft, wou eng Dose Lieuen elo wäerte vun Esch 2022 belieft gi mat enger zentraler Plaz, der Möllerei, wou en Digital Space wäert geschafe ginn, wou wäert digital Konscht gewise ginn, wou déi zwou Saache kënnen matenee vernetzt ginn: dat, wat fréier war, dat, vu wou mer hierkommen, an eis an d'Zukunft projézéiere mat där zäitgenëssescher Aart a Weis, fir Konscht ze maachen, déi mer haut kennen.

Do dernieft sinn eng ganz aner Rëtsch vu Lieuen. Dir kennt den Detail vun allem herno noliesen. Wat awer wichteg ass: Et ass eng Plaz, déi zou wäert si fir den Autosverkéier, wou d'Foussgänger kënnen zirkuléieren um ganze Site vu Belval a wou och vill al Gebaier do wäerte genotzt ginn.

Déi Gebaier sinn all an engem ënnerschiddlechen Zoustand. Dat ass elo eng Herkulesaarbecht, déi sech hei fir de Fonds Belval presentéiert, déi deen awer mat ganz vill Energie ophëlt. Ech mengen, dass mer hei wierklech eng nohalteg Léisung fir no 2022 wäerten hunn, well all déi Gebaier ginn elo esou virbereet, opbereet, dass se duerno och nach kënnen

genotzt ginn, anescht oder fir äänlech Zwecker genotzt ginn. An ech fannen et eng ganz positiv Saach, dass mer hei Sue sënnavoll investéieren an d'Kultur an och an d'Regioun Esch an Emgéigend.

Deen anere Punkt, deen haut vill diskutéiert ginn ass, dat ass dee vun deem faméisene nationalen Zentrum fir Industriekultur. Dat ass eppes, wat mer am Regierungsprogramm scho virgesinn hunn. An och dat ass eppes, wou mer scho ganz aktiv dru geschafft hunn. Ech hat scho Reunionne mat de Leit, déi sech säit Jore Gedanken do ronderëm maachen. A mir wäerten de 26. Juni eng Reunion hunn, wou och d'Grënnung vun der ASBL wäert festgehale ginn, déi dat wäert beliewen.

Wéi stelle mer eis dat vir? A Westfalen gëtt e Reseau vun Industriekultursitten, déi zu engem Musée zesummegebilt sinn. Dat sinn ënnerschiddlech Plazen, dat ass wéi zu Lëtzebuerg. Do gëtt et déi ënnerschiddlechst Industriem, déi d'Regioun belieft hunn a wou haut de Leit gewise gëtt, wéi deemools geschafft ginn ass a wat deemools geschafft ginn ass, wou Ausstellungen sinn, wou awer och pädagogesch Aarbecht geleescht gëtt.

A mir hunn, contrairement zu deem, wat een haut vläicht hätt kënnen mengen, scho ganz vill esou Sitten, net nëmmen am Süden. An ech si frou, dass Maarteleng genannt ginn ass, dass den Tudor-Musée genannt ginn ass. Mir hunn der natierlech ganz vill am Süde konzentriert, mä mir hunn och ganz vill aner Industrie gehat.

Mir hunn awer och vill Patrimoine ronderëm d'Eisebunn. Mir hunn de Fond-de-Gras, deen dat immens gutt weist. Mir hunn och vill Maschinen, déi mer klasséiert hunn, déi och zu eise Patrimoine industriel gehéieren, Eisebunnsmaschinen.

Dat heescht, meng Iddi ass déi, dass mer elo ufänken am Süden, weinst Esch 2022, mat där Vernetzung vun deene besteeenden Haiser, dass mer hinnen d'Moyene ginn, sech zesummen opstellen, sech ze vernetzen, sech no bause besser ze vermaarten, och hir pädagogesch Aarbecht - well dat ass jo wierklech den zentrale Punkt vun onser Kulturpolitik - kënnen gutt opstellen. An duerfir wëlle mer eben déi ASBL an d'Liewe ruffen, wou ech ganz frou sinn, dass esou vill engagéiert Leit sech fir dat Thema asetzen, well ouni déi hätte mer déi Diskussiounen net. An ouni déi géif och déi ASBL net kënnen an d'Liewe geruff ginn.

A wéi gesot, dat wëlle mer nach virum Summer maachen. A menger Propos fir de Budget vun nächste Joer ass dann, do e Poste virzugesinn, dass mer déi ASBL wäerten ënnerstëtzen, fir déi Vernetzung hinze kréien, an enger éischter Phas fir de Süden, an duerno, menge Wësch no, och doriwwer eraus.

Nach ee Wuert vläicht zum Denkmalschutzgesetz, well effektiv, dat hutt Der och alleguer

richteg vermierkt: Et ass net just eng Fro vun der Industriekultur, et ass insgesamt eng Fro, wéi mer mat eise Patrimoine ëmginn.

Mir hunn elo nach ganz intensiv déi lescht sechs Méint un deem Projet geschafft, wou et schon eng Viraarbecht vu mengem Virgänger gouf. A mäi Wësch ass nach ëmmer deen, a mir schaffen dorobber hin, dass ech en nach virum Summer wëll deposéieren. Ech hoffen, dass mer dat hikréien. Mä wann net, dann ass et direkt no der Sommervakanz, well mir si wierklech op der allerleschter Ligne droite.

An d'Iddi vun deem Denkmalschutzgesetz ass, dass mer eben en Inventaire opstellen, wou Gemeng fir Gemeng gekuckt gëtt: Wat sinn déi erhaltenswäert Gebaier, wat muss an all Gemeng erhale bleiwen? Firwat ass dat esou wichteg? Majo éischtens, fir dass mer Rechtssécherheet kréie fir déi eenzel Bierger, mä och, dass mer eng Kultur kënnen op d'Be stelle vun deem, wat Denkmalschutz bedeit, dass mer Kritären hunn, dass mer no deemselwechte Prinzip verfuere, Gemeng fir Gemeng.

Dat ass personalintensiv an dat wäert och Zäit huelen. Et ass net esou, dass, wann dat Gesetz bis gestëmmt ass, deen Inventaire wäert do sinn. Deen Inventaire muss eréischt op d'Be gestallt ginn.

Voilà! Ech soen lech jiddefalls Merci fir d'Diskussiounen. Ech soen dem Franz Fayot villmools Merci, dass en déi Debatt hei ugereegt huet. An ech hoffen, dass mer nach méi dacks kënnen iwwert dee Sujet hei schwätzen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Kulturminister Sam Tanson. Dese Punkt ass domat ofgeschloss.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President?

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Jo. Den Här Baum wannechgelift.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech si mat ganz villem d'accord, wat d'Madam Tanson gesot huet, an och iwwer ganz vill Nouvelen erreet. Nawell hätt ech eng Nofro

Wat d'Gebliishal ugeet, hutt Der vun där Etüd vum Ufank vun deem Joer geschwat, déi dat géif erginn. Do meng Réckfro: Ass dat déi Etüd, déi och schon am Joer 2011 zugronn louch? A wa jo a wann neen, wier ech frou, wa mer des Etüd eng Kéier kéinten an der Kulturkommission presentéiert kréien.

Merci.

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture.** - Also, ech mengen, déi Diskussioun do, déi hate mer hei scho méi wéi eng Kéier. Éischtens gëtt et net eng Etüd. 2011, dat hutt Der ganz richtig gesot, ass eng Bestandsopnam gemaach ginn. Säitdem stoung dat Gebai nach eng Kéier aacht Joer laang eidel. An doropshin hat ebe mäi Virgänger gefrot, dass d'Gebai nach eng Kéier sollt gekuckt ginn. An de Fonds Belval huet dat gemaach, huet mat eenzelne Leit geschwat an huet d'Gebai nach eng Kéier am Detail gekuckt.

An dunn hate mir eng grouss Reunion mam Fonds Belval, mat den Travaux publics, mat de Responsabele vun Esch 2022, wou mer evaluéiert hunn: Wat sinn d'Risiken? Wat kréie mer hin, ganz einfach?

An d'Resultat vun där Diskussioun - déi baséiert op hirer Bestandsopnam - ass, dass et eemol ze riskant ass, op de Wee ze goen, souguer fir e Provisorium, ze mengen, dass mer bis 2022 - well dat ass jo net den 1. Januar 2022, dat ass och e puer Méint virdrun, do brauch een eng Virlafzäit -, dass mer bis dohinner fäerdeg gewiescht wäeren.

Dat ass muer. Well do hätt een och, deemno wéi, missen e Gesetz maachen. Et muss een Ausschreiwunge maachen an esou weider an esou fort.

An ech hunn net déi Etüd an Opdrag ginn. Dat ass de Fonds Belval. Dat heescht, ech kann och net decidéieren, ob mer déi Etüd elo virweisen oder net. Da muss mer dat klären. Ech ka gären nach eng Kéier mam zoustännege Minister doriwwer schwätzen.

Voilà! Ech weess net, ob ech lech elo geäntwert hat. Et hunn elo e puer Leit mer gesot, ech soll awer elo wannechgelift nach eng Kéier dat soen, wat ech de Moie gesot hunn. Ech hunn dat net nëmmen de Moie gesot, ech hunn dat schon x-mol gesot. Ech hunn dat och schon hei op der Tribün gesot: Ech perséinlech sinn absolutt der Meenung, dass mer déi Hal mussen erhalen!

Ah jo, op déi Fro hat ech vergiess ze äntweren, Här Fayot: Mir sinn amgaangen ze kucken, wéi mer d'Hal kënnen sënnavoll notzen. Well natierlech ass et wichteg, dass déi Hal net einfach als Hal bestoe bleift. Et ass eng riseg Hal. Si muss esou genotzt ginn, dass se sech an de Quartier

afüügt an dass et Sënn ergëtt, wat een domadder mécht. Et ass eben dat, wou mir elo als Kulturministère amgaange sinn ze kucken. An déi Decisioun huelen ech natierlech net eleng herno, wat dann domat geschitt. Ech mengen, do si mer allegueren heibanne gefrot.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Ministesch. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Dann ass dese Punkt domadder ofgeschloss.

6. Question élargie n° 13 de M. André Bauler au sujet des besoins en personnel des Archives nationales ainsi que de l'état d'avancement concernant la planification et construction d'un nouveau bâtiment

Mir kommen elo zur erweiterter Fro Nummer 13 vum honorabelen Här André Bauler iwwert d'Besoinen u Personal vum Nationalarchiv an de Stand vum Bau vum neie Gebai. Den Auteur vun der Fro huet 5 Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn 10 Minutten zou. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Zejoert huet Lëtzebuerg säin éischt Archivgesetz kritt. Dat war e Paradigmewissel an der Manéier, wéi mer hei am Land archiviere sollen, jo mussen.

Virum deem Gesetz hate mer weider keng Regeln op deem Gebitt. Kuerz a gutt: Mir hate keng Archivkultur wéi an anere Länner. Virum Gesetz vun 2018 waren d'Nationalarchiven ëmmer vum gudden Wëlle vun den effentlechen Institutiounen ofhängeg. Dat huet sech du geännert. Et ass nämlech eng Verpflichtung agefouert ginn, dass déi Dokumenter, déi als Archives publiques definéiert an déi als historesch wäertvoll agestuft sinn, mussen un d'Nationalarchiv goen, wann d'Dokumenter keen administrativen Notze méi hunn.

Déi onerlaabt Zerstückelung vun esou Archive steet ënner Strof. Et ass awer kloer, dass mer mat deser Reform méi Personal, besonnesch méi spezialiséiert Personal fir eis Nationalarchive brauchen. Esou Leit feelen eis. Mir brauche se awer, well eng ganz Rei Dokumenter net opgeschafft sinn.

Et ass och net gewosst, wat iwwerhaupt verschiddenen Dossierer oder Kartongkëschte gelagert ass. Ronn d'Halschent vun de Piépen oder zäitgemässe Fonge sinn nach net esou inventoriéiert ginn, dass een drop schaffe kann.

Den Drock op d'Personal vun de Statsarchiven ass deemno grouss, zomol well Historiker vun Unien oder aus dem Institut für Zeitgeschichte gären Accès zu bestëmmt Dokumenter hätten, déi awer nach net accessibel sinn, well se eben nach net konnten opgemaach a verschafft ginn.

D'Institut fir Zäitgeschichte huet den Ament iwwer 100 Leit an et sollen der nach eemol ronn 50 derbäikommen. Dat wiisst natierlech an do wiisst den Drock op d'Archiven, déi net mat der Viraarbecht nokommen. Des Rechercheure schaffe virum allem op den zäitgenësseschen Dokumenter. Well des Fongen zu engem groussen Deel net opgeschafft sinn, ass et schwéier, den Accès dozou ze geréieren.

D'Archive kréien zwar vu spezialiséierten Entreprisë gehollef, fir d'Tableaux de tri, déi duerch d'Gesetz virgesi sinn, auszuschaffen, mä dat geet net duer. Doriwwer eraus mussen d'Archivisten aus dem Nationalarchiv Formatiounen am INAP ginn, fir Beamten dat neit Gesetz ze erklären. Schliesslech mussen d'Beamten, déi fir d'Archiven an de Verwaltungen an an de Ministère zoustänneg sinn, uerdentlech forméiert a weidergewise ginn, fir dass si konform zum Gesetz schaffe kënnen.

Hei gi Beamten an Hëllefarchiviste weider forméiert, fir déi nei Prozeduren unzuzewenden, zum Beispill fir d'Tableaux de tri opstellen. D'Tableaux de tri, fir et nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen, dat sinn Tabellen, an deene genee steet, wéi laang en Dokument muss konservéiert ginn a wat duerno domadder geschitt.

Nieft méi Personal brauchen d'Archiven onbedéngt en zäitgeméisst Gebai. Déi aktuell Raimlechkeeten am fréiere Militärspidol vun der Festung plazen aus allen Néit. D'Dokumenter mussen op Plaze stockéiert ginn, wou se net sécher sinn. Alles an allem keng ideal Konditiounen, fir d'Memoire vun eise Land uerdentlech ze verschaffen an ze versueren.

Le saviez-VOUS ?

ADMINISTRATION PARLEMENTAIRE

L'administration de la Chambre des Députés se compose du Secrétaire général, des Secrétaires généraux adjoints ainsi que des fonctionnaires et employés de la Chambre. Le Secrétaire général, qui est le chef de l'administration parlementaire, est élu par la Chambre alors que les deux Secrétaires généraux adjoints qui l'assistent dans l'accomplissement de ses missions sont nommés par le Bureau. L'administration parlementaire comprend actuellement quelque 100 agents.

BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.

CONFÉRENCE DES PRÉSIDENTS

La commission dénommée « Conférence des Présidents » décide des questions relatives à l'organisation des travaux parlementaires, propose l'ordre du jour de la Chambre et donne son avis au sujet des projets de règlement grand-ducal pour lesquels son avis est requis en vertu d'une disposition légale

Dat gesot, wollt ech der Madamm Minister an dësem Kontext folgend Froe stellen:

Éischtens, wou sinn d'Planunge vum neien Nationalarchiv drun?

Zweetens, wéi sinn d'Formatiounen ronderëm dat neit Archivgesetz opgebaut? Wat fir Prioritéite ginn do gesat?

Drëttens, wéi vill Leit schaffen am Moment am Nationalarchiv? Wéi vill Archiviste feelen dem Nationalarchiv?

Huet d'Madamm Minister ... Véiertens - kann een da soen -, huet d'Madamm Minister Informatiounen iwwert d'Zuel vun de Studenten, déi den Ament am Archivage ... an der Kongscht vum Archivage, kann ee bal soen, am Handwierk vum Archivage ausgebild ginn?

A fënneftens, sicht d'Nationalarchiv kuerzfristeg och nach aner Berufsprofilen, fir senger Aarbecht gerecht ze ginn, fir senger Missiounen kënnen nozokommen?

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Här Bauler. D'Regierung huet d'Wuert. Nach eng Kéier d'Madamm Kulturminister Sam Tanson.

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture.- Jo, och do soen ech dem Här Bauler Merci fir d'Fro. Ech fannen et ganz wichteg, dass d'Thema vun den Archiven thematiséiert gëtt. Well heiansdo hu mir dat vläicht am Kapp wéi esou e Gebai, wou einfach Saache stockéiert ginn, Dokumenter stockéiert ginn, déi kee méi weider kucke geet oder déi just heiansdo ee kucke geet. Or, wa mer esou e Wäert op d'Geschicht leeën an e Wäert och op d'Studie vun der Geschicht op eiser Uni, da wësse mer ëm den essenzielle Rôle vun eisen Archiven.

A wann d'Archiven net kënnen uerdentlech fonctionnéieren, dann hänkt d'Uni och direkt hannendrun an da kann d'Uni och deenen Aufgaben net gerecht ginn, deene mir gär hätten, dass se gerecht gëtt. Duerfir ass dat Ganzt e wichtige Krees, dee mer onbedéngt musse stäerker a wou ech och duerfir wierklech frou sinn, dass mer dat haut kënnen thematiséieren.

Et fänkt schon emol u beim Gebai. D'lescht Joer kruten d'Archive jo en neit Gesetz an elo brauche se en neit Gebai. Och dat ass e bëssen eng "never-ending story", wou scho ganz laang driwwer diskutéiert gëtt.

Menge leschten Informatiounen no soll de Projet de loi am Hierscht deposéiert ginn. Dat heescht, do kéinte mer dann och ukommen, fir d'Ausschreiwung ze maachen a fir dann de Projet ze realiséieren.

De Formatiounseffort muss effektiv gemaach ginn, och wéinst deem neien Archivgesetz, wou elo ganz nei Erausforderungen un all déi zoustänneg Verwaltungegeriicht ginn, déi och sollen archivéieren. Do gi Kueren un INAP ugebueden op där enger Säit, déi och ganz gutt besicht sinn. An et gëtt d'Associatioun vun den Archivisten, déi och eng formidabel Aarbecht leescht. Dat ass eng relativ jonk Associatioun, d'BAD. Dat ass d'Associatioun vun Archivisten an Dokumentalisten an déi mécht souwuel extern wéi intern Formatiounen.

Dir hutt gefrot, wivill Leit den Ament an den Archive schaffen. Et si 36 Agenten, déi den Ament do sinn.

Dir hutt gefrot, wivill Archiviste se bräichten. Si brauchen der op alle Fall nach. Ech hu fir dëst Joer e Renforcement gefrot. Ech weess net, ob ech en accordéiert kréien. Dat läit net a menger Hand, mä ech sinn effektiv der Meinung: Wa mer gären hätten, dass d'Archiven hiren Aufgabe gerecht ginn, da musse se am Beräich vun den Archivisten gestärkt ginn.

Ech hunn elo keng genee Zuele vun de Leit, déi amgaange sinn, esou e Studium ze maachen, mä och dowéinst ass et wichteg, dass mer haut doriwwer schwätzen. Et ass e Beruff, deem nach allze oft verkannt ass, wou net gewosst ass, wéi vill Méiglechkeeten een domadder huet a wéi flott et ass, wann een esou eng Formatioun huet, wat een alles kann domadder maachen.

Mir hu verschidde Kulturinstituter, déi och Archivisten ausbilden op eng gewëssen Aart a Weis, wéi zum Beispill den CNL, deem doran eng ganz flott Aarbecht mécht mat Jonken, dee sech do ganz vill draknéit. Ech weess elo konkret vun zwee Leit, déi dat studéieren. Ech hoffe jo, dass et der méi sinn. An en attendant gräifen d'Archiven natierlech och op aner Profiller zrëck, par la force des choses.

Voilà! Merci villmools.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Madamm Ministesch. Den Här Bauler huet keng Zousazfro méi, soudatt och dese Punkt ofgeschloss ass.

7. Validation des élections européennes du 26 mai 2019

No de Wahle fir d'Europaparlament vum 26. Mee 2019 ass et un der Chamber, fir dës Wahle ze validéieren. Den Artikel 282 vum Wahlggesetz hält fest, dass d'Chamber sech eleng iwwert d'Validitéit vun de Wahlvirgängen äussert an dass all Reklamatioun innerhalb vun zéng Deeg beim Secrétaire général vun der Chamber muss eragereecht ginn.

Den Artikel 283 vum Wahlggesetz gesäit Folgendes vir: « Le Parlement européen vérifie les pouvoirs des représentants et statue sur les contestations qui pourraient éventuellement être soulevées sur la base des dispositions de l'Acte portant élection des représentants au Parlement au suffrage universel direct. »

Dësen Artikel gesäit och vir, dass d'Chamber fir d'Contestatiounen iwwer national Bestëmmungen zoustänneg ass an dass de Chamberspräsident dem President vum Europaparlament all d'Dokumenter zur Verfügung stellt, déi zur Iwwerprüfung vun de Pouvoiren vun de Lëtzebuerger Representantë bäidroen.

Déi nei Artikelen 198 bis 200 vum Chambersreglement regelen d'Prozedur vun der Iwwerprüfung vun de Pouvoiren vum Europaparlament. Deemno ass dann och de Moien déi permanent Kommissioun fir d'Iwwerprüfung vun de Pouvoiren zesummekomm. D'Missioun vun dëser Kommissioun huet doranner bestanen, fir d'Resultater vun den Europawahle vum 26. Mee 2019 aus dem eenzege Wahlbezirk ze iwwerprüfen an ze validéieren.

Ech ginn dann elo dem President vun der Kommissioun, dem honorabelen Här Sven Clement, d'Wuert. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de President huet elo grad gutt erkläert, op wat fir enger Basis déi nei Commission de vérification des pouvoirs zesummekomm. Dat ass eng Première an deem Sënn, dass mer eréischt am Mee déi nei Prozedur och fir d'Europawahlen an d'Chambersreglement geschriwwen hunn. Virdu war dat vill manner kloer geregelt. An ech mengen, mir sollten eis allegueren och felicitéieren, dass mer hei e grouse Schrëtt no vir gemaach hunn, fir d'Prozedur méi transparent, méi oppen a virun allem och méi geregelt ze maachen, wéi dann elo en Europadeputéierten zu senger Pouvoire kënn.

Do derniewent kann ech vläicht kuerz uschwätzen, dass d'Kommissioun sech net nëmmen haut de Moie gesinn huet. D'Kommissioun huet sech och schon eng Kéier am Virfeld gesinn, fir verschidde Wahlännerlage selwer ze kucken, soudatt mer d'Chance haten ze gesinn, wéi sech tatsächlech den Etat vun de Wahlziedelen a vun den Enveloppen, an deene se agepaakt sinn, presentéiert.

Dës ganz Aarbecht hält awer haut net mat deem Rapport op, deem d'Djuna Bernard eis herno wäert virstellen. Mir hunn haut de Moien an der Kommissioun och decidéiert, dass mer opgrond vun deene Constaten, déi mer haut gemaach hunn, eis nach eng Kéier wäerten am Hierscht gesinn, fir verschidde Recommandatiounen auszeschaffen, déi mer da géifen zesumme mam Statsministère als responsabele Ministère fir d'Duerchéierung vu Wahlen insgesamt beschwätzen.

Dat Ganzt, wéi ech et gesot hunn, ass eng nei Prozedur. Déi Prozedur gouf et virun net an deementspreechend si mer hei e bëssen amgaangen, Neiland ze betrieden. A mir probéieren do, d'beschtméiglecht Resultat fir d'Zukunft bei Wahlen erauszuschloen.

Eng lescht Umierkung vläicht nach, éier ech Iech Merci soen an dann och dem President d'Wuert zrëckginn, ass d'Saach vun der Kompositioun vun der Kommissioun. Mir haten zwee honorabel Membere vun der Kommissioun, déi selwer bei den Europawahlen en lice waren - dat waren d'Madamm Simone Beissel an den Här Marc Angel -, déi deementspreechend net konnten iwwert dat Resultat hei statuéieren. Si hu sech an de Kommissiounssätzungen uerdnungsgeméiss vertrieed gelooss, soudatt et do och keng Conflit-d'intérêt gouf.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Här Clement. D'Wuert huet elo d'Rapporteur vun der Kommissioun, déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, wannech gelift.

Rapport de la Commission de vérification des pouvoirs

Mme Djuna Bernard (déi gréng), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi permanent Kommissioun fir d'Iwwerprüfung vun de Pouvoiren huet, fir d'Europawahle vum 26. Mee 2019 ze iwwerprüfen, eng nei Prozedur applizéiert, déi agefouert ginn ass duerch d'Ofännerung vum Kapitel 22 vum Chambersreglement, déi d'Chamber den 8. Mee 2019 ugeholl huet, a kouw zu folgende Konklusiounen.

Zu de Piëcen iwwert d'Wahlvirgängen: All d'Piëcë vun de Wahle sinn an der Chamber tëschent dem 27. Mee an dem 5. Juni 2019 erakomm. De Procès-verbal vum eenzege Wahlbezirk ass an der Chamber de 5. Juni 2019 ukomm.

E strikte Protokoll, fir den Empfang a fir d'Konformitéit vun de Piëcen ze kontrolléieren, ass agehale ginn. Eng Serie vun Elementer konnten am Kader vum Oflaf vun de Wahlvirgängen vum 26. Mee 2019 festgestallt ginn.

D'Kommissioun ass zur Schlussfolgerung komm, dass keng Elementer do sinn, déi en Afloss op d'Eierlechkeet vum Wahlresultat hätte kënnen hunn, an anere Wieder, dass se d'Resultat vun de Wahle hätte kënnen a Fro stellen.

Opgrond vun dëser Kontrolle wäerten eng Rei vu Recommandatiounen fir déi nächst Wahle un de Statsministère geriicht ginn.

D'Kommissioun huet folgend fënnf Haaptrecommandatiounen festgehale:

- d'Ofännerung vun der Struktur an d'Veereinfachung vun de Procès-verballe;

- en Opruff bei de Membere vun de Wahlbüroer maachen, fir dass se méi Grëndlechkeet an d'Redaktioun vun de Procès-verballe leeën;

- bei de Membere vun de Wahlbüroer betounen, wat d'Ufuerderunge sinn, wat d'Päck mat de Stëmmziedelen ugeet, a besonnesch d'Noutwendegkeet vum Versigele vun dëse Päck;

- d'Transmissioun vun den Informatiounen iwwert d'Empfänger vun den anere Piëcë vun de Wahlvirgängen verbesseren;

- d'Presidente vun den Haaptwahlbüroer vun de Gemengen a vun deenen eenzelne Wahlbüroer drun erënneren, wat déi legal Ufuerderungen iwwert den Zäitpunkt, wéini d'Procès-verballe an d'Päck mat de Stëmmziedele musse verschéckt ginn, sinn.

Eventuell Reklamatiounen: Et ass keng Reklamatioun an der Chamber agereecht ginn. D'Kommissioun huet decidéiert, dass aus all deem ervirgeet, dass d'Wahlvirgängen geregelt verlaf sinn an dass d'Resultater vun de Wahle kënnen validéiert ginn, besonnesch wat d'Identitéit vun de gewielte Kandidaten ugeet an d'Reiefolleg vum Klassement vun de Suppleanten.

Ech kommen elo zum Resultat vun de Wahle:

Stëmmziedelen an den Urnen:	240.444
Blank Stëmmziedelen:	11.255
Ongültig Stëmmziedelen:	11.012
Blank an ongültig Stëmmziedelen:	22.267
Gültig Stëmmziedelen:	218.177
Unzuel vun de gültige Stëmme vun all de Lëschten:	1.256.624
Nombre électoral:	179.518
Déi verschidde Lëschten hu folgend Stëmme kritt:	
Lëscht 1 (DP):	269.259
Lëscht 2 (Piraten):	96.830
Lëscht 3 (déi Konservativ):	6.661
Lëscht 4 (KPL):	14.334
Lëscht 5 (déi Lénk):	60.812
Lëscht 6 (Volt):	26.528
Lëscht 7 (déi gréng):	237.615
Lëscht 8 (LSAP):	153.396
Lëscht 9 (ADR):	126.084
Lëscht 10 (CSV):	265.105

Op deene verschidde Lëschte si gewielt ginn:

Lëscht 1 (DP - Demokratesch Partei): zwee Gewielter, den Här Charles Goerens an d'Madamm Monica Semedo

Lëscht 2 (Piraten): kee Gewielten

Lëscht 3 (déi Konservativ): kee Gewielten

Lëscht 4 (KPL - d'Kommunisten): kee Gewielten

Lëscht 5 (déi Lénk - European Left): kee Gewielten

Lëscht 6 (Volt Luxembourg, Lëtzebuerg): kee Gewielten

Lëscht 7 (déi gréng): ee Gewielten, d'Madamm Tilly Metz

Lëscht 8 (LSAP): ee Gewielten, den Här Nicolas Schmit

Lëscht 9 (ADR - Alternativ Demokratesch Reformpartei - ACRE, Alliance of Conservatives and Reformists in Europe): kee Gewielten

Lëscht 10 (CSV - Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei): zwee Gewielter, den Här Christophe Hansen an d'Madamm Isabel Wiseler-Santos Lima

D'Reiefolleg vun de Suppleanten vum eenzege Wahlbezirk:

Wat d'Suppleanten ugeet, huet d'Kommissioun d'Reiefolleg vun de Suppleanten op deene verschidde Lëschte festgehale.

Lëscht 1 (DP - Demokratesch Partei): d'Madamm Simone Beissel, d'Madamm Anne Daems, den Här Gusty Graas, den Här Loris Meyer

Lëscht 7 (déi gréng): den Här Meris Sehic, d'Madamm Tanja Duprez, d'Madamm Jessie Thill, den Här Christian Kmietek, den Här Martin Kox

Lëscht 8 (LSAP): den Här Marc Angel, d'Madamm Lisa Kersch, d'Madamm Simone Asselborn-Bintz, d'Madamm Joanne Goebels, den Här Elisha Winkel

Lëscht 10 (CSV - Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei): d'Madamm Martine Kemp, den Här Romain Osweiler, den Här Stefano D'Agostino, d'Madamm Liane Felten épouse Kraus

Ech kommen elo zu de Piëcë vun de gewielte Kandidaten. Déi gewielte Kandidaten hunn an der Chamber tëschent dem 28. Mee an dem 14. Juni 2019 folgend Piëcen ofginn: eng Kopie vun hirer Carte d'identité oder vun hirem Pass; e Certificat de résidence; eng Deklaratioun op d'Eier, wat d'Netbestoe vun Inkompatibilitäten duerch Verwandtschaft oder Bestiednis ugeet; e Formulaire, mat deem si sech engagéieren, d'Inkompatibilitäten, wat d'Fonctionen ugeet, zurzäit ze behiewen; souwéi eng Attestatioun, dass si net och simultan an engem aneren EU-Memberstat fir d'Europawahle kandidéieren.

De Parquet huet de 7. Juni 2019 der Chamber e Bilan mat de Konklusiounen zougestallt iwwert d'Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ugeet, fir jidder eenzelne Kandidat.

D'Kommissioun huet decidéiert, dass sech aus de genauer Kontrolle vun deene gesamte Piëcë vun de gewielte Kandidaten ergëtt, dass:

1. all gewielte Kandidat d'Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ugeet, erfüllt, esou wéi se am éischten Paragraf vum Artikel 285 an am éischten Alinea vum Artikel 286 vum Wahlggesetz virgesi sinn;

2. dass kee gewielte Kandidat vun enger Inkompatibilitéit duerch Verwandtschaft oder Bestiednis betraff ass, esou wéi et am Artikel 288 vum Wahlggesetz steet;

3. dass kee gewielte Kandidat simultan an engem aneren EU-Memberstat fir d'Europawahle kandidéiert huet, konform zum Verbuet, deem am zwoeleften Alinea vum Artikel 291 vum Wahlggesetz steet, a

4. dass all gewielte Kandidat sech iwwregens och dozou verflucht huet, nodeems seng Pouvoire vun der Chamber validéiert gi sinn, d'Demarchen ze ënnerhuelen, fir dass keng Inkompatibilitäten, wat d'Fonctionen ugeet, méi bestinn, esou wéi dat am Artikel 287 vum Wahlggesetz an am Artikel 7 Paragrafen 1 an 2 vum europäeschen Akt vum 1976 steet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Madamm Bernard. Merci och allen anere Membere aus der Kommissioun.

Vote

Ass d'Chamber mat de Konklusiounen vun der Kommissioun averstanen a validéiert deemno d'Europawahle vum 26. Mee 2019?

Ech géif Iech bieden, en Handzeechen ze maachen, wann een d'accord ass.

Wien enthält sech?


Wien ass dergéint?

D'Europawahle vum 26. Mee 2019 sinn also domat eestëmmeg validéiert. Ech wäert de President vum Europaparlament an deem Sënn informéieren.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass fir de 25. Juni virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 15.35 heures.)



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président - M. Laurent Mosar (interventions de M. Gilles Roth, Mme Diane Aehm et M. Léon Gloden)

4. 7416 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9 du Code du travail

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel
- Discussion générale : M. Aly Kaes - Mme Carole Hartmann - M. Carlo Back - M. Jeff Engelen (dépôt de la motion 1) - M. Marc Baum - M. Sven Clement
- Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion 1 : M. Jeff Engelen - M. Marc Baum - Mme Martine Hansen - M. le Ministre Dan Kersch - M. Jeff Engelen - M. Alex Bodry

5. Ordre du jour (suite)

- M. Charles Margue (interventions de Mme Josée Lorsché, M. Laurent Mosar et M. Gilles Roth) - M. Gilles Roth - M. Laurent Mosar (intervention de M. Charles Margue)

6. 7417 - Projet de loi portant modification de :

1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;
2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale
- Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration : M. Max Hahn
- Discussion générale : M. Georges Mischo - Mme Tess Burton - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Baum - M. Sven Clement (dépôt de la motion 1)
- Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. Ordre du jour (suite)

- M. Fernand Etgen, Président

8. Heure d'actualité du groupe technique (ADR) au sujet de l'enseignement de la langue chinoise dans les lycées luxembourgeois et de l'offre relative à d'autres langues

- Exposé : M. Fernand Kartheiser
- Débat : M. Claude Wiseler - M. Gilles Baum - Mme Tess Burton - Mme Josée Lorsché - M. David Wagner
- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. le Ministre Claude Meisch

9. 7189 - Projet de loi concernant l'Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum
- Discussion générale : M. Paul Galles - M. Georges Engel - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser (dépôt de la motion 1) - M. Sven Clement
- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - M. Paul Galles (parole après ministre)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Vote sur la motion 1 (rejetée)

10. 7417 - Projet de loi portant modification de :

1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;
2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale (suite)
- Motion 1 : M. Eugène Berger - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Goergen (intervention de M. Eugène Berger) - M. Georges Mischo - M. Eugène Berger (intervention de M. Marc Goergen) - M. Marc Baum - M. Eugène Berger
- Vote sur la motion 1 (rejetée)

11. Ordre du jour (suite)

- M. Gilles Roth

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch, M. Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Ech maa-chen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Neen, dat ass net de Fall, Här President.

2. Communications

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Antworten ass um Büro deponéiert. D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 25 juin 2019

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi suivant a été déposé à l'Administration parlementaire :

7446 - Projet de loi

1° portant transposition de la directive (UE) 2018/1910 du Conseil du 4 décembre 2018 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne l'harmonisation et la simplification de certaines règles dans le système de la taxe sur la valeur ajoutée pour la taxation des échanges entre les États membres ;

2° modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Dépôt : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 20.06.2019

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées :

1310 - Demande de pétition publique : Taux de chômage au Luxembourg

Dépôt : José Carlos Lavandeira Rodrigues, le 18.06.2019

1311 - Demande de pétition publique : Création d'une plateforme virtuelle officielle pour mieux gérer le lien entre les personnes physiques et les institutions officielles

Dépôt : Claire Albrecht, le 20.06.2019

1312 - Demande de pétition publique : Pour une nouvelle législation qui oblige les agents de sécurité et les portiers à porter un badge d'identité pendant le travail

Dépôt : Mustapha Rial, le 21.06.2019

1313 - Demande de pétition publique : L'obligation pour toute personne qui veut passer le permis de conduire d'avoir une formation premier secouriste

Dépôt : Sergio Dias, le 21.06.2019

1314 - Demande de pétition publique : Santé et sécurité de la population

Dépôt : Nathalie Choque, le 23.06.2019

3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidente-konferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mam Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Den Här Mosar freet d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci, Här President, an der Chamber matzedeelen, datt mir mat gewësse Praktiken, déi sech amgaange sinn an der Commission juridique ze etabléieren, absolut net méi kënnen averstane sinn.

Ech si virun e puer Deeg ugeruff ginn am Kontext vum Waffegesetz, wou Der wësst, Här President, datt am Moment sech ganz vill Leit Suerge maachen iwwert dat, wat an deem Waffegesetz do passéiert. An dunn hat ech en Här um Telefon vun enger Associatioun, déi sech ëm dat Waffegesetz do këmmert. An dunn huet dee mer gesot, e wär e bësselchen erstaunt, e wär an enger Reunioun vun der Commission juridique vun der Chamber gewiescht an et wär kee vun der CSV do gewiescht.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat kann dach net sinn!

► **Mme Diane Aehm** (CSV).- Dat kann dach net sinn!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat huet de Mann mer gesot.

(Interruption)

Dunn hunn ech natierlech nogehaakt a gefrot, wéi dat da méiglech wär, ob e mer da kéint vläicht eng Kopie vun der Demande de convocation zoukomme loosse. Dunn huet de Mann dat gemaach.

Entre-temps, Här President, sinn ech vun engem Zweeten ugeruff ginn, och en Här vun enger anerer Associatioun, dee mer déiselwecht Geschicht gezielt huet, deen awer bis elo nach net empfaange ginn ass, mä dee sech opgereggt huet, wéi do ganz besonnesch hei vun President vun der Commission juridique procedéiert ginn ass.

Hei hunn ech näämlech de Bréif, Här President. Déi zwee Bréiwer si ganz genau d'selwecht libelléiert: un d'Chambre des Députés, un d'Commission de la Justice. An déi Leit froen, fir eng Entrevue mat der Commission juridique ze kréien. An oh, Dir Dammen an Dir Hären, wou sinn déi Leit empfaange ginn? An der Rue du Saint-Esprit an der grénger Fraktioun!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat ass dach skandaléis!

(Interruption)

► **Mme Diane Aehm** (CSV).- Dat ass e Skandal!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Si hunn emol net driwwer geschwat!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech muss lech soen, ech si 25 Joer Member vun deem heiten Haus. Dat do hunn ech nach net matgemaach. Ech géif lech bieden, Här President, datt Der dem President vun der Commission juridique géift soen, ...

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Deen net do ass. Deen net do ass!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... datt, wann e Bréif un d'Chamber an un d'Commission juridique adresséiert gëtt, hien der Commission juridique dee Bréif virzeleeën huet an ze kucken, wat d'Positioun vun der Commission juridique ass, ob eng Entrevue mat där Associatioun soll stattfannen oder net. A wann d'Commission juridique decidéiert, dat net ze maachen, datt dann déi Associatioun geschriwwen kritt, si soll

wannechgelift bei all Fraktiounen eng Entrevue ufroen an net nëmme just bei där grénger Fraktioun.

Déi gréng Kolleegen hunn d'Transparenz grouss um Fändel.

(Brouhaha)

Abee, ech muss lech soen, dat hei huet näischt méi mat Transparenz ze dinn. An ech wëll och direkt ganz kloer soen am Numm vun eiser Fraktioun: Dat ass déi leschte Kéier, datt mir esou eppes akzeptéieren, Här President. Wann dat nach eng Kéier virkënn, da froe mir, datt de President vun der Commission juridique ausgewieselt gëtt.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Merci villmools, Här Mosar. Ech ginn lech Akt vun Ärer Deklaratioun. Dir dierft awer och d'Kopie vun deenen zwee Bréiwer un d'Chamber deponéieren, datt mer déi dann och hunn.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Déi misst Der schonn hunn. Déi sollen näämlech an der grénger Fraktioun ukomm sinn.

(Hilarité)

(Dépôt d'un document par M. Laurent Mosar)

4. 7416 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9 du Code du travail

► **M. Fernand Etgen**, Président.- An da kéinte mer zu dem éischte Punkt vum Ordre du jour kommen, dem Projet de loi 7416, enger Erhéijung vum Mindestloun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Aly Kaes, d'Madamm Carole Hartmann, den Här Carlo Back, den Här Jeff Engelen, den Här Marc Baum an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut ass e gudden Dag fir déi Leit, déi schaffen hei zu Lëtzebuerg. De Projet de loi 7416 setzt een Deel vun der Decisioun aus

dem Regierungsaccord em, fir retroaktiv op den 1. Januar 2019 de Mindestloun netto em 100 Euro ze héijen.

De Mindestloun geet mat dëser leschter Decisioun em 0,9 % an d'Luucht. Et ass déi drëtt Etapp vun der Erhéijung vum Mindestloun. Domadder ass dese wichtege Projet a manner wéi zéng Méint no de leschte Wahlen an d'Praxis emgesat ginn. Dës zweet Erhéijung kéint nämlech zousätzlech bei d'Erhéijung vun 1,1 % derbäi, fir déi d'Chamber schon am Dezember vum leschte Joer gréng Luucht ginn hat. Zesumme mam Crédit d'impôt salaire social minimum, dee mam Budgetgesetz fir 2019 gestëmmt gouf a sech op 70 Euro beleeft, hunn elo all déi Leit, déi de soziale Mindestloun kréien, mindestens 100 Euro netto méi am Portmonni.

Fir dass déi Salariéen, déi liicht méi wéi de qualifizéierte Mindestloun verdéngen, awer net ganz vun dëser Erhéijung ausgeschloss ginn, gétt den ugeschwatene Steierkredit linear erfogsat vu 70 op 0 Euro fir d'Bruttolain, déi pro Mount tëschent 2.500 an 3.000 Euro leien. D'Käschte vun dëser Erhéijung, déi ginn opgedeelt: ronn zwee Drëttel fir de Stat an een Drëttel fir d'Betribler.

Erlaabt mer, e kleng Réckbléck op d'Evolution vum Mindestloun an d'Geschicht vum Mindestloun ze maachen. Déi éischt Kollektivaccorde ginn et säit 1893. Eréischt 1910 goufe se awer generaliséiert an 1936 mat der Schaffung vum Conseil national du travail si se an eis Legislatioun ageschriwwen ginn. Iwwregens deemools wéi och haut goufen a ginn et och nach vill Leit, déi schaffen, déi net an engem Kollektivvertrag sinn. A fir si bleift d'Lounopbesserung eng individuell Negociatioun.

En éischte Projet de loi, deen de soziale Mindestloun sollt aféieren, gouf 1916 deposéiert an dunn 1926 vun der Chambre de Travail iwwerholl, leider awer ouni Succès. De Statsrot huet deemools gefaart, dass et duerch d'aféierung vun engem Mindestloun zu enger Hausse vum Chômage géif kommen, well d'Patrone retizent wieren, fir Leit mam Mindestloun anzustellen.

1935 huet d'Chambre de Travail du fonnt, dass e Mindestloun net noutwendeg wier an dass d'Kollektivverhandlungen dee bessere Wee wieren, fir ze verhandelen. Nom Zweete Weltkrich louchen d'Léin ënnert dem Existenzminimum, fir ze liewen. Et goufe grouss Spannungen an der Gesellschaft an eng Rei Streike sinn ausgebrach. An dunn 1944 ass dee legale Mindestloun agefouert ginn.

Am Arrêté stoung Folgendes: « (...) dans un intérêt d'ordre économique et de paix sociale, dans l'attente de la fixation des salaires par voie de contrat collectif ou autrement, de fixer les salaires considérés comme indispensables pour permettre aux travailleurs de se procurer les articles de première nécessité et le logement nécessaire au maintien d'un niveau de vie suffisant. »

Eng Interventioun vun der Regierung war deemno noutwendeg, fir erëm normal Liewenskonditiounen hierzestellen. Den Artikel 4 vum Arrêté vun 1944 huet präziséiert, dass - a lauschtert elo gutt no! - an deselwechten Aarbechtskonditiounen a mam selwechte Rendement de Salaire vun den Aarbechterinne fixéiert gétt op 80 % bis 90 % vun deem, wat d'Männer kréien. Initial war proposéiert ginn, eng Forschett vu 70 % bis 90 % ze fixéieren. Mä finalement huet sech d'Propositioun 80 % bis 90 % duerchgesat, basierend op der Iddi « même rendement, même rémunération ». Dat war d'Iddi. Déi ass dunn awer net esou emgesat ginn. Den Taux ass dunn uniform 1951 op 90 % gesat ginn. Den Arrêté vun 1963 huet d'Differenz vum Salaire tëschent Mann a Fra dunn opgehewen, glécklecherweis.

Säit 1957 ass de Mindestloun un den Index ugepasst. All zwee Joer leet d'Regierung der Chamber e Rapport iwwert d'Evolution vun der ekonomescher Entwécklung an de Léin vir mat, wa se dat da wellen, enger Upassung vum Mindestloun. Säit 1977 géllt de Mindestloun fir all schaffend Leit. Am Ufank waren nämlech d'Hausaarbecht an d'Agrikultur net vum Mindestloun betraff a waren deemno ausgeschloss.

1965 gouf eng Differenz tëschent dem allgemengen an dem qualifizéierte Mindestloun agefouert, wat eng Majoratioun vun 20 % fir déi qualifizéiert Salarié mat sech bruecht huet. Eng Mesure, déi och haut nach a Kraaft ass.

De soziale Mindestloun muss regelméisseg an der Relatioun mat anere Revenue gesi ginn, wéi zum Beispill mam REVIS oder mam Revenu

pour personnes gravement handicapées. An esou ass et deemno ganz staark ze begrëssen, dass et haut och nach zu enger Erhéijung vun dësen zwee Revenu-de-substitutionen, wéi se genannt ginn, kéint.

Här President, eng Gesellschaft, déi dësen Numm verdéngt, ass eng Gesellschaft, déi zesummebréngt, déi Leit abénnt, an net eng, déi d'Mënschen auserneendredt. Dozou gehéiert natierlech eng héchstméiglech Liewensqualitéit fir jiddwieren. An déi Liewensqualitéit setzt sech aus ganz verschiddene Facteuren zesummen. Zu dësen gehéieren eng gesond Ëmwelt, e sécher Ëmfeld, eng gutt Educatioun oder och nach eng gutt Gesondheitsversuergung.

An ee weidere wichtege Facteur ass - ob een dat elo wëllt héieren oder net - dee finanziellen. Et ass méi wéi bedenklech, wann, wéi statistesch Zuelen dat beleeeën, den Ënnerschied tëschent Aarm a Räich ëmmer méi grouss gétt. Komplett inakzeptabel ass et awer aus dem mënschlechen, awer och aus dem gesellschaftleche Bléckwénkel, dass d'Aarmut zouhëlt, jo, dass et souguer Leit gétt, déi eng Aarbecht hunn an trotzdem net iwwert d'Ronne kommen.

Wann an engem räiche Land wéi Lëtzebuerg de soziale Mindestloun ënnert der Aarmutsgrenz läit, da leeft awer iergendeppes schif. An ee vun den Hiewelen, fir hei anzewierken, ass eben eng Erhéijung vum Mindestloun. D'Erhéije vum Mindestloun gétt jo ënnerstëtzt duerch eng Etüd vum Statec, déi beseet, dass, wann ee 40 Stonnen hei zu Lëtzebuerg schafft, een 1.922 Euro brauch, fir ze liewen. Dat ass méi, wéi den aktuelle Mindestloun hiergétt, wann een also d'Cotisationsen ewechrechent.

Duerfir, dës Erhéijung, déi haut gemaach gétt, ass absolut net vu Muttwëll. Wichtig ass nach eemol ze ënnersträichen, dass déi Erhéijung vun 100 Euro dann och retroaktiv, réckwierkend op den 1. Januar vun dësem Joer géllt.

Elo zu de Montanten: Fir ee Salarié ouni Qualifikatioun leie mer beim soziale Mindestloun elo bei 2.071,10 Euro, fir déi mat Qualifikatioun bei 2.485,32 Euro. Als qualifizéiert Salarié géllt eng Persoun, déi op d'mannst e CATP oder en DAP huet, deen, deen e CCM oder e CCP mat zwee Joer Experience huet oder e CIP mat fénnef Joer Experience. Dee Salaire misst och bezuelt ginn, wann een zéng Joer Erfahrung huet am Beruff, deen een ausüübt, och wann een net déi néideg Zertificatiounen huet.

Vun 28 Länner an Europa sinn et der 22, déi de Mindestloun hunn. Déi variéiere ganz staark, vun 286 Euro a Bulgarien bis 2.021 Euro zu Lëtzebuerg. Et kann een u sech dräi grouss Gruppen ënnerscheeden oder feststellen:

- manner wéi 500 Euro a Bulgarien, Rumänien an an Ungarn;

- tëschent 500 an 1.000 Euro a Kroatien, Litauen, Polen, Tschechien, Portugal, Griichenland, Slowenien, Slowakei, an

- iwwer 1.000 Euro a Spuenien, a Groussbritannien, Malta, Frankräich, Irland, Holland, Belsch, Däitschland an och hei zu Lëtzebuerg.

A sechs Länner hunn e Mindestloun, deen a verschiddene Branchë géllt. Dat sinn Eisträich, Zypern, Dänemark, Finnland, Italien an och Schweden.

Beim Mindestloun geet et natierlech och drëms, fir d'Kafkraaft ze erhalen, wat gutt fir eis wirtschaftlech Situatioun ass, an et geet drëms, d'Aarmut ze bekämpfen.

Déi, déi vum soziale Mindestloun muss liewen an déi net vun anere Virdeeler aus Kollektivvertrag kënne profitéieren, hänke fir eng Opbesserung vun hirem Salaire vun eiser Decisioun hei of, de Mindestloun ze erhéijen. Eis Decisioun huet deemno och eppes mat Dignitéit vis-à-vis vun de Fraen a Männer ze dinn, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, a wéi eng Wichtigkeet mer der Aarbecht an eiser Gesellschaft ginn.

De soziale Mindestloun ass ee vun den Hauptelementer an der Lutte géint d'Aarmut a géint déi sozial Ausgrenzung. Déi positiv Effekter vun enger substanzierter Erhéijung - an dës Erhéijung vun 100 Euro, déi ass substanzier - gekoppelt mat enger linearer Erfetzung vum Steierkredit vu 70 op 0 Euro fir d'Bruttolain vun 2.500 bis 3.000 Euro hëllefen also net nëmmen deenen, déi de Mindestloun reellement kréien, mä och deenen, déi liicht driwwer leien. An dat sinn hei zu Lëtzebuerg ronn 61.700 Leit, dovunner wunnen eng ronn 57 % hei zu Lëtzebuerg. An déi Leit, déi hunn et och weiderhin, och elo mat deenen 100 Euro weider, net einfach bei eisen Immobiliepräisser, bei eise Loyerer, fir en dezent Liewen ze féieren.

Dës Erhéijung vum Mindestloun ass ee ganz konkret Beispill vun effikasser Sozialpolitik, e wichtege Schratt am Kampf géint d'Aarmut, mä mir mussen weider u weidere Schrëtt virschaffen.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun: De Projet de loi gouf den 1. März deposéiert. Et

goufen eng Rei vun Avisen vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre de Commerce, vun der Chambre des Métiers, vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics a vum Conseil d'État. Mä Rapport gouf de 6. Juni adoptéiert.

D'Chambre des Salariés huet hiren Accord markéiert, huet awer och gesot, dass et nach net duergeet, fir der sozialekonomescher Evolution am Lëtzebuerg Land gerecht ze ginn. De Conseil d'État hat eng Opposition formelle zum Artikel 3, déi dann och konnt duerch en Avis complémentaire vum 21. Mee erausgeholl ginn, well den Artikel gestrach gouf.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, déi hunn en Avis zesumme gemaach an hu constatéiert, dass de Projet de loi ouni Consultatioun mat de Patronen ausgefouert gouf. Si hunn hiren Desaccord markéiert, vu d'ekonomesch Situatioun hei am Land. Besser wier et hinnen no, eng substanzier Erhéijung vun de soziale Wunnengen an de Wunnengshëllefen ze maachen.

Här President, d'Kommissioun huet mä Rapport à l'unanimité ugeholl. Dat ass e gutt Zeechen. An ech soen och Merci derfir a ginn heimadder den Accord vun der LSAP. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a fir dës gudden a wichtege Projet.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engel. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mer fir d'Éischt erlaben, dem honorabelen Här Georges Engel villmools Merci ze soe fir säi schriftlechen a mëndleche Rapport. Ech géif dann och direkt soen, an en huet et jo schon ugedeit, dat mer natierlech dat Gesetz, dee Projet de loi, et ass jo nach kee Gesetz, hei wäerte matstëmmen, esou wéi mer iwwregens bis elo nach all Erhéijung vum Mindestloun matgedroen hunn, ob et déi all zwee Joer unhand vun engem Rapport iwwert déi ekonomesch Entwécklung ass, deen dann dozou féiert, dat mer eng Adaptatioun vum Mindestloun maachen, oder ob et eng strukturell Erhéijung ass, wéi mer se elo dës Kéier maache mat 0,9 %, esou wéi de Rapporteur et scho gesot huet.

Ech wëll och ganz kloer nach eng Kéier hei soen, wa mer déi drëtt Mesure, déi jo an deem Package ass, net matgestëmmt hunn, well mer de Budget net gestëmmt hunn, dann ass et dach awer e bësse bëlle, eis ze ënnerstellen, wa mer net géifen de Budget stëmmen, dann hätte mer automatesch och déi Mesure net matgedroen.

All Mënsch weess, wann een e Budget net stëmmt, da gétt et Punkten dran, déi awer mat Sécherheet géifen direkt mat ënnerstëtzt ginn. An esou ass et och fir de Crédit d'impôt fir de soziale Mindestloun. Dat hätte mir ganz sécher, wann dat individuell gestëmmt gi wier, ënnerstëtzt. Ech wollt dat just hei soen.

Da wëll ech ganz kloer soen, datt et eis ganz wichtig ass, datt mer deene Leit, déi fir de Mindestloun schaffen, regelméisseg Adaptatiounen ginn, fir datt se eenegermoossen an hirem dach deieren Ëmfeld, fir et emol esou ze soen, kënne mathalen. Erlaabt mer trotzdem awer ze soen, datt mer als CSV déi eng oder déi aner Kritik hunn. Déi eng oder aner Kritik.

Emol fir d'Éischt muss een dach awer soen, jo, ganz am Ufank war kloer gesot: Et gétt eng regelméisseg Upassung an da gétt et dodrop nach 100 Euro netto. Dunn op eemol hu mer gesot oder ass gesot ginn: Den 1.1.2019 gétt et direkt déi 100 Euro netto.

Dir kënnt lech erënneren, datt, wéi mer iwwert déi 1,1 % geschwat hunn, ech dunn hei op deem Pult sot, datt et, jo, net fir den 1.1.2019 wäert Realitéit ginn, mä iergendeng Kéier méi spéit. A mir hunn elo schon en halleft Joer em an nach huet net jiddwieren all déi Augmentatiounen, déi awer sollten ab dem 1.1.2019 direkt Realitéit ginn. Mir stëmmen natierlech elo eng Retroaktivitéit, keng Diskussioun.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Awer dat féiert dozou, datt eng ganz Rei Patronen, an ech denken och virun allem u ganz kleng Patronen, Privatstéit, déi Leit agestallt hunn, déi deen een oder aneren agestallt hunn, u sech e Recalcul musse maachen, déi déi Adaptatioun schon hätte missen iwwert de Crédit d'impôt vun deem Moment un, wou dat Gesetz a Kraaft getrueden ass, mat ëmsetzen. Dat ass awer, an dat wësse mer ganz kloer, bei villen net geschitt.

Dann ass et och net kloer, wann een aner Sozialleeschunge kritt, ob een déi Sozialleeschunge dann nach behält oder deels behält. Dat ass nach ëmmer net ganz sécher an et ass nach ëmmer net am Detail gekuckt, wéi dat sech an der Realitéit presentéiert.

Dir gesitt also, et sinn dach awer eng ganz Rei Saachen, déi net wierklech seriö gekuckt gi sinn. Mä trotzdem, och wann do eng ganz Rei Inconnue sinn, wëll ech lech awer nach eng Kéier zum Schluss soen, datt d'CSV dat hei, dee Projet de loi wäert stëmmen. An ech ginn och domadder ganz offiziell den Accord dozou.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kaes. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann agedroen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Carole Hartmann (DP).**- Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëll dës Ried mat engem Zitat vun eiser Kolleg, dem Lex Krieps, ufänken.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Hien huet Gebuertsdag haut!

► **Mme Carole Hartmann (DP).**- En plus.

(Interruptions diverses)

„D'gesetzlech Erhéijunge vum Mindestloun sinn den Equivalent vu Gehaltserhéijunge vu Salariéen, déi net ënner ee Kollektivvertrag falen.“

D'Koalitionsparteien hu sech am Regierungsprogramm drop gëeent, dass de Mindestloun 2019 em 100 Euro netto an d'Luucht geet. En éischten Deel vun dësem 100 Euro goufe schon am Dezember 2018 iwwert déi regelméisseg Upassung vum Mindestloun un déi allgemeng Lounentwécklung gestëmmt. En zweeten Deel hu mir iwwert d'Budgetgesetz vun 2019 realiséiert, andeems e spezielle Crédit d'impôt agefouert gouf. Haut schwätze mer iwwert den drëtt a leschten Deel, eng exzeptionell Erhéijung niest de Bienallen em 0,9 %.

Et ass net onwesentlech ze betounen, dass déi Gesamterhéijung vum Mindestloun zu zwee Drëttel vum Stat a just zu engem Drëttel vun de Betribler gedroe gétt. Dat war eis als Demokratesch Partei besonnesch wichtig, fir d'Kompetitivitéit vun eiser Economie net onnéideg ze belauschten. Jo, mir stinn zu engem héije Mindestloun zu Lëtzebuerg.

Mä d'DP ass a bleift awer och der Meenung, dass eis Betribler sech dësen héije Mindestloun musse leeschte kënnen. Dee Moment, wou dat net méi de Fall ass, ginn d'Aarbechtsplazen ofgebaut a mir hunn deene Leit, deene mer eigentlech hëllef wollten, e Barendéngscht gelescht. Duerfir si mir der Meenung, dass een dës Mindestlounerhéijung net getrennt vun deene Mesuren daerf gesinn, déi mir fir eng verbessert Kompetitivitéit vun eise Betribler emgesat hu respektiv nach wäerten ëmsetzen.

Nodeems den IRC, also d'Betriebsbesteuerung scho mat der Steuerreform 2017 daillech erfogsat gouf, hu mir mam Budget 2019 nach eng Kéier nogeluecht, soudass eis Betribler just nach mat 17 % besteiert ginn. D'Tranche, déi just mam Taux minimum vu 15 % besteiert gétt, ass vu 25.000 op 175.000 Euro eropgaangen. Do dernieft wäerten an Zukunft déi staatelech Hëllef fir Betribler net méi besteiert ginn. Dës sinn alles steierlech Mesuren, déi eise Betribler hëllef, mat hirer Konkurrenz am Ausland matzehalen an esou och an Zukunft gutt Salaren ze bezuelen.

D'DP gesäit awer och niest dem steierlechen Ëmfeld an de Salairé Sputt no uewen, fir eisen Aarbechtsmarché nach méi attraktiv souwuel fir d'Salarié wéi och fir d'Betribler ze maachen. D'Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten ass fir eis eng absolut Prioritéit fir dës Legislaturperiod. Méi flexibel Aarbechtszäiten erlaben et de Mënschen, hire Beruff, hir Famill an hir Fräizäit besser ënner een Hutt ze kréien. An d'Betribler kënne sech dann och besser organiséieren. Dat ass fir eis eng Win-win-Situatioun.

Här President, bei der Erhéijung vum Mindestloun geet et am Endeffekt dorëms, dass jiddwieren, deen zu Lëtzebuerg schafft, sech och d'Liewen zu Lëtzebuerg leeschte kann. Et géllt, mat alle Mëttele ze verhënnen, dass zu Lëtzebuerg de Phenomeen vun de Working Poor optrëtt, also dass d'Leit vun Aarmut bedrot sinn, obwuel si enger regelméisseg Aarbecht noginn. Duerfir si mir houfreg drop, dass d'Regierung an der leschter Legislaturperiod eng Hällewull u Sozial- a Sachleeschunge agefouert huet, déi mat dozou bäidroen, dass virun allem Famillje mat Kanner a Monoparentalle besser iwwert d'Ronne kommen, wéi dat an der Vergaangenheet nach de Fall war.

Eleng d'Steierreform, déi verbessert Subvention loyer an d'gratis Schoulbicher maache bei engem monoparentalle Stot mat zwee Kanner e Plus vu ronn 3.700 Euro am Joer aus. Dat ass eng effikass Sozialpolitik, wéi mir eis se virstellen. D'Sue kommen direkt do un, wou se och gebraucht ginn. Zu deser Sozialpolitik gehéiert och weiderhin en héije Mindestloun. An duerfir wäerte mir dese Projet och matstëmmen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hartmann. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Carlo Back (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng sozial gerecht Gesellschaft ass eng Gesellschaft, déi sech an éischer Linn ëm hir schwächste Membere bekëmmert. Dat ass eng Gesellschaft, déi een opfängt, wann een duerch Imprevuen am Liewe riskéiert, an d'Aarmut ofzerutschen. Et ass awer och eng Gesellschaft, déi jiddwerengem d'Fräiheet an d'Méiglechkeete bitt, sech selwer ze entfalten a seng Ziler am Liewen ze errechen.

Esou eng Gesellschaft muss derfir suergen, datt et sech mat engem Loun zu mëschewierdege Konditione liewen an net nëmmen iwwerliewe léisst. De Mindestloun ass ee vun den Hauptouten, fir dëst Zil ze errechen. Aus dem Grund hat d'Regierung decidéiert, eng strukturell Erhéijung vum Mindestloun virzehuelen, fir esou zesumme mat der Erhéijung, déi mer am Dezember d'lescht Joer hei gestëmmt hunn, op ronn 100 Euro ze kommen.

Mir begrëssen dës strukturell Erhéijung vum Mindestloun, well et ass fir eis e wichtige Schritt an d'Richtung vun enger sozial méi gerechter Welt. D'Erhéijung vum Mindestloun ass allerdéngs net déi eenzeg Äntwert op de Problem vun de Working Poor an der Prekaritéit vu sëlliche Leit an deser Gesellschaft an an deem Land.

Esou vun den Hauptproblemer ass a bleift de Logement, dee bái Wäitem dee gréissten Deel vun den Depensé vun de Stéit ausmécht a virun allem bei deene Leit, déi mat engem Mindestloun liewen. D'Statistike vum Statec weisen, datt den Undeel vum Logement un den Ausgabe vun de Stéit an de leschte Jor-zéngte staark an d'Luucht gaangen ass. 2016 louch en am Duerchschnitt knapp iwwer engem Drëttel vum järeleche Revenu vun engem Stot.

Mir müssen d'Uppassung vum Mindestloun also am Kontext vun den héije Liewenskäschte gesinn. Dozou gehéiert eben haaptsächlech de Logement, mä awer och d'Mobilitéit, déi natierlech méi e grousst Gewicht kritt, wann d'Distanz tëschent Aarbecht a Wunneng méi grouss gëtt.

Hei huet d'Regierung scho richtig a gutt Mesuren annonciéiert, wéi zum Beispill de gratis effentlechen Transport.

Eleng de Mindestloun ze erhéien, léist also net de Problem vun de Working Poor. Trotzdeem ass dës strukturell Erhéijung eng gutt Mesure, déi deene Salariéen zeguttkënnt, déi et am meeschte brauchen. Dofir soen ech dem Rapporteur Georges Engel Merci fir sai gudden méndlechen a schrëftlechen Rapport a ginn den Accord vun der grénger Fraktion fir dese Projet.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Back. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wëll dann, fir unzefänken, dem Rapporteur, dem Här Georges Engel, fir sai schrëftlechen a méndlechen Rapport en häerzleche Merci soen. An ech géif och dann den Accord bréngen vun eiser Fraktion.

Mä erlaabt mer, e bëssen auszuhuelen. Ech mengen, dat meescht ass hei gesot ginn. Duerfir eriwwegt et sech, datt ech dat alles nach eng Kéier widderhuelen. Mä ech wëilt e bëssen auszuhuelen.

Et geet jo ëm de Volet ënner anerem och vun der Bekämpfung vun der Aarmut hei am Land. An dat ass jo ee Symptom vun där Gesetzgebung, déi dat soll droen.

Et muss ee jo wëssen, Dir wësst et all, datt hei zu Lëtzebuerg ronn 18,7 % un der Aarmutsgrenz liewen. An duerfir muss mer kucken, datt mer do déi richtig Mesuren huelen an och ëmsetzen.

Mä et muss ee sech froen, ob mer um richtige Wee si mat all deene Mesuren a Moosnamen, déi mer huelen. Mir haten elo emol verschidde Gespréicher mat Leit, déi am Ausland wunnen, déi ausgewandert - wann ech dat Wuert esou

däerf gebrauchen - sinn. An déi hu mer am Fong geholl confirméiert, datt si hei am Land de Liewensënnerhalt allgemeng net méi gepackt hätten. Esou hätte si mat der Famill decidéiert, an d'Grenzregion wunnen ze goen, schwéieren Häerzens, mä si hunn et misse maachen. An dat ware Leit oder dat si Leit, déi net um soziale Mindestloun, op deem Niveau liewen.

Opground vun deem Message géif ech dann hei eng Motioun deponéieren, fir eng Etüd oder, besser gesot, eng Émfro ze maache bei eise Lëtzebuurger, déi an der Groussregion wunnen, a versichen erauszefannen, firwat datt si - ech wëll dat ënner Guillemete soen - „ausgewandert“ sinn. Dat soll keng Émfro iwwer Telefon sinn, mä dat soll eng Émfro si mat engem perséinleche Gespréich. Ech mengen, do kritt ee vill méi eraus wéi iwwer Telefon. Ech géif mer dann hei erlaben, dem Här President dës Motioun ze iwwerginn.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierten

ass sech bewosst,

- datt scho vill Lëtzebuurger iwwer d'Landesgrenz erausgaange sinn, fir sech eng Wunneng ze kafen an néierzeloossen;

ass besuergt doriwwer,

- datt d'Lëtzebuurger Land ëmmer méi Leit vu senger eegener Bevëlkerung verléiert;

- datt d'Lëtzebuurger Bevëlkerung aus enger Noutsituatioun an d'Grenzgebiddere vun den Nopeschlänner wunne geet;

- datt d'Zuel vun deene betraffene Lëtzebuurger nach weider klamme kéint;

fuerdert d'Regierung op,

- eng Etüd ze maachen, bei där all déi Lëtzebuurger, déi sech am noen Ausland néiergelooss hunn an déi sech och dozou bereet weisen (z. B. aus Grënn vum Dateschutz), perséinlech befrot ginn, wat fir enger Natur d'Grënn vun deser Entscheidung waren.

(s.) Jeff Engelen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Dës Émfro soll derzou dëngen, deemno wat do erauskënn, dat weess jo keen heibannen, ob mer aner Initiativen oder Moosnamen müssen huelen, well d'Aarmutsbekämpfung ass jo kee Symptom vun zwee, dräi oder véier Facteuren, dat sinn der méi, denken ech. An ech mengen, da wier et gutt, wa mer méi breet opgestallt wieren.

An et sinn ze vill Lëtzebuurger, menger Meenung no, onser Meenung no, déi an d'Ausland hu missen auswandere, fir iwwer d'Ronnen ze kommen. An, ech mengen, deem misst een dann och Rechnung droen. Well et muss ee feststellen: Et geet dem Land net esou gutt, wéi dat elo beim Lëtzebuurger Nationalfeierdag verschiddentlech ze héiere war an deenen eenzelen Rieden. Wann ee bedenkt, datt iwwer 18,7 % un der Aarmutsgrenz muss liewen, da muss ee sech do awer Gedanke maachen an ëmdecken.

Ech soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Haut stëmme mer déi éischt strukturell Mindestlounerhéijung zanter Jorzéngten. An et schéngt scho bal eppes Historesches ze sinn, mat deem mer et hei ze dinn hunn. An duerfir huet de Rapporteur, mengen ech, och zu Recht op déi historesch Schlësseldaten higewisen am Besuch op de Mindestloun hei am Land.

Fir de Wäert, och den historesche Wäert vun deem, wat mer awer haut hei stëmme, wierkelech anzuschätzen, mengen ech, mécht et Sënn, datt ee sech emol ukuckt, wat dann eigentlech d'Funktioen vum Mindestloun ass.

Als Éischt, an dat schéngt kloer ze sinn, ass et dee Betrag, ënnert deem legal keng Lounaarbecht zu Lëtzebuerg ka renumeréiert ginn. Et ass also eng Zort Indicateur fir de Mindestwäert vun der Aarbecht.

E betrëfft, zweetens, ganz vill Leit. Ronn 60.000 Salariéen hei am Land bezéien de Mindestloun, wouvun der 82 %, also déi iwwergrouss Majoritéit, Vollzäit schaffen. An enger Stad wéi Esch sinn dat 36 % vun alle Salariéen, déi de Mindestloun verdéngen.

Et sinn allermeeschtens Leit, déi bei engem Patron schaffen, dee kee Kollektivvertrag huet, déi also net an de Genoss vun deene soziale Fortschreiter kommen, déi d'Gewerkschaften gemeinsam erkämpft hunn. An dann, fir och d'Madamm Hartmann an de vu mir ganz héich

geschaten Här Kriepsen ze zitieren: „Et ass eng Zort Kollektivvertrag vun deenen, déi kee Kollektivvertrag hunn.“

An drëtts, an dat ass eng net onwesentlech, vläicht souguer eng ganz wesentlech sozial Fonctioun, well mam Mindestloun zesumme geet näamlech e gesellschaftlecht Versprechen, wat konstitutiv ass fir dat, wat mir sozial Kohäsion nennen. An dat besteet doranner, datt e Mënsch, dee Vollzäit schafft, muss kënnen dezent vu senger Aarbecht liewen. Aarbecht muss virun Aarmut schützen, an dat virun alle sozialen Transferen.

An do läit d'Kromm awer an der Heck hei am Land. An och dëst Gesetz kann dat Versprechen net anhalen, och wann et zumindest an déi richteg Richtung weist.

Zu Lëtzebuerg ass an deene leschten zéng Joer den Aarmutsrisko op eng dramatesch Aart a Weis geklommen, vun 13,5 % op entre-temps iwwer 18,5 %. An deiselwecht Entwécklung gesi mer och bei de Working-Pooren, also deene Leit, déi dem Aarmutsrisko ausgesetzt sinn, obwuel se eng fest Aarbecht hunn. Do ass de Prozentsaz vu ronn 9 % op entre-temps bal 14 % geklommen.

An dat huet ënner anerem domadder ze dinn, datt déi niddreg Léin an deene leschte Joren, an deemselwechten Zäitraum also, wesentlech méi lues geklomme si wéi déi héich Léin. An dat beleeeën alleguer d'Etüden, déi mer dozou virleien hunn. Dat heescht näischt anescht, wéi datt d'Akommisschëier tëscht deenen niddregen an deenen héije Léin ëmmer weider ausenanerklafft. An dat ass och en Deel vun där sozialer Realitéit hei am Land.

De Statec rechent zanter Kuerzem all Joer aus, wat een zu Lëtzebuerg brauch, fir dezent liewen ze kënnen. An dat waren 2018 ronn 2.000 Euro netto; genau 1.996 an net 1.922, well dat sinn nach Zuele vun 2017. Dat heescht, datt den Nettomindestloun zu Lëtzebuerg eng Differenz zu deem opweist, wat een eigentlech bräicht, vu ronn 250 Euro.

An och mat deenen Upassungen, déi d'Regierung dëst Joer gemaach huet, sief et déi traditionell Uppassung vum Mindestloun un d'Lounentwécklung, sief et d'Steierreform, wéi och dës strukturell Erhéijung, bleift den onqualifizéierte Mindestloun nach ëmmer däitlech ënnert deem, wat de Statec virrechent, wat een zu Lëtzebuerg brauch, fir dezent liewen ze kënnen.

Dës Erhéijung vum Mindestloun, déi mer elo stëmme, ëm 0,9 % bedeite ronn 18 respektiv 22 Euro, déi 60.000 Salariéen elo méi kréien. Dat ass a bleift an eisen Aen awer eng Drëps op de gliddege Steen. A fir ganz vill vun deene 60.000, näamlech 60 %, läit dat och nach ëmmer ënnert deem, wat se brauchen, fir dezent ze liewen.

Duerfir menge mir als Lénk, a bleiwen dobäi, datt mer weiderhin eng substanzuell Erhéijung vum Mindestloun brauchen. A mir mengen dat zesumme mat de Gewerkschaften, zesumme mat der Salariatskummer. An zesumme mat de Sozialverbänn fuerdere mer eng Mindestlounerhéijung ëm 10 %, well eréischt da kann dat fundamentaalt gesellschaftlecht Versprechen op eierbart liewen duerch Aarbecht erfëllt ginn! Eréischt da sinn déi Betreffen net méi d'office op staatlech Almosen ugewisen, wéi de Rapporteur kierzlech nach gesot huet! An eréischt da sinn d'Bedéngungen iwwerhaupt erfëllt, datt et de Leit gutt ka goen, wann et dem Land gutt geet!

Ech soen Iech Merci.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Marc Baum. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat mer haut stëmme, ass, wéi den honorabele Kolleeg Baum et elo grad gesot huet, eng Drëps op de gliddege Steen.

Ech widderhuelen net d'Zuelen, déi mer haut schonn eng Kéier héieren hunn, déi och jiddwereen, dee sech mat deem Thema e bësse méi intensiv auserneegeet huet, en amont hätt kënnen noliesen. Et ass e Clivage do tëschent deem, wat de Mindestloun ass, an deem, wat ee brauch, fir adequat ouni Aarmutsrisko zu Lëtzebuerg ze liewen.

Dese Clivage maache mer haut ganz e bësse méi zou. Dat heescht awer net, datt mer eis haut sollte felicitéieren, datt mer d'Aarmut bekämpfen. Mir reduzéieren de Risiko fir Aarmut fir e puer Leit ëm e puer Euro. Dat ass also nach wäit net dee grouse Worf, deen annonciéiert gouf. An et ass och mat deenen zwou anere Mesuren zesumme net e grouse Worf, dee muer Leit virun dem Phenomeen vun de Working Poor beschütze wäert.

Well wien eng Kéier probéiert huet, mam net qualifizéierten, mä souguer mam qualifizéierten Mindestloun eleng ze liewen, merkt, datt dat zu Lëtzebuerg scho ganz schwéier ass. A wann dann och nach Kanner derbäikommen, spéitstens da si mer ënnert der Aarmutsgrenz.

An, ech mengen, dorunner muss mer schaffen. Mir müssen dru schaffen, datt mer eben net Almose vun Stat verdeele mussen, mä datt Aarbecht sech lount, datt d'Produktivitéit zu Lëtzebuerg héich genuch ass, datt d'Patrone sech et leeschte kënnen. Well och dat ass haut schonn ugeklongen: D'Patrone, déi dat heite müssen elo retroaktiv verrechnen, déi wäerten, wa mer dat heite bis gestëmmt hunn, op enger décker Rechnung sëtzen, mat där se zwar rechner konnt, se awer net forcement a geplangt hunn. Dat heescht, och hei muss mer eis drop gefaasst maachen, datt dat net bei jiddwerengem esou positiv eriwwegeet, wéi mer dat haut vläicht mengen.

Netdestotz ass dat heiten eng Drëps op de gliddege Steen. An alles, wat dozou féiert, fir deem Steen e bëssen Ofkillung ze verschafen, sollte mer notzen. An duerfir wäerte mir dat heite matstëmmen.

Villmools Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert: den Aarbechtsminister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. U sech hat ech mer virgestallt, nodeems dass ech engersäits dem Rapporteur fir säin exzellente Rapport an anerersäits de Fraktiounen Merci gesot hätt fir déi Eestëmmegkeet, déi sech awer ofzeechent, fir dese wichtige Projet de loi ze verabschieden, fir kënnen hei virun d'Chamber ze treden an ze soen: „Ech wäert elo déi kierzeste Ried halen, déi ech jee a mengem Liewe gehalen hunn.“ An déi hätt doranner bestanen, dass ech gesot hunn oder hätt: „Mir hunn et versprochen, vill Leit hunn net dru gegleefst a mir hunn et gemaach.“ An dann hätt ech mech gesat a mir hätten dese Projet de loi kënnen ofstëmme.

Ech mengen awer, dass de Respekt vis-à-vis vun der Chamber mer octroyéiert, awer op verschidde Remarque vun den Deputéierten anzegoen. Ech huelen engersäits mat Satisfaktioun zur Kenntnis, dass d'CSV zougëtt, dass se zwar géint de Crédit d'impôt gestëmmt huet, mä awer hannert dem Prinzip vum Crédit d'impôt fir Mindestlounbezéier steet.

Ech mengen awer och, dass et falsch ass, dass da probéiert gëtt, eng Rechnung ze maachen, dass et hätt misse méi sinn oder eventuell manner sinn, an domadder d'Evolution vun der Zäit total ausser Uecht steet. Ech mengen, dass ech e bësse weess, wéi et zu där Fuerderung komm ass vun enger Augmentatioun vun 100 Euro netto op den 1. Januar 2019. Ech selwer hat e bëssen eppes domat ze dinn. Duerfir mengen ech haut kënnen ze behaupten, dass dat, wat deemools versprochen ginn ass, elo realiséiert gëtt.

An ech soen och nach eng Kéier: Deenen, déi betraff sinn, sinn allegueren déi politesch Diskussiounen, déi mer dorëms féieren, relativ egal. Si sinn haut net mat Zoossissen ugestreckt, si waren et gëschter net a si sinn et och muer net. An ech begrëssen allegueren déi Riedebäitrag, déi gesot hunn, dass nach ëmmer Aktiounsspillraum bleift, fir hinnen och an Zukunft ze hëllef.

Mä schlussendlech ass et hinnen egal, wéi am Detail, wien um Ursprung vun der Fuerderung stoung a wéi et herno ëmgesat gëtt. Wichtig ass fir si, dass si réckwierkend op den 1. Januar 2019 iwwer 100 Euro am Mount méi verfüge kënnen, fir hiert Liewen ze gestalten.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - A mir sollten eis mat hinnen zefridde weisen, well mir maachen haut hei als Ofschluss vun dräi Gesetzesprojeten e wichtige Schrëtt zur weiderer Cohésion sociale vun eiser Gesellschaft.

Ech hätt gären nach e Wuert zur Motioun vun der ADR gesot. Leider hunn ech den Text net kritt. Duerfir beschränken ech mech elo op dat, fir ze äntwerten, wat ech méndlech héieren hunn.

Éischtens mengen ech, dass et opgrond vun der Zuel vun de Leit, déi d'Lëtzebuurger Natio-

nalitéit hunn an am Ausland oder am noen Ausland wunnen, praktesch onméiglech ass, fir eng Émfo ze maachen, wou mer jiddweree géife perséinlech kontaktéieren.

Zweetens mengen ech och, dass et falsch ass, se alleguerten iwwer ee Leescht ze zéien. Et gëtt der mat Sécherheet eng Rei, déi aus renge finanziellen Erwägungen de Schratt gewot hunn, sech am noen Ausland niddereeloossen, mä et gëtt och déi, déi ganz aner Grënn haten, fir dee Schratt ze maachen. Aneschtens ausgedréckt: Et gëtt där, déi zu Athus an engem klengen Appartement wunnen, an et gëtt där, déi e puer Schrëtt weider an engem Schluss mat grousem Park wunnen.

Dofir: Kommt, mir probéieren dat heiten an aller Serenitéit zesummen ze diskutéieren, ouni dass mer probéieren hei, eenheetlech Kritären unzewennen, déi net unzewenne sinn!

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Aarbechtsminister Dan Kersch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 7416. Den Text steet am Document parlementaire 7416⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7416 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procura-tion. De Vott ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 7416 ass mat 59 Jo-Stëmmen uegheoll.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7416 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel (par Mme Tess Burton), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Ofstëmmung vun der Motion.

(Interruption par M. Jeff Engelen)

Nach eng Kéier den honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Jo, ech wollt just soen, wéi ech dat Déngen hei virbereet hu fir haut, ...

► **Une voix.**- Dat Déngen!

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- ... also deen Dossier, déi Motioun, dunn ass mer opgefoll, och wann den Här Dan Kersch, den Här Minister, elo dergéint ass, mä den Här Serge Allegrezza huet dat och gefrot. Dat ass mir awer eréisch duerno opgefoll. An hie schreift: „Die Statistiken reichen nur bis zur Staatsgrenze“, sagt Serge Allegrezza. „Wir hätten gern Daten, aber dazu müssten wir detaillierte Umfragen in den Nachbarländern durchführen. Es ist nicht ausgeschlossen, dass wir das machen werden.“ Dat huet e selwer ... Also, et steet hei an engem Artikel. An ech wollt dat awer mat op de Wee ginn.

Merci.

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. D'Regierung: den Här Aarbechtsminister Dan Kersch.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Här President!

(Interruption)

► **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Selbstverständlech.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Baum fir d'Éischt.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, Merci, Här President. Ech géif dem Här Engelen och Merci soe fir des Initiativ. Déi Froestellung, déi en opwerft, ass, mengen ech, héichinteressant, well et bedeit nämlech, dass Lëtzebuerg net nëmmen en Immigrationsland ass, wéi Verschiddener jo andauernd amgaange sinn ze fäerten, mä och en Emigrationsland an dat net nëmmen Lëtzebuerg an dat not Ausland wunne ginn, mä och aner ehemoleg Residenten vu Lëtzebuerg, déi eng aner Nationalitéit hunn.

Ech mengen, wann een am Süde vum Land wunnt an et geet een eriwuer op Villerupt oder op Audun-le-Tiche, do héiert een, dass och ganz vill Portugisesch geschwat gëtt. Dat ass, mengen ech, e Phenomeen, deen innerhalb vun der Groussregioun eng Mobilitéit tëscht de Leit bedeit, déi ganz grouss ass.

Ech géif proposéieren, dass dat hei eng Fro ass, mat där sech d'Kommissioun eng Kéier sollt befaassen, an dass een d'Motioun, där hiren Hannergrond awer, mengen ech, duerchaus berechtigt ass, an der Kommissioun géif diskutéieren. Well wa mer elo iwwer d'Motioun missten ofstëmmen, misst ech mech enthalen. Mä ech mengen, dass déi Froestellung awer berechtigt ass, an et sollt een an der Kommissioun drop zrëckkommen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Madamm Hansen, wannechgelift.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Also, dat hei ass ee Phenomeen, dee sech definitiv ëmmer méi weist, an dat op alle Landesgrenzen, soudatt mer déi do Etüd géife ganz wichteg fannen. Mir ënnerstëtzen déi heite Motioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Kersch, wannechgelift.

► **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Ech mengen, ech fannen déi Proposition ganz richtig, fir ze soen, dass dat e Phenomeen ass, mat deem ee sech muss ausenansetzen. Domat hu mir och absolutt kee Problem als Regierung.

Wéi gesot, et muss een differenzéieren. Et soll een net alles iwwer ee Leescht zéien. A wann d'Proposition vun deene Lénken hei den Assentiment vun där ganzer Chamber kéint fannen, fir dat an der Kommissioun nach eng Kéier ze diskutéieren, da wäert d'Regierung deem net entgéintstoen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ass den Här Engelen d'accord, fir d'Motioun an d'Kommissioun ze ginn?

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Jo, ech sinn awer stanen. Jo.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech mengen, mam Accord vum Depositair vum der Motioun géife mer dann déi dote Motioun an d'Kommissioun zrëckginn.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Den Här Bodry nach.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, ech hu kee Problem, dass een dat diskutéiert. Ech wëll allerdéngs soen, dass mir esou en Text u sech a priori net géife stëmmen, well ganz kloer d'Formulatioun vum Text esou ass, dass eleng de Fait, dass een, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt an dee Lëtzebuerg ass, sech eigentlech erdreist, aus wellechen Ursachen och ëmmer, an d'Ausland wunnen ze goen, als negativ duergestallt gëtt.

Ech mengen, et sollt een neutral gesinn, dass et engem säi Recht ass, aus wellechen Ursachen och ëmmer, ze decidéieren, déi aner Säit vun der Grenz wunnen ze goen, esou wéi et e Recht ass vun anere Leit, hei op Lëtzebuerg wunnen ze kommen, soufern se d'Bedéngunge vum Gesetz erfüllen.

A mech stéiert fundamental déi Approche, déi, muss ech soen, nationalistesch Approche, déi an deem heiten Text dran ass.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools fir déi Wuertmeldung.

Ass d'Chamber dann domadder d'accord, fir déi Motioun an d'Kommissioun ze verweisen?

(Assentiment)

Da soen ech Merci.

(La motion n° 1 de M. Jeff Engelen est renvoyée en commission.)

A mir kommen zum Projet de loi 7417, enger Adaptatioun vum Montant vum REVIS.

(Interruption par M. Charles Margue)

Den Här Margue, wannechgelift.

5. Ordre du jour (suite)

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Här President, ech wollt froen, ob mer och nach schnell kënne Stellung huelen zu där ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech hätt léiwier gehat, Här Margue, Dir wiert am Ufank hei gewiescht, ...

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- ... fir dann direkt kënne Stellung derzou ze huelen. An ech ginn lech awer gären d'Wuert.

(Brouhaha)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Wie war dann nach net do?

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech hunn de Message verstanen. Enner Kollege kann een och warnen, wann een ee wëllt uschwätzen. Esou vill dozou.

(Brouhaha)

Neen, mir sinn eis iwwer de Wee gelaf do-bausen.

Ech wëll da kuerz Stellung huelen an drop verweisen, dass mer an eiser Sitzung vum 22. Mee d'Joer zu där doter Fro/Problematik Stellung geholl hunn, ob mer opgrond vun enger Suggestioun Leit, déi eng Demande maachen, an d'Kommissioun géife systematesch invitéieren oder net.

Mir hu kontrovers doriwwer diskutéiert a mir hu festgehalten - an ech hunn hei e puer Wuert vum Alex Bodry, dee relativ méi laang doriwwer rapportéiert huet -: « Jusqu'à présent, le Parlement a accordé de telles demandes au cas par cas. Il n'existe pas d'approche uniforme en la matière. À défaut d'entrevue en commission parlementaire, les groupes et sensibilités politiques sont bien évidemment libres d'accueillir des groupements d'intérêts au sein de leurs locaux afin d'avoir des échanges avec eux. »

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Genau dat hunn ech gesot, Här Margue!

(Interruptions)

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Mir hunn déi Leit empfaangen a mir hunn déi Leit ...

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Neen, neen, neen!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Neen, neen, neen, neen!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Margue huet d'Wuert a soss kee fir de Moment!

(Interruptions)

Den Här Margue huet nach ëmmer d'Wuert. Här Kox, den Här Margue huet d'Wuert a soss keen!

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Da loosst den Här Margue schwätzen!

► **Une autre voix.**- Exzellent!

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Ech hu manner Erfahrung wéi vill vun lech, ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Kox, nom Här Margue huet fir d'Éischt den Här Roth d'Wuert gefrot.

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- ... hunn domadder awer och intensiv nogelauschert, wat gesot ginn ass, dass dat au cas par cas wier. An dat war d'Konklusioun.

Ech sinn ugeschriwwen gi mat mengem direkten Numm a menger Qualitéit als President vun där Kommissioun. Mir hunn doriwwer thematiséiert an engem Moment, wou jiddwereen ugeschriwwen ginn ass vu sëllege Bréiwer. Déi Demande war en plus ausgedréckt nom Motto: „Elo ziele mir lech emol, ier mer dee Gesetzesprojet kucken, wou dann d'Enjeu vun där Émsetzung vun där Bataclan-Direktiv sinn.“

Mir hunn dat iwwer laang Seancë gemaach. Mir hu ganz vill Bréiwer, alleguerten, en nom personnel un all Deputéierte kritt. Et gouf kee Moment méi eng Plus-value, fir déi Leit an d'Kommissioun ze ruffen! Dat ass meng Decisioun als President an dozou stinn ech!

► **Plusieurs voix.**- Oh!

(Brouhaha)

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Wou si mer? Et gëtt ëmmer besser!

(Brouhaha général)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den honorabelen Här Gilles Roth huet d'Wuert gefrot.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Ech hunn elo net de Procès-verbal vun der Sitzung viru mer, mä meng Memoire seet mer awer, dass d'CSV-Fraktioun gefrot hat, fir eng Rei vun Associatiounen, also net eenzel Leit, mä Associatiounen - dat ass gaangen iwwer d'Armuriers professionnels, dat waren déi Leit, déi Sammler ware vu Waffen -, dass mer gefrot hunn, dass déi géifen an der Justizkommissioun gehéiert ginn.

An dunn ass no engem gewëssenen Hin an Hier zrëckbehale ginn, a wou d'CSV-Fraktioun sech ralliéiert huet, dass déi géife gehéiert ginn, mä nodeems de Conseil d'État säin Avis ofginn hat. Dat musst Der soen!

An da fanne mir et, an ech rejoignéieren do den Här Mosar, net korrekt - fir et net aneschtens ze betitelen -, dass een eng Demande vun deene Leit, déi un de President vun der Justizkommissioun an net un den Här Charles Margue als Deputéierten, déi gréng, gaangen ass, net weidergëtt un d'Justizkommissioun, mä dass dann déi Leit, déi froen, fir an der Justizkommissioun gehéiert ze ginn, eenzel vun lech an der Fraktioun gehéiert ginn.

Dat ass net korrekt! An dat entsprécht och net deem, wat an der Justizkommissioun zrëckbehale gouf!

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. Den Här Mosar nach eng Kéier, wannechgelift.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, ech wollt just nach eng Kéier eppes präziséieren, wat net richtig ass. Den Här Margue huet elo hei behaupt, déi Bréiwer wären un hien à titre personnel gaangen. Här President, ech hunn lech déi Bréiwer hannerluecht. Liest do, wéi déi intituléiert sinn! Do steet „Chambre des Députés, Commission juridique“, natierlech „à l'attention de M. Margue“. Den Här Margue ass President. Esou ginn alleguerten d'Bréiwer un d'Chamber.

An ech géif lech och bieden ... Déi Leit, déi waren erstaunt! Déi waren der Meenung, se géifen an der Commission juridique empfaange ginn. Se hunn emol net gesot kritt, dass et net an der Commission juridique wär, mä dass et an der grénger Fraktioun wär!

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- An dat ... Ech kann lech och elo hei ... Mir kënnen dat gären eng Kéier am Detail maachen, wou déi Leit ugeruff kritt hu vun enger vun Äre Mataarbechterinnen, enger Madamm Marion Muller, déi gesot huet, si géif uruffen am Numm vun der Commission juridique, fir déi Leit ze empfänken.

(Brouhaha)

Dat ass, muss ech lech soen ... An dann eppes, wat ech awer nu wierklechguer net kann akzeptéieren: Är lescht Ausso, wou Dir hei sot, Dir als President géift decidéieren, wat fir eng Associatiounen géifen empfaange ginn.

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Wéini mer se géifen invitéieren!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Majo, Dir hutt d'Kommissioun ze informéieren iwwer d'Demanden, déi erakommen! An et ass d'ganz Kommissioun, Här Margue, déi doriwwer decidéiert, net Dir eleng als President!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Hei wannechgelift! Ech mengen, ech hat ugangs den Här Mosar gebieden, déi Dokumenter hei an der Chamber ze deposéieren. Dat ass am Fong geholl geschitt. A mir wäerten dann och op där richteger Plaz déi Diskussioun, déi hei ugefouert ginn ass, zu Enn féieren.

Le saviez-VOUS ?

LÉGISLATURE

La législature est la période pour laquelle sont élus les députés. Elle a en principe une durée de cinq ans à moins qu'il n'y ait d'élections anticipées.

**6. 7417 - Projet de loi portant modification de :****1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;****2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale**

An ech mengen, domadder kéime mer elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 7417, eng Adaptatioun vum Montant vum REVIS a vum Revenu fir Persoune mat engem uergen Handicap. An dat gëtt vu Spezialisten „den RPGH“ genannt. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Georges Mischo, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Fernand Kartheiser, den Här Marc Baum an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Mam REVIS, deen 2018 den RMG ersat huet, hu mer eis ambitiéis Ziler gesat. De REVIS ass engersäits dat lescht soziaalt Opfangnetz fir déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft, déi Schwierigkeiten hunn, sech an den Aarbechtsmaart ze integréieren, anersäits sollen déi nei geschafte Betreuungsmechanismen a finanziell Incitatiounen d'Leit nach besser derbäi ënnerstëtzen, erëm eng Aarbecht ze fanen, fir esou net méi op d'Hëllef vum Stat ugewisen ze sinn.

Et héiert ee vum Terrain, dass dës Betreuungsmechanisme gutt fonctionnéieren, net zeslecht, well d'Zusammenaarbecht tëschent all den Akteuren, also der ADEM, ONIS an hire Partner um Terrain, virbildlech ass. Nëmme duerch gutt Aarbecht um Terrain kréie mir d'Leit aus der Armut eraus. Dofir ass dese Voler nieft der finanzieller Ennerstëtzung och dee wichtigste vum REVIS.

Och wann et elo nach ze fréi ass, fir den Erfolleg vum REVIS endgültig ze bewäerten, ass et derwärt ze ernimmen, dass de Statec a sengem Rapport « Travail et cohésion sociale » drop hiweist, dass de REVIS remarquablement bien alignéiert ass mam Seuil absolu de pauvreté.

Et ass och remarkabel, dass mir elo scho fir d'Zweet ënnerhalb vu sechs Méint d'Montante vum REVIS an och déi vum RPGH, also dem Revenu pour personnes gravement handicapées, an d'Luucht setzen. Dës Adaptatiounen gescheien natierlech parallel zu deene vum Mindestloun.

De Koalitiounsaccord gesäit vir, an et ass virduro jo hei oft genuch ernimmt ginn, dass de Mindestloun ëm 100 Euro netto an d'Luucht geet. Zousätzlech zu den 1,1 %, déi den 21. Dezember 2018 op deser Plaz festgehale goufen, ginn de REVIS an den RPGH also nach eng Kéier ëm 0,9 % an d'Luucht, dës réckwierkend op den 1. Januar 2019.

D'IGSS schätzt, dass dës zweet Hausse fir den Exercice 2019 mat 2,9 Milliounen Euro op d'Wo schléit. Mir sinn eis, mengen ech, alleguerten eens, dass dës gutt investéiert Sue sinn, fir déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft ze ënnerstëtzen. Loosst eis och net vergiessen, dass dës Leit nach vu villen anere Sozial- a Sachleeschungen profitéieren, déi déi lescht Joren agefouert goufen. Ech denken hei un d'Allocation de vie chère, d'gratis Kannerbetreuung, d'Subvention loyer, d'gratis Schoulbicher am Secondaire an esou virun. Do derbäi kënnt an deenen nächste Joren och nach de gratis öffentlechen Transport an d'Gratuitéit vun der Maison relais während de Schoulzäiten.

Dës Sachleeschungen ënnerstëtze virun allem d'Famillje mat Kanner a Monoparentallen a besonneschem Mooss. Et sinn näamlech si, déi statistesch am meeschte vum Aarmutsrisiko be-traff sinn. Dofir ass et och net vun ongeféier, dass och de REVIS Famillje mat Kanner a Monoparentalle finanziell méi staark ënnerstëtzt.

Här President, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

All dës Mesuren ënnersträchen déi gutt Sozialpolitik, déi mir zu Lëtzebuerg bedreiwen an och an Zukunft wëlle weider verbesseren. Dofir ginn ech och direkt hei den Accord vun der Demokratescher Partei a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Georges Mischo agedroen. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Georges Mischo (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, als Aller-

éischt wollt ech emol dem Virriedner, dem honorabelen Här Max Hahn, villmools Merci soe fir säi Rapport. Wéi elo scho grad erwänt ginn ass, gi mat deem Gesetzesprojet d'Basismontante vum REVIS a vum Revenu fir Leit mat engem schwéieren Handicap ëm 0,9 % an d'Luucht.

Viru bal genee engem Joer gouf hei an der Chamber de REVIS gestëmmt. Mir als CSV-Fraktioun haten dee Projet net matgestëmmt. A mäi Fraktiounskolleg, de Marc Spautz, hat deemools a senger Ried Kritik um Projet ausgeübt. Kriticken, déi mir als CSV nach ëmmer oprechterhalen.

D'CSV-Fraktioun konnt sech virun allem mam Prinzip selwer vum REVIS net averstane weisen, well d'Recht op e Mindestakkommes net méi garantéiert ass. Och de Statsrot hat sech a sengem Avis immens kritischesch dozou geäussert.

Am Dezember d'lescht Joer hate mer dunn an der Chamber schonn eng éischt Erhéijung vum REVIS an dem Revenu pour personnes handicapées vun 1,1 % gestëmmt. Mat deem Projet kréie mer dann eng weider liicht Erhéijung vun deem Montant no uewen. Dat ass och richtig esou, well soss den Ecart tëschent der Erhéijung vum Mindestloun an dem Mindestsaz vum REVIS weider géif an d'Luucht goen.

Dofir muss och de REVIS deementsprechend ugepasst ginn. De Mindestloun, de REVIS, wéi och den RPGH si wichteg Eckpfeiler vun eise Sozialsystem an droen zu enger méi gerechter an inklusiver Gesellschaft an engem solidarischen Zesummeliewe bäi.

An deem Sënn ënnerstëtzt d'CSV-Fraktioun och dese Projet. An heimadder ginn ech dann den Accord vun der Fraktioun, fir deem Gesetz zoustëmme.

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mischo. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton agedroen. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'LSAP begréisst dës Upassung vum Revenu d'inclusion sociale an dem Revenu pour personnes gravement handicapées als Pendant zu der Upassung vum Mindestloun ausdrécklech, well, dat ass wichteg nach eemol ze betounen: Dee Parallelismus ass keen Automatismus.

Tatsächlech sinn den RMG an den RPGH an der Vergaangenheet net ëmmer parallel zu den Adaptatiounen vum Mindestloun virgeholl ginn. Tëscht 2011 an 2013 ass den deemolegen RMG an och den RPGH zum Beispill net ugepasst ginn. Dat war zu där Zäit, wou oft dovun-ner rieds war, dass den RMG ze héich wier an dass et sech net géif lounen, fir fir de Mindestloun schaffen ze goen. Dat war deemools an och nach haut eng Behauptung, déi een esou net am Raum ka stoe loosse.

Gesot gouf ëmmer, dass RMG- respektiv REVIS-Empfänger bewosst de Stat géifen ausnotzen an net wëlte schaffe goen. Schwaarz Schof ginn et iwwerall, mä et sollt een definitiv net seng Politik exklusiv op si ausrichten, well soss bleiwen déi op der Streck, déi d'Hëllef an d'Ennerstëtzung batter néideg hunn, well se aus verschiddene Grënn net kënne schaffen.

Als Rappel nach eemol: De Projet de loi, iwwert dee mir hei diskutéieren, erhéicht de REVIS an den RPGH ëm 0,9 %, d'selwecht wéi beim Salaire social minimum. Dës Erhéijung kënnt bei d'Upassung ëm 1,1 % derbäi, déi mir am Dezember hei gestëmmt hunn. Allerdéngs kënnt beim Mindestloun dann nach de Crédit d'impôt salaire social minimum derbäi. Dat si bis zu 70 Euro zousätzlech.

D'Empfänger vum REVIS an dem RPGH kommen net oder nëmme zum Deel an dee Genoss, mä Menagen, déi Revenuen ëm de Mindestloun hunn, deenen hir Revenuen awer ënner dem REVIS-Seuil leien, déi komme wuel an de Genoss vum Crédit d'impôt, well fir d'Be-rechnung vun der Allocation d'inclusion de Brutto consideréiert gëtt an net den Netto.

Här President, dat ass eis als LSAP ganz wichteg, well e groussen Deel vun de REVIS-Bezéier schaffen a si wat een enner Working Poor versteet. Hire Salaire ass par rapport zu hirer Liewens- a Familljesituatioun ze niddreg, fir kënnen dervun ze liewen. Duerfir ass dee Parallelismus bei der Upassung vum Mindestloun an dem REVIS esou wichteg.

Déi Fro, déi bleibt an déi och a verschiddenen Avisen opgeworf gouf: Geet dës Augmentatioun duer? D'Äntwert ass kloer neen, well d'Montante vum REVIS an dem RPGH leien awer nach ënner deem, wat ee brauch, fir dezent ze liewen, virun allem hei zu Lëtzebuerg.

An de leschte Joren hunn déi verschidden Erhéijungen, grad ewéi d'REVIS-Reform, d'Situatioun verbessert. Duerch d'Ëmsetze vum

REVIS-Gesetz gëtt d'Begrenzung vun enger Mesure pro Stot opgehuewen. Dat heescht, dass an Zukunft wäert all Erwuesenen e Recht op Bedeelegungs- an Aktivationsmesuren hunn.

Generell goufen an de vergaangene Jore vill Mesuren am Beräich Aarmutsbekämpfung agefouert oder verbessert, fir de Leit ënner d'Aerm ze gräifen, wéi zum Beispill d'Subvention de loyer, den neie Berechnungsmodus fir d'Allocation de vie chère, d'gratis Kannerbetreuung an d'gratis Schoulbicher. All dës Mesuren hëlfe deene Mënschen, déi en niddreg Akommes hunn a sinn dofir wichteg.

Här President, fir d'LSAP bleibt d'Zil awer, dass jiddwereen och soll kënne vu sengem Akommes liewen. Déi zwee Projet-de-loie vun haut si weider wichteg Schrëtt an déi Richtung, an ech soen lech dofir och elo Merci fir Äert Nolauschteren. Ech wëll nach just dem Rapporteur och Merci soe fir säi Rapport a ginn domadder natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Burton. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci dem Max Hahn fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport.

Viru siwe Méint hunn ech meng éischt Ried an der Chamber zur Erhéijung vum REVIS an dem RPGH gehalen. Siwe Méint méi spéit ass dese Sujet nach ëmmer esou pertinent a kruzial wéi deemools. Fir eis ass et elo eng kleng Gesetzes-upassung, déi eng Suite ass vun deem, wat mer am Kader vum Koalitiounsaccord entscheet hunn. Am Dezember hu mer hei schonn iwwert d'Bekämpfung vun der Armut geschwat an déi entspreche Gesetze vum Mindestloun, dem REVIS an dem RPGH gestëmmt.

Och haut gouf dës Thema vu menge Virriedner schonn an der Déift beschwat. Wichtig ass mir awer och, dass mir dës ëmmer erëm thematiséieren an ugin. Et weist och deene Leit, déi betraff sinn, dass mir si an der Politik net vergiessen hunn. Fir si maache mer Politik, fir si setze mer eis an, fir duerch eis politesch Gestaltung géint sozial Ongläichheeten unzékämpfen.

Et sinn déi vulnerabelst Mënschen aus eiser Gesellschaft, déi de REVIS bezéien. Si fannen aus verschiddene Grënn oft guer net oder nëmme schwéier den Zougang zum regulären Aarbechtsmaart. Oder si ginn enger Aarbecht no, bei där d'Akommes net duergeet, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Nieft regelméisseg globaler Evaluatioun ass awer och grad d'finanziell Upasse vun de Montanten op regelméisseg Basis néideg. Dës maache mir haut retroaktiv op den 1. Januar 2019 a sollten et nieft deene verschiddene Sachleeschungen, déi et nach gëtt, och an Zukunft ëmmer erëm maachen, fir géint d'Armut an d'Exklusivitéit zu Lëtzebuerg ze kämpfen.

Här President, ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools Merci, Här President. Ech soen och dem Här Hahn villmools Merci fir de Rapport. Dat heiten ass eppes, wat mir selbstverständlech ënnerstëtzen. Et wier gutt a wünschenswäert, wa mer net ëmmer missten hei esou Leeschtungen heken (veuillez lire : héijen), wat mer awer natierlech maachen, mä et wier och gutt - dat ass vläicht en Opruff un d'Regierung -, wa mer net och géifen Taxen a Steieren héijen, déi et de Leit ëmmer méi schwéier maachen, kënnen hei dezent ze liewen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, wannech gelift.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Och mir wäerten deem Projet eis Zoustëmmung ginn. Déi Erhéijung ëm 0,9 % fir déi Leit, déi de REVIS kréie respektiv den RPGH, ass nëmme richtig a batter noutwendeg.

Mir haten eis als Land 2010 dozou verpflichtet, fir bis 2020, wat elo nach ongeféier ee Joer ass, den Undeel vun deene Leit, déi an Armut liewen oder déi dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, ëm 25 % erfzesetzen. Elo, ee Joer virun deem Stéichdatum, gesäit et esou aus, wéi wa mer den Taux vun deene Leit ëm 25 % an d'Luucht gesat hätten, well ëmmer méi Leit dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn.

Mir hu beim Gesetz iwwert de REVIS och eng ganz Retsch Bedenke gehat, notamnt datt e säin eigentleche But, näamlech d'Inclusion sociale, géif verfeelen. Mir wäerten dann hofentlech an zwee Joer, wann et dann esou wäit ass, och e Rapport doriwuer kréien. Ech mengen, datt et kloer ass, datt déi Leit, déi op de REVIS ugewise sinn, an enger ganz prekärer a schwieger Situation sinn, an déi 0,9 %, déi se elo méi kréien, si batter néideg.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass u sech eng ganz kuerz Ried, déi ech zu deem heite Projet halen, well et ass evident an an der logescher Konklusioun och vun deem, wat mer hei virun e puer Minutte gestëmmt hunn, datt mer och beim REVIS respektiv beim Akommes fir behënnert Persoune eng Augmentatioun maachen. Ech mengen, do ass keen Doute drun, an duerfir kann ech lech och elo scho soen, datt d'Piraten dese Projet wäerte matstëmme.

Ech rechen awer gläichzäiteg eng Motioun an, déi op e Mëssel hiweist, dee mer virun enger Woch schonn deelweis ugeschwat haten, wéi mer iwwert d'Beruffsausbildung geschwat hunn, a fir déi hei beim Revenu fir Persoune mat Handicap elo de Moment fir eis komm ass, déi dann och ze deposéieren. Et geet näamlech hei drëm, datt mer bei der Beruffsausbildung eppes net gemaach hunn, dat ass, mir hu keen Apprenti handicapé agefouert. Dat ass eppes, wat d'Chambre des Salariés an hirem Avis deemools gefuerdert huet. An et ass eppes, wat och vun den Interesseverbänn dréngendst gefrot ass.

Et ass näamlech esou, datt mer net op där enger Säit kënne soen, datt mer en handicapéierte Mataarbechter zwar entlounen, datt mer awer op där anerer Säit en handicapéierten Apprenti anescht behandelen a soen: Majo, dän Apprentissage gëtt net entloun. Mir soen hei am Haus oft, Aarbecht soll sech lounen. Ma déi heite Motioun gëtt eis d'Méiglechkeet, genau dat ze maachen, se fuerdert d'Regierung näamlech op, a genau deem heite Fall dee Statut an Zukunft anzeféieren an domadder dann och eng Entlounung, eng gerecht Entlounung vun deenen Apprentis handicapés anzeféieren.

Motion 1

D'Deputéiertechamber invitéiert,

- *virum Hannergrond vun der Convention des Nations Unies relative aux droits des personnes handicapées de l'ONU du 13 décembre 2006;*

a virum Hannergrond vum nationale Gesetz vum 28. Juli 2011, portant

1. approbation de la Convention relative aux droits des personnes handicapées, faite à New York, le 13 décembre 2006

2. approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits des personnes handicapées relatif au Comité des droits des personnes handicapées, fait à New York, le 13 décembre 2006

3. désignation des mécanismes indépendants de promotion, de protection et de suivi de l'application de la Convention relative aux droits des personnes handicapées;

- d'Bedauere vun der Chambre des Salariés aus hirem Avis vum 24.04.2019 deend, dass am Kader vum Projet de loi 7268 net virgesi gouf, en „statut d'apprenti handicapé à l'instar du statut de salarié handicapé“ ze instauréieren;

- bedauerend, dass et duerch d'Virenthale vun enger Remuneration ëmmer nach un enger Valorisation vun der Leeschtung vun Auszubildende mat Handicap mangelt;

- iwwerzeegt dovun, dass d'Autonomie an d'Wäertschätzung vun Auszubildende mat Handicap duerch eng, hirer Leeschtung während der Ausbildung entspreche, Remuneration considerabel an d'Luucht goe géif;

d'Regierung,

schnellstméiglech déi néideg Schrëtt an d'Weeër ze leeden, fir en „statut d'apprenti handicapé“ gesetzlech festzehalen a virzeseinn, dass och Persoune mat Handicap, déi sech an enger Ausbildung befannen, eng Remuneration fir déi vun hinnen am Kader vun hirer Ausbildung geleeschten Aarbecht erhalen.

(s.) Sven Clement.

Ech soen lech Merci.

Le saviez-vous?

PROJET DE LOI

Le Grand-Duc dispose du droit d'initiative en matière législative, tout comme les membres de la Chambre des Députés. Son initiative, encore appelée initiative gouvernementale, s'appelle « projet de loi ». Celui-ci constitue un texte proposé pour être adopté par la Chambre des Députés. Les projets de loi sont accompagnés d'un exposé des motifs qui contient des développements sur l'objectif et la teneur de la loi proposée ainsi que d'un commentaire des articles.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. Dann huet elo d'Regierung d'Wuert, d'Familljeministesch d'Madamm Cahen.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Jo, villmools Merci, Här President. Ech géif gären de Virriedner allequerte villmools Merci soe fir hire breeden Accord, dee se deem Gesetz hei zougesécher hunn. Ech géif awer och gären dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport.

Mir haten eis engagéiert, de Mindestloun an d'Luucht ze setzen. An et ass nëmmen normal, dass d'Regierung decidéiert huet, och den RPGH an de REVIS dann em deen nämlechte Montant, also den nämlechte Prozentsaz an d'Luucht ze setzen. An duerfir sinn ech ganz frou iwwert déi breet Zoustëmmung, déi dat Gesetz haut an der Chamber hei kritt.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

Mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7417. Den Text steet am Document parlementaire 7417^s.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7417 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procura-tion. De Vott ass heimadder ofgeschloss.

De Projet de loi 7417 ass mat 59 Jo-Stëmmen uegohll.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7417 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Paul Galles), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

7. Ordre du jour (suite)

Mat der Motioun, mengen ech, misste mer nach waarden, bis datt jiddwereen déi konnt liesen, soudatt mer déi dann eréischt no deem nächste Projet ofstëmmen.

(Assentiment)

8. Heure d'actualité du groupe technique (ADR) au sujet de l'enseignement de la langue chinoise dans les lycées luxembourgeois et de l'offre relative à d'autres langues

D'Chamber féiert haut eng Aktualitéitsstonn iwwert de Chineeschunterrecht an d'Offer vun anere Sproochen an de Lëtzebuenger Lycéeën, déi de Groupe technique ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 87 (2) festgehale. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Josée Lorsché an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Fernand Kartheiser als Verrieder vum Groupe technique. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

(M. Fernand Kartheiser ajuste la hauteur du pupitre.)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech maachen nach eng kleng technesch Modifikatioun.

Villmools Merci, Här President. Mir haten, Dir Dammen an Dir Hären, eng Diskussioun iwwert de Chineeschunterrecht viru Kuerzem an där zoustänneger Kommissioun iwwert d'Education. A wa mer haut nach eng Kéier driwwer schwätzen, dann huet dat eng Ursach, déi iwwert déi Fro vum Chineeschunterrecht eigentlech erausgeet.

Ech wëll zrëckkommen op dat, wat d'CSV-Fraktioun ganz am Ufank vun eiser Sessioun haut gesot huet, nämlech op eng Suerg, datt déi parlamentaresch Aarbecht nach richtig funktionéiert. Et ass eigentlech dat de Sënn gewiescht vum deem, wat den Här Mosar hei virgedroen huet am Numm vum de Kolléeg vun der CSV. Et ass eng Suerg, déi mir eis och ..., oder op jidde Fall eng Fro, déi mir eis och ëmmer erëm stellen. Et war och zum Beispill e Problem, fir haut déi heite Fro kënnen an der Pleniëre ze diskutieren, obscho mir dat gefrot hunn.

Et muss ee ganz kloer soen: Och ze probieren, datt e Punkt net bis an d'Pleniëre kënn, kann eng Behënnerung vun der parlamentarescher Aarbecht duerstellen! An et muss ee wierklech de Gambia-Parteien un d'Häerz leeën, sech op dat ze besënnen, wat se gesot hu ganz am Ufank, wéi se déi éischte Kéier an d'Verantwortung koumen, nämlech e gewëssent Engagement fir Oppenheet, fir Demokratie an Transparenz. Et gesäit esou aus, wéi wann dat géif verluer goen, wéi wann eng gewëssent Arroganz vun der Muecht kéim. An et ass dat, mengen ech, wat een hinnen och sollt an Erënerung rufen, nämlech dat däitsch Spréchwuert: „Hochmut kommt vor dem Fall.“ An ech géif lech dat wierklech un d'Häerz leeën!

Wa mer haut also hei iwwert de Chineeschunterrecht schwätzen, dann ass et, well keng legal Basis do ass. An eiser Verfassung, an déi ass ganz kloer an deem Punkt, ass d'Education en Domaine réservé à la loi. Den Artikel 23 seet dat. An ech zitieren en hei: « La loi » - la loi, net de Minister, net e Règlement ministériel, net en Arrêté grand-ducal - « La loi (...) règle pour le surplus tout ce qui est relatif à l'enseignement (...). » Alles, wat an eisem Schoulwiese geschitt, muss hei an der Chamber duerch e Gesetz autoriséiert ginn.

Dat ass awer hei net de Fall. An et ass dat, wat mer hei monieren.

Wat mer afuerdere vun der Regierung, dat ass, datt se eis e Projet de loi presentéiert, an deem och déi Fro hei vum Chineeschunterrecht geléist gëtt.

Et wär elo nach eng Saach, wou ee kéint, et dierf een et zwar net, well et geet hei em Prärogative vum Parlament, mä wou een nach kéint eng gewësse Flexibilitéit hunn. Mä mir hate virun engem Mount hei als ADR och kritiséiert, datt dës Regierung ëmmer méi probéiert, laanscht d'Parlament ze regieren. An

enger ganzer Rei vu wictege Froe ginn international Ofkommessen ofgeschloss, Memorandum of Understanding oder wéi se och ëmmer heeschen, an d'Parlament kritt näischt dovunner zur Ratifizierung virgeluecht.

Mir soen awer als ADR ganz kloer, datt dat onméiglech ass, datt mir drop bestinn, datt d'Parlament respektéiert gëtt vun der Regierung an datt all internationalen Traité oder muss hei ratifizéiert ginn, esou wéi eis Verfassung et verlaangt a wéi eis héchste Juridictionen et confirméiert hunn.

Déi heite Fro ass elo eng, an elo kommen ech op de Fong vum Chineeschunterrecht, wéi e funktionéiert. Wéi gesot, et gëtt keng gesetzlech Basis am Abléck. An d'Situatioun an deene verschiddene Schoulen ass am Abléck chaotesch.

Mir hu verschidde Modellen, am Athenäum ass deen een, an anere Schoule gëtt e Fakultativkurs ugebueden. An enger anerer Schoul gëtt et nach en anere Modell. Et gëtt keng eenheetlech Approche an deem Ganzen. Dofir wär et och gutt, fir ze soen: „Hei, mir regelen dat do gesetzlech, fir datt deen Unterrecht op déi an déi Manéier geregelt ass respektiv fir datt de Fakultativkurs och geregelt ass.“ Dat wär wéinstens eng kohärent Approche.

An dat, wat eis och stéiert, dat ass, datt an engem Gebai oder och vläicht op anere Plazen de Chineeschunterrecht eng De-facto-Konkurrenz zum Latäin duerstellt. Et geréit e bëssen an de Vergiess, datt Latäin u sech d'Basis vun deem ass, wat mer haut sinn: 2.000 Joer laang d'Sprooch vun der Wëssenschaft, 2.000 Joer laang d'Lingua franca an Europa. An ech mengen, et ass derwäert, deen Héritage culturel weiderzedroen, Reklamme derfir ze maachen an net dem Latäinunterrecht eng weider Konkurrenz dohinnerzesetzen.

Mir hunn näischt géint den Enseignement vum Chineeschchen an eise Schoulen. Dat ass eng Weltsprooch, eng wichteg Sprooch, eng UNO-Sprooch, eng Sprooch, iwwert där hir Wichtigkeet iwwerhaapt net muss diskutéiert ginn. Mä et muss een dat esou maachen, datt et an een allgemenge Konzept erapasst, an et muss een et och esou maachen, datt d'Schüler keng falsch Erwaardungen hunn. Deen allgemenge Konzept, dee kéint zum Beispill sinn am Kader vun enger Sproochesektioun, do huet dat seng Plaz.

Mir haten hei schon als ADR op jidde Fall, an der Vergaangenheet och aner Parteien, ëmmer gefuerdert, datt zum Beispill och Lëtzebuergesch als Sprooch sollt eng fest Plaz an enger Sproochesektioun an eise Lycéee kréien.

Mir hunn et alt gefuerdert, datt weider indogermanesch Sproochen, déi méi liicht ze léiere sinn, wou ee reelle Progrès méi liicht ze realiséieren ass, och sollen an eis Sproochen opgeholl ginn. A mir haten do eng grouss slawesch Sprooch, nämlech Russesch proposéiert, déi komplett an eisem Schoulssystem feelt, wat ganz schued ass, well et ass och wéi d'Chineesch Weltsprooch, UNO-Sprooch, d'Sprooch vun internationalen Organisatiounen, gëtt vun iwwer 200 Milliounen Leit geschwat an huet och hei am Land eng ëmmer méi grouss Bedeitung.

An och d'Chineeschchen kann enseignéiert ginn. Mir sinn déi Lescht, déi soen, mir wär géint eng Ouverture zu anere Sproochen. Mä wéi gesot, et muss e Gesamtkonzept sinn. A fir d'ADR huet ëmmer Lëtzebuergesch déi éischt Prioritéit.

Dat ass also e Kader, dee mer proposéieren. An dofir wëllt ech dat elo nach eng Kéier resuméieren.

Éischtens, mir hätte gär eng gesetzlech Basis, well d'Vefassung et esou virgesäit. Mir verlaangen also vun der Regierung, datt se eis méiglechst kuerzfristeg e Projet de loi heihinner virleeë kënn.

An zweetens hätte mer gär eng strukturéiert Approche vum Chineeschunterrecht an de Schoulen, déi de Kanner oder deene jonke Leit keng falsch Erwaardunge mécht. Well deen Niveau, dee se am Abléck errechen, ass relativ niddreg. Wann een do déi zwee Tester kuckt, wann een dat am internationale Verglach an de Referenztabelle kuckt, entsprécht dat an der Praxis deem, wat an engem europäesche Kader vum Conseil de l'Europe méi oder manner en A2 ass. Dat ass net vill. A fir dann déi Illusioun ze erwächen, domadder kéint ee studéiere goen a China oder eventuell eng Plaz kréie bei enger chinesescher Firma, dat ass einfach ze héich gegruff. Dofir muss den Enseignement vum Chineeschchen och mat senger Finalitéit iwwereneestëmmen.

Wann een et als Fakultativkurs wëllt ubidden, da kann een dat maachen ënnert der Form vun enger Introductioun an déi chinesesch Zivilisatioun a Kultur mat e puer Sproochenelementer, mä da muss och dat kloer definéiert sinn.

Wann een et am Kader vun enger Sproochesektioun mécht, muss een de Schüler vun Ufank u

kloer soen, wat déi reell Equivalenz ass vun deem, wat se kënnen als Ofschloss kréien, inklusiv wa se géifen eng Premiëre an deem Fach maachen a wat dann effektiv hir berufflech Perspektive sinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Villmools Merci, Här President. Wéi ech gelies hunn, datt mer déi Heure d'actualité haut hätten, hunn ech mech gefrot, op wat den Här Kartheiser a priori eraus wëllt: Ob mer géifen eng Diskussioun féieren iwwert d'Chineeschchen oder de Sproochenunterrecht am Kader vun der Matière réservée à la loi, ob mer géifen eng Diskussioun iwwert d'Pädagogie, d'Finalitéiten, d'Zilsetzung vum Chineeschchen maachen, ob mer géifen e Verglach tëschent Chineeschchen a Latäin an d'Wichtigkeet vun deem engen a vun deem anere respektiv d'Konkurrenz vum Chineeschchen fir d'Latäin maachen oder ob mer am groussen Ganzen eng Diskussioun iwwert d'Offer vun de Sproochen am Lëtzebuenger Unterrecht géife féieren.

Elo ass et e Mix e wéineg vun deene véier ginn. An ech wëll och an deene fënnf Minutte just kuerz e puer Prinzipie soen, no deene mir eis wëlle riichten.

Dat Éischt, dat ass, fir eis ass ganz kloer, datt d'Education eng Matière réservée à la loi ass an och soll an der neier Constitutioun bleiwen. Dat ass absolutt evident fir eis. A wann dat heescht, datt alles, wat prinzipiell an der Schoul geregelt gëtt, also muss iwwert d'Gesetz geregelt ginn, géllt dat natierlech och evidentereis an eisen Ae fir de Chineeschchenunterrecht.

Wann ee sech elo ka virstellen, datt verschiddene Optiounen, déi am Gesetz jo virgesi ginn, kënnen Chineeschchen sinn, ouni datt mer eng gesetzlech Basis brauchen, ass et awer gradesou evident, wa Chineeschchen ageféiert gëtt, esou wéi et am Kolléisch ass, quasiment amplat vum Latäin, an eng ganz Filière d'Kanner oder d'Schüler begleede soll bis op d'Première, da kann een dat vläicht kuerzfristeg maachen als Expérience pilote. Mä spéitstens no engem oder zwee Joer brauche mer eng gesetzlech Basis. Do schlësse mer eis also der ADR un, fir u sech d'Regierung ze froen, esou schnell wéi méiglech mat engem Gesetzestext ze kommen, deen dat dann och assuréiert.

Zweete Punkt, dat ass den Niveau, dee mer iwwert de Chineeschchenunterrecht an eise Schoulen errechen. Wa gefrot gëtt hei vun Här Kartheiser, datt et en Niveau soll sinn, deen eis et géif erlaben, op chineseschchen Unien ze kommen, esou mengen ech, datt dat an eisen Aen net onbedéngt muss déi Zilsetzung sinn, déi mer mat deem Unterrecht hunn. Mir mengen, datt eng Ouverture d'esprit an och eng Rei Basisknowledge vum Chineeschchen fir eis wichtig sinn, well et gëtt eis, egal op wat fir engem Niveau, en onwahrscheinlechen Avantage duerno am Berufsliewen, mä awer och fir déi Schüler, déi wëllen op europäesch Unie kommen.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Well hei schwätze mer jo oft vu Schüler, déi e gudd Curriculum wëllen hunn an déi sech op eng Filière aschreien, wou se méi kënnen léiere wéi dat, wat se normalerweis misste léieren, also deenen d'Léiere liichtfält, déi sech also fräiwëlleg engem schwierigen Exercice ennerleeën, déi also duerno och wëllen op kompetitiv Unie goen. An e Basisknowledge vum Chineeschchen mécht engem vun enger Rei groussen Unie schon d'Dieren op, well vill Topuniversitéiten hu Curriculummen, déi zesumme mat chineseschchen Unien haut ugebueden ginn a wou ee scho gutt huet, wann een eng Basis vum Chineeschchen huet, egal op wat fir engem Niveau, fir d'Accessioun zu deenen Universitéiten an zu deene weltwäit vill gesichtene Curriculummen ze kréien.

D'LSE huet mat Beijing University, d'Sorbonne mat Renmin University respektiv d'WHU mat Shanghai University Ofkommessen, fir esou Schüler ze huelen. Also ass et fir eis e Pluspunkt. Deemno ass et gutt, wann et gemaach gëtt.

Drëtte Punkt ass d'Konkurrenz mam Latäin. Do soen ech ganz kloer, datt dat u sech fir eis am Fong keng Fro ass. D'Zilsetzung vum Latäin ass fir mech ... Also eis Zilsetzung soll et elo net sinn, d'Latäin ze protegieren als Sprooch. Dat ass jo net d'Zilsetzung vun der Schoul. Eis Zilsetzung soll et sinn, d'Offer fir d'Kanner esou grouss wéi méiglech ze maachen.

Latäin unzbedide fir déi, déi dat wëlle maachen, mä d'Offer esou opzemaachen, datt natierlech déi chineseschchen Offer och do ass an

datt déi Schüler, déi déi wëllen huelen, well se berufflech oder schoulesch aner Perspektiven hunn, déi och kënnen huelen. Et ass also absolut keng Konkurrenz, mä et ass eng zousätzlech Offer, déi der Globaliséierung vun eiser Welt absolut entsprécht, an dofir si mer nu wierklech der Meenung, datt dat dee richteg Wee ass, op dee mer sollte goen.

A mä leschte Punkt, dat ass deen, ob d'Offert, déi mer an eise Schoulsystem hunn, déi richteg ass. Niewent Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Englesch, déi jo de toute façon obligatoresch mussen sinn - derlaanscht komme mer net -, bidde mer haut Spuenesch, Italienesch an haaptsächlech Chineesch, also Chineesch och nach un, mä haaptsächlech Spuenesch an Italienesch aus där laanger Geschicht vun der Schoul eraus.

An d'Fro, déi ech mer stellen, dat ass, ob déi Offert haut ubruecht ass, ob ee sech net effektiv muss Gedanke maachen, fir zousätzlech zum Chineeschchen och nach eng aner Offert ze maachen. Wann een d'Sproochesystemer op der Welt gesäit, da gesäit een, datt niewent dem Engleschen, dem Chineeschchen awer och Sprooch wéi d'Arabesch, wéi de Bengali, wéi d'Russescht oder wéi d'Portugisescht zu deene meeschtgeschwatene Weltsprooch gehéieren.

Zum Verglach, Däitsch ass nëmmen op der 12. Positioun an Italienesch op der 25. Positioun vun de geschwatene Sproochen hei op der Welt, soudatt menger Meenung no déi Reflexioun muss gefouert ginn, ob net zousätzlech zum Chineeschchen och nach eng aner Offert als Optioun an eiser Schoul gemaach sollt ginn, fir u sech där Globaliséierung, där mer ausgesat sinn, gerecht ze ginn, fir de Schüler nach méi Offerten ze maachen, datt se sech nach besser op den Universitäten an duerno am Berufsliewen erëmfannen.

An da kommen ech zu mengem Ufank erëm zréck, fir mäin Ofschloss ze maachen, dat selbstverständlech alles op enger gesetzlecher Basis.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och dem Här Wiseler. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Merci, Här Präsident. An der Aktualitéitsstonn haut geet et ëm d'Leiere vun der chinesescher Sprooch am Enseignement secondaire, enger Sprooch, déi vu ronn 1,2 Milliarde Leit geschwat a verstanen gëtt, dorënner ronn 50 Milliounen Leit, déi ausserhalb vun der Vollekräpftrepublik China wunnen. Si ass domadder déi Sprooch hannert dem Englesche weltwäit, déi am heefegste geschwat a verstanen gëtt, eng Weltsprooch natierlech, déi och a Westeuropa ëmmer méi eng grouss Bedeutung krutt.

Chineesch ass awer wäit méi wéi nëmmen eng Sprooch. Et ass eng Schrëft an e Schlëssel zu enger joudausendaler Kultur. D'Leiere vun der Sprooch an d'Vermëttler vun der chinesescher Kultur erweideren ouni Zweifel net nëmmen de perséinlechen Horizont vun de Schüler, mä bidden hinnen zudeem och d'Méiglechkeet, sech un déi chinesesch Mentalitéit, un déi chinesesch Denkweis erunzetaaschten.

A wann ee sech déi impressionnant Entwécklung vun der Wirtschaftsmuecht China an de leschte Joren ukuckt, da kann dee Bagage och spéider am Berufsliewen nützlich sinn.

Och Lëtzebuerg huet näamlech enk wirtschaftlech a finanziell Liene mat China. Ech erënnere just un déi siwe chinesesch Banken, déi sech hei néiergelooss hunn, oder och un d'BIL, déi zënter 2017 e Groussdeel vun hirem Aktionariat a chinesescher Hand huet. Mä och de Findel gëtt ëmmer méi zu engem strategesche Cargodrëkräiz fir Ostasien. A viru Kuerzem eréischt ass eng chinesesch Cargo-Airline derbäikomm.

Zudeem ass zënter Kuerzem och eng direkt Zuchstreck vu Lëtzebuerg op Chengdu, der Hauptstadt vun der Provënz Sichuan, a Betrib. De multimodale Cargocenter zu Beetebuerg vun der CFL ass fir d'Chineesen d'Entréesdier op den europäesche Marché mat direkte Verbindungen op Mailand, Paräis, Antwerpen a Wien.

(Interruption)

A Beetebuerg. Beetebuerg an Diddeleng, pardon.

Dir gesitt also, d'Chineese wëssen, wat se u Lëtzebuerg hunn, an ëmgedréit och. An des Partnerschaft féint sech elo och an eise Schoulen erëm. Och wann et un eisichter Stell de Virwëtzen an d'Loscht op eppes méi Exotesches ass, wat d'Schüler dozou bréngt, sech a Chineeschkursen anzuschreien, esou sollt een d'Plus-value fir déi wirtschaftlech Partnerschaft téschent Lëtzebuerg a China awer net

ënnerschätzen. A verschidde Beräicher vun eiser Ekonomie kann dat spéider sécherlech en Atout fir d'Schüler sinn an enger ëmmer méi globaliséierter Welt, an enger ëmmer méi vernetzter Welt an enger Welt, wou dat Digi-taalt ëmmer méi eng grouss Roll spillt.

Här Präsident, d'Meisproochegkeet ass eis zweet Mammesprooch. An duerfir beneiden eis vill Länner. Et ass eenzegaarteg an dorobber solle mer zu Recht houfreg sinn.

D'DP huet sech an de leschte Joren derfir agesat, dass Sproochen de Schüler net fréizäitig Bildungsweeër verbauen oder d'Schüler wéinst enger anerer Mammesprooch benodelegt ginn. Dat ass net am Sënn vun der Chancerechtgkeet, esou wéi mir se verstinn. Ech denken do zum Beispill un d'Meisproochegkeet, Frëiförderung an de Crëchen. Ech denken awer och un d'Beruffsausbildung, wou d'Formation solle méi de linguistesche Realitéit vum Terrain ugepasst ginn.

Beim Léiere vun der chinesescher Sprooch geet et manner ëm d'Chancégläichheet, mä et geet méi ëm d'Ouverture vun der Lëtzebuergereffentlecher Schoul. D'Schoule maache sech am Kader vun hirer Autonomie op fir Neies a bidden de Schüler domadder nei an zousätzlech Offeren. D'DP begréisst dat ausdrécklech, well et zu der Villfältgkeet an der Attraktivitéit vun eiser effentlecher Schoul bäidréit.

Ech wëll awer och de Schüler felicitéieren, déi dee Wee ageschloen hunn, sief dat als Optiounsfach oder sief dat als Regelfach. Ech wëll da betounen, dass op der Cinquième am Koléisch am Moment eng Klass fonctionnéiert, op der Sixième sinn et awer zwou Klassen. An ech mengen, dat weist, dass souwuel d'Demande wéi och den Interessi vun de Schüler do ass, fir Chineesch ze léieren.

Chineesch mat sengen iwwer honnerttausend verschidde Schrëtzeechen ass sécher déi friemste vun de Friemsproochen, déi bei eis geschwat ginn. Émsou méi bewonnenswäert ass et dann, wa jonk Leit sech bewusst derfir entscheeden, sech an déi Sprooch an an déi Kultur eranzuschaffen. An ech wënschen hinne weiderhi vill Freed a vill Motivatioun am Léiere vun der chinesescher Sprooch.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci. An déi nächst Riednerin, d'Madamm Tess Burton, ass scho prett. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton (LSAP).** - Merci, Här Präsident. De Sujet vun dëser Heur d'actualité gouf schonns de 5. Juni an der Educationskommission en long et en large diskutéiert. Bei dëser Geleeënheet hat e Verrieder vum Educationministère präzis Informatiounen ginn, enner wéi enger Form an a wéi enge Lycéien d'Méiglechkeet besteet, fir Chineesch ze léieren.

Och gouf et zu dësem Sujet schonns den 1. Juni 2017 eng Pressekonferenz vum zoustännege Minister. Den Här Kartheiser huet d'Fro opgehäit, ob de Chineeschunterrecht, wéi en de Moment an de verschidde Lycéien fonctionnéiert, net iwwer Gesetz geregelt misst ginn, dëst wär eng Matière réservée à la loi.

An der Educationskommission krute mer heizou d'Antwort, dass d'Gesetz vum 25. Juni 2004 d'Basis fir esou e Projet d'innovation pédagogique gëtt, deemno géif kee Besoin bestoen, fir et ze legiferéieren.

Déi aner Fro, déi am Här Kartheiser senger Ufro opgeworf gëtt, ass déi, ob d'Afféiere vun Chineeschchen e Grond wär, dass d'Zuel vun de Schüler, déi Latäin léieren, réckleefeg wär. Waren 2008 nach 335 Schüler an de Latäin-kursen ageschriwwen, sinn et dëst Schouljoer nëmmen nach 185. Jo, d'Zuel vun de Latäin-schüler ass kloer réckleefeg, mä dëst ass en Trend, dee schonns zanter Joren ze beobachten ass an näischt mam Afféiere vun Chineeschchen ze dinn huet, mä éischer mat der Attraktivitéit vun Latäinunterrecht, bei deem vill Schüler sech hautzudaags net méi ugesprach fillen. Hu se näamlech de Choix téschent dem Engleschen an dem Latäin, da wile se éischer dat Englescht, well se mat där Sprooch méi am Alldag kënnen ufänken.

Här Präsident, fir eis als LSAP ass et kloer eng Chance fir d'Schüler hei zu Lëtzebuerg, dass si d'Méiglechkeet hunn, eng weider Sprooch an der effentlecher Schoul a jonkem Alter léieren ze kënnen, egal ob dëst elo Chineesch oder eng aner Sprooch ass.

Op der ganzer Welt gi mir fir eis Meisproochegkeet beneit a mir sollen houfreg dodrop sinn a se weider ausbauen. An ob mir wëllen oder net, China wäert ee vun deenen neie Leader am 21. Jorhonnert ginn, e Changement, viru deem ee sech net verschléisse soll, mä deen ee besser versteet a begleet. An dëst geet just, wann een d'Kultur an d'Sprooch vun dë-

sem Land versteet. Dofir soll ee sech viru deenen Initiativen an de Lycéien net verschléissen, mä se begréissen.

An domat soen ech lech och Merci fir d'No-lauchteren.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och der Madamm Burton. An nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, Chineesch, oder, fir méi präzis ze sinn, Mandarin gëtt vun 1,2 Milliarde Mënsche geschwat a weltwäit ass et déi meeschtgeschwat Mammesprooch. An awer gehéiert des Sprooch net zu deene meeschtgeléierte Friemsproochen; dat sinn Englesch, Däitsch, Franséisch a Spuenesch.

An och de Fait, datt zu Lëtzebuerg eng 150 Jonker Chineesch léieren, Optiounsfächer abegraff, ass eigentlech komplett marginal am Gesamtkontext vum Sproochenunterrecht an eise Schoulen.

D'Haaptfro, Dir Dammen an Dir Hären, déi ee sech an deem Kontext natierlech muss stellen, ass déi, firwat d'Chineesch iwwerhaupt agefouert ginn ass respektiv wéi eng Plus-value fir d'Schüler huet, déi déi Sprooch léieren, wuel wëssend, datt an eise Schoule schonns insgesamt siwen aner Sproochen enseignéiert ginn. Ech brauch se net ze nennen, Dir kennt se alleguer.

Dir Dammen an Dir Hären, engersäits gëtt et kaum e Land, deem seng Kultur esou wäit ewech ass wéi déi vu China vu Lëtzebuerg. An et gëtt och kaum eng Sprooch, déi méi wäit vun eisen indoeuropäesche Wuerzelen ewech ass wéi dat Chineesch. Émsou méi spannend ass et dann, des Distanz lues a lues ze iwwerwannen doduerch, datt een d'Sprooch léiert.

Anerersäits muss ee sech natierlech och froen, ob China eis, trotz senger geografescher Distanz, iwwerhaupt nach richtig friem ass. Émmerhi schwätze mer vun der zweetgréisster Wirtschaftsmuecht vun der Welt, awer och vun engem Land, wat iwwer eng direkt Zuchlinn mat Lëtzebuerg verbonden ass - se ass scho genannt ginn, de Site ass téschent Beetebuerg an Diddeleng a betrëfft den Territoire vun deenen zwou -, vun engem Land, mat deem mir och sportlech verbonne sinn doduerch, datt mer am Beräich vum Dëschtentnis op engem héijen Niveau zesummeschaffen a Projeten entwéckelen.

Mir schwätzen awer och vun engem Land, wat eng ganz Rei Wueren an Technologie produzéiert, déi mir importéieren an am Alldag notzen. An net ze vergiesse vun engem Land, wat sech duerch seng gutt Kichen auszeechent, bei där déi meesch Lëtzebuerg jo ganz aktiv sinn, selwer kachen an nach léiwer an de chinesesche Restaurant ginn.

Mä wat wësse mer eigentlech vum Alldag, vun der Geschicht a vun der Mentalitéit vun der chinesescher Populatioun?

Dir Dammen an Dir Hären, a genee des Beräicher verschaaft d'Leiere vun der Sprooch en Abléck. Dobäi ass d'Chineesch jo eng Sprooch, déi sech wäit ausserhalb vun eise Sproochekategorië beweegt an hir eege Gesetzer huet. Si besëtzt weder en Alphabet nach Fall nach Verbzäiten nach eng Andeelung a weiblech, männlech oder sächlech. Dat heescht, vill Hürden, déi d'Erléiere vun eise westleche Sproochen erschwéieren, ginn et am Chineeschchen net.

Amplaz kommen aner Elementer wéi zum Beispill d'Tonalitéit an d'Sazmelodie, déi genesou wichteg si wéi de Choix vum Vokabel, fir sech ze verstännege, an déi et ebe grad erlaben, a relativ kuerzer Zäit op en Niveau ze kommen, op deem ee gutt mat anere Mënsche kommunikéieren kann. A mir Gréng fannen dat déi éischt grouss Plus-value vun dësem Enseignement.

Viru allem ass et awer och eng Sprooch, déi sech iwwer 3.000 Joer entwéckelt huet an zum historeschen Zeie vun der Weltmuecht China ginn ass an an där eng Rei Leit eng kulturell oder intellektuell Erausforderung gesinn.

Derbäi kënnt awer och e gesunde Pragmatismus, deen een net därer vergiesse. Verstännege, Kommunikatioun an d'Sprooch generell maachen d'Dieren zu Netzwerker op. Zu Netzwerker am Wirtschafts- an am Finanzsektor, wou China eng grouss Roll spillt a wou eng ganz Rei Jonker hir berufflech Zukunft dra gesinn.

Eng Suerg, déi dann awer méi oft ausgedréckt ginn ass, och an der Kommission, an déi den Här Kartheiser och viru drun opgeworf huet, ass déi, ob d'Chineeschkursen eng Konkurrenz zum Latäin an eise Schoulen duerstellen an ob d'Latäin net riskéiert, wéi gesot, vum Chineesch verdrängt ze ginn, wann déi Coursen nach ausgebaut ginn.

Och wann d'Zuel vun de Latäin-Schüler zimlech dramatesch zréckgeet, vun 335, wann ech mech net iren, am Joer 2008 op 185 am Joer 2018, esou ass dat, eiser Meenung no, awer net d'Schuld vum Chineeschchen, mä vu ganz anere Facteuren, iwwert déi mir och eemol kënnen schwätzen. D'Motivatioun, déi eng oder déi aner Sprooch ze léieren, ass näamlech eng ganz aner.

D'Latäin gëtt weder aus ekonomesche Grënn geléiert nach fir mateneen ze kommunizéieren nach fir e ganz frieme Kulturkrees kennenzuléieren. Et gëtt geléiert, fir eis eege Kultur an eis eege Geschicht ze verstoen, fir eist kulturellt lervwen ze erhalen, fir e besseren Zougang zu de romanesche Sproochen an zu der Wëssenschaft ze kréien, viru allem an der Medezinn.

D'Chineeschkursen sinn deemno keng Konkurrenz zum Latäin, se sinn eng zousätzlech Offer, Dir Dammen an Dir Hären, a Form vun engem Projet d'innovation pédagogique, deen eise multilinguale Schoulsystem beräichert an d'Welttoppenheet vu Lëtzebuerg eng weider Kéier ennersträcht.

Nach just e Wuert zu der Fro vun der legaler Basis, déi den Här Kartheiser jo viru drun opgeworf huet. Souwäit ech weess, Här Minister, ginn esou Projeten, Projets d'innovation pédagogique oder Pilotprojeten, net d'office an d'Gesetz ageschriwwen. Dat soll awer net verhënnern, datt des Coursen eng gesetzlech Basis kréien, wa se sech bewären a wa se ausgebaut gi respektiv och besser strukturéiert ginn.

An datt mir awer och eng generell Debatt solle féieren iwwert de Sproochenunterrecht an eise Schoulen, dat ass eng Demande, déi schonns éfters hei formuléiert ginn ass, an déi mir als Gréng ennerstetzen.

An domat soen ech lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och. An den nächste Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner!

► **M. David Wagner (déi Léng).** - Merci, Här Präsident. Ier ech op de Fong vun der Saach ginn - dat Chineesch -, wollt ech awer dann och zur Form iwwergoen, déi den Här Kartheiser och ugeschwat huet. Wat net d'office muss geschéien, wéi d'Madamm Lorsché sot, mä d'Madamm Lorsché huet selwer jo och gesot, si wäeren och bereet derfir, datt mer iwwer eng Base légale fueren.

Et ass awer schonns e bësse befrügend, datt Deputéiert nach ëmmer am Joer 2019 esou Froe mussen opwerfen. Et kéint ee laang iwwert d'Modernitéit vum Lëtzebuergere Parlamentarismus diskutéieren. Ech soen ëmmer: Wann e Senator oder Deputéierten aus den USA aus dem 19. Jorhonnert an eng Zäitmaschinn géif klammen an déi Lëtzebuerg Chamber 2019 géif erliwwen, da géif e se almodesch fannen. An ech schwätzen net vun der Bannendarchitektur!

Soit! Mä zum Fong.

Wéi ech dat och scho konnt an der Kommission soen: Natierlech, ech fannen et ganz gutt, mir fannen et ganz gutt, datt een d'Schoul opmécht fir weider Sproochen. Notamment, wann ee weess, datt mir hei zu Lëtzebuerg jo e grouss Gléck hunn, datt mer d'office eng grouss germanesch Sprooch léieren - Däitsch -, déi eis d'office opmécht fir d'Erléiere vu weidere germanesche Sproochen. Well et muss een och par analogie denken. Wann een Däitsch kann, kann ee wahrscheinlech Hollännesch oder Dänesch vill méi einfach léieren. Datselwecht gëllt fir d'Franséisch, eng grouss romanesch Sprooch, déi d'Erléiere vun Spuenesch oder Italienesch oder souguer Rumänesch erlichtert. Mir sinn eis net ëmmer bewusst, wat fir e Gléck mer do hunn.

Duerno si mer och der Meenung justement, datt Chineesch muss kënnen erléiert ginn als grouss Sprooch vun der sinotibescher Famill, an natierlech och - ech mengen, den Här Wiseler ass och drop agangenen, an den Här Kartheiser och - aner grouss Sproochen:

wéi Russesch, déi d'office opmécht fir aner slawesch Sproochen;

Arabesch, déi d'office opmécht fir aner semitesch Sproochen, wéi Hebräesch oder souguer eng offiziell EU-Sprooch: Maltesesch, déi zwar net fierchterlech vill geschwat gëtt, mä ëmmerhin;

an och Portugisesch, firwat net?

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Et gouf och scho gesot, et ass awer e bëssen abstrus, datt mer déi zwar ganz schéin italianeesch Sprooch hei zu Lëtzebuerg kënnen léieren.

ren, mä déi wéineg geschwat gëtt, an déi och ganz schéi portugisesch Sprooch net esou kënnen hei zu Lëtzebuerg léieren, obwuel mer wëssen, wat fir e Poids déi Sprooch souwuel hei zu Lëtzebuerg huet wéi och op der Welt. An dat wäert ëmmer croissant goen.

Ech mengen och: Et muss een awer elo oppassen, de Problem net ze vill utilitaristeschen unzeogen. An ech bedauern e bëssen, datt mer d'Sproochproblematik utilitaristeschen ugesinn. An do kann ee sech och heiansdo iren. Et kann een dovunner ausgoen, datt China weiderhin eng grouss Roll op der Welt wäert spillen, déi zwar an zéng Joer och kann eng aner Tournure kréien. D'Geschicht kann een ni virausgesinn.

Ech hat eng Kéier justement a China mat engem Chineesch geschwat, dee ganz gutt Franséisch konnt. Mir hunn iwwer China geschwat an duerno hunn ech e bësse geheckt, ech hu gesot: « Ah là là! Dans 20 ans, en Europe, on sera tous obligés d'apprendre le chinois. » An hien huet geäntwert, en huet gelaacht, du sot en: « Non, non, ne vous inquiétez pas, nous connaissons déjà toutes vos langues. »

Mä dovunner ofgesinn, mengen ech, datt een awer och justement déi humanisteschen Plus-value muss kennen, wann een aner Sprooch léiert. D'Ëffnung zu enger weiderer Sprooch ass net just d'Ëffnung zu enger Sprooch, fir ze kommunizéieren a Business ze maachen, mä et ass och en Avantage, deen ee kann hunn, fir iwwerhaupt d'Welt ze verstoen an iwwerhaupt och d'Verhältnisser iwwerall kennen ze verstoen.

Wann ee Spuenesch kann zum Beispill, niewebäi gesot, an et stellt ee sech Froen iwwert dat, wat a Venezuela leeft, dann huet een natierlech besser, eng hispanofon Quell ze kucken wéi eng anglofon, well da gëtt ee wahrscheinlech méi objektiv informéiert. Dat kéint een och op aner Saachen applizéieren.

Dofir, déi utilitaristeschen Approche fannen ech e bësse schlecht. An de Problem, deen ech awer och hunn, mat deem weideren Erléiere vun der Sprooch: Fir wie gëtt déi Dier opgemaach, zum Beispill mat Chineesch?

Déi Fro hätt ee sech och scho kënnen stelle beim Latäin. Mir wëssen all, wat fir eng sozial Kategorien éischter Latäin konnte léieren. Et si Leit, déi schon deemools geduecht hunn, Latäin géif näischt bréngen. Et sinn der, déi dat souguer haut mengen. An dat ass falsch! Quitte datt et utilitaristeschen an der Businesssprooch net onbedéngt eppes bréngt, mä et kritt een e Capital culturel sonnergläichen, wann ee se kann.

Et ass u sech immens nätzlech an et erëffnet engem Mënsch och immens vill Méiglechkeeten.

An dofir muss ee sech och d'Fro stellen, ob och d'Erléiere vun enger weiderer Sprooch/Welt-sprooch, Chineesch, Russesch, Arabesch, jee, ob een dat net och muss generaliséieren. Muss dat nëmmen am Enseignement secondaire classique sinn? Muss dat nëmmen do sinn? Kann et net och am Technique (veuillez lire : am Général) sinn? Ech gesi keng Ursach, firwat Schüler am Général dat net kéinte maachen.

A sollte sech net och d'Schüler an och hir Eltere mat der Fro auseruesetzen, vläicht schonn e bësse méi fréi, am Fondamental? Well esou eng Decision kann een net einfach esou huelen.

Schlussendlech wier et natierlech nach vu Virdeel, wann een en Tronc commun hätt an et géif een net d'Schüler vuneneen trennen direkt ab zwielef Joer.

Voilà! Dat war ebe mäi Bäitrag dozou.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. An da géif ech der Regierung d'Wuert ginn. Den Educationminister Claude Meisch, wannechgelift.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen net wäit op Chineesch. Ech hat net d'Chance, Chineesch ze léieren a mengem Schoulparcours. Ech sinn awer duerfir frou, datt de Fernand Kartheiser eis de Mëtteg d'Geleeënheet gëtt, fir kuerz op déi Méiglechkeeten, déi mer mëttlerweil an eisem Schoulsystem hunn, déi effektiv ënnerschiddlech sinn, fir Chineesch ze léieren, kënnen anzegoen.

D'Virriedner hunn alleguerne schonn higewisen op déi ganz villsäiteg wirtschaftlech Bezéiungen tëschent eisem Land a China, awer och d'Präsenz vu ville chineseschen Awunner.

D'chinesesch Gastronomie ass erwäant ginn, d'Präsenz vun der chinesescher Kultur.

An ech denken, datt et och muer hei zu Lëtzebuerg sécherlech en Avantage wäert sinn, wann ech d'chinesesch Sprooch maistriséieren, sief dat, fir a chineseschen Entrepreneuren, déi och hei zu Lëtzebuerg präsent sinn, kënnen ze schaffen, sief et awer och, fir vun hei aus international Tätigkeeten ze sinn, sief et awer och nëmmen als Touristeguide an der Stad Lëtzebuerg. Do denken ech, alles dat si Beräicher, an et weist engem, wéi breet datt se kënnen gefächert ginn, wou d'chinesesch Sprooch engem kann a senger perséinlecher Entwécklung virunhëllefen.

Ech mengen och, datt mer déi Relatiounen tëschent Lëtzebuerg a China net nëmmen op wirtschaftlechen Austausch kënnen baséieren, wa mer virun allem wirtschaftlechen Austausch och entwéckelt hunn am Laf vun deene leschte Joren, wat zum Benefiss vu béide Säite war, datt mer gradesou och mussen Effortee maachen, fir e kulturellen Austausch ze assuréieren, en educativen Austausch ze assuréieren. Hei si Sportsprojete genannt ginn. Et gëtt Recherche-Projete. Ech denken, datt dat op d'mannst esou wichteg ass, fir eng gesamt Kollaboratioun do kënnen och sécherstellen.

Mir hunn an eisem Schoulsystem mëttlerweil eng ganz Rei vu Méiglechkeeten, wéi een déi chinesesch Sprooch kann erléieren. Eng vun deene rezentesten ass déi, déi am Athénée an der Stad ugebuede gëtt, wou ee kann eng Sektoun wäit, wou ab der Sixième Chineesch geléiert gëtt, esou wéi op enger anerer Sektoun da Latäin geléiert gëtt, mat deemselwechte Volume u Stonnen, an dat och bis op Première. Dee Modell war effektiv e Modell. Deen hu mer probéiert virun zwee Joer. An en huet dach awer e grouss Succès, well en huet virun allem Uklang bei de Schüler fonnt.

Et gëtt aner Méiglechkeeten. Zum Beispill ab dem nächste Joer wäert en anere Lycée an der Stad Lëtzebuerg, de Lycée Michel-Rodange, e Projet d'innovation pédagogique lancéieren, wou ee Chineesch och als « quatrième langue vivante » ka léieren. Also, och dat, denken ech, op eng aner Manéier sécherlech, mat enger anerer Zäitsetzung och.

Esou war et och de Fall am Lycée Ermesinde, iwwert dee mer d'lescht Woch hei geschwat hunn. Well mer dat Gesetz gestëmmt hunn an eng Rei vu Restrukturatiounen innerhalb vun der Organisation vun deem Lycée gemaach goufen, wäert och de Lycée Ermesinde op dee Modell vum Athénée aus der Stad zréckgräifen, dat heescht eng Sektoun an Zukunft ubidden, déi parallel zu engem Latäin och ka Chineesch da mat ubidden.

An da gëtt et ganz vill Lycéëen, déi bidde Chineesch als Optioun respektiv als Cours facultatif un.

An ech denken, datt et wichteg ass, entgéint der Meenung, déi hei vum Fernand Kartheiser vertraude gouf, datt mer och do ënnerschiddlech Modeller proposéieren, well et gëtt ënnerschiddlech Zäitsetzungen. Et gëtt ganz ënnerschiddlech Besoinen.

Vun enger kultureller Ouverture ass hei op Plaze geschwat ginn. An, ech mengen, mer sinn alleguerne der Meenung, datt dat e wichtige Aspekt ka sinn, bis hin zu enger Studiefähigkeit och a China, datt een d'chinesesch Sprooch also wäit muss maistriséieren, datt een och an der chinesescher Sprooch ka studéieren goen.

An och dat assuréiere mer. An deem Modell, wéi en am Athénée ugebuede gëtt, assuréiere mer dat. Wann ech do meng Deuxième respektiv meng Première gemaach hunn, da kann ech mech och a China op eng Universitéit mellen an hunn do Zougang zu Studien op enger chinesescher Universitéit.

Zur Fro, ob déi Modeller dann elo eng gesetzlech Basis hätten, muss ech dat awer kloer korrigéieren, wat de Fernand Kartheiser hei seet, well déi sinn als Projet d'innovation pédagogique lancéiert ginn. D'Gesetz seet, datt deen d'Approbatiou vum Minister brauch.

Wann en derogéiert zum Programm respektiv zum Horaire, muss e Règlement grand-ducal geholl ginn. An do, wou dat de Fall war, hu mer och dee Règlement grand-ducal geholl. Mir hunn eis also absolutt - absolutt! - un d'Gesetz gehalen, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, wéi ee ka Projete, Projets d'innovation pédagogique wéi déi heiten, lancéieren.

D'Gesetz gesäit och nach vir, datt se mussen evaluéiert ginn. An ech denken, datt een no enger Zäit, wéi zum Beispill dräi Joer, esou eng Evaluatioun ka maachen an da muss feststellen: Ass dat doten e Modell, deen ee méi wäit kann ausdeenen? Ass et e Modell, dee mer och fest an eis gesetzlech baséiert Offer eranhuelen? Da soll legiferéiert ginn.

Et kann awer och esou sinn, datt een de Contraire feststellt an eigentlech seet: Dat doten,

dat huet net den Zäitsetzungen entsprach an huet net d'Erwaardungen erfëllt, an een et duerfir éischter géif auslaffe loosser, wéi et iwwer Gesetz ze verallgemengeren.

Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer och iwwert d'Gesetz modifié vum 10. Mee 1968 iwwert den Enseignement secondaire do d'Méiglechkeet hunn, Matières supplémentaires kënnen anzeféieren an de Schoulen, an dat iwwer Règlement grand-ducal, also net onbedéngt iwwer Gesetz. Dat, wat mer hei maachen, wat d'chinesesch Sprooch ubelaangt an och wat vill aner Innovatiounen an eiser Schoul ubelaangt, ass absolutt gesetzlech ofgedeckt an huet eng fest gesetzlech Basis an deem Mooss, wéi mer et dann ubidden.

Vläicht nach ofschléissend e Wuert, Här President, zum Latäin. Also, mir kënnen net feststellen, datt zum Beispill do, wou mer elo deen neie Modell offréieren, fir Chineesch ze léieren an deem Rhythmus, ab der Sixième, wéi ee viru Latäin geléiert huet, datt dat au détrimement vun der Latäinsektioun gaange wär.

Mir stelle fest: An deenen zwee Joer, wou mer Chineesch ubidden, ass d'Zuel vun de Schüler vun 23 op 36 eropgaangen. Parallel ass d'Zuel vun deenen, déi d'Latäinsektioun gewielt hunn, vun 32 op 43 eropgaangen. Et ass also net esou, datt et e Vase communicant gëtt. A wa generell d'Schüler vun deenen, déi sech landeswäit op Latäin aschreien, erofgaangen ass, dann huet dat sécherlech aner Ursachen, awer net onbedéngt, datt mer hei eng zousätzlech Offer, ebe grad déi vun der chinesescher Sprooch, gemaach hunn.

Et gëtt awer och Bewegung an eise Schoulen, aus de Schoulen eraus, déi eben de Souci droen, fir méi Schüler d'Méiglechkeet ze ginn, erëm Latäin ze léieren an d'Latäinsektioun méi attraktiv ze maachen. Och dat ass e Projet d'innovation pédagogique, deen ab der nächster Rentrée wäert lancéiert ginn, och am Lycée Michel-Rodange, näamlech fir ab der Sixième wuel Latäin ze maachen, awer gläichzäitig och schonn ab der Sixième Englesch ze maachen. Well dat vläicht eppes ass, wat bis elo - dat ass op jidde Fall emol d'Hypothesen - deen een oder deen aner Schüler dervun ofgehalen huet, fir op d'Latäinsektioun ze goen.

An ech denken, datt mer duerfir déi Méiglechkeete vun engem Projet d'innovation pédagogique hei net nëmmen asetzen en faveur vun der chinesescher Sprooch, mä mer kënnen deen Outil gradesou gutt nutzen, fir eben och ze kucken, wéi mer dem Latäin vläicht och iwwer nei Formen an nei Moduller kënnen seng Plaz an eiser Educatioun halen.

Duerfir villmools Merci nach eng Kéier, datt mer d'Geleeënheet haten, e klengen Iwwerbléck iwwert déi dote schoulesch Offer ze maachen, déi soss net esou oft am Rampenlicht steet. An all den Intervenante Merci fir hire konstruktive Bäitrag. An eppes schéngt mer eis op jidde Fall eens ze sinn, datt ass, datt d'chinesesch Sprooch hir Plaz och an eisem Schoulsystem soll hunn, well se vu grousser Weltbedeutung ass, mä well se awer och fir individuell Liewenschancë ka stoen.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools och dem Educationminister Claude Meisch. Dese Punkt ass domadder ...

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Ah, den Här Kartheiser wëllt nach eng Kéier eppes soen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Wann ech d'Reglement richtig an Erënnung hunn, Här President, hunn ech déi Méiglechkeet.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Parole après ministre.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ass et net souguer, datt een nach eng Kéier kann nofroen?

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Anescht net.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Gutt! Da wollt ech just nach eng Kéier eng Fro un den Här Minister stellen. An dat ass de Projet d'innovation pédagogique. Ech mengen, mir schwätzen hei, an den Här Minister huet dat selwer gesot, datt een dat eng Zäit laang ...

Ah, do ass den Här Minister.

... probéiert an dann ebe feststellt, sot den Här Minister, ob een et an d'Gesetz aschreift oder net.

Mä dat géif heeschen, an deem Fall, wann ech seng Ausféierunge ganz consideréieren, datt een eréischt praktesch no sechs Joer, also wann déi éischt Première da sinn, géif kucken, ob e Gesetz virgeluecht gëtt oder net.

Mä dat ass dann net méi Innovation pédagogique. Et wär also gutt, wa mer eng Kéier kéinten driwwer schwätzen, wat d'Portée ass vun

deem Begrëff „Projet d'innovation pédagogique“ a wat wierklech d'Aféieren, wéi et hei ass, vun enger neier Sprooch an e puer Gebaier, a verschiddene Modalitéiten ... Wou läit fir lech d'Grenz tëschent engem Projet d'innovation pédagogique an enger substanzierter Annerung am Schoulwiesem zum Beispill duerch d'Aféierung vun enger neier Sprooch?

Ech wëll verweisen op dee Memorandum of Understanding, deen Der mat der Republik Portugal ënnerschriwwen hutt, deen Der och net wëllt an d'Parlament bréngen fir eng Ratifizierung, contrairement zur Verfassung, wéinst dann eiser Interpretatioun an där vun der Cour.

Et ass einfach esou, datt och do Portugisesch als Sprooch an eise Schoule promovéiert gëtt, op verschidde Manéieren. An och dat laanscht d'Parlament. Och do kann een natierlech soen, zu Recht: Portugisesch ass wichteg a mir mussen driwwer schwätzen, wéi mer och d'Kanner aus esou Familien eventuell a Kontakt mat hirer Sprooch loosser.

Alles dat sinn Diskussiounen, déi ee ka féieren. Awer mir als ADR verlaangen, datt mer och dat hei am Parlament maachen, déi Diskussioun hei am Parlament féieren, an datt et net duergéit, datt den Unterrichtsminister mat der Republik Portugal en Accord ofschléisst an dat dann an de Schoulen ëmsetzt an des Chamber gëtt net dermat befasst. Dat geet an eisen Äen net.

Also déi Fro: Wéi ass et mam Portugiseschen?

An zweetens: Wou ass d'Grenz tëschent engem Projet d'innovation pédagogique an enger Neierung am Schoulwiesem, wou Dir mengt: „Hei, vun deem Abléck u muss ech an d'Chamber, fir eng Autorisatioun derfir ze kréien.“?

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Educationminister huet d'Wuert.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Merci, Här President. Ech denke schonn, datt ech dann, wa mer elo iwwert d'portugisesch Sprooch schwätzen, den Intitulé vun Afer Fro e bësse falsch verstanen hat a falsch interpretéiert hat. Dann, ech kann lech awer gären op déi dote Fro och äntwerten.

Ech hu selwer viruun hei gesot, datt dee Modell, wéi mer en agefouert hunn am Athénée - also Chineesch offréieren, esou wéi mer Latäin offréieren, fir et verknappt auszedrücken -, datt een dee soll dräi Joer, hunn ech viruun hei op deser Tribün gesot, lafe loosser an dann eng Evaluatioun maachen. Ech denken net, datt ee muss ...

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Ech mengen net onbedéngt, datt ee muss sechs Joer do fueren.

Fir mech ass et wichteg, ob eng Offer wéi déi doten dann och Schüler fénn. Et hätt kënnen sinn, datt mer dat dote gemaach hätten ... Stellt lech da vir, mir hätten direkt e Gesetz gemaach, mir wäeren heihinnerkomm, mir hätten dee ganze Statsapparat mobiliséiert, fir e Gesetz ze maachen, awer et wär kee Schüler dohinnergang!

Mir wëssen haut, datt dat doten eng Offer ass, déi souwuel Schüler interesséiert a wou och Schüler kënnen dra reusséieren a virkommen. Dat ass eng wichteg Erkenntnis, déi mer am Kontext vun deem Projet d'innovation pédagogique do konnte kréien, an deen eis, denken ech, genuch Donnéeë gëtt, déi e liwwert, fir kënnen doropshin e Gesetzesprojet dann och auszeschaffen an dee mer deemnächst wäerten hei an d'Haus erabréngen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Dat hunn ech viruun awer schonn d'selwecht gesot. Duerfir ass et ëmmer gutt, wann ech et nach eng Kéier widerhuelen.

Dir hutt näamlech och schonn e puermol d'Fro iwwert dee Memorandum of Understanding, dee mer mat Portugal ënnerschriwwen hunn, gestallt. Ech wëll lech awer dozou kloer soen: É Memorandum of Understanding ass en Agreement, deen ee mécht mat engem Partner, wou ee prinzipiell eng ganz Rei vu Punkte festhält a wou een dann duerno, jee nodeem, wat an deene Punkt do steet, kuckt: Muss ech dat iwwer e Règlement, muss ech dat iwwer e Gesetz, muss ech dat iwwer eng Instruktions, muss ech dat iwwer en Arrêté dann och deementsprechend ëmsetzen? A genausou hu mer et gemaach.

Villes, d'ailleurs, wat an deem dote Memorandum of Understanding stoung, huet scho laang fonctionnéiert. Et ass just licht korrigéiert ginn. A wann et iergendwou eppes war, wat mer da missten iwwer e Règlement oder e Gesetz dann och aféieren an eise gesetzleche Kader, regle-



mentaresche Kader, fir Schoul kënnen ze organisieren, da wärte mer dat iwwert deen dote Wee och maachen. Dat ass eng Evidenz. Duerfir hunn ech Är Opreegung fir Är Fro an deem dote Fall net verstanen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Nach eng Kéier Merci dem Educatiounsminister. Dese Punkt ass dann domadder ofgeschloss.

9. 7189 - Projet de loi concernant l'Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse

Mir kommen elo zum Projet de loi 7189 iwwert de Statsinstitut fir Hëllef fir d'Kandheet an d'Jugend. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Galles, d'Madamm Bernard, den Här Engel, den Här Kartheiser, den Här Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.** - Merci villmools, Här President. Bei deem Projet geet et em d'Schafe vun engem neie legale Kader fir déi staatlech Kannerheemer oder, wéi et an Zukunft heescht, fir den Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse.

Ier ech awer op d'Eenzelheete vun deem Projet de loi ze schwätze kommen, erlaabt mer, e kuerze Réckbléck ze maachen, wéi des Kannerheemer an domat och de Rôle, deen de Stat doranner spillt, am Laf vun der Zäit evoluéiert hunn.

E ganz ausféierlechen Historique vun de staatleche Kannerheemer fannt Der am Exposé des motifs vum Projet de loi. Déi Leit, déi et interesséiert, déi kënnen sech déi Lektür do zu Häerz huelen. Si ass net nëmme ganz exhaustiv, mä si ass och ganz, ganz interessant.

Déi éischt staatlech Kannerheemer si Métt vum 19. Jorhonnert entstanen, kuerz nodeems Lëtzebuerg onofhängeg ginn ass. Si sinn an deem Bewosstsinn entstanen, dass de Stat sozial Institutione bräicht, fir méi geziilt géint d'Kannerraarmut hei am Land virzegoen. Dës Institution war am Ufank am Hospice central d'Ettelbruck, dem haitege CHNP, integréiert. Dese Hospice zu Ettelbréck war awer net nëmme e Kannerheem, neen, et war och eng Klinik an en Aarmenhaus.

Doropshin huet de Legislatuer 1870 gemengt, e misst eng aner Form fir d'Prise en charge vun de Kanner schafen. An d'Kanner sinn dunn op de Plateau du Rham, „op d'Rhum“, wéi d'Lëtzebuenger soen, komm, wou si iwwer ee Jorhonnert zesumme mat eelere Matmënsche gelieft hunn.

Mam Gesetz vun 2004 kruten d'Maisons d'enfants de l'État dunn déi éischte Kéier e legale Kader. An dat Gesetz war u sech wéinst dräi Ursache wichteg: éischstens emol, wéi ech gesot hunn, fir e legale Kader fir déi staatlech Kannerheemer ze schafen, nodeems se net méi um Centre du Rham integréiert waren; zweetens huet d'Gesetz den Usproch gehat, den neie soziale Realitéite vun deemools Rechnung ze droen; an drëtzens huet de Stat sech selwer d'Méiglechkeet an d'Moyenen u sech ginn, fir an deem sensibelen Beräich gegebenenfalls selwer anzegräifen an Initiativen ze huelen.

En anert wichteg Gesetz, wat ech nach wéll ervirsträchen, ass d'Gesetz vum 16. Dezember 2008 iwwert d'Aide à l'enfance et à la famille. Dat huet net nëmme fir strukturell Annerunge gesuergt, mä enner anerem och de Financement forfaitaire agefouert an der Aide à l'enfance e legale Kader ginn.

Voilà! Dat hei waren elo e puer vun de wichtegen Tëschenetappen. Allgemeng ass awer festzehalen, dass de Stat sech senger sozialer Roll am Laf vun der Zäit ëmmer méi bewosst ginn ass a sech de Problemer vun de Kanner ëmmer méi ugeholl huet.

Här President, eppes, wat déi staatlech Institutione vun de private konventionéierten Haiser ënnerscheet, ass niewent dem Financement och, dass de Stat d'Moyenen an d'Flexibilitéit huet, fir eng er extrem vulnerabeler Populatioun souwuel Projeten am sozioeducativen, psychosozialen, präventiven, awer och am therapeutische Beräich ze offréieren. Do ass de Stat einfach méi breet opgestallt.

Et wéllt ee mat eng transversaler Approche den educativen, sozialen, schouleschen, psychologeschen an therapeutische Volet beschtméiglech mateneen associéieren, andeems een en holistische Bléck op déi betraffe Kanner werft. Genau déi Philosophie féinnt sech an deem Projet de loi erëm.

Aner Charakteristike vun deem Gesetz sinn d'Méiglechkeet, eng complémentaire Offer

zum private Secteur ze schafen an des interministeriell an interdisziplinär mateneen ze verknäppen. Des Weidere gëtt och der Entwécklung vun de verschidde Strukturen an Departementer Rechnung gedroen.

De gesetzleche Kader gëtt mat deem Gesetz där Entwécklung ugepasst.

A schlussendlech soll den Institut och natierlech déi néideg personell Ressourcen zur Verfügung gestallt kréien, fir seng villfälteg Aufgaben ze meeschteren.

Dat sinn, Kolleegen a Kolleginnen, d'Haaptobjektiver vun deem Projet de loi.

Deen neien Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse ass a fénnef Departementer opgedeelt. An ech wéll lech déi kuerz virstellen.

Ech fänken u mam Département hébergement. Dese besteet aus de Centres d'accueil an de Logementsstrukturen. Am Moment gëtt et siwe Foyeren oder Centres d'accueil am Land, an deenen am Ganze 60 Kanner a Jugendlecher kënnen betreit ginn. Zu Schëffleng ass et d'Maison Frieden, d'Maison Bieber, de Centre „Um Mouer“ an de Foyer „Um Wendel“. Zu Diddeleng gëtt de de Foyer Dr Colling, de Relais „Maertenshaus“ an de Jugendgrupp. Et kann een awer och nach derbäisoen, dass ronn 90 % vun de Kanner a Jugendlechen op Basis vun enger Décision judiciaire an dese Strukture placéiert sinn.

Dat zweet Departement ass den Département prévention. Dese besteet aus de Structures d'aide et d'accompagnement social fir d'Kanner an hir Familljen. Do gëtt et eng Kéier de Service „Treff-Punkt“ an eng Kéier de Service „Treff-Punkt Prison“. 2018 goufen am Ganzen 3.300 Visitten organiséiert.

Da kommen ech zum Département thérapeutique. Dese këmmert sech natierlech em den therapeutische Suivi souwéi och em dee sozioeducativen Enseignement vun de Kanner, déi eng schwéier Psychos hunn. Aktuell gehéiert de Centre psychothérapeutique de jour „Andalé“ zu Diddeleng zu deem Departement. An d'nächst Joer geet e weidert therapeutesch Angebot, eng Antenn am Norden op, an zwar zu Wuelessen an der Gemeng Parc Housen.

Déi zweet lescht Departementer sinn de Centre de ressources, dee speziell Servicer fir déi aner Departementer ubitt, an och den Département administratif.

Am Ganzen, ass ze soen, hunn d'Maisons d'enfants de l'État am Moment ronn 116 voll Tächen zur Verfügung.

Här President, a Saachen Assurance qualité inspiréiert sech dese Projet de loi um Prinzip vum Referenzkader, esou wéi mir en am modifizéierte Gesetz vum 4. Juli 2008 ageschriwwen hunn. An deem Sënn gëtt och fir all Kand a fir all Jugendlechen, dee vun engem Institut à charge geholl gëtt, e perséinleche Projet d'accompagnement ausgeschafft.

Zudeem huet och dat sozioeducatiiv, psychosoziaalt an therapeutesch Personal d'Obligation, mindestens 40 Stonne Formation continue iwwer eng Period vun zwee Joer ze maachen.

Déi perséinlech Donnéeë vun de Kanner an de Jugendlechen, déi ginn an engem dofir bestëmmte Fichier gespäichert. An d'Période de conservation vun deenen awer sensibelen Donnéeën ass op fénnef Joer limitéiert ginn. De Point de départ vun deem Delai ass fir de Majeur dee Moment, wou en den Institut verléisst, a fir d'Mineuren dee Moment, wa si groussjäreg gi sinn. Et sief nach ervirgestrach, dass d'CNPD desen Delai fir absolutt rasonabel hält an en zudeem och de Gebrauchszwecker ugepasst wier.

Fir all weider Informatiounen an och zu den Aweise verweisen ech op de schrëftleche Rapport, net awer ouni de Kommissionsmembereen an alleguerten deene Leit Merci ze soen, déi matgeholfen hunn, um deem Projet ze schaffen an déi och de Mëtten an d'Chamber komm sinn an heuewe setzen.

Dest gesot, soen ech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gilles Baum. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Paul Galles (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Alleréischtmengem Virriedner, dem Gilles Baum, villmools Merci fir sai Rapport, méndlech, mënschlech a schrëftlech.

(Interruption)

A wéi scho virdu gesot gouf, stëmme mer haut e Projet of, mat deem d'Organisatioun an

d'Missioune vun de staatleche Kannerheemer solle reforméiert ginn. Mir schafen also fir déi bestoend Strukturen eng gesetzlech Grondlag, fir se op déi haiteg an déi zukünfteg Ufuerderunge virzubereeden.

Et gëllt, eng verbessert Koordinatioun ënnert den ënnerschiddleche Servicer a Strukturen ze schafen an ze assurieren. Dest Joer feieren déi staatlech Kannerheemer hei zu Lëtzebuerg iwwregens hiren 135. Anniversaire. An de Gilles Baum ass schonn drop agaangen, dat éischt Kannerheem ass 1884 entstanen, wéi 83 Kanner aus dem Hospice central d'Ettelbruck an déi al Kasären um Plateau du Rham, also d'Rhum geplënnert sinn.

Et ass wouer, et handelt sech, wéi e puermol gesot gouf, hei em ee klenge Projet, well et sech em net immens vill Strukturen handelt, an och hei huet de Gilles Baum se alleguete schonn opgezielt. An et sinn der jo awer trotzdem eng ganz Rei.

An och wann et quantitativ eigentlech ee klenge Projet ass, esou ass et awer ee mat enger laanger a spannender Geschichte, an där een Deel vun der Lëtzebuenger Sozialgeschichte sech ofspilt an ee villes doriwuer Léiere kann, wéi d'Opmierksamkeet, wéi d'Schwierigkeeten an d'Erausfuederunge sech entwéckelt hunn an ëmmer erëm nei Iddien entstanen sinn. Nenne wéll ech als Beispill de Service Treff-Punkt am Prisong.

D'Zil bis haut vun de Kannerheemer ass, fir d'Wuel vum Kand an esou enger Struktur ze suergen, sech em hir Integreatioun an der Gesellschaft ze këmmere, hir berufflech, kulturell an och hir moralesch Rechteer ze verteidegen.

D'CSV-Fraktioun wäert dese Projet matstëmmen. Do gëtt et eng gewësse Selbstverständlechkeet.

Ech wéll d'Geleeenheet notzen, och menger Kollegin Françoise Hetto Merci ze soe fir deen immens gudden Austausch iwwert dese Gesetzesprojet, bei deem ech selwer ganz vill geléiert hunn.

Trotzdem hu mer awer e puer Umierkungen, zum Deel och kritesch Remarken heizou ze maachen, déi ech lech elo ganz kuerz wéll duerleeën. Et si Bemierkungen, déi méi allgemenger Natur sinn, déi awer beim Schaffen un deem Projet opgetaucht sinn an déi eis an alle Parteie këinten, jo vläicht souguer sollten interessieren a beschäftegen.

Wat hätt een näamlech alles kënnen maachen an deem Moment, wou een d'staatlech Kannerheemer iwwerschafft? War et néideg, eng parallell Struktur zum Privatsektor ze halen? Oder wéi versteet e moderne Stat sech selwer? Wéi versteet e seng Aufgaben, wann et aus der Métt vun der Gesellschaft Initiative gëtt vun ausgebildete Bierger, déi ebe genau déi Missionen erfüllen, déi staatlech Kannerheemer och hunn? Dat ass déi éischt Fro an ech wäert nach e puer Wieder dozou soen.

An dozou schléisst sech dann déi zweet Fro un: Wann et d'staatlech Kannerheemer da gëtt, woufir funktionéiere se dann awer iwwer en eegene System, net iwwert deeselwechte wéi d'Privatstrukturen? Woufir keen Agreement? En Thema, iwwert dat mer och an der Kommissioun oft diskutéiert hunn. Woufir e bësse vun der Aide à l'enfance getrennt sinn? Woufir net iwwer eng Zesummenaarbecht beim ONE? Oder, fir et anescht ze soen: Woufir muss sech de Stat selwer net un déi Regelen halen, déi en aneren am System awer virschreift? Dohannert steet, an domat sinn ech erëm bei menger éischer Fro, de Prinzip, d'Thema an d'Fro vun der Subsidiaritéit.

Et kéint ee sech jo awer virstellen, dass de Stat entscheet, keng parallell Strukturen oprechtzëherhalen, mä seng Kannerheemer engem aneren Träger unzevertrauen an dann eben och iwwert den Agreement ze fueren. Et kéint ee sech jo awer virstellen, dass de Stat sech entscheet, an esou engem wichtigege a sensibelen Thema wéi de Kannerheemer eng transversal Roll ze iwwerhuelen, déi da fir alleguerten d'Träger am Secteur gëllt, dass den ONE als Guichet unique fir all System am Secteur géif gëllen an dass de Secteur net géif fragmentariséiert ginn, bleiwen oder iergendwéi an dee Risiko géif geroden.

Vläicht wär et souguer an der Logik vun der Emstrukturéierung vun 2015 gewiescht, elo am Sënn vun der Subsidiaritéit dem Stat d'Méiglechkeet ze ginn, sech op de Monitoring, d'Innovatioun, d'Recherche, op dat flexibel Virausplange vun Infrastrukturen an op de Contrôle qualité ze konzentréieren an dobäi mat lauter Träger ze dinn ze hunn, déi en Agreement hunn. Esou awer behale mer d'Zweegleisegkeet.

An et ka gutt sinn, dass do Ressourcen an Energie verluer ginn, déi net misste verluer goen. Well d'Erausfuederunge vun dem Secteur sinn enorm. Zum Beispill d'Gestioun vun den Ur-

gencëplazen oder vum Retour en famille. An des grouss Erausfuederunge leeden zu där eigentlecher, éischer fundamentaler Fro, déi ee sech virun all Strukturéierung an Emstrukturéierung muss stellen, näamlech: Wat brauche mer iwwerhaapt? Eng Zweegleisegkeet kann op Dauer eigentlech net d'Zil si vun engem Stat, deen de Prinzip vun der Subsidiaritéit ze schätze weess.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro vun der Subsidiaritéit ass grouss. Et ass d'Fro vun der Selbstverständnis vum Stat. Si wäert duerch dese Projet weder bestätegt nach widerluecht ginn. Mä si muss gestallt ginn. An dat wollt ech heimat maachen.

Mir wënschen de staatleche Kannerheemer an allen, déi fir si a mat hinne schaffen, eng gléckleche Hand an hirer immens wichtigege Missioun.

An ech soen lech villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Stat organiséiert mat deem neie Projet de loi u sech complémentaire zum Secteur privé eng Rei vu Strukturen. Et kënt zu enger transversaler Zesummenaarbecht, déi geféiert gëtt. D'Zesummenaarbecht téshent de Professionelle gëtt organiséiert a gëtt developéiert an déi néideg Ressourcë gi bereetgestallt. U sech gëtt awer, dat ass de fénnefte Punkt vun deene fénnef Punkten, déi dese Projet de loi charakteriséieren, déi aktuell Situatioun, wéi se elo ass, un d'Gesetz ugepasst, oder d'Gesetz passt déi aktuell Situatioun richteg un.

An duerfir wäerte mir als LSAP dese Projet och matstëmmen, well et eng Upassung un eppes ass, wat gutt fonctionnéiert, wat am Moment och en place ass, a well et och an déi richteg Richtung geet, fir d'Zesummenaarbecht téshent de Professionellen ze organisieren an och ze developéieren.

Ganz gutt fanne mer natierlech och, dass dee Projet d'accompagnement personnalisé hei och eng Basis kritt an, anescht wéi vläicht op anere Plazen, de Fichier vun deenen Données à caractère personnel hei ganz kloer geregelt ass, an dat op fénnef Joer, wat och gutt ass.

Eng Reflexioun awer zu dem Här Galles sengen Ausféierungen, déi ech u sech ganz interessant fannen an och derwäert fannen, dass een driwwer diskutéiert, esou mengen ech awer, dass et wichteg ass, dass de Stat seng Responsabilitéit a verschidde Domänen och hält. Enner anerem och an der Betreuung vun deenen, déi et am noutwendegsten hunn, hei vun deene Kanner, déi dann iwwert d'Gericht placéiert ginn zu 90 %, gouf jo am Rapport vum Här Baum gesot, deen iwwregens ganz gutt war an deem ech och Merci soe fir sai méndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech mengen, dass de Stat do muss och de Garant si vun enger Impartialitéit, muss de Garant si vun enger Continuitéit an och muss senger Virreideroll hei gerecht ginn, déi Virreideroll, déi hie jo säit méi wéi honnert Joer huet. Duerfir, och wann den Usaz interessant ass, fir ze soen, firwat net sech ganz erauszéien an dat un déi aner Träger ginn, esou muss ech soen, dass ech mengen, dass et awer derwäert ass, dass de Stat weider seng Responsabilitéit hei hält.

Als de Gemengepapp, deen dat eenzegt gemengeféiert Altersheim hei am Land huet, kann ech dat och nëmme ennerstëtzen, dass dat och dee richtige Wee ass. Wann ech gesinn, wéi eis Struktur geféiert ass a wéi se par rapport zu anere Strukturen dosteet, wann een och nëmme de Pensionspräis kuckt, sti mer ganz gutt do. An och wat d'Qualitéit vum Service ugeet. Soudass ech mengen, dass de Stat hei wierklech seng Roll ka spillen.

Dat gesot, géif ech heimadder den Accord vun der LSAP ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engel. Nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, de Secteur vun der Aide à l'enfance huet sech an deene leschte Joren immens staark entwéckelt. Et ass e Secteur, dee sech der Hëllef vum Kand a senger Famill verschriwwen huet, sief dat ambulante Hëllef an der Famill duerch eng Assis-

tance psychosociale oder ausserhalb vun der Famill a verschiddene Strukturen.

Laut de leschten Zuele vum ONE am Oktober 2018 accueillieren zwielef Organisme 483 Kanner a Jugendlecher am klassischen Accueil. Dovunner sinn der just 69 staatlech (veuillez lire : Dovunner sinn der just 69 bei staatlechen Organismen). Déi aner ginn all vu privaten Träger iwwer Konvention mam Stat gedroen. Den Accueil urgent a spécialisé ass bis haut eleng a privaten Hänn. Hei schwätze mer zousätzlech vun 43 respektiv 36 Placemeter.

Mir gesinn, do, wou fréier d'Léisung d'Kannerheem war, ass haut eng komplex Panoplie u verschiddenen alters- wéi situatiungsgerechte Léisungen a Wunnkonzepter. D'Trägerlandschaft ass grouss a verschidde mat staarkem Qualitéitskader, diversen de Besoine vum Kand oder vum Jugendlechen ugepasste Wunnléisungen an dem Finanzéierungsmechanismus vum ONE.

Nieft der breeder Präsenz vun de privaten Träger, déi säit dem neien Aide-à-l'enfance-Gesetz nach méi gewuess sinn, existéieren parallel déi sougenannte staatlech Kannerheemer, em déi et an dem Gesetz geet. Dës Institutioun huet e laangen historesche Wee hanner sech a muss sech de wuessenden Ufuerderungen un Transparenz, Qualitéit, Konzeptioun an Innovatioun upassen. An dem Sënn gouf d'Gesetz geschriwwen a säi Geescht bezitt sech och op dës Haaptpunkten. D'Gesetz ass en och, wann een déi verschidden Departementer vun der Institutioun ënnert d'Lupp hëlt.

Éischtens den Hebergement: Ënnert de Beräich Hebergement falen d'Dages- an d'Nuetsstrukture wéi d'Foyeren zu Diddeleng an zu Schëffleng. Hei ginn d'Kanner an d'Jugendlecher vun enger pluridisziplinärer Equipp en charge geholl.

De Beräich vun der Präventioun bitt ee groust Ausbaupotenzial un. Hei gëtt den Institut an der ambulanter Hëllef an Ënnerstëtzung vun Kanner an hire Familljen aktiv. Dese Beräich këmmert sech em déi vulnerabel Fäll, fir a konkrete Situatiounen Hëllefstellungen unzebidden an hofftelech Placemeter vu Kanner och ze evitéieren.

D'Aarbecht vum Service Treff-Punkt ass hei besonnesch ervirzehiewen. Dese Service huet d'Mission, fir en neutralen Uert fir d'Begéieren ze sichen an de Kontakt tëschent Kanner an Elteren ausserhalb vu méigleche Konfliktsituatiounen ze facilitéieren. D'Kand huet d'Recht, Accès bei seng Elteren ze hunn a säi Lien mat hinnen net ze verléieren. Dobäi gi béid Partij begleet an encadréiert. Besonnesch d'Antenn am Prisonsch zu Schraasseg ass eng wichteg Plaz fir déi concernéiert Familljen.

Den therapeutische Beräich an der Kanner- a Jugendhëllef ass een, wou e grouse Besoin besteet. Dem gouf scho mat der Kreatioun vun de Centres sociothérapeutiques entgéintgewierkt an e soll och eng weider wichteg Mission vum Institut bleiwen a sinn. D'Kanner kréien duerch d'psychopädiatresch Hëllef en enke Suivi. Dee scho bestoende Cente de jour Andalé fällt beispillsweis hei drënner.

Déi dräi éischt Beräicher profitéieren vun der Kompetenz an dem Qualitéitskader, deen de véierte Beräich bitt. Am Centre de ressources besteet eng pluridisziplinär Equipp, déi an de verschiddenen Zentren agéiert. Si sinn d'Experten an der Traumapädagogik a sinn an dem Sënn aktiv. Ausserdem ass desen transversale Service ideal placéiert, fir de Projet institutionnel, also de Cadre de référence ëmzesetzen. Bei dem Outil gouf sech um Bildungsrahmenplan an der Qualitéitsmoossung vum nonformale Bildungsberäich inspiréiert. D'Zil ass et an dem Fall, eng optimal transparent an héichwärtig Prise en charge vum Kand a Jonken ze etabléieren.

Här President, de Stat gëtt sech duerch d'Gesetz en Outil, fir Kanner a Jugendlecher opzehuelen, ze schützen an am Erwuesseginn ze begleeden. En ass een Akteur vu villen um Terrain, dierf an der Qualitéit de privaten Träger net nolafen a muss sech virun allem d'Moyene ginn, fir eng ëmfaassend Besoinsanalyse vum Secteur ze maachen. Mir brauchen eng staark opgestallte Kanner- a Jugendhëllef a muss Besoine schnell identifizéieren an drop reagéieren.

An deem Sënn gëllt et, eng Politik ze maachen, wou déi verschidden Angeboter aneneegräifen, d'Interdisziplinaritéit groussgeschriwwen ass a se sech ergänzen. Mä virun allem ass et wichteg, dass kloer definéiert ass, wie fir wéi eng Prise en charge zoustänneg ass, fir dass et transparent a verständlech ass fir déi betraffe

Familljen. Wichteg ass mer op d'Plaz evirzehiewen, dass virun allem d'Präventioun virum Placement vum Kand kruzial ass.

Ech wëll dës Ried net ophalen, ouni zwee Mercie lass ze ginn. Dem Gilles Baum, fir säin exzellente mënsch..., mëndlechen - mënschlechen och -, ...

► **Une voix.** - Mënschlech och.

(**Hilarité**)

► **Mme Djuna Bernard** (déi gréng).- ... mëndleche wéi schrëftleche Rapport. An awer och den Akteuren a Vertrieeder vum Secteur, fir deen interessant Echange an Abléck an dese wichtige Beräich vun der Kanner- a Jugendhëllef.

Ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Bernard. An dann ass et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, wannechgelift.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, villmools Merci, Här President. Ech mengen, et ass schwéier, elo nach eppes Neies ze soen. Et si vill gutt an interessant Saache gesot ginn. An ech fänken och u mat engem Merci un den Här Baum fir e wierkelech ganz interessanten a komplette Rapport, och historesch.

Ech mengen, et ass vläicht wichteg, fir ze soen, datt mer missten e laangfristige Bléck och werven op den Effet, deen ee Séjour an engem Kannerheem oder engem sozioeducativen Zentrum op d'Kanner an op déi jonk Erwuesenen huet, déi dovunner betraff sinn.

Dat ass eppes, wat bis elo net gemaach gouf. Mir schwätze vill driwwer. Vill Leit hu sech Méi ginn, souwuel am private wéi am staatleche Secteur, fir déi Kanner méiglechst gutt ze behandelen. Och elo gëtt vun der Qualitéitsfëderung geschwat an deenen Heemer, wat och ganz gutt ass. Mat enger Transparenz gëtt operéiert, och dat ass ganz gutt. Mä eng Gesellschaft muss sech d'Fro stellen: Wéi en Effet huet en Openthalt an enger staatlecher Institutioun laangfristeg op déi betraffe Kanner?

Zwou Reflexiounen kann een och maachen, an et huet och eng Utilitéit zum Beispill fir d'Justiz, well et do och Kritik ginn zum Beispill, datt d'Kanner eventuell ze séier placéiert ginn. An dofir ass et interessant, e laangfristige Bléck op déi Saachen ze hunn.

Dat ass schwéier ze realiséieren, dat bezweifele mir net. Et ass schwéier aus Grënn vum Date-schutz, et ass vläicht schwéier, fir Leit ze fannen, déi wëllen iwwer hir Experienze schwätzen oder e Bilan maachen. Mä ech mengen, datt mer als Stat net nëmme mussen ..., oder net nëmme eis musse Suerge maachen, fir Strukturen ze schafen, Plazen ze schafen a Prozeduren ze hunn, mä einfach och ze gesinn, wat dee laangfristigen Effet dann ass.

An deem Sënn wollte mer als ADR och eng Motioun hei hannerleeën, fir eben esou eng Etüd unzufroen, fir datt mer emol eng Basis hunn, fir dat kënnen ze evaluéieren. Mir maachen et och an anere Beräicher. Och an anere Beräicher, wou de Stat aktiv ass, wou e sech als Ascenseur social gesäit oder heiansdo als staatleche Reparaturbetrib fir Krisensituatiounen, muss mer eis ëmmer déi Fro stellen: Wéi effikass ass déi Aktioun wierkelech? Oder wat kënnen mer verbesseren?

Dofir, déi Proposition oder déi Motioun, déi mer heimadder wollte virstellen.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierten ass sech bewosst, datt

- déi staatlech Kannerheemer an educativ Zentren zënter hirer Grënnung eng immens wichteg Aarbecht leeschten an datt eng grouss Zuel vu Kanner a vu jonke Leit eng Zäit vun hirem Liewen an esou engem Heem verbruecht hunn;

- den Openthalt an engem Kannerheem oder engem sozioeducativen Zenter oder de Kontakt mat enger vun dese staatleche Strukturen dacks e bleiwenden a prägenden Afloss op d'Entwécklung vun deene betraffene Kanner a jonke Leit huet;

fuert d'Regierung op,

- eng quantitativ a qualitativ Etüd ze presentéieren, déi et soll erlaben, e Bilan ze zéien iwwer déi mëttel- a laangfristige Effete vun de staatleche Kannerheemer a sozioeducativen Zentren op déi betraffe Kanner a jonk Leit, déi do ënnerbruecht oder soss betreit goufen, inklusiv, esou wäit ewéi méiglech, op hir berufflech Entwécklung;

- bei d'Esou Etüd, esou wäit ewéi méiglech, och d'Meenungen an d'Erfaarunge vun deenen direkt betraffene Persounen ze berécksiichtegen;

- esou wäit ewéi méiglech all déi Strukturen eenzel ze ënnersichen, déi am Abléck ënnert d'Gesetz vum „Institut public d'aide à l'enfance et à la jeunesse“ falen;

- opgrond vun d'Esou Etüd eventuell weider Verbesserungen oder Upassung vun der Funktionsweis vun desen Institutiounen am Interessé vun de Kanner a vun de jonke Leit ze proposéieren.

(s.) *Fernand Kartheiser.*

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Wat d'Gesetz selwer ugeet, wéi gesot, hu mer net vill Kriticken. Mir ënnerstëtzen dat. Et kann ee sech allerdéngs d'Fro stellen, ob net e klengen administrativ Waasserkepp hei geschaaft gëtt. Mir sinn am Prinzip ëmmer fir méi schlank Strukturen.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, besonnesch am Treff-Punkt, wou een alt ëmmer erëm Reklamatiounen vu gescheete Pappen héiert, ob do den Émgang, fir d'Familljen zesammenzibréngen, an notament de Kontakt tëschent de Kanner an de Pappen net kéint verbessert ginn. Dat sinn awer déi Bemierkungen, déi mir heizou bréngen.

Mir stëmmen dat hei mat a mir hoffen, wéi gesot, datt och dës Chamber mengt, datt mer sollten eng laangfristeg Analys vun dese Strukturen hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Grundiddi, datt de Stat sech em Kanner këmmert, déi Hëllef brauchen, ass ze begrëssen. Ech mengen, de Rapporteur, den Här Baum, huet en exzellente mëndleche Rapport, haauptsächlech och iwwer d'Geschicht vun där ganzer Entwécklung vun deem Institut, dat mer elo haut solle stëmmen, ofgeléiwert.

D'Fro stellt sech awer, wou déi genau Plaz, an ech mengen, dat huet de Kolleeg Galles och gesot, wou déi konkret Plaz vun deem neien Institut da soll sinn.

Ass et tatsächlech, wéi am éischten Exposé des motifs ugefuert, eng complémentaire Struktur, déi uschléissend dunn zu enger supplementärer Struktur gouf, fir da schlussendlech nom leschten Avis complémentaire vum Statsrot dann nach eng Kéier d'Form ze wiesselen an elo erëm zousätzlech derniewent soll existéieren, nieft de privaten Akteuren?

Et stellt sech och d'Fro, firwat hei net am Virfeld méi intensiv mat de privaten Akteuren, déi et um Terrain ginn an déi och scho laang um Terrain aktiv sinn, diskutéiert gouf iwwer d'Méiglechteiten, wéi een dat kéint maachen.

Et huet een e bëssen d'Gefill, datt de Stat mengt, e kéint et besser wéi de Privatsektor. Mä da stellt sech awer d'Fro: Wat ass da mat deenen „armen“ Kanner, déi weiderhi privat betreit ginn, par rapport zu deenen, déi et besser hunn, well se vum staatleche Kannerheem betreit ginn?

Dat ass eng Fro, op déi ech keng Äntwert fonnt hunn am Text. Genausou wéineg wéi ech eng Äntwert drop fonnt hunn, wéi déi Assurance qualité, déi am Text esou héichgeschriwwen gëtt, soll da selwer garantéiert ginn. Och datt den Institut selwer exempt ass vum Agreement, wéi de Statsrot dat dunn ugeroden huet, ass fir mech e bëssen: Wie kontrolléiert d'Kontrolleren?

Ech mengen, dat si Froen, déi ee sech hei stelle muss, op déi ech trotz dem opmierksamen Liese vun de Procès-verbalen, trotz dem Liese vum Exposé des motifs keng konkret Äntwert fonnt hunn. An duerfir wäerte sech d'Piraten och an dem Projet enthalten.

Villmools Merci.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Ganz gutt.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. An dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Educatiouns- a Jugendminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech deene Felicitatiounen fir de Rapporteur uschléissen. Do géif et villes hei ze soe ginn, vill Riedner hu sech awer op eng zentral Fro konzentriert, näämlech: Firwat hu mer eigentlech esou e staatlecht Institut? Mécht dat Sënn, nieft all deene privaterechtlech organiséierten Akteuren?

Et kann ee scho vläicht e bëssen irritéiert sinn, wann et em Kannerheemer geet, em Aide à l'enfance geet a mer doraus éischer eng ideologesch ugehauchten Diskussioun maachen, wien do dee beschten Akteur wär, amplaz eng em dat, wat mer kéinte méi maachen, egal wien et mécht, fir deene Kanner, deene Jonken do ze hëllef a se ze guidéieren.

Trotzdem stellt déi Fro sech an ech hu mer se och gestallt. An ech denken, déi eenzeg Äntwert kann net sinn, datt mer eng historesch gewuesse Struktur hunn a Form vun de staatleche Kannerheemer an als staatlech Verwaltung organiséiert a se duerfir esou solle weiderféieren, wat deen einfachste Wee wär. Mä déi Riedner, déi drop opmierksam gemaach hunn an déi dote Fro opgeworf hunn, hu sécherlech recht, wa se soen: Dat do kann net déi eenzeg Äntwert sinn.

Ech mengen awer net, datt et esou ass, datt de privaterechtlech organiséierte Secteur ëmmer deen ass, deen am beschte ka reagéieren an agéieren. A sécherlech ass et och net esou, datt de staatlech organiséierten Akteur, wat dann elo deen neien Institut hei ass, an alle Froen ëmmer besser ass. Mä eigentlech brauche mer eng Komplementaritéit tëschent béiden.

Aus menger Erfahrung aus de leschte Joren hunn ech gemierkt, datt op déi eng oder aner Erausforderung de Privatsektor, de konventionéierte Secteur heiansdo méi schnell konnt reagéieren, well en awer net dem enke Carcan vun enger staatlecher Verwaltung ënnerläit, sécherlech e kloren Avantage dobäi.

Op där anerer Säit wësse mer awer och, datt en duerch déi Mechanismen, déi mer dann do hu vu Contrôle, vun Agreement, vu Finanzement am ONE ënner anerem, och net all Offer schaaft, déi op där anerer Säit vläicht gebraucht gëtt, an och do vläicht net ëmmer esou innovativ denkt, well e sech un déi Regeln, un dee Kader awer hält, deen de Stat jo och virgëtt an deen eigentlech herno och zu deem Resultat féiert, wéi dee Kader eigentlech gären hätt, datt d'Resultat do kënn, an et do och Sënn ka maachen, eng staatlech Struktur ze hunn, déi iwwer Gesetz - an duerfir schafe mer dat Gesetz hei, duerfir hu mer et proposéiert - eben och aner Méiglechteiten krit.

Ech denke schon, datt mer mat deem Institut hei och en Akteur sollen hunn, dee méi innovativ vläicht ka ginn. Ech denke schon, datt deen Akteur sech an Zukunft, nieft sengen historesch gewuesenen Aufgaben, och ganz besonnesch soll op Aktivitéit konzentriéieren, déi mam Finanzéierungsmechanismus vum ONE net ëmmer ofgedeckt ginn oder ofgedeckt sinn, a mer doduerjer och eng Komplementaritéit kënnen assuréieren tëschent béiden.

Mä finalement ass d'Finalitéit dovunner, vu béide Secteuren dat, wat am Mëttelpunkt soll stoen, näämlech: Wéi kënnen mer deene Jonken am beschten hëllef? Well jiddwereen, deen d'Hëllef vun deem Institut hei brauch, mengen ech, huet en eegent Schicksal, individuell

Le saviez-VOUS ?

QUESTIONS

Dans le cadre de ses moyens de contrôle et de surveillance par rapport aux affaires gouvernementales, la Chambre, par le biais de ses membres, a le droit de poser des questions aux membres du Gouvernement. La question constitue une demande de renseignements d'un député à un ministre au sujet d'une affaire administrative ou de gouvernement. Le Règlement de la Chambre des Députés prévoit diverses sortes de questions : les questions écrites, les questions urgentes, les questions élargies ainsi que les questions posées lors des heures de questions ou d'actualité.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Schicksal hanner sech. A fir dorobber adequat ze reagieren, geet sécherlech e Gesetzestext net duer, geet och e Finanzierungsmechanismus beim ONE net duer, mä mir brauche ganz vill ënnerschiddlech Äntwerten dorobber.

Duerfir gi mer eis hei, fir den nei geschafenen Institut, och Méiglechkeeten, fir zum Beispill e Centre de ressources ze schafen. Well an deenen eenzelnen Aktivitéitsfelder vun deem Institut, vun deem, wat haut nach d'staatelech Kannerheemer sinn, brauche mer eigentlech ganz oft deeselwechten Know-how, musse mer op déiselwecht Ressourcë kënnen zréckgräifen. An duerfir hu mer eis och fir deen dote Wee entsheet.

Opgrond dovun, datt fir eng Rei vun Aktivitéiten an de leschte Joren, well Besoin um Terrain war a well offensichtlech och d'Privatakteuren deem net an deem Mooss nokomm sinn, hei de Stat och eng Offer geschafent huet, hu mer gekuckt, datt mer déi Offer op eng legal Basis géife setzen, datt mer e Kader setzen, wéi déi Institutioun do sech kann iwwert déi nächst Jore weiderentwéckelen a sécherlech awer och a ganz ville Punkte ka weider innovéieren.

Duerfir wëll ech mech iwwert déi breet Zoustämmung hei de Mëtteg freeë fir dese Gesetzesprojet.

Ofschléissend nach ee Wuert zur Motioun vum Fernand Kartheiser, mat där ech mech schwéierdinn. Net, datt mer systematesch eppes sollen evaluéieren, wat en place gesat gëtt; dat ass fir mech bon sens an dat musse mer souwisou maachen. A wa mer haut och dee Gesetzesprojet hei hunn, dann ass et sécherlech, well mer virun zwee, dräi Joer ugefaangen hunn, eis ebe grad mat enger ganzer Rei vu Froen ausenannerzusetzen an ze kucken, wat een do nach kéint aneschters maachen.

Ech mengen awer, datt d'Froen, wéi een Effekt eng Interventioun vun engem Institut wéi deem heiten oder generell all Akteur vun der Aide à l'enfance op d'Kand huet, awer eigentlech vun engem falsche Verständnis vun der Aarbechtsrealitéit an deene Strukturen do och ausginn a gedroe sinn.

D'Entwécklung vun engem Kand ass jo ëmmer multifaktoriell. An ze moossen, wat den Effekt elo vun engem Placement oder enger Betreuung an enger Struktur, an enger Institutioun ass, an déi aner Facteuren alleguerte probéieren auszeblenden, dat, wat virdu war, dat, wat niewendrun nach ass, denken ech, muss zum Scheitern veruertelt sinn.

Duerfir fannen ech do schonn an der Froestellung eigentlech eng Approche erëm, déi mer net gefält an déi vun engem, a mengen Aen, falsche Verständnis hierkënn. An duerfir mengen ech, datt een Terme wéi Effektivitéit an deemem Bereich dach ganz schwéier nëmme ka beméien.

An ech mengen, et soll eis Aufgab sinn, fir alles en place ze setzen, wéi ech virdu gesot hunn, fir an deenen ënnerschiddlechen an oft perturbéierende Liewensweeër vun deene Jonken a vun deene Kanner do méiglechst gutt op déi kënnen ze reagieren, hinnen dat ze ginn, wat se brauchen.

An der Hoffnung, datt mer alles maachen, fir hinnen en erfollegräich Liewen duerno kënnen ze garantéieren, datt se mat zwee Féiss duerno an der Gesellschaft stinn an hir Responsabilitéit als Erwuessene fir sech selwer a fir déi, déi hinne léif a wichteg sinn, kënnen iwwerhuelen.

Mä dat ze moossen, wat en eenzelt Institut dozou bäigedroen huet, domadder, mengen ech, géife mer wahrscheinlech och all Wëssenschaftler, déi awer och gären an deenen dote Beräicher tätég sinn a fuerschen, iwwerfuerechen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Educationminister Claude Meisch. Den Här Galles huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Paul Galles (CSV).**- Villmools Merci, Här President. Och Merci dem Här Minister fir seng Erklärungen. Ech wollt awer nach eng kéier betounen, dass et mir ganz fernläit, en ideologesch ugehauchten Discours ze féieren, grad bei deem Thema, well et jo kloer ass, dass d'Wuel vum Kand eis alleguerte beschäftigt a fir eis alleguerten am Zentrum steet. Dat soll wierklech net de Grond sinn.

Mir wollten net drop erausgoen, dass mer wollte vergläichen, am Sënn vun: Wien ass besser a wien ass manner gutt? Dat ass guer net d'Zil vun eiser Interventioun gewiescht, no dem Parallelismus ze froen.

Et geet net ëm besser oder manner gutt. A well et net ëm besser oder manner gutt geet, well dat net d'Fro ass, stelle mer eis eben d'Fro: Woufir de Parallelismus oprechterhalen? Well wann et eppes Besseres géif gi wéi dat anert, da misst ee jo e Parallelismus schafen, fir eppes Besseres ze hu wéi dat, wat net esou gutt ass. An deem Fall stellt sech déi Fro guer net.

Dofir wëll ech nach eng kéier betounen, déi Fro ass éischer an déi Richtung gewiescht: Woufir hei net d'Geleeënheet notzen, fir vusäite vum Stat en transversalen Ennerbau ze schafen, deen deem ganze Rescht vum Secteur hëlleft an déngt? Just fir dat nach eng kéier kuerz kloerzstellen, dass mer net an en ideologesch ugehauchten Discours wollte goen.

E Wuert zur Motioun, wann ech dat direkt dierf derbäisoen: Mir ënnerstëtzen déi heite Motioun, well mer dovun ausginn, dass se viraussetzt, dass et net invasiv ass vis-à-vis vum Wuel vum Kand. Op kee Fall. Dofir menge mer, dass dat eng gutt Attitud ass, fir och eng Etüd ze maachen. Déi soll da Resultater liwweren, mat deene mer kënnen schafen.

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Galles.

Den Educationminister wëllt net méi dorobber reagieren. Dann ass domadder d'Diskussioun ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7189. Den Text steet am Document parlementaire 7189⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7189 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7189 ass mat 57 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7189 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden,

Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Aehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Motion 1

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung vun der Motioun. Ass do nach eng Wuertmeldung do? De Minister hat Stellung dozou geholl, grad esou gutt wéi den Här Galles och. Ech mengen, da kënen mer direkt iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass bei 24 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmme ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 27 voix pour et 33 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Georges Mischo), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Aehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

10. 7417 - Projet de loi portant modification de :

1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale (suite)

Motion 1

Da kéime mer nach zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi deposéiert gi war vum Här Sven Clement vum Groupe technique am Kader vum Gesetzesprojet 7417, d'Adaptatioun vum Montant vun REVIS a vum RPHG. Wëllt nach een zu deser Motioun Stellung huelen? Den Här Berger, wannechgelift.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo, Merci, Här President. Ech mengen, mir si frou, datt d'Piraten eigentlech d'Suergen deelen, déi och d'Regierung an d'Koalitioun huet. A well mer déi Suergen haten, hu mer och schonn an de Koalitiounsaccord eng Rei Saachen ageschriwwen, déi genau dat och besoen, wat elo hei an där Motioun gefrot gëtt. Wa meng Informatiounen richteg sinn, sinn och scho verschidden Aarbechtsgruppen amgaangen, intensiv hei un deem Dossier ze schaffen. Einfach fir ze soen: Macht lech keng Suergen! D'Regierung huet deem Dossier do an d'Hand geholl a schafft an déi Richtung.

Mir sinn awer trotzdeem frou, datt d'Piraten dat also ënnerstëtzen. Fir awer och ze soen, datt dat, wéi een esou schéin op Franséisch seet, superfetatoire ass. Oder op Lëtzebuergesch: Déi Motioun ass iwwerflësseg. Duerfir wäerte mer se och net stëmmen.

Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Berger. Ech gesi keng weider Wuertmeldung.

Den Här Kartheiser, wannechgelift.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools Merci, Här President. Mir stëmmen déi Motioun vun de Piraten mat. Et mécht mer e bësse Suergen, datt d'Regierung dat an d'Hand geholl huet. Dofir mengen ech, ass et ganz gutt, fir der Regierung nach eng kéier ze soen, a wéi eng Richtung et soll goen.

Op jidde Fall, mengen ech, ass et ganz gutt, datt mer hei eppes fir déi behënnert Leit wëlle maachen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Den Här Marc Goergen, wannechgelift.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Et ass jo ganz flott, wann d'Regierung dat an d'Hand hëlt. Mä dann ass awer meng konkret Fro: Ab wéini kënnen déi Leit dann an de Benefits dovunner kommen? Well am Moment hu mer jo de Problem, dass déi Leit guer net kënnen dovunner profitéieren. Mir schwätzen elo vun iergendengem Zäitraum. Dofir wär et flott, wann déi Motioun haut kéint gestëmmt ginn, well da kënnen mer de Leit direkt hëlfechen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- An da kritt nach den Här Georges Mischo d'Wuert.

(Brouhaha)

Den Här Georges Mischo fir d'Éischt nach.

► **M. Georges Mischo (CSV).**- Merci, Här ...

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, den Dossier ass amgaangen an ...

(Brouhaha)

An den zoustännege Ministère si se amgaangen, elo ...

► **Une voix.**- ... drun ze schaffen.

► **M. Eugène Berger (DP).**- ... e Projet fäerdeg ze maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Mischo hat als Éischt d'Wuert gefrot.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- En Datum, wannechgelift!

► **M. Georges Mischo (CSV).**- Merci, Här President. Ech wollt just soen, dass d'CSV-Fraktioun och där heite Motioun wäert zoustëmmen, well mer wierklech och gären hätten, dass dat doten esou séier wéi méiglech op d'Schinne kënn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- An dann den Här Berger, wannechgelift.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, et ass eigentlech alles gesot. Ech wollt just nach eng kéier soen: D'Aarbechte sinn amgaangen. Ob et elo ee Mount oder sechs Wochen oder zwee Méint dauert, kann ech elo net soen. Mä et gëtt jo gekuckt, fir eng Solutioun ze fannen. An duerfir kann een elo net soen: Gitt eis en Datum, den 1. Juli oder wat weess ech. Leet Are Kapp a Rou! Deen Dossier, dee wäert elo relativ schnell eng Solutioun fannen.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Déi maximal sechs Méint hu mer notéiert.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- An dann nach den Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Mir mengen och, datt een dat hei roueg

ka matstëmmen. Ech mengen, d'Regierung ass d'Regierung. A mir sinn d'Parlament. An als Parlament fuerdere mer d'Regierung op, dat, wat se jo da souwisou wëlles huet ze maachen, och schnellstméiglech, wéi et hei drasteet, als Regierung ëmzesetzen. Dat ass e legitimme Wonsch, deen hei an dëser Motioun zum Ausdrock kënnt. Duerfir ënnerstëtze mer se och.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum. An ech mengen, mir kënnen elo zum Vott kommen.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, mir hunn déi lescht fënnf Joer alles, wat mer versprach hunn, ëmgesat. Also wäerte mer och dat hei ëmsetzen.

(Brouhaha)

Vote sur la motion 1

► **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 29 Jo-Stëmme bei 30 Nee-Stëmme ofgeleent. Do schéngt dann nach een ze feelen.

(Concertation interne)

► **Une voix.**- 31!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Jo. Se ass mat 29 Jo-Stëmme an 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marco Schank), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Mars Di Bartolomeo), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Da freet nach den Här Gilles Roth d'Wuert.

11. Ordre du jour (suite)

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Erlaabt mer, zum Schluss vun dëser Sitzung d'Wuert ze froe par rapport zu der neier Convocatioun vun der Justizkommissioun vu muer. Dës Convocatioun dréit den Datum vum 25. Juni 2019, also vun haut.

Et geet dodrëms, dass d'CSV-Fraktioun den 13. Juni d'Convocatioun gefrot huet vun der nationaler Dateschutzkommissioun plus déi vun dem Justizminister, fir op d'gesetzlech Konformitéit vun de sougenannte Polizeifichieren ze kucken.

Mir stelle mat Erstaune fest, dass an där Convocatioun vun haut de Justizminister net invitéiert ass, mä just informéiert gëtt iwwert déi Sitzung, an dass par contre als Observateuren invitéiert sinn: d'Madamm Martine Solovieff, Procureur général d'État, Monsieur Vincent Fally, Inspecteur général adjoint, d'Madamm Monique Stirn, Inspecteur général de la Police, a bien entendu d'Présidentin vun der nationaler Dateschutzkommissioun.

Souwäit mir dat an Erënnerung hunn, ass d'Dateschutzkommissioun als onofhängeg Autoritéit duerch d'Gesetz vum 1. August 2018 agesat ginn. Fir eis ass et befremdend, fir keng aner Qualificatiffen ze huelen, dass de Procureur général un dëser Sitzung deelhëlt.

Et war weder d'Demande vun der CSV nach kënnen mir eis erënneren, dass et eng Demande vun der Justizkommissioun war, fir déi Leit, déi

Sommaire des séances publiques n^{os} 27, 28 et 29

27^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 345
Ordre du jour	p. 345
Question élargie n° 12 de M. Marco Schank au sujet de la mobilité et du transport des personnes handicapées	p. 345-346
Dépôt d'une motion par M. Marco Schank	p. 346
7366 - Projet de loi relatif à certaines modalités d'application et à la sanction du règlement (UE) 2018/302 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2018 visant à contrer le blocage géographique injustifié et d'autres formes de discrimination fondée sur la nationalité, le lieu de résidence ou le lieu d'établissement des clients dans le marché intérieur, et modifiant les règlements (CE) n° 2006/2004 et (UE) 2017/2394 et la directive 2009/22/CE	p. 346-349
7268 - Projet de loi portant modification	
1° du Code du travail ;	
2° de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail ;	
3° de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle (suite)	p. 349-350
Dépôt d'une motion par M. Gast Gibéryen	p. 350
7353 - Projet de loi sur la protection des savoir-faire et des informations commerciales non divulgués (secrets d'affaires) contre l'obtention, l'utilisation et la divulgation illicites	p. 350-352
7304 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote	p. 352-354

28^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 355
Mots de bienvenue	p. 355
Ordre du jour	p. 355
Motion de M. Gast Gibéryen au sujet de la modification de l'avant-projet de la réserve naturelle Gréngewald, de façon à préserver la liaison routière CR119 entre la Stafelter et la N11	p. 355-356
Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la conservation et de la protection du patrimoine industriel	p. 356-359
Question élargie n° 13 de M. André Bauler au sujet des besoins en personnel des Archives nationales ainsi que de l'état d'avancement concernant la planification et construction d'un nouveau bâtiment	p. 359-360
Validation des élections européennes du 26 mai 2019	p. 360

29^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 361
Communications	p. 361
Ordre du jour	p. 361
7416 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9 du Code du travail	p. 361-364
Ordre du jour (suite)	p. 364
7417 - Projet de loi portant modification de :	
1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;	
2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale	p. 365-366
Ordre du jour (suite)	p. 366
Heure d'actualité du groupe technique (ADR) au sujet de l'enseignement de la langue chinoise dans les lycées luxembourgeois et de l'offre relative à d'autres langues	p. 366-369
7189 - Projet de loi concernant l'Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse	p. 369-371
7417 - Projet de loi portant modification de :	
1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;	
2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale	p. 371-372
Ordre du jour (suite)	p. 372

ech lech elo do genannt hunn, mat Ausnam vun der Presidentin vun der Dateschutzkommissioun, an dës Kommissioun vu muer ze invitéieren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Mir sinn domadder net averstanen, well mir gesinn dat als institutionell ganz quokeleg. Ganz quokeleg! Et sief dann, dass d'Procureur général hei als offizielle Verrieder vun dem Justizminister an där Sitzung wier. Wann dat de Fall ass, dann hätte mer dat gären aktéiert.

Ech soe just, dass d'CSV-Fraktioun, an ech mengen, mir sinn net déi Eenzeg, dat muer net kann akzeptéieren, a mir géifen lech invitéieren, Här President, fir déi Leit, déi als Observateur ouni Accord vun enger Justizkommissioun ageluede sinn, muer auszelueden.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth.

Ech wëll direkt virausschécken, datt ech et och quokeleg fannen - ganz quokeleg -, fir hei iwwert deen dote Punkt ze diskutéieren, well


am Reglement vun der Chamber drasteet, datt den Ordre du jour vun de Kommissioun vum President respektiv vun de Kommissioun festgeluecht gëtt.

Ech géif Akt huele vun deem, wat den Här Roth gesot huet. An dann ass et muer un der Justizkommissioun, fir dorivwer ze diskutéieren.

Ech mengen, domadder wiere mer um Enn vun dëser Sëtzung ukomm. D'Chamber kënnt viraussichtlech den 2. Juli nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.18 heures.)



Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet			
0700	Dan Biancalana	Hospitalisation sans consentement	0788	Mars Di Bartolomeo	Code du ciel
0720	Mars Di Bartolomeo	Projet « Airbus des batteries »	0789	Françoise Hetto-Gasch	Personnel du CGDIS
0725	Carlo Back	Aménagement futur de la rue des Celtes à Luxembourg-ville	0790	Marc Goergen	Publicité de l'agence Luxembourg for Finance
0733	Carlo Back	Stations-service à hydrogène	0791	Gilles Roth, Laurent Mosar	Arrêts de la Cour de justice de l'Union européenne au sujet de la conservation de données
0736	François Benoy	Qualité de l'air suite à la construction du tram	cf. 0813		
0745	Françoise Hetto-Gasch, Paul Galles	Réduction des emballages en plastique	0792	Léon Gloden	Distinctions honorifiques décernées à l'occasion de la fête nationale
0753	Martine Hansen, Jean-Marie Halsdorf	Assistant technique médical	0793	Mars Di Bartolomeo	Contrôle de l'interdiction de fumer
0759	Franz Fayot	Manuel de mathématiques « Clic & Maths 3° »	0795	Sven Clement	Nouveau radar à l'Aéroport de Luxembourg
0760	Françoise Hetto-Gasch	Procédure de reclassement	0796	Marc Goergen	Future affectation du CHEM Niederborn
0761	Marc Goergen	Chantier entre Bascharage et Pétange	0797	Marc Goergen	Déclarations du Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire concernant l'Iran
0763	Fernand Kartheiser	Enquête sur le bien-être des enfants	0798	Marc Goergen	Système de contrôle et de sanction automatisés
0764	Martine Hansen, Marc Spautz	Personnel de l'Université du Luxembourg	0799	Laurent Mosar, Gilles Roth	Traitement de données personnelles effectué par les autorités policières et judiciaires
0765	Marc Spautz	Réduction du personnel auprès d'ArcelorMittal	0802	Martine Hansen	Musée national d'histoire militaire
0766	Gusty Graas, André Bauler	Congé politique des élus locaux	0803	Sven Clement	Fichier central de la Police grand-ducale
0767	Alex Bodry	Règles déontologiques pour les magistrats	0805	Octavie Modert, Françoise Hetto-Gasch, Léon Gloden	Problèmes de l'hôtellerie
Op enger Längt vu knapp engem Kilometer kritt d'Strooss e komplett neien Opbau (Koffer) an d'Accotementer gi stabiliséiert. A béid Säite vun der Strooss gëtt ausserdeem och en Drainage (DN300) drageluecht.

D'Gemeng Käerjeng an d'Creos bedeelege sech mam Verleëe vun enger neier Waasserleitung an zousätzleche Reseauen un den Aarbechten, wat iwwer eng Permission de voirie geregelt ass.

Den CR111 tëschent Käerjeng a Lénger ass vum 27. Mee bis de 14. September 2019 inklusiv gespaart.

ad 2. Am Prinzip ginn d'Nopeschgemengen dann informéiert, wann d'Deviativ iwwer hiren Terrain geet.

D'Deviativ geet an dësem Fall awer laanscht den Zentrum vu Péiteng, an zwar iwwert d'N31 an dann op d'N5B.

Bei der Spär vum CR111 tëschent Käerjeng a Lénger ass d'Gemeng Péiteng also net direkt informéiert ginn.

D'Informatioun zur Spär ass awer un aner Akteure gaangen, ënner anerem un d'Police, de CGDIS, den RGTR an den ACL.

Ronn 10 Deeg virum Chantiersufank sinn ausserdeem och Informativstafefe laanscht den CR111 opgestallt ginn, fir d'Automobilisten ze informéieren.

ad 3. Alleguer d'Chantiers vum der Stroossebauverwaltung ginn informativ saisiert an um Internetsite www.cita.lu ënnert der Rubrik „Chantiers“ op enger Kaart an um Site www.pch.gouvernement.lu als Lëscht ugewise. Et gëtt ausserdeem ëmmer probéiert, fir d'Aarbechten esou ze plangen, datt hir Auswierkungen op de Stroosseverkéier esou geréng wéi méiglech sinn.

An dësem konkrete Fall vum Chantier um CR111 tëschent Käerjeng a Lénger ass gekuckt ginn, fir dee gréissten Deel vun den Aarbechten an der grousser Schoulvakanz kënnen ze maachen, well dann am mannste Verkéier ass an de Schoultransport da just wéineg behënert gëtt.

Question 0763 (06.06.2019) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant l'**enquête sur le bien-être des enfants** :

De Schoul- an Educatiounsministère mécht eng gréisser Ëmfro bei den Eltere vu Kanner tëscht 8 an 12 Joer („Enquête sur le bien-être des enfants“). An där Prozedur sinn awer och Persounen ugeschriwwen ginn, déi weder bestuet sinn nach Kanner hunn. De Bréif vum Educatiounsministère verzicht och drop, d'Adressaten ausféierlech iwwer hir Rechter a Saachen Dateschutz ze informéieren, obwuel an dësem Bréif d'Adress mat engem informativem Numm a Passwuert verknäppelt gëtt. Aus dësem Grënn wéilt ech dës Froen un den Här Schoul- an Educatiounsminister stellen:

1. Ass den Här Minister doriwwer informéiert, datt verschidden Adressaten vu senger „Enquête sur le bien-être des enfants“ net d'Kritären erfëllen, fir dorunner deelzehuelen? Ass virgesinn, datt den Här Minister sech bei deene Leit, déi als Elteren ugeschriwwen goufen, awer iwwerhaupt keng Kanner hunn, entschëllegt? Wéi gouf d'Datebank fir d'Adressaten opgestallt a kontrolléiert? Huet de Ministère dat selwer gemaach oder war eng aner Instanz dofir zoustänneg?

2. Wéi vill Leit si fir dës Enquête ugeschriwwen ginn?

3. Ass iwwerhaupt nozevollzéien, wéi vill falsch adresséiert Bréiwer erausgaange sinn an, wa jo, wéi vill waren et där? Et ass iwwerregens och virkomm, datt dee Bréif dräimol a verschiddenen Enveloppen un déiselwecht Persoun geschéckt gouf.

4. Wat sinn d'Ursachen an de Käschtepunkt vun esou Pannen?

5. Wéi eng Precautiounen si geholl ginn, fir den Dateschutz ze respektéieren?

Réponse commune (24.07.2019) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, et de **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à la Digitalisation* :

Laut dem Artikel 15 aus dem Jugendgesetz soll de Minister all fënnef Joer en „nationale Rapport iwwert d'Situatioun vun de Kanner zu Lëtzebuerg“ virun der Chamber deposéieren. Den éischte Rapport ass laut Gesetz 2021 fällig. Esou wéi och am Jugendberäich, geet et am éischte Kannerbericht ëm d'Thema vum „Wuelbefanne vun de Kanner zu Lëtzebuerg“. An dësem Kontext huet den Educatiounsminister de LISER („Luxembourg Institute of Socio-Economic Research“) beoptraagt, eng Etüd iwwert d'Wuelbefanne vun de Kanner vun 8, 10 an 12 Joer zu Lëtzebuerg duerchzuführen. Zil vun dëser Etüd ass et, d'Kanner selwer zu Wuert kommen ze loosse iwwer en Onlinequestionnaire. Fir datt d'Kanner bei de Froe kënnen matmaachen, ass et noutwendeg, d'Autorisatioun vun den Elteren unzefroen.

Laut der Gesetzgebung huet nëmmen den CTIE (Centre des technologies de l'information de l'État) Accès op perséinlech Date vun de Leit (Numm, Adress asw.) an ass dofir zoustänneg fir d'Verschëcke vun dem Bréif, deen un d'Eltere vun de Kanner vun 8, 10 an 12 Joer hätt solle goen.

Wat den Ofaf vun der Enquête iwwert d'Wuelbefanne vun de Kanner ugeet, do sief präziséiert, dass den CTIE zur selwechter Zäit mat zwou Enquêtes vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend befaasst war.

Duerch e Feeler beim Envoi vun de Bréiwer, en Envoi, deen aus technesche Grënn an dräi Tranché gemaach ginn ass, sinn net d'Eltere vun de Kanner vun 8, 10 an 12 Joer ugeschriwwen ginn, mä Jugendlecher, déi am Kontext vun enger aner Enquête iwwert den „Youth Survey Luxembourg“ hätte sollen en anere Bréif kréien. Den CTIE huet sech formell bei de betraffene Jugendleche per Schreiwes entschëllegt.

Et goufen insgesamt 23.955 Bréiwer u falsch Adressaten geschéckt. De Käschtepunkt beleef sech op d'Käschte vum Pabeier, Enveloppen an den Timbrage.

Et ass och wichteg ze ënnersträichen, dass zu kengem Zäitpunkt privat Donnéeën vun de Bierger un den Demandeur vun der Enquête oder u soss eng Drëttpersoun geschéckt gi sinn.

Question 0764 (07.06.2019) de **Mme Martine Hansen** et **M. Marc Spautz** (CSV) concernant le **personnel de l'Université du Luxembourg** :

Selon nos informations, une incertitude grandissante commence à se répandre parmi l'ensemble du personnel de l'Université du Luxembourg en ce qui concerne les conditions de travail.

Ainsi, il s'avère que suite à la loi du 27 juin 2018 ayant pour objet l'organisation de l'Université du Luxembourg, les chercheurs sans doctorat (désormais appelés « Research and Development Specialists »), ont été reclassés parmi le personnel administratif et technique, alors qu'ils effectuent des travaux scientifiques et de recherche.

Dans ce contexte, nous voulons poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche :

- Monsieur le Ministre peut-il nous confirmer cette information ?

- Dans l'affirmative, combien de personnes sont concernées ?

- Quelles sont les conditions de travail (type de contrat de travail, statut, perspectives de carrière, etc.) de ce personnel de recherche reclassé ?

- La loi du 27 juin 2018 ayant pour objet l'organisation de l'Université du Luxembourg a fait reclasser le chargé de cours (une catégorie de personnels encore existant sous la loi de 2003) en professeur assistant. Or, selon nos informations, la catégorie des chargés de cours existe toujours sur le terrain.

Monsieur le Ministre peut-il nous confirmer cette information ?

- Quelles sont les conditions de travail (type de contrat de travail, statut, perspectives de carrière, etc.) de ce personnel ?

- L'article 25 de la loi modifiée du 27 juin 2018 stipule qu'il peut être procédé pour un maximum de 25 % des nouvelles nominations à la promotion d'un maître-assistant au poste de professeur assistant si le candidat est engagé au moins 60 mois auprès de l'université et le candidat a poursuivi depuis le doctorat une période obligatoire d'au moins un an auprès d'une université ou d'une institution de recherche publique à l'étranger.

Dans la mesure où cette disposition ne cible que la promotion de maître-assistant à professeur assistant et pas les autres promotions possibles (professeur assistant à professeur adjoint et professeur adjoint à professeur ordinaire) où seule la première condition est requise, Monsieur le Ministre ne juge-t-il pas cette disposition comme discriminatoire vis-à-vis des maîtres-assistants qui doivent avoir effectué un an à l'étranger ?

- Monsieur le Ministre n'estime-t-il pas opportun dans ce cas de figure que l'Université du Luxembourg se dote d'une politique de soutien des enseignants-chercheurs pour qu'ils puissent effectuer des séjours scientifiques à l'étranger ?

Réponse (10.07.2019) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

À titre de remarque introductive, il y a lieu de noter que les différentes questions posées concernent des changements survenus suite à la mise en œuvre de la loi modifiée du 27 juin 2018 ayant pour objet l'organisation de l'Université du Luxembourg. En ce qui concerne le personnel de l'Université, la loi précitée a simplifié les sous-catégories de personnel par rapport à la loi modifiée du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg. En effet, les anciennes sous-catégories dénommées « corps intermédiaire des assistants et des chercheurs » et « personnel scientifique » ont été supprimées et remplacées par une seule sous-catégorie, celle du personnel des « assistants-chercheurs ». De même, la loi précitée a introduit des critères en termes de qualifications pour le personnel enseignant-chercheur qui correspondent aux standards internationaux. Ainsi, à l'exception des doctorants, seules les personnes titulaires d'un doctorat peuvent être classées dans la catégorie du personnel enseignant-chercheur. Contrairement à la loi modifiée du 12 août 2003, la loi modifiée du 27 juin 2018 prévoit des dispositions explicites sur les voies de promotion potentielles entre les différentes catégories de professeurs et entre les catégories de maître-assistant et professeur assistant.

Selon la loi modifiée du 12 août 2003, le personnel de recherche n'ayant pas pu être classé dans le corps académique des enseignants-

chercheurs ou dans le corps intermédiaire des assistants et chercheurs avait été classé dans la catégorie du personnel scientifique, administratif et technique, et plus précisément dans la sous-catégorie du personnel scientifique. Sous l'ancienne loi, aucune perspective de carrière et de promotion n'avait été prévue pour ces postes. Selon les informations fournies par l'Université du Luxembourg, en date du 31 juillet 2018, le personnel scientifique comprenait un total de 450 personnes, dont 85 sans doctorat.

La loi modifiée du 27 juin 2018 prévoit deux grandes catégories de personnel : le personnel enseignant-chercheur et le personnel administratif, financier et technique. La catégorie du personnel enseignant-chercheur est composée de trois niveaux de professeurs (professeur ordinaire, professeur adjoint, professeur assistant), de trois niveaux d'assistants-chercheurs (maître-assistant, assistant-postdoctorant et assistant-doctorant) ainsi que des enseignants-chercheurs associés. La nouvelle loi a donc aboli la catégorie du personnel scientifique qui ne comportait aucune perspective de carrière et de promotion. Selon l'article 27 de la loi modifiée du 12 août 2003, pour prétendre au statut d'assistant-chercheur, le candidat devait être titulaire d'un grade de docteur ou être inscrit au doctorat, mener des travaux de recherche et exercer des activités d'enseignement. Or, selon les informations fournies par l'Université du Luxembourg, elle avait en date du 31 juillet 2018 à son service 85 salariés sans doctorat considérés comme personnel scientifique sous la loi modifiée du 12 août 2003. Pour ces salariés sans doctorat et qui ne sont pas inscrits au doctorat, l'université a opté, dans le cadre de la mise en œuvre de la loi modifiée du 27 juin 2018, pour le reclassement dans la catégorie du personnel technique, en tant que « Research and Development Specialists ». En termes de perspectives de carrière et de promotion, il n'y a pas eu de changement pour ces salariés, sauf s'ils décident de s'inscrire au doctorat.

En ce qui concerne le reclassement des chargés de cours, l'article 60, paragraphe 3, de la loi modifiée du 27 juin 2018 réserve l'accès à la fonction de professeur assistant aux seuls chargés de cours qui remplissent les conditions en termes de qualifications visées à l'article 23, paragraphe 4, c'est-à-dire à ceux qui peuvent se prévaloir d'un grade de docteur et qui sont auteurs de travaux de recherche dans des publications internationales ou dans des ouvrages reconnus ou peuvent se prévaloir de compétences d'enseignement et de recherche et d'une expérience professionnelle reconnues équivalentes.

Le 31 juillet 2018, selon les informations fournies par l'Université du Luxembourg, elle comptait 40 chargés de cours, parmi lesquels douze ont rempli les conditions précitées et ont été reclassés en professeurs assistants. Un chargé de cours a été nommé en juillet 2019 au rang de professeur adjoint suite à la procédure de recrutement prévu à l'article 25, paragraphe 1^{er}, de la loi modifiée du 27 juin 2018. Les 27 chargés de cours restants ont été maintenus dans leurs fonctions, comme prévu à l'article 60, paragraphe 3, de la loi modifiée du 27 juin 2018 et continuent à faire partie du corps professoral de l'université. Le statut et les perspectives de carrière de cette sous-catégorie de personnel restent les mêmes que sous l'ancienne loi modifiée du 12 août 2003.

La loi modifiée du 27 juin 2018 a introduit une certaine perméabilité entre les catégories des assistants-chercheurs et des professeurs en prévoyant la possibilité de promotion du niveau de maître-assistant à celui de professeur assistant, suite à une évaluation externe, pour autant que le candidat ait effectué depuis le doctorat une période obligatoire d'au moins un an auprès d'une université ou d'une institution de recherche publique à l'étranger. La mobilité internationale fait en effet partie de la profession de chercheur et elle permet au chercheur de se doter d'un réseau international qui lui sera ex-

trêmement précieux tout au long de sa carrière. Elle permet également aux chercheurs en début de carrière de se faire connaître au niveau international. Dans cette optique, l'Université encourage les chercheurs à remplir cette condition essentielle au développement de leur carrière professionnelle par le financement de séjours à l'étranger à travers le programme « INTER » du Fonds national de la recherche. En outre, elle leur permet de fractionner le séjour à l'étranger et elle reconnaît les séjours à l'étranger effectués en tant que « Visiting Researcher ».

Question 0765 (07.06.2019) de **M. Marc Spautz** (CSV) concernant la **réduction du personnel auprès d'ArcelorMittal** :

Le journal en ligne lessentiel.lu titrait hier : « 260 emplois supprimés chez ArcelorMittal ».

Ces chiffres ont en effet été confirmés hier par Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi. Le plan de réduction des effectifs paraît concerner les usines de Differdange et de Belval.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire et à Monsieur le Ministre de l'Économie :

- Messieurs les Ministres peuvent-ils nous livrer leur définition de la notion de « crise » ?

- Messieurs les Ministres ne considèrent-ils pas qu'on puisse parler de « crise » face au plan de réduction des effectifs annoncé par ArcelorMittal ?

- Au vu de ce qui précède, Messieurs les Ministres ne considèrent-ils pas qu'il faille avoir recours à un instrument tripartite (i. e. avec la participation des syndicats représentatifs) pour accompagner ce plan de réduction des effectifs en cours au sein du groupe ArcelorMittal et impactant directement les sites luxembourgeois ?

- Messieurs les Ministres ont-ils obtenu des engagements formels et fermes en termes d'investissement dans les sites luxembourgeois de la part d'ArcelorMittal ? Quels sont ces engagements ?

- Sachant que le groupe ArcelorMittal a signé un contrat de financement avec la Banque européenne d'investissement d'un montant de 350 millions d'euros visant à financer le Programme de recherche et de développement européen du groupe sur la période 2017 à 2020, Messieurs les Ministres peuvent-ils nous indiquer combien de ces fonds publics ont été investis dans les sites luxembourgeois ?

Réponse commune (22.07.2019) de **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*, et de **M. Étienne Schneider**, *Ministre de l'Économie* :

Par crise nous entendons une période difficile qui aurait comme conséquence des licenciements et des fermetures d'usines.

Cependant la restructuration envisagée n'implique ni fermeture d'usine, ni licenciements, alors qu'ArcelorMittal estime, à l'heure actuelle, pouvoir procéder aux adaptations nécessaires par le biais des départs naturels.

Néanmoins, les deux ministères directement concernés ne manqueront pas de suivre de près, ensemble avec la direction et les représentants des salariés de l'entreprise, l'évolution future des activités de l'entreprise, tant en ce qui concerne les incidences de l'implémentation du Programme « Score » sur le personnel, que la politique d'investissement de l'entreprise, en vue de la pérennisation des sites luxembourgeois, et de prendre le cas échéant les décisions qui s'imposent.

Dans le cadre des travaux du Comité de suivi des effectifs de la sidérurgie, le groupe ArcelorMittal informe de manière régulière sur ses intentions en matière d'investissements sur les

différents sites luxembourgeois. Alors qu'il ne s'agit pas d'engagements fermes et formels, il y a lieu de préciser qu'ArcelorMittal a jusqu'à présent toujours respecté ces programmes.

Le prêt de 350 millions d'euros contracté par ArcelorMittal auprès de la BEI a été utilisé pour financer des projets visant à améliorer l'impact de ses activités sur l'environnement. Les activités de recherche et d'innovation y afférentes sont exécutées sur différents sites en Europe. Un montant de 5,5 millions d'euros a été affecté aux sites luxembourgeois sur la période 2017-2018 et l'enveloppe prévue pour l'exercice 2020 est d'environ 10 millions d'euros.

Question 0766 (07.06.2019) de **MM. Gusty Graas** et **André Bauler** (DP) concernant le **congé politique des élus locaux** :

Le droit au congé politique des élus locaux se fonde sur les articles 78 à 81 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 qui prévoit le remboursement des salaires et traitements aux employeurs ainsi que l'indemnisation des membres des professions indépendantes et des personnes sans profession ne bénéficiant pas d'un régime statutaire, âgés de moins de 65 ans, pour les heures de travail consacrées par des élus locaux à l'exercice de leur mandat politique.

Dans l'accord de coalition actuel il a été retenu que : « Les dispositions relatives à la réglementation concernant le congé politique et/ou à l'indemnisation des bourgmestres, échevins, conseillers communaux et des représentants au sein des syndicats intercommunaux seront analysées et, le cas échéant, adaptées. »

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur :

- Madame la Ministre peut-elle nous informer de la répartition des 804 demandeurs de congé politique en 2018 par catégorie d'emploi (agents du secteur public, agents du secteur privé, indépendants, personnes sans profession ne bénéficiant pas d'un régime statutaire) ?

- Est-ce que l'analyse des dispositions actuelles relatives à la réglementation concernant le congé politique et/ou à l'indemnisation des bourgmestres, échevins, conseillers communaux et des représentants au sein des syndicats intercommunaux a déjà été finalisée ?

- Dans l'affirmative, une adaptation du congé politique est-elle envisagée ?

- Dans la négative, quand cette analyse sera-t-elle finalisée ?

Réponse (08.07.2019) de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur* :

Les honorables Députés s'enquêtent de la répartition des demandeurs de congé politique en 2018 par catégorie d'emploi, en distinguant entre les agents du secteur public, les agents du secteur privé, les indépendants et les personnes sans profession ne bénéficiant pas d'un régime statutaire.

Sur les demandes de congé politique reçues en 2018 par le Ministère de l'Intérieur, environ 37 % relèvent du secteur public, 32 % du secteur privé et 31 % concernent des demandes d'indemnisation d'indépendants ou de personnes sans profession ne bénéficiant pas d'un régime statutaire sans profession.

Toutefois, il y a lieu de préciser que ces chiffres sont approximatifs. En effet, les articles 80 et 81 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et les dispositions du règlement grand-ducal d'exécution y afférent, qui régissent la procédure d'indemnisation, voire de remboursement du congé politique des élus locaux, ne distinguent pas entre les agents du secteur privé ou public, ni entre les indépendants et les personnes sans profession ne bénéficiant pas de régime statutaire, de sorte que les services du Ministère de l'Intérieur limitent le traitement des données au minimum nécessaire, c'est-à-dire à l'exécution des dispositions légales. L'inscription exacte du statut d'affiliation des élus locaux auprès du Centre commun de la sécurité sociale n'est pas collectée et ne peut pas être exploitée à des fins statistiques.

L'analyse des dispositions actuelles relatives à la réglementation concernant le congé politique est en cours et sera discutée dans le cadre de la refonte de la loi communale que je lancerai très prochainement.

Le saviez-VOUS ?

DISSOLUTION DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Les députés sont élus pour cinq ans. Normalement leur mandat prend fin à l'occasion de la réunion en séance publique de la Chambre issue des élections qui a lieu de plein droit le troisième mardi suivant la date des élections. Il se peut aussi qu'il y ait une dissolution anticipée de la Chambre. Ainsi, selon la Constitution, le Grand-Duc a le pouvoir de dissoudre la Chambre.



Question 0767 (07.06.2019) de **M. Alex Bodry** (LSAP) concernant les **règles déontologiques pour les magistrats** :

La France, la Belgique et bon nombre d'États démocratiques se sont donnés des règles déontologiques pour les magistrats.

Si de telles règles d'éthique professionnelle existent au Luxembourg pour les députés, les membres du Gouvernement et les membres du Conseil d'État, la magistrature n'est pas soumise à des règles déontologiques formalisées.

Une justice indépendante, impartiale, intègre et diligente ne peut se passer du respect de certaines règles éthiques claires et transparentes.

- Le Gouvernement n'estime-t-il pas nécessaire de suivre l'exemple d'autres pays et d'encourager le troisième pouvoir à se doter d'un code de déontologie en bonne et due forme retraçant les devoirs et obligations qui incombent aux juges ?

Réponse (04.07.2019) de **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice* :

Par assemblée générale conjointe du 16 mai 2013, la Cour supérieure de justice et la Cour administrative ont adopté le « Recueil des principes déontologiques des magistrats luxembourgeois », qui est joint en annexe de la présente réponse. Ce recueil a été communiqué à tous les membres de la magistrature luxembourgeoise.

Le Gouvernement a proposé d'attribuer au futur Conseil suprême de la justice une compétence en matière de déontologie de la magistrature. L'article 26 du projet de loi n° 7323 portant organisation du Conseil suprême de la justice prévoit que :

« Art 26. (1) Le Conseil détermine les règles de déontologie et surveille leur application par les magistrats.

(2) Les règles de déontologie sont publiées au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

(3) Tous les magistrats et attachés de justice peuvent saisir le Conseil afin d'obtenir un avis sur une question de déontologie. »

(Annexe à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Question 0768 (07.06.2019) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant le **vaccin antigrippe** :

Le producteur GSK, l'un des trois producteurs de vaccins antigrippe, vient d'annoncer en Belgique qu'il ne fournira que 70 % du total des commandes de vaccins à l'automne prochain.

Le producteur attribue ce retour à la décision tardive de l'OMS (Organisation mondiale de la santé) quant aux souches de virus qu'il faut inclure dans les vaccins de l'année.

1) J'aimerais donc savoir de Monsieur le Ministre de la Santé si des retards comparables sont attendus au Luxembourg.

2) Le cas échéant, quelles sont les mesures qu'envisage le ministère pour éviter une pénurie en début de la saison grippale 2019-2020 ?

Réponse (03.07.2019) de **M. Étienne Schneider**, *Ministre de la Santé* :

ad 1) L'Organisation mondiale de la santé a publié le 21 mars 2019 la composition définitive recommandée du vaccin contre la grippe saisonnière pour la saison 2019-2020. L'Agence européenne des médicaments a pour sa part mis à jour le 15 mai 2019 les recommandations de l'Union européenne pour la composition du vaccin saisonnier pour la saison 2019-2020. Certains laboratoires pharmaceutiques soulèvent en effet cet argument pour justifier des retards éventuels dans la livraison des vaccins cet automne dans l'hémisphère nord.

Le Luxembourg est concerné par la possibilité de perturbations en approvisionnement du marché national lié aux livraisons tardives dans les autres États membres de l'UE. En effet, le Luxembourg est approvisionné essentiellement en médicaments en provenance des autres marchés européens, notamment du marché belge qui sera lui-même confronté aux livrai-

sons tardives de vaccins contre la grippe saisonnière du fabricant GSK.

ad 2) Le Ministère de la Santé a sollicité tous les fabricants de vaccins, qui possèdent une autorisation de mise sur le marché au Luxembourg, de se positionner sur l'approvisionnement du marché national pendant la saison vaccinale 2019-2020.

Trois laboratoires pharmaceutiques ont manifesté leur intérêt, dont un fabricant de vaccins qui s'est engagé par écrit à fournir la moitié des doses nécessaires pour couvrir les besoins de la population sur base de la consommation de l'année précédente. Deux autres sociétés intéressées par l'approvisionnement du marché luxembourgeois sont en phase de discussion avec le Ministère de la Santé sociale par rapport à la fixation de prix et avec la Caisse nationale de santé par rapport au remboursement des vaccins contre la grippe saisonnière.

D'autre part, la Direction de la Santé a également interpellé les titulaires d'autorisations de mise sur le marché (AMM) sur le rôle qu'ils tiennent pour assurer un approvisionnement continu pour les grossistes-répartiteurs, de manière à mettre ceux-ci en mesure de satisfaire à l'obligation de service public. Parallèlement, la Direction de la Santé facilite les négociations entreprises par ces titulaires d'AMM avec les grossistes-répartiteurs luxembourgeois en vue d'aboutir pour la saison vaccinale 2019-2020 à un arrangement pour la distribution par ces acteurs du terrain des vaccins contre la grippe saisonnière aux prestataires de services de santé.

Question 0769 (07.06.2019) de **M. Roy Reding** (ADR) concernant le **contrôle médico-sportif** :

Jonker, déi eng Sportslizenz huelen, mussen um INS en „contrôle médico-sportif“ maachen. Fir déi meescht Sportarten ass den Test esouguer periodesch ze widerhuelen. Et schéngt awer, wéi wann de Lëtzebuenger Test, am Fall wou e Futtballer eng UEFA-Lizenz maache wëllt, net unerkannt géif ginn.

Duerfir wëll ech dem Här Sportsminister dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt d'UEFA d'Lëtzebuenger medico-sportlech Kontroll net unerkennt? Gëtt et och an anere Sportarten Problemer, datt dee Lëtzebuenger „contrôle médico-sportif“ international net unerkannt gëtt?

2. Wat sinn d'Grënn, firwat den Test net unerkannt gëtt? Wat fir Kritäre gi vum Lëtzebuenger Test net erfëllt?

3. Ass geplangt, déi Lëtzebuenger Prozedur esou unzepassen, datt si och international hire Wäert behält?

4. Wäer dat net am Intressi vun de Sportler a vun der Qualitéit am Sport allgemeng?

5. Huet den Här Minister en Iwwerbléck iwwert déi Käschten, déi ufalen, well de Lëtzebuenger Test international net unerkannt ass?

Réponse (16.07.2019) de **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports* :

Op d'Fro vum honorablen Deputéierten iwwert den „contrôle médico-sportif“ gëllt et un éischer Stell ze präziséieren, dass déisen „contrôle“ am Artikel 11 vum ofgeännerte Sportsgesetz vun 2005 virgesinn ass, deen duerch d'Ausféierungsbestëmmung vum 23. Dezember 2016 exekutéiert gëtt. Fir d'Elite-sportler ass ee speziellen „suivi médical“ am Sportsgesetz virgesinn, deen, esou wéi dat am groussherzogleche Règlement steet, an engem spezialiséierten a vum COSL unerkannten Zenter fir d'Héichleeschtungssportler duerchgefouert gëtt.

Ech kann net confirméieren, dass d'UEFA de Lëtzebuenger Medico net unerkennt. Allgemeng ginn dës Tester unerkannt an doriwwer eraus brauchen och d'Bestëmmunge vun engem groussherzogleche Règlement keng Unerkennung duerch international Sportsinstanzen, well mer als souveräne Stat dat selwer ze decidéieren hunn. Doriwwer eraus huet de Lëtzebuenger Medico allgemeng een héijen Niveau, deen och, am Fall wou deen zoustännegen Dokter dat fir ubruecht fënn, duerch zousätzlech Tester nach kann opgewäert ginn.

Allerdéngs brauchen déi Fussballveräiner, déi eng UEFA-Lizenz ustriewen, zousätzlech medezinesch Tester, esou wéi si och eng ganz Rei vun anere Bedingungen erfëlle mussen, fir dës Lizenz ze kréien. Dëst bréngt eng Rei Käschte fir déi weéneg Veräiner, déi betraff sinn, mat sech, allerdéngs kënnen si awer, am Géigendeel vu villen anere Sportarten, op grousszügig Subside vun der UEFA zielen, am Fall vun enger Participatioun op europäescher Bün.

Doriwwer eraus ginn d'Fussballveräiner aus der Nationaldivisioun iwwert de Fonds de solidarité vun der UEFA indemniséiert fir déi zousätzlech Käschten, déi fir d'Erfëlle vun der UEFA-Lizenz ufalen.

Question 0771 (11.06.2019) de **MM. Gilles Roth** et **Laurent Mosar** (CSV) concernant la **rédaction de rapports ou d'avis par la Police grand-ducale sur base de fichiers ou de banques de données propres à la police** :

Dans sa réponse à une question parlementaire de l'honorable Député Laurent Mosar sur l'existence d'un casier judiciaire secret ou d'une banque de données contenant des informations similaires à celles pouvant être contenues dans un casier judiciaire du 17 avril 2019 (document 0640), le Gouvernement a infirmé entre autres l'existence même d'un tel casier ou d'une telle banque de données.

Or, d'après les explications d'un policier à la traite véhiculées sur les réseaux sociaux, non seulement de tels fichiers propres à la police existeraient, mais la Police grand-ducale s'en servirait dans le cadre de rapports ou d'avis qu'elle rédigerait. Il semblerait ainsi que la police se soit basée et continue de se baser sur des fichiers propres, qui auraient un caractère illégal, afin de dresser des rapports ou autres avis notamment dans le cadre de recours en grâce ou encore d'enquêtes diligentées par les autorités communales au vu de l'établissement d'un certificat de moralité.

Dans ce contexte, nous aimerions poser à Monsieur le Premier Ministre et Ministre d'État, ainsi qu'à Monsieur le Ministre de la Justice et à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure les questions suivantes :

1) Le Gouvernement confirme-t-il l'existence de pratiques telles que décrites ci-dessus, à savoir la rédaction d'avis ou de rapports en ayant recours à des informations contenues dans des fichiers ou des banques de données propres à la police ?

2) Dans l'affirmative, quelle est la base légale de ces rapports ou avis ?

3) Pour quelles affaires ou dans quel domaine ces rapports ou avis sont-ils rédigés ?

4) Ces pratiques sont-elles conformes aux principes de la protection de données personnelles ? Dans la négative, pour quelles raisons ces rapports ou avis continuent-ils à être rédigés ?

5) Les personnes concernées par les enquêtes sont-elles au courant de l'existence et du contenu de ces rapports ou avis ? Peuvent-elles faire valoir leur point de vue quant aux éventuelles observations contenues dans les rapports ou avis ?

Réponse commune (10.07.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) Oui, dans la mesure où la rédaction des avis et rapports en question est prévue par la loi.

Non, en ce qui concerne le caractère prétendu illégal des fichiers dont sont extraites les informations sur la base desquelles ces avis et rapports sont rédigés.

ad 2) + 3) La rédaction des avis et rapports en question dispose d'une double base légale.

D'une part, des dispositions légales spécifiques doivent prévoir qu'un contrôle d'honorabilité doit être effectué par une administration avant l'émission d'une autorisation ou d'un titre similaire. À titre d'exemple, on peut citer le Code de la route en ce qui concerne les permis de conduire, la loi modifiée du 15 mars 1983 sur les armes et munitions pour les autorisations en matière d'armes, ou encore le règlement grand-ducal du 24 février 2016 relatif aux conditions d'accès à l'aéroport de Luxembourg et aux contrôles de sûreté concernant les droits d'accès aux parties sécurisées de l'aéroport.

D'autre part, la transmission de ces informations par la police aux administrations requérantes doit être conforme aux dispositions de la loi modifiée du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère personnel et d'informations en matière policière, qui constitue la base légale générale pour la transmission d'informations par la police à des administrations.

ad 4) Les rapports et avis précités répondent aux principes et conditions posées par la loi du 1^{er} août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale.

ad 5) Dans ce contexte, il y a également lieu de faire une distinction entre la législation en matière de protection des données et d'autres principes de droit.

Si la police transmet des données dont elle est le responsable du traitement à une autre administration, ce n'est pas la police qui prend une décision sur base de ces données, mais l'administration requérante. Dans la plupart des cas précités, la police n'établit pas de rapport ou d'avis détaillé, mais elle informe simplement cette administration/autorité que pour la personne en question l'interrogation de la base de données est positive par rapport aux critères légalement déterminés. La décision définitive prise par l'administration requérante doit être motivée comme toute décision administrative et être communiquée à l'intéressé afin de lui ouvrir la possibilité d'introduire un recours en cas de désaccord.

Le traitement des données contenues dans les fichiers de la police est effectué sur base de la loi du 1^{er} août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale, donc la loi de transposition de la directive 2016/680. Le traitement des données par l'administration requérante relève du régime du dénommé « RGPD ».

L'article 8 de la loi du 1^{er} août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale prévoit explicitement le traitement de données pour d'autres finalités et son régime applicable.

À cela s'ajoute que l'administré dispose encore des droits prévus par la procédure administrative non contentieuse, lorsqu'une administration entend faire usage des informations lui transmises par la police dans le cadre d'une décision administrative.

Question 0772 (11.06.2019) de **M. Marc Goergen** (Pirates) concernant le **fichier central de la Police grand-ducale** :

Aus der Äntwert vum Premierminister Xavier Bëtzel op d'parlamentaresch Fro N° 0640 vum honorablen Deputéierte Laurent Mosar (CSV) zu dem sougenannten „Geheime Casier“ geet ervir, dass d'Police iwwer een „fichier central“ verfüügt, dee sämtlech Protokollen a Rapporte regroupéiert, déi vun Officiers de police judiciaire (OPJ) an Agents de police judiciaire (APJ), konform zum Code de procédure pénale, geschriwwen gi sinn. Dësen „fichier central“ faasst delikat Informatiounen iwwert d'Biergerinnen a Bierger an enger Datebank zesummen.

An deem Zusammenhang wëllt ech dem Minister fir Justiz a fir bannenzeg Sécherheet a Verdeedegung dës Fro stellen:

1. Vu wéini un existéiert deen „fichier central“? Gouf d'Regierung an der Vergaangenheet vun der Existenz vum „fichier central“ an d'Bild gesat? Wa jo, goufen et Bedenken a Saache Sécherheet, Legalitéit an Ethik?

2. Wéi eng Ministère vumst, säit 2012, iwwert d'Existenz vum „fichier central“ Bescheid, respektiv wéi enge Ministère gouf d'Existenz vun dësem Fichier zougedroen an zu wéi engem Zäitpunkt?

3. Kéint d'Regierung präziséieren, op wéi enger Software den „fichier central“ vun der Police baséiert an duerch wéi eng Sécherheetsoutillen e geschützt ass? Kann de Minister garantéieren, dass dës Base de données adequat géint Cyberattaque protegéiert ass?

Réponse commune (10.07.2019) de **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. Mir sinn an eiser Äntwert vum 17. Juni op d'parlamentaresch Fro N° 0752 in extenso op den Historique vum Fichier central agaangen a verweisen deemno op dës Äntwert.

ad 2. De Fichier central gëtt et zënter Joerzéngten an hat verschidde Bases légales. Zënter 1992 war dat e Règlement grand-ducal an zënter dem 1. August 2018 ass et dat neit Date-schutzgesetz. Déi Texter sinn all am Memorial respektiv am Journal officiel publizéiert ginn an domadder och bekannt. Doriwwer eraus gesinn eng Rei spezifesch Bases légales vir, dass aner Ministère a Verwaltunge kënnen Informatiounen aus dem Fichier central ufroen.

ad 3. Et gehéiert zu den allgemengen Date-schutzbestëmmungen, fir Sécherheetsmesuren ze ergreifen. D'Police huet do déi néideg Sécherheetsmesuren en place gesat.

Well en éischte Schrëtt, fir en Datesystem ze hacken, awer dodra besteet, dass ee weess, em

wéi e System et sech handelt a wéi en ofgeséchertert ass, kënnen déi Informatiounen net effentlech gemaach ginn.

Question 0773 (11.06.2019) de **M. Roy Reding** (ADR) concernant le **fichier central de la Police grand-ducale** :

An der Äntwert op dem CSV-Deputéierten Laurent Mosar seng parlamentaresch Ufro N° 0640 ass ze liesen, datt d'Police eng Datebank mam Numm „fichier central“ exploitéiert, an där sämtlech (!) Protokollen a Rapporten ze fanne sinn, déi vun OPJ oder APJ geschriwwen goufen. Accès op dëse Fichier hätten och nëmmen OPJ an APJ „zum Zweck vun der Prävention, Recherche a Feststellung vun Infractionen“.

1. Ass et wouer, datt Extraiten aus dësem „fichier central“ och am „dossier pénal“ leien, deen d'Magistrate bei strofrectleche Verfaahren virleien hunn? Wa jo, ass dat eng regelméisseg Prozedur?

2. Ass et wouer, datt Extraiten aus dësem „fichier central“ och bei anere Geleeënheete benotzt ginn, zum Beispill vum Justizministère, wann et ëm d'Ausstellung vum engem Waffeschäi geet? Wéi eng Situatiounen kennen déi Häre Ministeren, an deenen den „fichier central“ mat als Dokumentatioun benotzt gouf oder gëtt, zum Beispill och bei engem Astellungsverfaahren?

3. Ass den Här Minister vun der Justiz net och der Meenung, datt et kéint als absurd empfongt ginn, wann zwar den „offiziellen“ Casier minutéis reglementéiert ass, och wat, zum Beispill, déi fristgerecht Sträichung vun Condamnatiounen ueget, wann et dernieft nach en „fichier central“ gëtt, an deem all Protokoller a Rapporte gesammelt ginn, och déi, déi nimools zu enger Poursuite oder enger Verueteelung vun deem concernéierten Bierger gefouert hunn? Wäre et hei net wichteg, de respektive Rôle an eventuell Interaktiounen tëschent deenen zwou Datebanken kloer ze delimitéieren an ze reglementéieren?

4. Ass et net wouer, datt deen „fichier central“ nimools „gebotzt“ gëtt an nach Aschreiwungen enthält, déi vill Joren a Joerzéngten zréckleien? Misst do net am Interessi vum Respekt vun der Privatsphäre iwwer Modalitéiten vun der Sträichung respektiv fachgerechter Archivéierung nogeduecht ginn?

5. Sinn déi Häre Ministeren der Meenung, datt et e Grondrecht vun all Bierger misst sinn, fir kënnen ze froen, ob am „fichier central“ vun der Police eng Notiz iwwer hien existéiert an op Demandé hin och eng Kopie misst ausgehänneg kreien, onofhängeg dovun, ob grad eng Prozedur géint hie leeft oder net? Ass et an der Intentioun vun der Regierung, fir eng Reglementatioun iwwer Transparenz an Datschutz an dësem Beräich ze proposéieren? Wa jo, a wéi engen Delaien an a wéi enger Form?

6. Ass d'Regierung der Meenung, datt Inscriptiounen an deem Fichier no enger gewässer Zäit an no festzeleeënde Modalitéiten misste gestrach ginn („droit à l'oubli“)?

7. Ass d'Regierung der Meenung, datt e Bierger d'Recht kéint hunn, fir Sträichungen am „fichier central“ ze verlaangen, notament am Rapport mat Bagatellen, mat Faiten, déi keng weider Suite kennt hunn, oder am Rapport mat Prozeduren, bei deenen hie fräigeschwat gouf?

8. Ass d'Regierung bereet, der Chamber e Rapport dorivver virzeleeën, wéi eng Pertinenz déi verschidden Inscriptiounen am „fichier central“ an der Policearbecht effektiv hunn, an doraus Konklusiounen ze zéien, déi déi zukünftige Gestiou an Ausrichtung vun dem Fichier kënnen optiméieren?

Réponse commune (10.07.2019) de **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. Neen, wéi schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Ufro N° 0752 erkläert ginn ass, hunn d'Justizautoritéiten näischt mam Fichier central vun der Police ze dinn.

Bei engem strofrectleche Prozess befanne sech am Dossier pénal, deen d'Gericht zur Verfügung huet, all Informatiounen, déi relevant si fir d'Beurteilung vun de Faiten, déi den Ugekloer reprochéiert kritt. Wichteg sinn an deem Kontext d'Rechter vun der Verteidigung vum Ugekloer, wat als Konsequenz huet, dass d'Verteidigung genau déiselwecht Informatiounen kritt wéi d'Gericht am Kader vum „accès au dossier“, sou wéi d'Strofprozessuerdnung et virgesäit. Den Ugekloer kann also dozou Stellung huelen a sech verteidegen, sou wéi et fir e Stroprozess am Gesetz virgesinn ass.

ad 2. An der lëtzebuergescher Gesetzgebung ginn et eng ganz Rei vu Gesetzer, déi virgesinn, dass eng Verwaltung nëmme kann eng Autorisatioun ausstellen, wann déi betreffend Persoun och déi néideg Honorabilitéit huet. An deene Fäll adresséiert sech d'Verwaltung dann un d'Police, déi der Verwaltung dann e Rapport zoukomme léisst mat de relevanten Informatiounen. Als Beispiller aus dem Justizministère, ënner anere Ministèren och, kann een do d'Waffegesetz („loi modifiée du 15 mars 13 sur les armes et munitions“) oder och nach d'Gardiennagesetz („loi modifiée du 12 novembre 2002 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance“) zitieren.

ad 3. Et geet ganz kloer aus dem Gesetz vum 1. August 2018 iwwer den Datschutz am Beräich Strofrect an der nationaler Sécherheet („loi du 1^{er} août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale“) ervir, dass fir all Fichier eng oder méi Finalitéiten mussen definéiert ginn, déi dann och d'Aart a Weis vun der Dateverarbechtung vun deem Fichier bestëmmen.

Déi zwéi Fichieren, déi den honorabelen Deputéierten hei matenee vergläicht, hunn zwou verschidde Finalitéiten a ginn dofir och no anere Regele gefouert.

Wéi schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Ufro N° 0752 präziséiert gouf, hu weder de Justizministère nach d'Justizautoritéiten eppes mam Fichier central vun der Police ze dinn. D'Finalitéiten an d'Regelen, no deenen de Casier judiciaire gefouert gëtt, sinn duerch d'Casiersgesetz vum 29. Mäerz 2013 („loi modifiée du 29 mars 2013 relative à l'organisation du casier judiciaire“) festgeluecht.

ad 4. Den Artikel 4 vum Datschutzgesetz vum 1. August 2018 („loi du 1^{er} août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale“) gesäit vir, dass de Responsable vum Traitement sech muss Delaie ginn, wat d'Konservatioun vun den Daten ueget.

D'Police, als Responsable vum Traitement, applizéiert vun no der Reform vum Datschutz 2002 un d'Regel, dass d'Protokoller an d'Rapporte während enger Dauer vun 10 Joer am Fichier central gehale ginn an dann an d'Partie Archivage iwwerdroe ginn, wou nëmmen op Autorisatioun vum Procureur général d'État oder vun engem vu sengen Adjointé kann op d'Daten zougegraff ginn.

Et ass och virgesinn, dass d'Protokoller an d'Rapporte spéitstens 60 Joer no hirer éischer Inscriptioun am Fichier central geläscht ginn.

Et sief och rappéléiert, datt d'Police an de Ministère public un der Ëmsetzung vun engem automateschen Austauschsystem schaffen, deen et der Police erlaube soll, dem judiciaire Suivi vun hire Rapporten a Protokoller kënnen Rechnung ze droen, an doduerch Protokoller a Rapporten éischer kënnen geläscht ginn.

Et ass also net richtig ze behaupten, dass de Fichier central nimools „gebotzt“ gëtt.

ad 5. Genee déi Rechter vun der beträffender Persoun, déi den honorabelen Deputéierten hei ernimmt, si schonn duerch d'Artikelen 12 bis 17 vum Gesetz vum 1. August 2018 iwwer den Datschutz am Beräich vum Strofrect an der nationaler Sécherheet ofgeséchertert.

ad 6. Den „droit à l'oubli“, wéi den honorabelen Deputéierten dat formuléiert, ass am uewe genannte Gesetz vum 1. August 2018 virgesinn, well ënner anerem den Artikel 3 Paragraph (1), Buschtaf e) vun deem Gesetz virgesäit, dass perséinlech Donnéeën nëmme sou laang dierfe gespäichert ginn, wéi et fir d'Finalitéit vum Traitement vun deenen Donnéeën noutwenneg ass.

ad 7. D'Sträichung vun Donnéeën aus engem Fichier ass ausdrécklech am Artikel 15 vum Gesetz vum 1. August 2018 iwwer den Datschutz am Beräich vum Strofrect an der nationaler Sécherheet virgesinn.

ad 8. De Minister fir bannescht Sécherheet huet souwuel bei der Inspection générale de la Police wéi och bei der nationaler Datschutzkommissioun Rapporten uegefrot, a soubal déi virleien, gi se der Chamber och iwwermittelt.

Question 0774 (11.06.2019) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant le **train à hydrogène** :

Le train à hydrogène « vert » à zéro émission nocive va entrer en service en Allemagne, l'autorité de transport Rhin-Main ayant commandé 27 trains à hydrogène.

Au Luxembourg cette technologie pourrait constituer une alternative durable pour les trains diesel qui subsistent.

- J'aimerais savoir de Monsieur le Ministre si le Gouvernement entend encourager les CFL à suivre l'exemple allemand et, le cas échéant à l'instar du Gouvernement allemand, prendre en charge le surcoût de 40 % par rapport aux traditionnels trains diesel.

Réponse (18.07.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Je vous informe que tout le matériel roulant des CFL engagé en trafic voyageurs est exclusivement composé de locomotives et d'automotrices électriques.

Depuis 2007, les trains voyageurs des CFL circulent avec l'énergie de traction électrique issue à 100 % de sources renouvelables, donc à zéro émission de CO₂.

Les trafics de fret par rail de moyenne et longue distance, sont également entièrement assurés par des locomotives électriques interopérables.

En ce qui concerne les trafics de courte distance ainsi que les mouvements de manœuvre sur les sites, ils sont tous réalisés par CFL cargo, en locomotives diesel.

Elles présentent la particularité d'être équipées du système de contrôle ETCS. En outre, une bonne partie d'entre elles sont homologuées dans plusieurs pays (Luxembourg, Allemagne, France) afin de pouvoir assurer les trafics interopérables sur lesquels reposent les demandes logistiques des clients du fret ferroviaire au Luxembourg.

CFL cargo suit de très près les développements technologiques sur le marché des constructeurs et bailleurs de locomotives.

Néanmoins, à l'heure actuelle, ce marché ne propose pas encore de produit mature de locomotives à hydrogène apte à remplacer la flotte diesel actuellement en place.

Question 0775 (11.06.2019) de **M. Laurent Mosar** (CSV) concernant l'**exécution de Murtaja Qureiris en Arabie Saoudite** :

En effet, selon la presse nationale et internationale, Murtaja Qureiris, majeur depuis le 7 juin 2019, mais arrêté déjà en 2014 à l'âge de 13 ans, risque désormais la peine capitale. Le plus jeune prisonnier politique d'Arabie Saoudite, issu d'une famille chiite, aurait assisté à dix et à 13 ans à des manifestations pour défendre les droits de l'homme. Sur des images de CNN, on le voit par exemple en 2011 sur son vélo au centre d'un groupe de garçons, tournant le dos à son père, qui réclame « des droits » pour le peuple chiite. Pour rappel : le Fonds des Nations Unies pour l'enfance (Unicef) dénonce régulièrement des exécutions de mineurs en Arabie Saoudite.

J'aimerais dès lors poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Monsieur le Ministre peut-il me confirmer la précitée urgence dans le cas précis de Murtaja Qureiris ?

2) Monsieur le Ministre peut-il m'informer comment le Gouvernement et sa diplomatie entendent réagir bilatéralement face à la gravité existentielle de la situation personnelle de Murtaja Qureiris ?

3) Monsieur le Ministre envisage-t-il également de thématiser le cas en question aux niveaux européen (UE) et international (ONU) ?

Réponse (09.07.2019) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

Den honorabelen Deputéierte stellt eng Serie Froen iwwert den „Fare Basis Code“. Dës Code ass op de Fluchticketen an E-Ticketen ze fannen. Eisem Wëssen no sinn déi Informatiounen, déi an deem Code drastinn, déi nämlech wéi déi, déi de Konsument beim Kaf vum Ticket och giliwert kritt huet. Déi kuerz kodifizéiert Duerstellung dovou soll et just dem Buedem- a Bordpersonal erméiglechen, Décisiounen ze huelen, ouni duerch Säite vu Konditiounen musse sichen ze goen.

Wat déi eenzel Froen ueget, kann ech dem honorabelen Deputéierte folgend Äntworte ginn:

ad 1. De Konsument huet op Basis vum Lëtzebuerger Code de la consommation d'Urecht, virum Ofschloss vun engem Kontrakt all Informatiounen betreffend dee Kontrakt ze kréien. Des Weidere kann d'Enthale vun deesen Informatiounen eng deloyal kommerziell Praktik duerstellen. Klauselen, iwwert déi e Konsument net informéiert ginn ass, sinn och laut dem Code de la consommation Klauselen, déi ëmmer allen Emstänn als abusiv ze betruechte sinn.

ad 2. Just Informatiounen, déi de Konsument virum Ofschloss vum Kontrakt kritt huet an déi nom Ofschloss confirméiert goufen, zielen och zum Kontrakt. De Konsument huet also och Accès zu deenen Informatiounen.

ad 3. Den Artikel 23 vum EU-Reglement N° 1008/2008 gesäit vir, wéi Fluchgesellschaften d'Passagéier iwwert d'Präiser informéieren müssen. Annerunge vum Präis sinn des Weidere nëmmen ënner strikte Konditiounen méiglech, wéi zum Beispill bei enger staarker Erhéijung vum Kerosinspräis.

ad 4. De Lëtzebuerger Code de la consommation, deen zu engem groussen Deel op EU-Direktive baséiert, gesäit déi transparent Informatioun iwwert d'Konditiounen vun engem Kontrakt vir.



Question 0788 (14.06.2019) de **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*) concernant le **code du ciel** :

L'Union européenne s'est dotée d'un « code du ciel » pour tous les drones qu'ils soient utilisés à des fins professionnelles ou de loisir.

Ce règlement doit entrer en vigueur à partir de juillet 2020 et se substituera progressivement aux réglementations nationales.

- J'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics quels seront les changements majeurs par rapport à la situation actuelle au Luxembourg.

- Quelles sont notamment les dispositions concernant le survol de zones d'habitations respectivement de zones sensibles telles que les aéroports ?

- Quelles sont les dispositions en matière d'enregistrement des drones ainsi que de leurs propriétaires et du respect de la sphère privée ?

Réponse (12.07.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

En date du 11 juin 2019, la Commission européenne a publié deux règlements concernant les drones :

- le règlement d'exécution (UE) 2019/947 de la Commission du 24 mai 2019 concernant les règles et procédures applicables à l'exploitation d'aéronefs sans équipage à bord ;

- le règlement délégué (UE) 2019/945 de la Commission du 12 mars 2019 relatif aux systèmes d'aéronefs sans équipage à bord et aux exploitants, issus de pays tiers, de systèmes d'aéronefs sans équipage à bord.

Les deux règlements entrent en vigueur le 1^{er} juillet 2020. Le règlement d'exécution (UE) 2019/947 sera applicable à partir du 1^{er} juillet 2020.

Avec cette nouvelle réglementation européenne directement applicable au niveau national, le



Luxembourg disposera d'un cadre réglementaire complet couvrant les aspects opérationnels des évolutions de drones ainsi que les aspects techniques des drones eux-mêmes. Il s'agira pour le Luxembourg du premier cadre légal spécifique concernant les drones, alors qu'actuellement seules les règles nationales générales pour l'aviation civile s'appliquent aux drones.

Le changement majeur consiste en la classification de drones suivant trois catégories d'exploitation :

- la catégorie « open » : les drones dans la catégorie « ouverte » ne seront soumis à aucune autorisation, ni à une déclaration d'exploitation préalable (exploitation à risque le plus faible avec des drones avec une masse maximale au décollage inférieure à 25 kg).

Par contre, une hauteur maximale générale de 120 mètres sera fixée pour les évolutions de drones dans la catégorie « ouverte » ;

- la catégorie « specific » : les drones dans la catégorie « spécifique » nécessiteront une autorisation d'exploitation délivrée par l'autorité compétente (exploitations avec des drones qui ne remplissent pas les exigences de la catégorie ouverte et à risque plus élevé) ;

- la catégorie « certified » : les drones dans la catégorie « certifiée » nécessiteront la certification du drone conformément au règlement délégué ainsi que la certification de l'exploitant et, le cas échéant, l'octroi d'une licence au pilote à distance. Les règles détaillant la catégorie « spécifiée » sont en cours d'élaboration au niveau européen.

Chaque pilote/opérateur de drone devra avoir suivi une formation en ligne et avoir passé avec succès un examen théorique (également en ligne). Cette formation portera sur la sécurité aérienne, l'espace aérien, la réglementation aérienne, les procédures opérationnelles, etc.

En ce qui concerne le survol de zones d'habitations ou de zones sensibles, les textes européens ne contiennent pas de règles détaillées y relatives. Ils prévoient cependant la possibilité pour les États membres de définir des zones géographiques restreintes pour les drones (« no-fly drone zones ») pour raisons de sécurité, de sûreté, de respect de la vie privée et de la protection de l'environnement.

Les États membres peuvent exiger l'application de conditions particulières pour des activités des drones dans ces zones géographiques, y interdire les drones ou même exiger une autorisation préalable. Il s'agit donc d'une prérogative nationale des États membres de définir ces zones. Le ministère élaborera ensemble avec les acteurs concernés une cartographie de ces zones restreintes pour les drones.

Sauf pour l'exploitation de drones dans la catégorie « certifiée », les drones ne devront pas être enregistrés/immatriculés auprès de l'autorité compétente. Néanmoins, après avoir réussi la formation et l'examen en ligne, le pilote/l'opérateur du drone devra être enregistré dans une base de données auprès de l'autorité compétente.

Concernant la protection de la vie privée, le texte européen ne prévoit pas de dispositions spécifiques. Les pilotes/exploitants de drones devront respecter les dispositions générales sur le respect de la vie privée et la protection des données personnelles en vigueur.

Question 0789 (14.06.2019) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV) concernant le **personnel du CGDIS** :

Laut eisen Informatiounen feelt et a ville CGDIS souwuel u berufflech Personal wei och u Benevollen, fir déi deeglech Erausforderungen ze meeschteren.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Innenministesch stellen:

- Wei vill berufflecht Personal gouf bis elo rekrutéiert?
- Wei vill Leit sollen dëst Joer agestellt ginn?
- A wei engen Zentere si si affektéiert ginn?
- Wei wëll d'Madamm Ministesch de Rekrutéierungsproblem léisen?
- Ass e Joresplang virgesi wéi soll rekrutéiert ginn?
- Gesäit d'Regierung vir, sech méi finanziell Mëttelen ze ginn, fir de Corps ze verstärken?

Réponse (17.07.2019) de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur* :

Laut dem Rapport d'activité vum CGDIS, deen den 1. Juli 2019 virgestallt gouf, schaffen am Moment 488 Beruffspompjeeën an 175 Personnen als technesch administratiivt Personal beim CGDIS.

Den nämechten Dag huet eng Campagne ugefaangen, fir 50 zousätzlech Beruffspompjeeën am Cadre de base an aacht Offizéier am Cadre supérieur ze rekrutéieren.

Aktuell kann net vum engem Rekrutéierungsproblem geschwat ginn. Bis elo hu sech ëmmer genuch Kandidatinnen a Kandidaten gemellt, wa Poste vum CGDIS ausgeschriwwen goufen.

Esou wéi d'Gesetz et virgesäit, leet de Generaldirekter dem Verwaltungsrat vum CGDIS am Hierscht e laangjäreg Plang fir de Rekrutement vir.

Säit 2013 ass, en Vue vum der Kreatioun vum CGDIS, d'Unzuel vu Beruffspompjeeën bei der fréierer Verwaltung vum Rettungsdéngschter konsequent erhéicht ginn. Am Zäitraum vum 2009 bis 2019 goufen hei 211 nei Poste geschaf. Doniewent huet d'Stad Lëtzebuerg tëscht 2008 an der Mise en service vum CGDIS am Juli 2018, 13 zousätzlech Poste als Beruffspompjee geschaf. Säit dem 1. Juli 2018 huet de CGDIS 52 Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus dem Gemengesektor iwwerholl, déi zum Deel eng hallef Tache fir de kommunale Pompjeeskorps haten an elo vollzäiteg ugestallt sinn.

Och an Zukunft wäert d'Regierung, zesumme mat de Gemengen, dem CGDIS déi noutwenneg finanziell Mëttel zur Verfügung stellen, fir kënnen dat Personal anzustellen, dat gebraucht gëtt, fir déi deeglech Erausforderungen ze meeschteren. Dobäi sief och drun ernnert, dass de CGDIS bis elo all Asaz konnt meeschteren an dass den 112 op all Uruff eng adequat Äntwert konnt ginn.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Question 0790 (14.06.2019) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **publicité de l'agence Luxembourg for Finance** :

D'Agence Luxembourg for Finance (LFF) huet d'lescht Woch ee Werbevideo verëffentlecht, an deem d'Liewen an d'Schaffen op der Finanzplatz Lëtzebuerg promovéiert gëtt. Ennert dem Hashtag #MoveToLux weist de Video eng Wealth-Managerin, déi mat engem 4x4 SUV duerch d'Bëscher rennt an dono op der Marie-Astrid bei engem Pättche Wäin verzielt, wéi flott d'Liewen zu Lëtzebuerg, bzw. am Finanzsektor, ass. De Koalitionsaccord priedegt Nohaltegkeet, sozial Kohäsion an eng responsabel Finanzpolitik.

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministere fir Finanzen, fir Aussenugeleeënheeten an Europa a fir Kommunikatioun a Medien des Froe stellen:

1. Wat sinn, an der Regierung hiren Aen, d'Kär-messagë vum deemem Werbevideo? Ass d'Regierung der Meenung, dass dese Promotiouns-video de Grondwäerter vum Koalitionsaccord Rechnung dréit? Falls jo, ënner wéi enger Form?
2. Dovunner ausgoend, dass de Stat um LFF bedeelegt ass - wéi een Afloss hat d'Regierung op de Contenu vum deemem Promotiouns-video? Verdeedegt d'Regierung d'Aart a Weis, wéi Lëtzebuerg an deemem Werbevideo duergestallt gëtt?
3. Ass de Promotiouns-video vum LFF zesumme mam „Comité de coordination Inspiring Luxembourg“ ausgeschafft ginn? Ass de Message kompatibel mat der Strategie vum Nation Branding?
4. Ass d'Regierung der Meenung, dass een am Hibleck op déi vum Koalitionsaccord gepriedegt Wäerter zousätzlech misst méi Bescheidenheet a Responsabilitéit als Kärthemen an esou Werbecampagnen integréieren?

5. Wéi gesäit fir d'Regierung eng responsabel an nohalteg Promotiounspolitik vum der Finanzplatz Lëtzebuerg aus?

Réponse commune (02.07.2019) de **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*, de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, et de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias* :

D'Agence Luxembourg for Finance (LFF) huet de Statut vum engem „Groupement d'intérêt économique“ (GIE) als Partenariat tëscht dem Privatsektor an dem Stat. Déi grouss strategesch Linne gi vum de Partner am GIE festgeloucht, mä dat operationell Geschäft an d'Émsetze vum Aktiounen a Campagnë sinn d'Responsabilitéit vum der Agence.

LFF ass 2008 gegrennt gi mat der Missioun, déi positiv Entwécklung vum Finanzsektor weiderbréngen an nei Creneue fir d'Finanzplatz Lëtzebuerg ze identifizéieren. D'Agence huet doriwwer eraus d'Aufgab, ee vun deene wichtigste Secteuren an eiser Economie international bekannt ze maachen an och d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg fir potenziell Investisseuren an hir Employéen ze promovéieren.

Et ass deemno eng Agence mat enger kloer formulierter Missioun, déi sech op de Finanzsektor konzentréiert.

Iwwert d'Finanzplatz eraus, ass d'Diversifikatioun an d'Entwécklung vum der Lëtzeburger Wirtschaft eng Prioritéit fir d'Regierung. Fir kënnen nohalteg a qualitativ ze wuessen, brauchen d'Beriber genuch qualifizéiert Mataarbechter. Am Koalitionsaccord ass dofir och, ënner anerem, d'Ausschaffe vum enger nationaler Strategie, fir Talenter op Lëtzebuerg ze zéien, virgesinn.

An deem Sënn ass d'Initiativ vum LFF, fir Videoen iwwert d'Finanzplatz ze produzéieren, déi och d'Liewen zu Lëtzebuerg beschriewen a sech un e Public ausserhalb vu Lëtzebuerg adresséieren, en ligne mat deser Strategie vum der Regierung. An deem Kontext hat d'Agence och schonn d'lescht Joer eng Campagne vum zéng Videoe lancéiert, déi verschidde Professioneller vum der Finanzplatz weisen, déi hirer Passioun zu Lëtzebuerg oder an der Groussregion noginn an hiert Liewen zu Lëtzebuerg beschriewen. D'Vertrieder vum Stat an dem Privatsektor am GIE hu béid Initiativen als Gesamtcampagnen ënnerstëtzt.

Question 0791 (17.06.2019) de **MM. Gilles Roth et Laurent Mosar** (CSV) concernant les **arrêts de la Cour de justice de l'Union européenne au sujet de la conservation de données** :

Le 8 avril 2014 et le 21 décembre 2016, la Cour de justice de l'Union européenne a rendu plusieurs arrêts déclarant incompatible avec les droits inscrits dans la Charte des droits fondamentaux de l'Union européenne la directive 2006/24/CE du 5 mars 2006 sur la conservation de données générées ou traitées dans le cadre de la fourniture de services de communications électroniques accessibles au public ou de réseaux publics de communications.

La Cour a donné dans ses arrêts des indications concrètes au sujet des conditions matérielles et procédurales à mettre en place pour assurer le respect des droits fondamentaux des citoyens.

La directive en question a été transposée en droit national par une loi du 24 juillet 2010 portant modification des articles 5 et 9 de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques.

Dans ce contexte, nous voulons poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Justice :

1) En l'absence d'une modification de la directive 2006/24/CE, Monsieur le Ministre peut-il indiquer quelles mesures ont été prises au niveau national pour assurer le respect des droits fondamentaux au niveau de la conservation des données ?

2) Monsieur le Ministre peut-il garantir que le cadre légal national est compatible avec les arrêts de la Cour de justice ? Si non, peut-il indiquer pourquoi le cadre légal n'a pas été adapté ?

3) Monsieur le Ministre peut-il assurer que les données conservées au niveau national sont collectées en respectant les principes énoncés dans les arrêts de la Cour de justice et en conformité avec les principes inscrits dans la Charte des droits fondamentaux de l'Union européenne ?

Question 0813 (21.06.2019) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **conservation de données** :

Zu Lëtzebuerg gouf virun der Richtlinn zur Vorratsdatenspäicherung (2006/24/EG) schonns mam Gesetz vum 30. Mee 2005 eng Vorratsdatenspäicherung vum zwielef Méint agefouert, déi den 12. Juli 2007 mat engem neie Gesetz vum zwielef op sechs Méint erfogesat gouf.

Am Juli 2010 huet Lëtzebuerg dunn d'Richtlinn 2006/24/EG transposéiert an dobäi d'Iwwerwaachung och op E-Mailen an Internetverbindungen ausgedeeent.

Zënterhier huet den europäesche Gerichtshaff an zwee Uerteeler (2014 an 2016) festgestallt, datt d'Richtlinn 2006/24/EG géint d'Grundrechter vum de Bierger an der EU verstéisst.

Trotzdem gouf aus desen Arrête keng Konsequenze gezunn. D'gesetzlech Basis zu Lëtzebuerg huet sech zanter 2010 trotz de Verstéiss géint d'Grundrechter net méi geännert.

An deem Zesummenhang wëilt ech dem Här Justizminister des Froe stellen:

- Opgeschlësst no Virwurf a Joer: Wéi vill Consultatiounen gouf et vun Daten, déi op Vorrat gespäichert goufen, zanter dem Gesetz vum 30. Mee 2005?
- De Professor fir Strofrecht op der lëtzeburger-scher Uni sot vis-a-vis vun der Press: „Das ist ein rechtswidriger Zustand.“ Wéi steet d'Regierung zu deser Ausso?
- A wéi vill Fäll (opgeschlësst no Infraktioun, Joer an dem Fait, ob eng Veruerteelung ausgeschwat gouf oder net) goufe Vorratsdaten an engem Gerichtsprozess benotzt?

- Ass d'Regierung dorop virbereet, dass d'Awunner vu Lëtzebuerg opgrond vun de Grundrechterverstéiss, déi duerch déi aktuell Vorratsdatenspäicherung geschéien, eng Plainte géint de lëtzeburgeresche Stat maache kéinten?

- Bis wéini huet d'Regierung vir, d'national Gesetzgebung erëm a Konformitéit mat den europäesche Grundrechter ze setzen?

Réponse (18.07.2019) de **M. Félix Braz**, *Vice-Premier Ministre, Ministre de la Justice* :

La directive 2006/24/CE du 5 mars 2006 sur la conservation de données a fourni le cadre légal et la base de législations interopérables dans les 28 États membres de l'Union permettant, entre autres, une entraide judiciaire structurée par les autorités de poursuite concernées. Les infractions poursuivies pouvant aller jusqu'aux plus graves, le cadre légal commun garantissant une application cohérente des dispositions. Les arrêts « Digital rights » du 8 avril 2014 et « Tele2 » du 21 décembre 2016 de la CJUE ont invalidé la directive 2006/24/CE, mais les législations nationales afférentes ont une existence juridique propre et distincte et continuent d'exister de plein droit dans l'ordonnement juridique interne des États membres. Dans le cadre d'une procédure judiciaire, il appartient aux parties d'apprécier si elles entendent faire usage des moyens et recours prévus. A ce jour, la validité de la loi modifiée du 30 mai 2005 n'a pas été mise en cause devant les juridictions luxembourgeoises. Les autorités judiciaires ne disposent par ailleurs pas de statistiques relatives à l'usage judiciaire de données issues de l'application de la loi modifiée du 30 mai 2005.

Au-delà du projet de loi 6763 déposé en janvier 2015 en réponse à l'arrêt « Digital rights », le Gouvernement plaide pour une démarche européenne, la seule à pouvoir rétablir le cadre européen commun indispensable entre autres à une entraide judiciaire sans faille et strictement réglementée dans les 28 États membres.

L'accord gouvernemental de décembre 2018 insiste sur la nécessité d'une démarche européenne, préférée à des démarches nationales et

Le saviez-VOUS ?

ENQUÊTE PARLEMENTAIRE

L'article 64 de la Constitution réserve à la Chambre le droit d'enquête qui lui confère la possibilité d'entendre des témoins et de consulter des experts pour réunir des éléments d'information sur une question d'intérêt public. La Chambre exerce ce droit par une commission formée en son sein. L'exercice du droit d'enquête est réglé par la loi du 27 février 2011 qui a abrogé l'ancienne loi du 18 avril 1911. La commission, ainsi que son président, peuvent prendre toutes les mesures d'instruction prévues par le Code de procédure pénale.

une fragmentation des législations qui s'en suivrait, en soulignant qu'il « est urgent que l'Union européenne se dote de nouvelles règles communes conformes à ces arrêts, cette matière faisant partie de l'espace commun de liberté, de sécurité et de justice ».

Cette démarche a été confirmée par la Chambre des Députés le 10 juillet 2019 à l'occasion du vote sur une motion introduite par les honorables Députés des Pirates proposant à l'inverse une démarche nationale, la motion recueillant quatre votes favorables.

L'arrêt « Digital rights » du 8 avril 2014 n'a été débattu au Conseil JAI une première fois que 18 (!) mois plus tard sous présidence luxembourgeoise au deuxième semestre 2015. Depuis, le Luxembourg a toujours et de façon répétée insisté sur le besoin d'une nouvelle initiative législative à prendre par la Commission européenne en cette matière. Ces efforts partagés avec un nombre croissant d'États membres, ont fini par porter leurs fruits : très récemment, la Commission européenne vient d'être sollicitée par le Conseil JAI (sous présidence roumaine) pour entamer enfin une étude exhaustive sur le sujet.

Ces travaux sont engagés et la Direction migration et affaires intérieures de la Commission européenne vient de convoquer une réunion d'experts pour le jeudi 18 juillet. Le Luxembourg y sera représenté par le Ministère de la Justice et restera très vigilant sur ce dossier que la nouvelle Commission européenne devra aborder en priorité dès sa mise en place.

Question 0792 (17.06.2019) de M. Léon Gloden (CSV) concernant les distinctions honorifiques décernées à l'occasion de la fête nationale :

Chaque année, lors de la fête nationale, des distinctions honorifiques sont décernées aux citoyens méritants. Les propositions en vue de l'obtention d'une distinction honorifique sont introduites par le ministère compétent pour le secteur d'activité des personnes proposées au Service des ordres nationaux du Ministère d'État. Ce dernier décide sur la base de critères d'attribution des décorations, établis selon des règles tenant compte, entre autres, de l'ancienneté de service.

D'après un article paru sur lessentiel.lu le 22 juin 2018, « [J]e Grand-Duc et le Premier Ministre ont décidé de mettre un frein à l'inflation des médailles à partir de cette année [...]. Le but est qu'elles redeviennent des décorations exceptionnelles ».

D'après mes informations, de nombreuses demandes respectivement propositions en vue de l'obtention d'une distinction honorifique ont été refusées, alors que les personnes concernées remplissent les critères requis. Selon les mêmes informations, le critère de l'ancienneté de service aurait été abandonné.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser la question suivante à Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État :

- Monsieur le Ministre peut-il me confirmer que de nombreuses demandes respectivement propositions en vue de l'obtention d'une distinction honorifique ont été refusées et m'en expliquer les raisons ?

- Monsieur le Ministre peut-il me confirmer que le Gouvernement a décidé de réduire le nombre de distinctions honorifiques octroyées à l'occasion de la fête nationale et m'en expliquer les raisons ?

- Monsieur le Ministre peut-il me dire si les critères en vue de l'obtention d'une distinction honorifique ont été modifiés et m'en préciser les détails ?

Réponse (09.07.2019) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État :

Dans ce contexte, il y a tout d'abord lieu de se référer à la question parlementaire n° 3490 du 27 novembre 2017 concernant les distinctions honorifiques.

La réponse à ladite question parlementaire expose notamment la réforme opérée par l'arrêté grand-ducal du 5 juin 2014 qui a créé une commission des distinctions honorifiques auprès du Ministère d'État. Sur base de la proposition de cette commission, un arrêté grand-ducal du 16 juillet 2016 a fixé les règles d'attribution des distinctions honorifiques ci-viles.

Depuis 2017, l'octroi des distinctions honorifiques se fait sur base de l'arrêté grand-ducal précité. Les dispositions y arrêtées prévoient notamment un critère d'âge minimum (45 ans) et un critère de durée de service minimum (25 ans). Toute promotion ultérieure ne sera plus automatique, mais se fera uniquement sur base de mérites distinguables. En outre, il ne pourra être dérogé aux critères précités que dans des cas exceptionnels.

Les réformes entreprises s'inscrivent dans une volonté de mieux valoriser l'octroi d'une telle décoration. En effet, dès 2010, une réelle inflation s'est vérifiée dans l'attribution des décorations. Quelque 3.000 décorations étaient attribuées annuellement pour une population de moins de 600.000 habitants, alors que comparativement, quelque 3.000 légions d'honneurs sont attribuées annuellement en France pour une population de 68 millions d'habitants ou encore quelque 1.000 « Bundesverdienstkreuze » en Allemagne pour une population de 83 millions d'habitants.

Il convenait de ramener l'attribution des décorations honorifiques à des niveaux plus raisonnables. Ainsi, en 2019 furent attribuées 1.700 décorations, contre 2.929 en 2017.

Les propositions de distinctions honorifiques qui ne sont pas avisées favorablement le sont dans la plupart des cas pour des raisons de non-conformité aux critères introduits par la réglementation précitée, ou bien en raison du fait que la personne proposée est déjà décorée à un niveau plus élevé que proposé, information que les postulants ne connaissent pas forcément au moment de leur proposition.

Question 0793 (17.06.2019) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) concernant le contrôle de l'interdiction de fumer :

La loi antitabac du 13 juin 2017 a introduit l'interdiction de fumer sur les aires de jeux, les enceintes sportives accueillant de jeunes de moins de 16 ans pratiquant le sport et dans les voitures transportant des enfants de moins de douze ans.

1) J'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure si des contrôles concernant le respect de ces dispositions légales ont été effectués par la police.

2) Combien d'infractions ont été constatées le cas échéant et quelles en ont été les suites ?

3) D'une manière générale, combien de plaintes ont été enregistrées en matière de non-respect des interdictions des lois antitabac au cours des deux dernières années ?

Réponse (10.07.2019) de M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure :

ad 1) Dans le cadre de la loi du 13 juin 2017 relative à la lutte antitabac, la police fait des contrôles sporadiques, soit d'initiative, soit suite à des dénonciations, réclamations respectivement plaintes de la part de la population.

La police n'est cependant pas en mesure de fournir le chiffre exact des contrôles effectués dans le cadre de cette loi, étant donné qu'elle ne dispose pas d'un outil de mesurage permettant de quantifier ce type de missions.

ad 2) Au cours des dernières années, un total de 45 procès-verbaux (15 en 2017, 21 en 2018 et 9 en 2019) ainsi que 13 avertissements taxés ont été dressés dans le cadre de la loi du 13 juin 2017 relative à la lutte antitabac. Les procès-verbaux ont tous été dressés suite à des plaintes et transmis au parquet régionalement compétent. Le parquet est par ailleurs seul autorisé à décider des suites à donner aux procès-verbaux.

ad 3) Je renvoie à la réponse sous ad 2).

Question 0795 (17.06.2019) de M. Sven Clement (Pirates) concernant le nouveau radar à l'Aéroport de Luxembourg :

Wéi d'Administration de la navigation aérienne (ANA) den 11. Juni matgedeeft huet, ass den Upgrade vum sougenannten Air Traffic Control System (ATC) mat Succès iwwert d'Büngaangen. Trotzdeem konnt een, wéi uegëknegt, och an den Deeg no der Émstellung nach vu Verzögerungen am Fluchverkëier lisen an héieren.

Während d'Noutwennegkeet vun engem Upgrade vum ATC net a Fro gestallt gëtt, stellen sech eng Rei Froen zur zäitlecher Opportunitéit.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

Le saviez-VOUS ?

HUIS CLOS

Les séances de la Chambre sont publiques, sauf décision contraire émanant de la majorité des membres du Parlement. Dans ce cas la Chambre siège à huis clos et la séance est tenue en secret.

- Wéi vill Fluchbeweegung verzechent de Findel pro Mount (opgeschlësselt op déi lescht fënnef Joer an no Cargo, Passagéierlinieflich an Charter- oder Privatvullen)?

- Wéi vill Volle goufe wéinst dem Upgrade vum ATC annulléiert?

- Wéi vill Flich (opgeschlësselt no Depart an Arrivée) haten e Retard um Gate vu méi wéi 15 Minuten? Vu méi wéi enger Stonn? Vu méi wéi zwou Stonnen?

- Huet de Minister Zuelen iwwert de Käschtefaktor, deen den Upgrade vum ATC d'Airlines duerch Entschiedegungen opgrond vun der EU-Direktiv zu de Passagéierrechter kascht huet? Wa jo, wéi héich ass dësen ze bezifferen (opgeschlësselt no Airline)?

Réponse (17.07.2019) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

Dës sechs Tabelle resuméieren d'Fluchbeweegung pro Mount, opgedeeft op Cargo- a Passagéierlich (Pax) (Déi Pax sinn hirersäits erëm opgedeeft no Airlines (Linieflich, Charterlich, Privatlich an „Other“):

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

Et huet keen eenzege Fluch misse wéinst dem Upgrade vun der Chaîne de surveillance radar annulléiert ginn.

An der Transitionphas vum 9. an 10. Juni si verschidde Flich wéinst dem Upgrade a Verspéidung geroden, mä et bleift awer ervirzühiewen, datt keen eenzege Fluch méi wéi zwou Stonne Verspéidung hat. Nëmmen zwéi Flich hate méi wéi eng Stonn Verspéidung.

Dës Tabell weist, datt den Update vun der Chaîne de surveillance nëmnen e schwachen Impact op de Fluchverkëier hat an datt déi virausgese Perturbatiounen konnten op e Minimum reduzéiert ginn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Wat de Käschtefaktor uegt, deen den Upgrade vum ATC d'Airlines duerch Entschiedegungen opgrond vun der EU-Direktiv zu de Passagéierrechter kascht huet, sou muss ee wëssen, datt dat europäesch Reglement nëmnen am Fall vun Annullatioun, Verspéidung an „refus d'embarquement“ spillt.

Am Fall vu verspéite Flich, sinn d'Fluchgesellschaften verpflichtet fir verschidden Servicer unzebidden, wann e Retard virausgesi gëtt vun:

- 2 Stonnen oder méi fir e Fluch bis 1.500 km;

- 3 Stonnen oder méi fir Flich bannent der EU vun iwwer 1.500 km a fir all anere Fluch vu 1.500 bis 3.500 km;

- 4 Stonnen oder méi fir Flich ausserhalb vun der EU vu méi wéi 3.500 km.

Duerch den Upgrade vun der Chaîne de surveillance sinn d'Verspéidungen ni iwwer zwou Stonnen erausgang, sou datt een awer dervu kann ausgoen, datt net mat Entschiedegungskäschten ze rechnen ass.

Question 0796 (17.06.2019) de M. Marc Goergen (Pirates) concernant la future affectation du CHEM Niederkorn :

2025 soll dat neit Südspidol zu Esch seng Dieren opmaachen an déi existéierend Infrastrukture wäitgeendst ersetzen. Am Kader vun dese Planunge sollen all d'CHEM-Spideeler hir Funktiounen no a no un d'Südspidol ofginn.

Dëst bedeit, dass verschidde Sitten, wéi zum Beispill Nidderkuer, hir Dieren zoumaache wäerten. Wéi d'„Wort“ an engem Artikel vum 14. Juni bericht, huet d'Gemeng Déifferdeng Kontakt mam Gesondheetsminister opgeholl, fir iwwer spéider Reaktivatiounsmesur vum Site ze schwätzen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Gesondheetsminister dës Froe stellen:

- Kann den Här Gesondheetsminister d'Gesprécher mat der Gemeng Déifferdeng bestätegen? Falls jo, huet de Gesondheetsminister schon eng Präferenz, wat mat de Gebailechkeete vum Spidol geschéie soll?

- Kann de Gesondheetsminister confirméieren, dass no der Fermeture vum CHEM Nidderkuer déi medezinnesch Infrastrukturen um Site erhalte bleiwen an d'Gebai net ofgerappt gëtt?

- De Buergermeeschter vun Déifferdeng schwätzt dovun, dass een de Site vum Spidol vun Nidderkuer als Complement zum Südspidol kéint gestalten. Vu, dass aktuell am Süde vum Land kee pediatreschen Noutdängscht existéiert (dat nächstgeleeënd Spidol am Fall vun enger Urgence ass den CHL zu Stroossen), wär et fir de Minister denkbar, Servicer vun enger Kannerklinik, eventuell souguer eng Urgence pédiatrique, op den nidderkuerer Site ze installéieren?

- Falls de Gesondheetsminister kee Projet fir de Site plangt, wéi wäert hien op d'Uwechfale vun der direkter medezinnescher Versuergung am Kordall an Émgéigend reagéieren?

Réponse (19.07.2019) de M. Étienne Schneider, Ministre de la Santé :

Op Ufro vum Schäfferot vun der Stad Déifferdeng hat de Gesondheetsminister de 4. Juni 2019 eng Entrevue mam Buergermeeschter an zwéi vum senge Schäfte, fir enner anerem en Austausch ze hunn iwwert d'Zukunft vum Site vum Hôpital Princesse Marie-Astrid (HPMA) zu Nidderkuer, mä awer och méi generell iwwert d'Offer vun der medezinnescher Versuergung vun de Bierger am Kordall.

Eng medezinnesch breet gefächert Grondversuergung, déi op d'Besoine vun Patient ausgerichtet ass, soll fir all Bierger, ob jonk oder al, am Kordall bestoe bleiwen. Genausou wichteg ass, dass dës Offer sech och mam Populatiounswuesstum vun där Géigend weider entwéckelt.

Op déi Grondversuergung oder all aner méi spezialiséiert medezinnesch Versuergung op dem Site vum HPMA oder op engem anere Site am Kordall, esou wéi an enger Antenne vum CHEM oder anerer medezinnescher Struktur, stattfanne soll, ass eigentlech den Akteuren a Propriétaire vun deene Sitten a Gebailechkeeten iwwerlooss.

De Propriétaire vun de Gebailechkeeten a vun den Terraine vum Site HPMA zu Nidderkuer ass de Syndicat de l'hôpital intercommunal de Déifferdange-Pétange-Bascharage an et ass un dem Propriétaire ze decidéieren, wéi eng Aktivitéiten an Zukunft op dem Site sollen ugebuede ginn.

Et wier virstellbar, dass eng ganz Retsch Aktivitéiten am Interêt vun Bierger, vun Stat oder vun de Gemengen op deem flotten a grouse Site gefouert kéinte ginn.

Am Gespréich mat de Verrieder vun der Gemeng Déifferdeng, huet de Minister och virgeschloen, hir Reflexiounen iwwert déi medezinnesch néideg Aktivitéiten a Strukture an iwwer hire Site am Kordall weider ze féieren an dass déi Diskussiounen, notament mam CHEM zesumme sollte geféiert ginn, well de CHEM jo schonns zënter Joren e wichtegen Akteur vun eise Gesondheetssecteur am Süde vum Land ass. Den Informatiounen no, déi dem Gesondheetsministère haut virleien, wäert d'Südspidol wahrscheinlech eréischt 2025 seng Diere fir déi éischt Patienten opmaachen; bis dohinner sollen dem HPMA seng aktuell Spidolsaktivitéite garantéiert sinn.

Wat elo de pediatreschen Noutdängscht am Süden uegt, kann de Gesondheetsministère bestätegen, dass momentan nëmnen ee Service national vun der Pédatrie am CHL besteet, wou sech och all déi aner Fachrichtunge befannen, déi noutwendeg sinn, fir sech ëm d'Kanner ze këmmern a virun allem ëm déi méi kritisches Fäll: Intensivstatioun, Neonatologie, Radiologie, Kannerchirurgie, mä och de pediatreschen Noutdängscht.

Enn Februar 2019 huet de Ministère och an den dräi aneren Dängschtspeideeler (CHEM, HRS, CHdN) e Service de pédiatrie de proximité geneemegt.

D'Kannerdoktere garantéieren d'Consultatiounen am pediatrieschen Noutdénsgicht am CHL 24 Stonnen op 24 (méi schlëmm Fall) an der Maison médicale pédiatrique (MMP) (manner schlëmm Fall) tëschent 19.00 an 22.00 Auer an der Woch souwéi vun 09.00 bis 22.00 Auer um Weekend an iwwer Feierdeeg.

D'Halschent vun de pediatrieschen Noutfäll ginn am CHL an an der MMP behandelt (Etüd Lair³)

D'Kliniken am Süden an am Norden deele sech ongeféier 25 % vun de pediatrieschen Urgencen (Etüd Lair). Meeschtens sinn et Noutfalldokteren, déi d'Kanner als éischt behandelen, a wann et néideg ass, gi se an den CHL transferéiert.

Question 0797 (18.06.2019) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **déclarations du Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire concernant l'Iran** :

No den Attacken op zwee Tanker am Golf vum Oman, huet den Här Aarbechts- a Sportsminister, Dan Kersch, Stellung op de soziale Medie geholl an duergestallt, dass hien net mat Krichshandlung geint den Iran averstane wär. Hei schreift hien, dass hie sech vu Lëtzebuerg erwaart, am Fall vun engem Krichszenario ënner kenger Form an dësem ze intervenéieren.

D'Decisioun, fir an enger Konfliktsituatioun ze intervenéieren, gëtt aver an deem Fall net vum Här Aarbechts- a Sportsminister decidéiert, mä op Basis vum Gesetz vum 27. Juli 1992 „relative à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à des opérations pour le maintien de la paix (OMP) dans le cadre d'organisations internationales“ getraff, wou de Regierungrot d'Entscheidungsfäegkeet zougeuerdent krëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Aussenugeleehetheeten an Europa, fir bannenzeg Sécherheet a fir Aarbecht dës Fro stellen:

1. Besëtzt d'Regierung iergendwellech Informatioun vum SREL oder vun auslännesche Geheimdénsgichter, déi eng Interventioun säitens Lëtzebuerg legitiméiere géifen? Hat den Aarbechts- a Sportsminister een Abléck an esou Dokumenter oder huet hien a sengen Aussoen op Presseartikelen reagéiert?

2. Wollt den Här Aarbechts- a Sportsminister mat sengen Aussoen Afloss op ee Ministère ausüben, fir deen hien net kompetent ass? Wéi eng Positioun vertritt d'Regierung géigen iwwer dem Här Minister Kersch sengen Aussoen, dass hien, am Fall vun enger Interventioun vu Lëtzebuerg, säin Amt niddleeë wéilt? Consideréiert d'Regierung dës Ausso als eng Aart Erpressung?

3. Wéi fiabel schätzt d'Regierung d'Ausso vum NATO-Partner USA, och en vu den deemolegen Ausso vum Irakkrich?

4. Wäert d'Regierung, am Fall vun engem eventueller Krisenzeenari, wéi den Här Aarbechtsminister en duerstellt, am nächste Regierungrot eng Decisioun treffen? Géif d'Regierung, Stand haut, een NATO- oder EU-Engagement an der Regioun ënnerstëtzen?

5. Den Aarbechts- a Sportsminister hat och nach d'Ausso gemaach: „dee vun den USA ugefachten Irakkrich, den nofolgende Syrienkrich mat all senge Konsequenzen huet Europa immens geschuet“.

a. Deelt d'Regierung dem Aarbechts- a Sportsminister seng Opfaassung, dass de Syrienkrich eng Konsequenz vum Irakkrich ass?

b. Gesäit d'Regierung d'USA an der Matschold am Syrienkrich?

6. Gouf, am Kader vum Besuch vum russesche Premierminister zu Lëtzebuerg, d'Situatioun a Syrien an am Iran thematiséiert?

a. Falls jo, wéi eng Inhalter goufen zu dësem Sujet beschwat?

b. Huet Russland an deenen Diskussiounen versicht, d'Regierung vun der russescher Positioun ze iwwerzeegen?

Réponse commune (16.07.2019) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, et de **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

ad 1. Der Regierung leie keng vertraulech Informatiounen vir zu den Attacken vum 13. Juni 2019 op zwee Tanker am Golf vum Oman. Mir schlëssen eis dem Appell vum Generalsekretär vun der UNO un, fir dass eng onofhängeg Enquête gemaach gëtt, déi d'Veantwortung fir dës Attacke kloer etabliert.

ad 2. D'Positioun vun der Regierung ass kloer. Mir verweisen op d'Deklaratioun, déi den Ausseren Europaminister de 16. Juni 2019 gemaach huet. Lëtzebuerg fuerdert all déi concernéiert Akteuren op, fir déi aktuell Situatioun ze de-eskaléieren, fir dass et net zu engem Konflikt am Golf kënnt.

ad 3. D'Regierung ka sech eréischt dozou prononcéieren, wa méi Informatiounen virleien.

ad 4. D'Positioun vun der Regierung ass kloer. Weider Decisiounen stinn net op der Dagesuerdung.

ad 5. D'Regierung weist drop hin, dass effektiv den Irakkrich virum Syrienkrich gefouert gouf.

ad 6. D'Situatioun a Syrien an am Iran gouf am Kader vun der Visitt vum russesche Premierminister zu Lëtzebuerg net thematiséiert.

Question 0798 (18.06.2019) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **système de contrôle et de sanction automatisés** :

Wéi déi däitsch Medie mellen, ginn et bei eisem Nopeschland vill Problemer mat de fixe Radaren, well et bei de Miessungen oder bei der Auswertung vun den Donnéeën säitens de Ministere ëfters zu Feeler kënnt. Feeler, déi viru Geriicht awer schwéier noweisbar sinn, well et de Beschëllegten onméiglech gemaach gëtt, un d'Miessdonnéeën, déi sougenannte Rohmessdaten, vun de Maschinnen ze kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Här Justizminister an dem Här Minister fir Digitalisatioun dës Fro stellen:

- Späicheren déi automatesch Radaren, déi fir d'Aufgabe vum Système de contrôle et de sanction automatisés zu Lëtzebuerg installéiert goufen, och d'Rohmessdaten zum Zäitpunkt vun der Infraktioun of?

- Falls jo, wou a wéi laang sinn dës Donnéeën gespäichert?

- Besëtze Beschëllegter zu Lëtzebuerg e Recht dorobber, en Extrait vun dësen Donnéeën ze kréien? Falls neen, firwat net?

- Aktuell kann e Beschëllegten d'Foto, op där den Tatbestand ze gesinn ass, just am Büro CSA zu Bartreng consultéieren. Wäre et, am Kader vun der vill gepriedegter Digitaliséierung, denkbar, dass den Accès zur Foto iwwer eng elektronesch authentifizéiert Demande (i. e. MyGuichet) geschéie kéint? Wéilt d'Regierung dës an d'Weeër leeden?

Réponse (18.07.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

Déi automatesch Radaren, déi am Kader vum Système de contrôle et de sanction automatisés (CSA) installéiert gi sinn, späichere keng Rohmessdaten of.

Aktuell gëtt et gesetzlech nach keng aner Méiglechkeet wéi d'Foto, déi bei der Infraktioun geholl gëtt, zu Bartreng am Büro vum CSA, ënnert der Opsicht vun der groussherzoglecher Police, ze consultéieren. Et kéint een driwwer nodenken, fir op MyGuichet zréckzegegräifen, allerdéngs muss als éischt iwwerpréift ginn, awéifern déi Optioun mat der aktueller Gesetzgebung iwwer den Datschutz kompatibel ass. An esou enger Prozedur missten d'Fotoen nämlech als éischt vun der Police beaarbecht ginn, fir sécherzestellen, datt keng aner Gefierer oder Personnen erkennbar sinn, éier d'Foto kéint iwwer MyGuichet disponibel gemaach ginn. Et ass och ze bedenken, datt d'Majoritéit vun den Ausländer net vun där Optioun kéint profitéieren, well se keng authentifizéiert Demande via MyGuichet kënne maachen.

Fir eng Ofännerung vun dëser Prozedur misst d'Gesetz geännert ginn. Déi technesch wéi och praktesch Problemer, déi ze léise wieren, kënten an engem speziellen Aarbechtsgrupp gekläert ginn.

Question 0799 (18.06.2019) de **MM. Laurent Mosar** et **Gilles Roth** (*CSV*) concernant le **traitement de données personnelles effectué par les autorités policières et judiciaires** :

Elle fait suite aux réponses fournies par Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et Monsieur le Ministre de la Justice notamment à notre question parlementaire n° 0752.

Plusieurs contradictions avec des réponses fournies dans le passé sautent aux yeux.

- Premièrement, alors qu'en réponse à la question parlementaire n° 0640, le Gouvernement indiquait que « Accès op de Fichier central hunn d'OPJ an APJ zum Zweck vun der Präventioun, Recherche a Feststellung vun Infractiounen », il a dans le cadre de notre question parlementaire n° 0752 fait l'aveu que d'autres services étatiques avaient également accès audit fichier, entre autres le Service de renseignement, tandis que d'autres services étatiques peuvent obtenir des informations issues dudit fichier.

Ensuite, et comme l'a, à juste titre, mis en exergue le « Tageblatt » dans son éditorial :

« Mit ihrer Stellungnahme widerspricht die Regierung ihren ersten Aussagen. In einer Antwort auf eine parlamentarische Anfrage vor zwei Wochen hatte sie behauptet, dass es keine Datenbank gebe, in denen strafrechtliche Informationen gespeichert seien, die sich nicht im Strafregister befinden. »

Nous notons ensuite que les autorités policières continuent de stocker des données concernant toute sorte de personnes en violation des principes de droit applicables en matière de protection des données et des recommandations émises par l'Autorité de contrôle.

Dans son rapport annuel pour les années 2011 et 2012 et publié en mars 2013, l'Autorité de contrôle visée à l'article 17 de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel (« Autorité de contrôle ») avait relevé diverses périodes durant lesquelles la banque de données « Ingepol » opérée par la police n'avait pas de base réglementaire. Selon l'Autorité de contrôle précitée, de telles périodes de « vide juridique » seraient inadmissibles.

Or, d'après les informations à notre disposition, cette situation s'est pourtant reproduite entre le 1^{er} juin et le 20 août 2018 malgré les mises en garde expresses et répétées de l'autorité précitée depuis mars 2013.

1) Messieurs les Ministres peuvent-ils expliquer ce nouveau « vide juridique » et le sort réservé aux données traitées durant cette période de vide juridique ?

D'après les informations fournies par Messieurs les Ministres, « La police et le ministère public travaillent à la mise en place d'un système de transmission automatisé d'informations succinctes sur le suivi réservé par les autorités judiciaires aux procès-verbaux transmis par la police afin notamment d'assurer qu'en cas d'acquiescement, l'accès aux données par les policiers soit supprimé et que les données en question soient transférées à la partie archivée où elles ne peuvent être accédées que sur autorisation écrite du procureur général d'État ou d'un de ses adjoints. »

Nous notons à cet égard que déjà l'article 6 du règlement grand-ducal du 2 octobre 1992 établissait des règles claires en ce qui concerne le traitement à réserver à certains faits inscrits dans le fichier central. Ainsi, l'article 6 du règlement précité disposait déjà que :

« Art. 6. (1) Les informations relatives aux personnes visées sous 1°, 2° et 3° du paragraphe (1) de l'article 5 sont retirées de la partie documentaire de la banque et transférées à la partie archives dans les conditions suivantes :

a) en cas de décision de non-lieu ou de décision définitive d'acquiescement ;

b) en cas de condamnation lorsque l'inscription de la condamnation est effacée du casier judiciaire ;

c) en l'absence de décision judiciaire :

- si les faits constatés aux procès-verbaux ou rapports constituent des contraventions, deux ans après leur constatation ;

- si les faits constatés aux procès-verbaux ou rapports constituent des délits, six ans après leur constatation ;

- si les faits constatés aux procès-verbaux ou rapports constituent des crimes, dix ans après leur constatation.

(2) Le procureur général d'État peut cependant autoriser la conservation dans la partie documentaire des informations relatives à des crimes et délits au-delà du délai indiqué, tant que la prescription de l'action publique n'est pas acquise. »

Le rapport annuel pour 2013 de l'Autorité de contrôle avait déjà identifié des problèmes de feedback de la part de la justice sur la suite réservée aux procès-verbaux, en particulier en cas de classement, d'acquiescement ou de non-lieu. Nous notons que malgré le changement d'approche opéré par la loi du 1^{er} août 2018 et malgré les critiques et recommandations de l'Autorité de contrôle émises sous l'empire de la loi de 2002 et le règlement grand-ducal précité, ces problèmes n'ont toujours pas été résolus.

2) Messieurs les Ministres peuvent-ils confirmer ces informations ?

3) Pour quelles raisons les critiques et recommandations émises par l'Autorité de contrôle en mars 2014 (rapport 2013) n'ont-elles, quelque cinq ans plus tard, toujours pas été suivies d'effet ?

4) Messieurs les Ministres ne considèrent-ils pas que le délai de conservation de dix ans généralement applicable aux procès-verbaux et rapports ne soit excessif et qu'il faille distinguer au cas par cas notamment eu égard à la gravité des faits constatés ?

Nous sommes par ailleurs consternés que la police gère et exploite toujours un fichier appelé « partie archivée », malgré le fait que le règlement grand-ducal du 2 octobre 1992 relatif à la création et à l'exploitation d'une banque de données nominatives de police générale ne soit plus en vigueur.

5) Sur quelle base les procès-verbaux et rapports sont-ils toujours transférés à la partie archivée ? Qui a accès à cette partie et à quelles fins ?

Selon l'article 33 du règlement général sur la protection des données, les violations susceptibles d'engendrer un risque pour les droits et libertés des personnes concernées doivent être notifiées à la Commission nationale pour la protection des données.

6) Messieurs les Ministres peuvent-ils confirmer que le responsable du traitement a procédé à ladite notification ?

7) Messieurs les Ministres peuvent-ils confirmer que les personnes concernées sont informées de manière spontanée des accès non autorisés aux données personnelles les concernant ? Combien de telles notifications y a-t-il eu au cours des derniers mois ?

8) À défaut de notification, Messieurs les Ministres peuvent-ils nous informer des raisons à la base du refus de communication de ces informations aux personnes concernées ?

9) Toujours, et à défaut de notification, comment les personnes concernées pourront-elles exercer leur droit de rectification ?

D'après Messieurs les Ministres, le terme « fiche » serait inapproprié, alors que « le système ne fonctionne pas suivant l'approche d'une fiche par personne ».

10) Messieurs les Ministres peuvent-ils nous informer si le système en place ne permet pas d'effectuer des recherches par personne et de générer des fiches par personne ?

Réponse commune (09.07.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) Par « nouveau vide juridique », nous supposons que la période de sept ans entre 1997 et 2004 est visée pendant laquelle le fichier central de la police n'avait aucune base légale.

Contrairement aux affirmations avancées par la question parlementaire, il n'y a aucune contradiction entre la réponse fournie à la question parlementaire n° 0752 et les réponses fournies aux questions parlementaires précédentes, alors qu'elles fournissaient des explications aux textes légaux et réglementaires applicables.

- Besteet net de Risiko, dass d'Benotze vun deenen Donnéeën zu enger Violatioun vun der Onscholdsvemmung kéint féiere respektiv zu enger Violatioun vun de Regeln iwwer e faire Prozess, i.e. d'Recht op Waffgläichheet, d'Recht op eng kontradiktöresch Prozedur an d'Recht op eng motivéiert Decisioun? Mir wëllen an där Hirsicht op d'Artikelen 6 vun der Mënscherechtskonventioun respektiv 47 an 48 vun der europäescher Mënscherechtscharta verweisen, sou wéi den Artikel 3 vun der europäescher Direktiv iwwer d'Onscholdsvemmung zitieren: « Les États membres veillent à ce que les suspects et les personnes poursuivies soient présumés innocents jusqu'à ce que leur culpabilité ait été légalement établie. »

2. Et ass eis och confirméiert ginn, dass PVen am Beräich vum Jugendschutz iwwer Mannerjäreger vun der Police archivéiert géifen. Doraus ergi sech folgend Froen:

- Ass dës Virgoe konform zu de Prinzipien vun der UN-Mënscherechtscharta?

- Firwat goufen an deem Fall d'Recommandatiounen vun der Kontrollautoritéit gemääss Artikel 17 vum Gesetz vum 2002 iwwer den Datschutz net ëmgesat? A sengem Rapport vun 2015 schreift déi virgenannt Autoritéit, dass d'Police dës Donnéeën misst läschen, soubal e PV oder Rapport un de Parquet weidergeleert gouf...

3. D'Autoritéit de contrôle judiciaire, déi um Niveau vun de Juridiktionen agesat ginn ass, setzt sech bal exklusiv aus Riichterinnen zesummen. Eenzeg Ausnam ass d'Presidentin vun der nationaler Datschutzkommissioun. Heizou da folgend Froen:

- Sinn d'Ministerinnen net der Meenung, dass et problematesch ass, wann de Kontrolléierte sech selwer kontrolléiert?

- Wéi gedenkt d'Regierung d'Onofhängegkeet vun där Autoritéit ze stäerken?

- Wier et net ubruecht d'Kompetenz vun där Autoritéit, un de méi limitéierte Kader vun den europäeschen Datschutztexter unzepassen?

Réponse commune (10.07.2019) de **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. Säit et zu Lëtzebuerg eng Strofprozessuerdning gëtt (fréier „Code d'instruction criminelle“, haut „Code de procédure pénale“) ass am Gesetz ausdrécklech virgesinn, dass d'Police all Procès-verbal, dee se schreift, muss un d'Justizautoritéit weiderginn zum Zweck vun der Strafverfolgung. Bei engem strofrechtleche Prozess befanne sech dofir am Dossier pénal, deen d'Gericht zur Verfügung huet, all Informatiounen, déi relevant si fir d'Beurteilung vun de Faite, déi den Ugeklothe reprochéiert kritt. Wichteg sinn an deem Kontext d'Rechter vun der Verteidigung vum Ugeklothe, wat als Konsequenz huet, dass, haut wéi och an der Vergaangenheet, d'Verteidigung genau déiselwecht Informatiounen kritt wéi d'Gericht, am Kader vum „accès au dossier“, sou wéi d'Strofprozessuerdning et virgesäit. Den Ugeklothe kann also dozou Stellung huelen a sech verteidigen, sou wéi et fir e Strofprozess am Gesetz virgesinn ass.

ad 2.

- Déi Dateveraarbechtung, déi hei viséiert ass, verstéist net géint d'Prinzipien vun der UN-Mënscherechtscharta.

- D'Recommandatiounen vun der Kontrollautoritéit gemääss Artikel 17 hu sech net op de Fichier central bezunn, mä op den „Journal des incidents (JDI)“, deen den 1. Abrëll 2019 duerch en neie System, den „Einsatzeleitsystem“ (ELS), ersat gouf. Am JDI/ELS goufen ni sou Procès-verbalen a Rapporte gespäichert.

ad 3.

- D'Kompositioun vun der justizieller Datschutzautoritéit ass am Artikel 40 vum Gesetz vum 1. August 2018 iwwer den Datschutz am Beräich Stroftrecht an der nationaler Sécherheet („loi du 1^{er} août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale“), dat vun der Chamber mat 57 Jo-Stëmme gestëmmt ginn ass, genau gere-

gelt. Hei kontrolléiert de Kontrolléierte sech net selwer, well den Artikel 41, Paragraf 7 an 8, vun deem Gesetz vum 1. August 2018 ausdrécklech d'Onofhängegkeet vun der justizieller Datschutzautoritéit („Autorité de contrôle judiciaire“) virgesäit. Déi Autoritéit ass genau sou onofhängeg vum drëtten Pouvoir, wéi déi national Datschutzkommissioun („CNPD“) vum zweeten Pouvoir. Déi Kompositioun, sou wéi de Legislatuer se virgesinn huet, garantéiert d'Gewaltentrennung an eng effikass Kontroll vun den Datschutzbestëmmungen.

- Bis elo ginn et keng Hiweiser drop, dass d'Onofhängegkeet vun der justizieller Datschutzautoritéit, sou wéi se am Artikel 41 vum uewe genannte Gesetz festgeluecht ass, misst nach méi gestärkt ginn.

- D'Kompetenz vun der justizieller Datschutzautoritéit sinn am Artikel 43 vum uewe genannte Gesetz vum 1. August 2018 festgeluecht, an deen Artikel ass eng genau Emsetzung vum Artikel 47 vun der Direktiv 2016/680. Eng méi limitéiert national Transpositioun vum Artikel 47 vun der Direktiv 2016/680 wier konträr zu der Direktiv a géif eng Infraktiounsprozedur duerch d'EU-Kommissioun no sech zéien wéinst enger net konformer Transpositioun vun där Direktiv.

Question 0817 (20.06.2019) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant les **résidus de médicaments dans l'eau** :

Déi schiedlech Réckstänn vu Medikamenter fannen iwwer den Ofloss hire Wee an d'Natur, wat negativ Auswierkungen op d'Wuel vun de Planzen, Déieren an och Mënschen huet.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch:

1. Ginn zu Lëtzebuerg regelméisseg Analysen duerchgefouert, wat d'Belaaschtung vun der Natur mat schiedleche Medikamenteréckstänn betrëfft?

2. Wa jo, wat fir Konsequenzen zéien déi be Traffenen Akteuren aus deenen Analysen?

3. Wann neen, gedenkt d'Regierung, an Zukunft verstärkt esou Analysen an Opdrag ze ginn?

4. Gëtt et zu Lëtzebuerg e Fuerschungsfeld, wat sech mat deenen negativen Auswierkungen beschäftegt, respektiv bedeelegt sech Lëtzebuerg un nationalen an/oder internationale Fuerschungsprojeten en vue vun enger Reduzéierung vun den negativen Auswierkungen vun dese Réckstänn?

Réponse (23.07.2019) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. An de Lëtzebuergere Fléissgewässer gi verschidde Medikamenter (Lidocain, Diclofenac, Ibuprofen, Carbamazepin, Ketoprofen) regelméisseg op ausgewielte Miessstellen analyséiert. Gesetzlech geregelt vun dese Stoffen ass am Ament just de Carbamazepin, fir deen am Règlement grand-ducal du 15 janvier 2016 relatif à l'évaluation de l'état des masses d'eau de surface e Grenzwäert fir Uewerflächegewässer als sougenannte flossgebittspezifesch Substanz festgeluecht gëtt. Des Weidere ginn d'Konzentratiounen vu fënnef Antibiotiken an der Sauer an an der Uelzecht gemooss, an dat am Kader vun der Liste de vigilance („Watch List“) konform zur Direktiv 2013/39/EU (cf. Décision d'exécution 2018/840 de la Commission vum 5. Juni 2018). Op deser Lëscht sti Substanzen, déi an der Europäescher Unioun iwwerwaacht gi sollen, fir de méigleche Risiko, deen des Substanzen fir d'aquatesch Ëmwelt duerstellen, beuerteelen ze kënnen.

ad 2. Verschidde vun den ënnersichte Medikamenter gi regelméisseg virun allem a Waasserkipper mat méi urban geprägten Anzuchgebieder fonnt. Et sief bemierkt, dass konventionell biologesch Kläranlagen nom aktueller Stand vun der Technik net dofir ausgeluecht sinn, fir des Substanzen geziilt ze eliminéieren. Aus dese Grënn ginn an Zukunft och eng Rei Kläranlagen mat enger 4. Stuf equipéiert (wéi am Koalitionsvertrag festgehalen), déi ënner anerem och Medikamenteréckstänn kënnen eliminéieren. Zu de méigleche Behandlungstechniken op gréisser Kläranlagen zielen am Ament virun allem Verfahre mat Ozon an/oder Aktivkuel.

ad 3. Déi Moossungen, déi aktuell gemaach ginn, erlaben een lwwerbléck iwwer d'Situatioun ze kréien. Déi Substanzen, déi gesicht ginn, sinn déi, vun deenen ee weess, dass se vill genotzt ginn an dass se generell schlecht an de Kläranlagen ofgebaut ginn.

ad 4. Lëtzebuerg bedeelegt sech un Interreg-Projet EmiSûre, zesumme mat Rheinland-Pfalz an dem Saarland souwéi och der Uni.lu an der TU Kaiserslautern. Den EmiSûre-Projet huet als

Zil, fir alternativ Behandlungstechniken fir d'Mikroschadstoffeliminatioun (zu deene Medikamenter gehéieren) fir kleng a mëttelgrouss Kläranlagen ze evaluéieren. Zesumme mam Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST) huet Lëtzebuerg och bei den europäeschen Interreg-Projeten Pills an noPills matgewierkt, wou sech ënner anerem mat der separater Behandlung vun Ofwaasser aus Klinicke beschäftegt gouf.

Question 0818 (20.06.2019) de **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*) concernant la **ligne de fret ferroviaire directe entre le Luxembourg et la Chine** :

Il y a un peu plus de deux mois, la première liaison de fret ferroviaire directe Luxembourg-Chine a été lancée. Un convoi formé de 41 conteneurs avait quitté la plateforme multimodale de Bettembourg/Dudelange à destination de Chengdu.

À cette occasion, les responsables des CFL et du Gouvernement avaient annoncé que cette nouvelle liaison devrait adopter un rythme hebdomadaire à partir de mi-2019. Or ce planning semble avoir été retardé.

- J'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics quelles sont les raisons de ce retard.

- Quels sont les enseignements tirés de la phase test ?

Réponse (12.07.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

La première liaison ferroviaire entre le Luxembourg et la Chine a eu lieu le 4 avril 2019 lorsqu'un train test est parti de la plateforme intermodale de Bettembourg/Dudelange à destination de Chengdu (province du Sichuan). Ce premier test a été concluant. Le train est arrivé endéans les 15 jours annoncés sur la plateforme de Chengdu.

Ce train test a permis à démontrer aux partenaires chinois l'intérêt de la plateforme de Bettembourg/Dudelange en Europe, et notamment sa capacité à consolider des volumes d'origine ou à destination du Luxembourg, de la Grande Région et plus largement de l'Europe du Sud et de l'Ouest, au départ du Luxembourg vers la Chine. Il a également permis d'accroître la visibilité de la plateforme intermodale de Bettembourg/Dudelange tant sur le marché européen que sur le marché chinois.

Cependant à ce stade, les négociations sont toujours en cours avec les partenaires chinois afin de les convaincre de mettre en place une relation ferroviaire régulière. Il faut souligner qu'il s'agit avant tout de négociations commerciales, et que le calendrier de démarrage d'une liaison régulière dépendra de leur issue. Par ailleurs, sur ce marché, la plateforme de Bettembourg/Dudelange est en concurrence directe avec les hubs logistiques allemands de Duisbourg et de Hambourg.

Enfin, la décision finale revient aux partenaires chinois qui eux seuls décident d'attribuer les subventions nécessaires au lancement de nouvelles connexions ferroviaires entre les terminaux chinois et les terminaux européens.

Question 0822 (24.06.2019) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **parkings de l'Aéroport de Luxembourg** :

D'Bedriewergesellschaft vum Findel, d'Société de l'Aéroport de Luxembourg SA, gehéiert zu 100 % dem Stat an hire Verwaltungsrot ass integral aus Vertrieeder vum Stat oder Statspersounal zesumme gesat. Dës Gesellschaft exploitéiert um Findel am Ganze siwen öffentlech Parkingen. Véier vun dese Parkingen (d'Parkingen C, E, F, G) si virun allem fir Kuerzzeitparker; op hinnen ass d'Parke fir 15 Minutte gratis, éier tèscht 1,50 € an 2,50 € pro zousätzlech 15 Minutte fälleg ginn.

Fir Passagéier um Findel ofzesetzen, ginn dës 15 Minutten am Prinzip duer an dierfte seele bis ni depasséiert ginn. Anescht ass dat, wann een e Passagéier um Findel ofhuele wëll. Dann ass et immens schwier, déi 15 Minutten net ze depasséieren - souguer wann een op d'Minutt près mat der Arrivée vum Flieger um Gate geplangt huet.

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froen stellen:

- Wéi vill Zäit vergeet an der Moyenne tèscht der Arrivée vum engem Flieger um Gate (Auerzäit, déi op den Ecranen affichéiert gëtt) an dem éischte Gepäckstéck, wat um Gepäckband ukënn?

- Wéi laang dauert et an darselwechter Hypothese an der Moyenne, bis dat lescht Gepäckstéck de Passagéier zur Verfügung steet?

- Wéi heefeg kënn et an absolutten a relativen Zuelen zu Virkommnissen, bei deenen de Flieger zwar pünktlech lant, mä kee Bus zur Verfügung steet oder keen Operateur fir d'Airbridge disponibel ass, soudass den Deboarding sech doduerch verzögert? Wéi vill Passagéier waren déi lescht zwielef Méint vun esou Virkommnissen betraff?

- Ginn et Entschiedegunge fir Leit, déi e Passagéier siche kommen, wa se méi laang wéi 15 Minutte parke mussen, well e Flieger Retard hat oder et duerch verzögert Betribssoflee um Fluchhafen méi laang dauert, bis d'Passagéier duerch d'Douane sinn?

- Denkt de Minister, datt et am Interêt vun de Konsumente wier an datt et d'Attraktivitéit vum Findel steigere géif, wann de Fluchhafen eng besonnesch Formel géif aféieren, fir Persounen, déi e Passagéier siche kommen, am Fall vun engem Retard ze entschidegen?

- Wéi steet de Minister zu enger eventueller Gratuitéit vum Parking fir Stationnement ënner enger Stonn fir Autoen, an deenen eng Persoun sëtzt, déi eng Boardingkaart mat Arrivée zu Lëtzebuerg presentéiere kann?

- Mat enger Äntwert a Form vun engem Linnendiagramm, deen d'Unzuel vun den Autoen a Funktioun vun der Zäit duerstelt: Wéi vill Autoen hunn an de leschten 365 Deeg pro Dag tèscht enger an 59 Minutte laang op de Parkingen C, E, F a G vum Findel geparkt?

- Mat enger Äntwert a Form vun engem Linnendiagramm, deen d'Unzuel vun de Passagéier a Funktioun vun der Zäit duerstelt: Wéi vill Passagéier sinn an de leschten 365 Deeg pro Dag gelant?

Réponse (19.07.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Um Fluchhafen Lëtzebuerg ass d'Luxair-Handling fir de Groundhandling zoustänneg, also och fir den Transport vum Gepäck aus dem Flieger zréck bei d'Arrivée vun de Bagagen. Dese Service a seng Modalitéite ginn am Kontrakt tèschent dem Groundhandler an der jeweileger Fluchgesellschaft festgehalen.

Viru Kuerzem ass d'Resultat vun enger Ëmfro vum Chaufferservice „Blacklane“ an der Press publizéiert ginn, déi seet, datt de Fluchhafen Lëtzebuerg dee sierste vun der Welt ass, wann et ëm d'Verloosse vum Flieger an d'Duerchlaf vum Fluchhafengebäi geet. An der Moyenne brauch een nëmme 15 an eng hallef Minutten, fir aus dem Flieger bis bei den Auto ze kommen.

lux-Airport SA ass als Fluchhafbedriewer mat hire kommerzielle Partner dofir zoustänneg, datt hir Servicer sou wéi geplangt iwwer d'Bün ginn. Aus verständleche kommerzielle Grënn kann a wëll lux-Airport SA hir Donnéeën iwwer déi verschidde Recetten net öffentlech maachen.

Et wäerten op kee Fall Entschiedegungen duerch de Fluchhafbedriewer un d'Leit bezuelt gi bei enger Verspéidung vun engem Flieger. D'Leit kréien e Service ugebueden (Parking), dee se kënnen unhuelen an notzen, oder och net. De Parking wäert och net gratis gemaach ginn, d'Tariffer fir d'Parke leien am internationalen Verglach scho bei deene bëllegsten.

D'Statistike vum Fluchhafen gi vun der Administration de la navigation aérienne opgestallt (ANA - www.ana.public.lu). D'Zuele vun 2018 ginn un, datt am ganze Joer 2.007.697 Leit hei zu Lëtzebuerg gelant sinn; dat mécht eng Moyenne vu 5.500 Leit pro Dag.

Question 0823 (24.06.2019) de **MM. Laurent Mosar** et **Gilles Roth** (*CSV*) concernant le **traitement de données personnelles effectué par les autorités policières et judiciaires** :

Depuis plusieurs jours, de plus en plus d'informations nous parviennent en ce qui concerne l'utilisation, on ne peut exclure - abusive, de la base de données policière.

Pour ne citer qu'un exemple.

Un jugement du tribunal correctionnel de Luxembourg de juillet 2018 note que :

« Les agents verbalisants ont procédé aux recherches d'usage dans les bases de données de la Police grand-ducale. Ils ont ainsi retrouvé... trois plaintes... Ces plaintes n'ont pas connu de suites pénales aux termes d'un courrier adressé par le ministère public le 17 février 2010 au président du Collège médical. »

Autrement dit, le parquet via les enquêteurs se sert de données issues du fichier central de la

Police grand-ducale et notamment d'informations policières y conservées, mais n'ayant pas abouti à des condamnations pénales.

Au vu de ce qui précède, nous nous permettons de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et à Monsieur le Ministre de la Justice :

1) Messieurs les Ministres peuvent-ils confirmer, comme cela ressort du jugement susmentionné, que le recours aux bases de données de la Police grand-ducale constitue une pratique courante en matière de conduite des enquêtes pénales ?

2) Messieurs les Ministres peuvent-ils confirmer que les informations issues des bases de données policières et utilisées dans l'affaire susmentionnée ne concernent pas des faits datant de plus de dix ans ? À défaut, le procureur général d'État a-t-il donné son autorisation (écrite) avant que les agents aient accédé aux bases de données en question ?

3) Messieurs les Ministres ne considèrent-ils pas que le fait d'user de faits n'ayant abouti à aucune condamnation ne porte atteinte au principe de la présomption d'innocence, au droit à un procès équitable, i. e. au principe de l'égalité des armes et aux principes entourant la protection des données personnelles ?

4) En ce qui concerne plus particulièrement la protection des données personnelles, Messieurs les Ministres ne considèrent-ils pas que cette façon de procéder soit contraire aux recommandations de l'Autorité de contrôle judiciaire (visée à l'article 17 de la loi du 2 août 2002 sur la protection des données personnelles) qui a notamment proposé que ces données soient éliminées une fois qu'un rapport ou un procès-verbal a été établi et transmis aux parquets... ?

5) Messieurs les Ministres ont-ils connaissance d'autres affaires similaires ?

Réponse commune (09.07.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) Non, nous ne pouvons pas confirmer cette affirmation. Au contraire, cette pratique n'est mise en œuvre que lorsqu'elle est justifiée par les éléments du cas d'espèce. En l'occurrence, il résulte du jugement mentionné par les honorables Députés, dont copie a été transmise au Ministre de la Justice sur sa demande par Madame le Procureur général d'État, que la citation de ce jugement par les honorables Députés dans la question parlementaire est incomplète. En effet, il résulte du jugement que la personne concernée avait, elle-même, déclaré, lors de son interrogatoire par la police, ce qui suit : « Oui, ça m'est déjà arrivé de me sentir attiré par des patientes. Depuis les plaintes qui ont été portées contre moi, je ne fais plus des gestes déplacés. »

Suite à ces déclarations, il était évidemment du devoir des policiers chargés de l'enquête de vérifier s'il y a effectivement eu dans le passé d'autres plaintes contre la même personne et d'en faire rapport aux autorités judiciaires compétentes.

ad 2) Dans le cas d'espèce, tel qu'il résulte également du jugement précité, la police a constaté que trois plaintes avaient été déposées, par trois victimes différentes, contre la même personne pour des faits similaires (attentat à la pudeur) en date des 21 juillet 2009, 16 septembre 2009 et 23 décembre 2009. Donc, comme demandé dans la question parlementaire, il n'y avait pas de faits datant de plus de dix ans.

ad 3) Pour cette question, il est renvoyé à la réponse à la première question de la question parlementaire n° 0816.

ad 4) La recommandation de l'Autorité de contrôle « article 17 » consistant à éliminer les données une fois qu'un rapport ou un procès-verbal a été établi et transmis aux parquets ne se rapportait pas au fichier central, qui recueille précisément les rapports et les procès-verbaux dressés par la police, mais au journal des incidents qui, au demeurant, a été remplacé le 1^{er} avril 2019 par un nouveau système dénommé « Einsatzleitsystem » (ELS).

ad 5) Non.

Question 0824 (24.06.2019) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **psychothérapeutes** :

Trotz dem Gesetz vum 14. Juli 2015 iwwert d'Aféierung vum Beruff vum Psychotherapeut ass et Patienten zu Lëtzebuerg zum aktuellen Zeitpunkt ëmmer nach net méiglech, d'Käschte vun Therapiesätzunge bei Psychotherapeute vun der Krankekeess rembourséiert ze kréien. Wéi aus enger Äntwert op d'parlamentaresch

Fro Nummer 0389 vum Deputéierte Marc Baum ervirgeet, ass de Fait, datt keen Accord tëscht der CNS an der Fapsylux (der Federatioun vun den Associatiounen, déi d'Psychotherapeuten am Land representéieren) konnt fonnt ginn, primär Schold drun, datt bal véier Joer, nodeems d'Gesetz gestëmmt gouf, ëmmer nach keng Remboursementer méiglech sinn. Konkret heescht et an där Äntwert :

« Suite à l'échec des négociations conventionnelles entre la Fapsylux et la CNS, la procédure de médiation avait été entamée le 1^{er} octobre 2018. Cependant, la procédure de médiation n'a également pas permis de trouver un accord de sorte que les dispositions obligatoires de la convention doivent être fixées par voie de règlement grand-ducal en application de l'article 70, paragraphe 2 du Code de la sécurité sociale. Les travaux y relatifs sont actuellement en cours. »

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir Gesondheet a Sozialversécherung des Froe stellen :

1. Wat waren d'Haaptgrënn dofir, dass keen Accord tëscht der CNS an der Fapsylux konnt fonnt ginn ?

2. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 3858 vun den Damen Deputéierte Lorsché an Tanson aus dem Juni 2018 gouf gesot, dass d'CNS an d'Fapsylux am Januar 2018 ugefaangen hätten, iwwer eng Konventioun ze negociéieren. Wéi sou sinn dës Gespréicher eréischt méi wéi zwee Joer, nodeems d'Gesetz vum 14. Juli 2015 gestëmmt gouf, ugefaange ginn ?

3. Bis wéini ass mat deem an der Äntwert op d'Fro vum Här Deputéierte Baum genannte Règlement ze rechnen ?

4. Bis wéini wäerten d'Patiente spéitstens nach waarde missen, bis si d'Käschte fir hir Therapiesätzunge vun der Krankekeess rembourséiert wäerte kréien ?

Réponse (23.07.2019) de **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1. Ee vun den Haaptgrënn, woufir keen Accord konnt fonnt ginn, ass, datt de Remboursement vun der Gesondheetskeess un eng medezinnesch Ordonnance gekoppelt ass. Den Artikel 23 Alinea 1 vum Code de la sécurité sociale gesäit nämlech vir :

« Les prestations à charge de l'assurance maladie accordées à la suite des prescriptions et ordonnances médicales doivent correspondre au mieux à l'état de santé des assurés. Elles ne peuvent dépasser l'utile et le nécessaire et doivent être faites dans la plus stricte économie compatible avec l'efficacité du traitement et être conformes aux données acquises par la science et à la déontologie médicale. »

Aner Diskussiounspunkte ginn iwwert de Prinzip vum Remboursement, dat heescht, wéi eng Traitement präzis solle rembourséiert ginn, an iwwert d'Kritären an d'Limite vun den Traitementen, déi sollen iwwerholl ginn.

ad 2. Déi Gespréicher konnten net éischter ugefaange ginn, well et keng Associatioun gouf, déi d'Psychotherapeute representéiert huet. D'Fapsylux gouf eréischt den 2. Februar 2017 gegrënnt. Den Artikel 62 Alinea 1 vum Code de la sécurité sociale gesäit Folgendes vir :

« Les conventions sont conclues par la Caisse nationale de santé et par les groupements professionnels possédant la qualité et ayant un caractère suffisamment représentatif. La représentativité des groupements professionnels s'apprécie au niveau de la profession en fonction des effectifs, de l'expérience et de l'ancienneté du groupement. »

ad 3. Dat Règlement ass am Moment amgaangen ausgeschafft ze ginn a soll Ufank vum 2. Semester 2019 an de Regierungsrat goen.

ad 4. Esoubal wéi d'Reglement, dat déi obligatoresch Dispositiounen vun der Konventioun festleest, publizéiert gëtt, gëtt d'Nomenclature vun den Akten ausgeschafft an den Tarif vum Remboursement an de Statute vun der Gesondheetskeess festgeluecht. Ab deem Moment kënnen déi Akten, déi virgesi sinn, rembourséiert ginn.

Question 0825 (25.06.2019) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **remboursements effectués par la Caisse de maladie des fonctionnaires et employés publics** :

Mir gouf zougedroen, dass et bei der Krankekeess vun de Fonctionnaires aktuell zu ville Verspéidunge bei de Remboursementer kënn. Zréckzeféieren ass dëst anscheinend op ee Manktem u Beamten an der Krankekeess vun de Fonctionnaires an de Statsbeamten (CMFEP).

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir sozial Sécherheet an éffentlechen Dëngscht des Froe stellen :

- Fir d'Joren 2017, 2018 an 2019, wéi vill Deeg huet eng Demande de remboursement bei der CMFEP am Duerchschnitt jee weils gedauert? Wéi ass des Tendenz ze erklären ?

- Wéi laang dauert et aktuell, bis déi bei der CMFEP Versécherter hir Remboursementer ausbezelt kréien? Am Fall wou et zu Verspéidunge komm ass, op wéi eng Grënn sinn des Verspéidunge zréckzeféieren ?

- Wéi eng Mesurë wäerten déi zoustänneg Ministeren ënnerhuelen, fir d'Situatioun vun de Versécherter ze verbessern ?

- Sinn d'Services vun der CMFEP personell ënnerbesat? Falls jo, wäerten d'Ministeren e Rekrutementsplang opstellen ?

Réponse (25.07.2019) de **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

Aktuell dauert eng Demande de remboursement ongeféier fënnf Wochen. Sait 2017 sinn déi Delaien zimlech konstant a sinn deels zréckzeféieren op eng Augmentatioun vun der Zuel vun de Statsbeamten an Employéen iwwert déi lescht Joren (+ 12,2 % an de leschte fënnf Joren). Doduerch ass den Aarbechtsvolumen an de leschte Jore permanent an d'Luucht gaangen, wat sech awer net am selwechten Ausmooss an der Evolutioun vun der Personal vun der zoustänneger Krankekeess erëmgespigellet huet. Des Weideren hat d'CMFEP um Niveau vun der Personal Pensiounsofging a Changementen vun der Administratioun, déi och en Impact op d'Traitementdelaien haten.

Fir deem entgéintziewierken, gouf d'Reglement iwwert de Statut vum Personal vun der CMFEP⁴ an deem Sënn geännert, datt d'CMFEP méi Personal astelle kann. D'CMFEP ass am Moment mat de Rekrutementen amgaangen an esoubal wéi déi ofgeschloss sinn, misst d'Situatioun fir den Assuré sech erëm verbessern. Et muss een natierlech och drop opmierksam maachen, datt déi nei Beamten als Eischt mussen ageschafft ginn, ier se genau sou eng routiniéiert Aarbecht kënnen leeschte wéi déi aner Beamten.

D'Erhéijung vun der Unzuel vun der Personal äntwert net nëmmen op déi aktuell Ufro vun der CMFEP, mä gesäit och genuch Personal vir, fir mëttel- a laangfristeg den Delai vun de Remboursementer déif ze halen.

Question 0826 (25.06.2019) de **M. André Bauler** (*DP*) concernant la **Nordstad** :

La création d'un nouveau pôle urbain dans le nord du pays à travers le projet Nordstad ne se réalise non seulement en développant la coopération entre les communes concernées, mais également en renforçant la cohésion sociale des citoyens résidant dans les communes impliquées. D'ailleurs, la déclaration Nordstad du 22 mai 2008 précise que la participation et l'engagement des citoyens est une condition fondamentale pour assurer la réussite de ce projet.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Aménagement du territoire :

- En sa qualité de coprésident du Comité politique Nordstad, Monsieur le Ministre serait-il disposé à soutenir une grande journée de rencontre et de fête à l'instar de la Fête des voisins pour rassembler les citoyens du canton de Diekirch dans une atmosphère conviviale ?

- Le Comité politique Nordstad a-t-il déjà pensé à organiser une telle manifestation, par exemple le 9 mai (Journée de l'Europe) ou le 23 juin (Fête nationale) ?

- La clôture des travaux d'infrastructures le long de la N7 à travers le village d'Ingeldorf d'ici 2020 ne serait-elle pas une occasion opportune pour lancer un tel event à caractère fédérateur ?

Réponse (09.07.2019) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Aménagement du territoire* :

Toute action visant à promouvoir, développer et consolider l'identité et le rayonnement de la Nordstad à tous les niveaux - culturel, économique, gastronomique, sportif, touristique, etc. - mérite réflexion et, le cas échéant, doit être soutenue. En effet, des actions de cette nature sont à même de stimuler et d'accroître auprès

des habitants des communes membres de la Nordstad leur sentiment d'appartenance à ce territoire qui leur est commun.

À ce propos, il appartient tout naturellement aux communes de proposer des initiatives fédératrices ayant pour objectif de renforcer l'attractivité de leur territoire de coopération. Ces propositions pouvant être débattues au sein du Comité politique de la Nordstad duquel fait partie l'État.

Par le biais de la Convention de la Nordstad, un grand nombre d'actions notables ont déjà pu être menées avec succès et d'autres seront engagées à l'avenir dans divers domaines. Dans ce contexte, le domaine de la mobilité douce pourrait faire l'objet d'actions ciblées en déclinaison avec les recommandations de l'étude de cyclabilité menée par le ministère et les autorités communales de la Nordstad.

Question 0827 (25.06.2019) de **M. Léon Gloden** (*CSV*) concernant le **changement de carrière au sein de la Police grand-ducale** :

Dans sa réponse à ma question parlementaire n° 0703 du 16 mai 2019 concernant le changement de carrière au sein de la Police grand-ducale, Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure a cité les conditions précisées dans l'article 94 (3) de la loi modifiée du 18 juillet 2019 sur la Police grand-ducale que le membre du cadre policier doit remplir pour pouvoir bénéficier du mécanisme temporaire de changement de groupe. Or, il n'a pas cité l'article dans son entièreté, qui dispose entre autres que : « Pour la sélection des candidats, il sera tenu compte, s'il y a lieu, de l'appréciation des compétences professionnelles et personnelles du policier en question. »

Monsieur le Ministre a par ailleurs suggéré qu'« à côté du mécanisme de la carrière ouverte, le législateur a prévu la possibilité pour les fonctionnaires du groupe de traitement C1 du cadre policier de la police qui sont détenteurs d'un tel diplôme [diplôme de fin d'études ou de fin d'études générales ou d'un diplôme équivalent] et qui ont auparavant suivi avec succès la formation professionnelle de base du groupe de traitement C1 d'accéder au groupe de traitement B1 en se soumettant à l'examen-concours de ce groupe de traitement B1 ».

Au vu de ce qui précède, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Monsieur le Ministre peut-il m'assurer qu'il a été tenu compte de l'appréciation des compétences professionnelles et personnelles des policiers qui se sont vu refuser un changement de carrière ?

2) Le policier qui choisit l'option d'accéder au groupe de traitement supérieur en se soumettant à l'examen-concours en question, n'est-il pas obligé de démissionner de son poste, entraînant ainsi un bon nombre d'inconvénients pour le candidat en question ?

Réponse (26.07.2019) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1) L'article 94 de la loi modifiée du 18 juillet 2019 sur la Police grand-ducale dispose que : « Pour la sélection des candidats, il sera tenu compte, s'il y a lieu, de l'appréciation des compétences professionnelles et personnelles du policier en question. » Cette formulation figure également à l'article 54 de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État. L'article 16 de la loi sur les traitements prévoit également, en ce qui concerne l'attribution d'une majoration d'échelon que le ministre tient compte « s'il y a lieu, des résultats de l'appréciation des compétences professionnelles et personnelles ».

Le système d'appréciation des compétences auquel il est fait référence dans les trois articles précités n'a été introduit que le 1^{er} octobre 2015. Il s'applique à partir du dernier grade du niveau général pour le passage au niveau supérieur ainsi que pour chaque promotion ou avancement assimilé à une promotion dans le niveau supérieur (article 4bis, paragraphe 1^{er} du statut général des fonctionnaires). Avant la date du 1^{er} octobre 2015, les fonctionnaires accédaient au cadre fermé (désormais niveau supérieur) et avançaient à l'intérieur de ce cadre sans qu'ils ne soient soumis à une appréciation des compétences.

⁴ Règlement grand-ducal du 29 mars 2019 modifiant le règlement grand-ducal du 24 août 2016 concernant le statut du personnel de la Caisse nationale de santé, de la Caisse de maladie des fonctionnaires et employés publics et de la Caisse de maladie des fonctionnaires et employés communaux

Il ne peut dès lors être tenu compte de l'appréciation des compétences que pour autant qu'une telle appréciation ait été réalisée.

ad 2) Non.

Question 0828 (25.06.2019) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **canicule et le droit du travail** :

De Code du travail (Art. L. 313-1) hält fest, dass Salariéen obligéiert sinn, « [de] signaler immédiatement, à l'employeur et/ou aux salariés désignés et aux délégués à la sécurité, toute situation de travail dont ils ont un motif raisonnable de penser qu'elle présente un danger grave et immédiat pour la sécurité et la santé ainsi que toute défectuosité constatée dans les systèmes de protection ».

Bei héije Baussentemperature kann et och a Bürosraim séier immens waarm ginn, soudass och ze héich Temperaturen op der Aarbechtsplaz e Gesondheitsrisiko an domat en « danger grave et immédiat pour la sécurité et la santé » duerstelle kënnen.

Well et zu Lëtzebuerg - anescht wéi an eisem Nopeschland Däitschland - keng konkret gesetzlech Regelung gëtt, déi festhält, ab wéi engen Temperaturen Aarbechter fräi misste kréien, traue sech déi weinegst Employéen, sech op de Code du travail an d'Garantie vun der Sécherung vun hirer Gesondheet ze berufen, fir bei grousser Hëtzt fräizekréien.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Aarbecht dës Froe stellen:

1. Deelt de Minister d'Usicht, dass ze héich Temperaturen op der Aarbechtsplaz eng Gefor fir d'Gesondheet duerstellen?

2. Ass de Minister der Meenung, dass gesetzlech misst geregelt ginn, wéi vill Grad Celsius an engem Aarbechtssemmfeld maximal a minimal erreecht d'äerfe ginn?

3. Ass de Minister der Meenung, dass esou eng gesetzlech Regelung sech och explizitt op d'Enseignanté bezieie sollt, soudass och eng Limitt fir Temperaturen a Klassen am Gesetz festgeschriwwen géif ginn, fir och d'Kanner ze schützen an d'Entscheidung vum Hëtzeffekt net eleng bei de Gemengen ze beloossen?

Réponse (25.07.2019) de **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

ad 1. + 2. Héich Temperaturen op der Aarbechtsplaz kënnen eng Gefor fir d'Gesondheet vun de Salariéen duerstellen. Et sief an deem Kontext drop higewisen, dass d'Aarbechtsgesetz d'Employeuren dozou obligéiert, net nëmmen d'Sécherheet, mä och d'Gesondheet vun de Salariéen ze garantéieren. Dës Obligatioun ass explizitt am Artikel L. 312-1 vum Code du travail festgehal: « L'employeur est obligé d'assurer la sécurité et la santé des salariés dans tous les aspects liés au travail. »

Eng gesetzlech Regelung, wéi vill Grad Celsius an engem Aarbechtssemmfeld maximal a minimal erreecht d'äerfe ginn, ass den Ament net virgesinn. Par contre kënnen a mussen d'Employeure verschidde Mesuren huelen, déi während enger Période de canicule d'Salarié gëint d'Gefore vun héijen Temperaturen op der Aarbechtsplaz schützen. Zum Beispill kann d'Aarbechtszäit esou organiséiert ginn, dass d'Salarié während der Dageszäit, wou d'Temperaturen am héchste sinn, net schaffe mussen, den Employeur ka senge Salarié gratis Gedréns zur Verfügung stellen, Klimaanlage kënnen an de Büros installéiert ginn, den Dresscode op der Aarbechtsplaz kann temporär gelockert ginn etc.

Am Fall vun enger Canicule kënnen d'Entrepreneuren ausserdeem enger verschiddene Konditiounen op de Regimm vum « chômage dû aux intempéries » zréckgräifen, sou wéi et an den Artikelen L. 531-2 an L. 531-3 vum Code du travail virgesinn ass:

« L. 531-2 (1) Sont considérés comme intempéries, en vue de l'application du présent chapitre, la pluie, le froid, la neige, le gel et le dégel, à condition que l'effet direct et immédiat des intempéries entraîne l'impraticabilité du lieu de travail, ou bien rende l'accomplissement des travaux impossible ou dangereux, eu égard soit à la santé ou à la sécurité des salariés, soit à la nature ou à la technique des travaux à exécuter.

(2) Sur demande des personnes ou services de protection et de prévention de l'entreprise

concernée au sens de l'article L. 322-2, le ministre ayant l'Emploi dans ses attributions ou le fonctionnaire délégué à cet effet, sur avis de l'employeur et du service de santé au travail compétent conformément titre II du présent livre relatif aux services de santé au travail, peut, en cas de chaleur exceptionnelle, admettre au bénéfice des dispositions du présent chapitre les salariés dont l'accomplissement du travail est rendu dangereux eu égard à leur santé ou leur sécurité par suite de l'effet direct et immédiat de la chaleur et de ses conséquences.

L. 531-3 La décision concernant la cessation du travail appartient à l'employeur ou à son représentant dûment mandaté sur le lieu du travail, après consultation du représentant du personnel dûment mandaté sur le lieu du travail. Dans les entreprises soumises à l'obligation légale de faire élire une délégation du personnel, le représentant du personnel précité est obligatoirement un membre de la délégation ou un salarié désigné par la délégation du personnel. »

ad 3. Vu dass déi vum honorabelen Deputéierte gestallte Fro net an de Kompetenzberäich vum Aarbechtsministère fällt, steet et dem Aarbechtsminister och net zou, dës Fro ze kommentéieren.

Question 0831 (25.06.2019) de **M. Félix Eischen** (*CSV*) concernant le **Fonds national de soutien à la production audiovisuelle** :

Den Här Minister hat 2018 en externen Audit iwwert de Fonds national de soutien à la production audiovisuelle (Filmfong) an Optrag ginn. Laut mengen Informatiounen huet et sech bei deem Audit awer net em e finanziellen Audit gehandelt an e wier enner kenger Form konform zu den internationalen Normen iwwert d'Veriffikatioun an d'Revisioun. Trotzdem sollen an dem klengen Audit eng Rei Irregularitéite festgestallt gi sinn. Sou sollen zum Beispill verschidde Produktiounen ni bis zum Schluss fäerdeg gemaach gi sinn, obschonns se vum Filmfong öffentlich Sue kritt hunn, déi alderdengs ni zréckbezuelt gi sinn.

Am Audit soll och stoen, dass e Produzent iwwer seng zwou Produktiounsfirmer öffentlich Gelder a Milliounenhéicht a gläichzäiteg och e Salaire vum Filmfong kritt huet. Dobäi wier awer am Audit keng Analys iwwer eventuell Interessekonflikter, Verméischungen an „prise illégale d'intérêts“ téscht Responsabelen aus dem Filmfong an de Produzente gemaach ginn. Den Audit hätt och nëmmen 20 % vun de Filmprojete kontrolléiert, wourenner der zwee sech net un d'Regele gehalen hätten an trotzdem öffentlich Sue kritt hunn. Et wieren ausserdeem och nodréiglech Arrangementer fonnt ginn, fir Projeten ze finanzéieren, déi awer initial vum Comité de sélection keng staatlech Hëllef zougesprach kritt haten.

Den Onlinesite „Reporter.lu“ ass iwwerdeems an enger Rei Artikelen op de Filmfong an den Audit agaangen. Sou schreift „Reporter.lu“, dass duerch Produzenten, déi stänneg öffentlich Sue kréien, héich Gewënner maachen an trotzdem näischt rembourséieren, déi wirtschaftlech Plus-value fir d'Land quasi null wier. Onofhängeg vun der Zuschauerzuel kéinten d'Produzente vun engem quasi virdefiniéierte minimale Gewinn ausgoen.

An deem Kontext géif ech dem Här Kommunikations- a Medieminister gäre folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Minister mir soen, firwat den Audit der Chamber nach net zougängelech gemaach ginn ass, esou wéi hien dat a senger Antwort op meng parlamentaresch Ufroen N° 4066 an N° 4069 ugedeit hat?

2. Kann den Här Minister mir bestätegen, dass den Audit keng finanziell Analys iwwert de Filmfong gemaach huet, a mir erklären, firwat dat esou ass?

3. Wéi kann den Här Minister erklären, dass, laut de Recherch vum „Reporter.lu“, Produzenten, déi mat öffentliche Gelder en däitleche Gewinn gemaach hunn, trotzdem näischt zréckbezuelt hunn, obschonns dat esou vum Gesetz virgeschriwwen ass?

4. Kann den Här Minister mir soen, wéi vill Filmer öffentlich Gelder kritt hunn, déi am Endeffekt ni zu Enn bruecht gi sinn? Wat ass mat deenen öffentliche Sue geschitt?

5. Kann den Här Minister bestätegen, dass bei den „salaires directs“ genee kontrolléiert ginn ass, wien déi Sue fir wéi eng Aarbechten ausbezuelt kritt huet? Kann den Här Minister an deem Kontext versécheren, dass dës Salarié vu Pigisten a Freelancen op d'mannst dem Mindestloun entsprechen?

6. Kann den Här Minister mir soen, firwat am Audit keng Analys iwwer méiglech Interesse-

konflikter téscht Responsabele vum Filmfong a Produzente gemaach ginn ass, wëssend, dass et där Fäll soll gi sinn?

7. Wéi kann et sinn, dass ee Produzent staatlech finanziell Hëllef a Milliounenhéicht fir seng Produktiounsfirme kritt huet a gläichzäiteg e Salaire als Beschäftegte vum Filmfong ausbezuelt kritt?

8. Firwat sinn nëmmen 20 % vun de Projeten am Audit kontrolléiert ginn, wuel wëssend, dass bei deem Prozentsaz ëmmerhin der zwee fonnt goufen, déi net en règle waren an awer vum Filmfong öffentlich Sue kritt hunn? Kann den Här Minister mir soen, wat mat deenen zwee Projeten, déi also net en règle waren, geschitt ass?

9. Wéi kann den Här Minister erklären, dass „Arrangementer“ gemaach goufen, fir Projeten ze finanzéieren, déi au préalable vum Comité de sélection refuséiert gi waren?

10. Wéi erkläert den Här Minister, dass de Budget fir de Filmfong schonn no uewen definéiert ginn ass, obschonns hien, laut senger Antwort op meng parlamentaresch Ufroen N° 4066 an N° 4069, u verschiddenen Upassungen op Basis vun de Recommandatiounen aus dem Audit wollt schaffen?

11. Fënnt den Här Minister et net dréngend noutwenneg, no den aktuellen Erkenntnesser iwwert de Filmfong eng finanziell Analys maachen ze loosse?

12. Wëssend, dass et laut dem Audit eng Partie Ongereimtheeten a Saache Filmfong a Produzente gëtt an dass Verdacht op Interessekonflikter, „prise illégale d'intérêts“ respektiv „trafic d'influence“ an aneres besteet, huet den Här Minister den Dossier der Justiz iwwermëttelt?

Duerch déi Erkenntnesser iwwer eventuell Infraktiounen respektiv Delikter, déi mir elo duerch den Audit an d'Reportage vum Onlinesite „Reporter.lu“ virleien, hunn ech a menger Qualitéit als Deputéierten déi Pabeieren un de Procureur général d'État, en vue vun enger eventueller Enquête pénale, weiderginn.

Réponse (26.07.2019) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias* :

ad 1. Den Audit, deenen den honorabelen Deputéierten uschwätzt, ass den 29. November 2018 un de Chamberspresident Gast Gibéryen geschéckt ginn.

D'Dokument huet kee confidentielle Charakter an all Demande un de Ministère, fir den Audit ze kréien, ass positiv beäntwert ginn.

ad 2. De Filmfong gëtt all Joer engem externen an onofhängege finanziellen Audit vu senger Kontabilitéit a senge Konten ennerzunn, an dëst op Basis vum Kapitel 4 vum Gesetz iwwert de Filmfong.

De Fong erstellt all Joer seng Comptes annuels an d'Rapports financiers et de gestion (bilan, comptes de profits et pertes et annexes aux états financiers), déi och all Joer verifizéiert an zertifizéiert gi vun engem agreéierten an onofhängege Réviseur d'entreprises, dee vun der Regierung genannt an all fënnef Joer changéiert gëtt.

Déi verifizéiert an zertifizéiert Joreskonte mussen duerno vum Conseil d'administration vum Filmfong ugeholl an dann un de Conseil de Gouvernement weidergeleet ginn, deen dann dem Fong d'Decharge ausschwätze muss. D'Decharge vun der Regierung, déi accordéiert gouf, genesou wéi d'Joreskonte ginn am Mémorial publizéiert. Eng verifizéiert an zertifizéiert Kopie geet duerno un d'Chambre des Députés, un d'Inspection générale des finances an un d'Cour des comptes.

Des Weidere ginn de Joresrapport a sämtlech Decisiounen vum Comité de sélection, wat „aides financières sélectives“ ugeet, op der Internetsäit vum Filmfong publizéiert an zanter 1999 am Kader vun enger Pressekonferenz virgestallt.

Bei dem speziellen Audit, deenen d'lescht Joer lancéiert gouf, ass et drëms gaangen, fir festzustellen, ob déi nei Structure vum Filmfong, déi säit dem Gesetz vum 2014 en place sinn, optimal fonctionnéieren, fir gegebenenfalls kënnen nogebessert ze ginn. D'neiert sollen d'Retombees économiques vun eisen Aiden evaluéiert ginn.

ad 3. De Prinzip vum „remboursement des aides“, esou wéi en am Gesetz virgeschriwwen ass, gëtt vun der Administratioun vum Filmfong iwwerwaacht.

Dem Filmfong ass keng Gesellschaft bekannt, déi Suen op engem Film agespillt hätt an déi se net no de Regeln zréckbezuelt hätt.

De Filmfong léisst regelméisseg extern Auditeure vun de Filmproduktionsgesellschaften maachen, a wa sech géif erausstellen, dass e Produzent d'Gesetz net respektéiert hätt, géif vusäit vum Filmfong reagéiert ginn.

ad 4. De Filmfong bestätegt, dass hien ni Produktiounshëlfelefen u Filmer verdeelt huet, déi net fäerdeg gemaach goufen.

ad 5. De Filmfong kontrolléiert d'Depensen am Kader vun enger Produktioun, nodeems schonn en externen Auditeur d'Produktionskonten iwwerpréift huet.

Nëmmen déi Depensen, déi a Relatioun mat der Produktioun stinn an och effektiv bezuelt goufen - an dorënner falen och all Salären -, kënnen subventionéiert ginn.

Den Deputéierte schwätzt vun „Pigisten“ an „Freelancen“. E Pigiste, also e fräischaffende Journalist, deen op „pige“ - also op Basis vun enger spezifescher „tâche“ - remuneréiert gëtt, existéiert an der Filmbranche eigentlech net. Den Term „Freelance“ gëtt am Secteur net benotzt. Wann den Deputéierten awer enner Freelance en Indépendant versteet, deen entweder „intermittent du spectacle“ oder „artiste professionnel“ ass, dann ass esou eng Persoun enner dem Statut vum Indépendant beschäftigt, wou d'Konzept vum Mindestloun net besteet.

ad 6. Dem Minister si keng esou Interessekonflikter bekannt.

ad 7. Et kritt kee Produzent e Salaire als Beschäftegte vum Filmfong.

ad 8. Aus dem Audit, deenen den honorabelen Deputéierten uschwätzt, ass keng Indikatioun ervirgaangen, dass e Projet net „en règle“ soll gewiescht sinn.

ad 9. De Filmfong confirméiert, dass kee Projet jeemoos eng „aide financière sélective“ krut, deen net majoritär vum Comité de sélection ausgewielt gouf. Och huet den Audit keen esou e Projet identifiziéiert.

ad 10. Déi Upassung sinn e Prozess, deenen amgaangen ass, an déi éischt Émsetzung sinn och um Wee. D'Stärker vum Secteur ass legittim, néideg an noutwenneg.

ad 11. All finanziell Rapporten sinn am Mémorial publizéiert an un d'Chambre weidergeleet ginn. Den honorabelen Deputéierte kritt op Demande all finanziell Rapporten, déi järelech iwwert de Filmfong gemaach ginn, zougestallt.

ad 12. Esou Undeutung sinn dem Minister net bekannt an och net am Audit mentionéiert.

Question urgente 1168 (06.09.2019) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (*CSV*) concernant la **tempête tropicale Dorian qui a sévi au large des Bahamas** :

Selon les dernières estimations, l'ouragan Dorian a provoqué la mort d'au moins 30 personnes et a détruit plus de 13.000 habitations. Plus de 70.000 personnes se trouvent dans une situation d'urgence. Le réseau de télécommunication aurait lui aussi subi des dégâts énormes, ce qui rend l'aide extrêmement difficile.

Au vu de ce qui précède, je voudrais poser la question suivante à Madame la Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire :

- Madame la Ministre compte-t-elle faire intervenir la plateforme emergency.lu aux Bahamas afin d'aider à rétablir le réseau de télécommunication au plus vite ?

Réponse (10.09.2019) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire* :

La solution emergency.lu est déployée soit sur demande officielle d'une organisation internationale avec laquelle le Luxembourg maintient une coopération spécifique dans ce domaine, notamment l'ONU et l'UE, soit sur demande d'un pays affecté par une catastrophe.

Comme il est d'usage en prévision d'une éventuelle demande dans le contexte d'une réponse internationale à une crise, la Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire et la Ministre de l'Intérieur ont donné le 4 septembre leur accord de principe préalable pour le déploiement de la solution emergency.lu et du personnel du CGDIS en cas de requête internationale en ce sens.

En date du 7 septembre, les autorités des Bahamas ont signalé vouloir accepter le soutien offert par l'UE via son mécanisme de protection civile et celui-ci, incluant la contribution du Luxembourg, a été activé.

Dans le cadre de ce soutien offert par l'UE, deux experts en communication du groupe chargé de missions humanitaires du CGDIS partiront ainsi aux Bahamas ce mardi 10 septembre pour déployer un kit de communication par satellite emergency.lu.

Veranstungskalender Agenda des événements

Tag der offenen Tür · Journée portes ouvertes

Samedi, le 28 septembre 2019 de 10h à 18h
L'entrée à l'exposition et aux visites guidées est gratuite. Sans inscription.

Wandertheater - KRICH, HONGER AN DEMOKRATIE

Verlauf: Place Guillaume II (Rathaus)
Marché-aux-Herbes (Abgeordnetenkommer)
Rue du Rost (Großherzogliches Palais)
Marché-aux-Poissons (MNHA).
⌚ 10 h / 12 h / 14h30 (LU).

Théâtre ambulant - KRICH, HONGER AN DEMOKRATIE

Parcours : Place Guillaume II (Hôtel de Ville) –
Marché-aux-Herbes (Chambre des Députés) –
Rue du Rost (Palais Grand-ducal) – Marché-aux-
Poissons (MNHA).
⌚ 10 h / 12 h / 14h30 (LU).

In der Abgeordnetenkommer THEATER AN DER CHAMBER!

D'Debatten um Wee zum allgemenge Wahlrecht.
E Collage vu lëtzebuergesch, däitschen a
franséischen Texter.
Theateraufführungen im Plenarsaal
Inszenierung: Frank Hoffmann (TNL)
Seiteneingang Rue de l'Eau
⌚ 11 h / 14 h / 16 h (LU/DE/FR)

À la Chambre des Députés : THEATER AN DER CHAMBER!

D'Debatten um Wee zum allgemenge Wahlrecht.
E Collage vu lëtzebuergesch, däitschen a
franséischen Texter.
Représentations théâtrales en salle plénière
Mise en scène : Frank Hoffmann (TNL)
Entrée latérale rue de l'Eau
⌚ 11 h / 14 h / 16 h (LU/DE/FR)

Im MNHA – Geführte Besichtigungen

Während des gesamten Tages werden Führungen
durch die Ausstellung im MNHA angeboten.
⌚ 11 h (LU) / 14 h (FR) / 16 h (DE)

Au MNHA – Visites guidées

Tout au long de la journée, des visites guidées
sont offertes à travers l'exposition au MNHA.
⌚ 11 h (LU) / 14 h (FR) / 16 h (DE)

Führungen · Visites guidées

Führungen durch die Ausstellung ·
Visites guidées de l'exposition:
www.wielewatmirsinn.lu

Kombinierte Touren

Ausstellung im MNHA und Abgeordnetenkommer
Nur auf Anfrage
(info@wielewatmirsinn.lu)
Angebot ausschließlich für Gruppen
(mind. 10 Personen)



Aufruf zu einer
1.-Mai-Kundgebung · Appel à une
manifestation de 1^{er} mai, 1908.
ANLux, J-076-081.

Visites combinées

**Exposition au MNHA et
Chambre des Députés**
Uniquement sur demande
(info@wielewatmirsinn.lu)
Offre réservée aux groupes
(min. 10 personnes)

Anmeldung erforderlich ·
Inscription obligatoire.
info@wielewatmirsinn.lu
+352 47 93 30 214

Conférences au MNHA

PARTICIPATION ET REPRÉSENTATION AVANT LA DÉMOCRATIE EN EUROPE ET AU LUXEMBOURG (1200-1800)

Éloïse Adde, Michel Margue, Gilles Genot
Jeudi, le 17 octobre 2019 à 18 h (FR)

WIE WOR DÉI ÉISCHT LËTZEBUERGER DEPUTÉIERT?

Renée Wagener
Donneschdeg, 14. November 2019 um 18 Auer (LU)

1919

Das allgemeine Wahlrecht für Frauen und Männer setzt
sich am 8. Mai im Parlament durch. Das Referendum am
28. September und die ersten Wahlen am 26. Oktober
werden nach dem neuen Wahlgesetz abgehalten.
Le 8 mai, le suffrage universel pour femmes et hommes
s'impose au parlement. Le référendum du 28 septembre
et les premières élections du 26 octobre se déroulent
selon la nouvelle loi électorale.

1971

Das Wahlalter wird auf 18 Jahre herabgesetzt.
L'âge électoral minimum est réduit à 18 ans.



1992: Die Minister Jacques F. Poos und Jean-Claude
Juncker unterschreiben den Maastrichter Vertrag ·
1992 : les ministres Jacques F. Poos et Jean-Claude
Juncker signent le traité de Maastricht.
© EC Christian Lambiotte 1992.

1993

Durch den Maastrichter Vertrag wird das Wahlrecht für
die Europawahlen auf alle EU-Bürgerinnen und -Bürger
ausgeweitet.
Suite au traité de Maastricht, le droit de vote pour les
élections européennes est élargi à tous les citoyens et
citoyennes de l'Union européenne.

Ab 1994 · Depuis 1994

Das kommunale Wahlrecht wird in mehreren Schritten
für alle Bürgerinnen und Bürger geöffnet.
Dans plusieurs étapes, le droit de vote communal est
ouvert à tous les citoyens et citoyennes.

2015

Bei einem Referendum zu den Fragen von Herabsetzung
des Wahlalters, Einwohnerwahlrecht bei Nationalwahlen
und Einschränkung der Ministermandate werden alle
Vorschläge mit großer Mehrheit abgelehnt.
Lors d'un référendum sur les questions de l'abaissement
de l'âge électoral minimum, du droit de vote résidentiel
aux élections législatives et de la limitation dans le temps
du mandat des ministres, toutes les propositions sont
refusées à grande majorité.



Marguerite Mongenast-
Servais, Vorkämpferin für das
Frauenwahlrecht · Marguerite
Mongenast-Servais, militante
pour le suffrage des femmes.
© Photothèque VdL, Collection
Marcel Schroeder.

MEISY MONGENAST-
SERVAIS - „Eine der
besten Luxemburger
Frauen, die je gelebt,
unsere unvergeßliche
Vorkämpferin für alles
Gute und Edle“

Germaine Goetzingen a
Christiane Rausch
Donneschdeg,
5. Dezember 2019
um 18 Auer (LU)

Forum Z

DER MARSCH DER FRAUEN VON 1919 BIS 2019

Org: C²DH der Universität Luxemburg
Führung · Referate von Fachleuten · Interaktive
Workshops
Donnerstag, 10. Oktober 2019 von 17 bis 20 h
Kostenlose Teilnahme

LA MARCHÉ DES FEMMES DE 1919 À 2019

Org. : C²DH de l'Université du Luxembourg
Visite guidée · Interventions de spécialistes ·
Workshops interactifs
Jeudi, le 10 octobre 2019 de 17 h à 20 h
Participation gratuite

www.c2dh.uni.lu/forum-z

Visites-débats au MNHA

ROULETTE DES PARTIS - LA SYMBOLIQUE DES COULEURS POLITIQUES

Jeudi, le 28 novembre 2019 de 18 h à 20 h (LU)
Dimanche, le 8 décembre 2019 de 15 h à 17 h (FR)
Participation gratuite

VENI, VIDI, ELIGI - LES CONSEILS DE CICÉRON POUR UNE CAMPAGNE ÉLECTORALE RÉUSSIE

Jeudi, le 24 octobre 2019 de 18 h à 20 h (LU)
Dimanche, le 24 novembre 2019 de 15 h à 17 h (FR)

Participation gratuite. Inscription obligatoire.
info@wielewatmirsinn.lu +352 47 93 30 214

Wahlurne, vor 1900 · Urne
électorale, avant 1900.
Musée Thillenvogtei / Foto
MNHA Tom Lucas.



„D'Wahlrecht gouf ëmmer méi als Léisung fir ganz vill Problemer gesinn“

Interview mam Frank Hoffmann, Direkter vum Théâtre national du Luxembourg (TNL)

Fir d'Porte ouverte vun den Institutionen den 28. September proposéiert d'Chamber déi Kéier eppes ganz Besonnesches: Ënnert dem Titel „Theater an der Chamber! D'Debatten um Wee zum allgemenge Wahlrecht“ inzeeniert den TNL am Pleniëressall vun der Chamber historesch Texter zur Aféierung vum allgemenge Wahlrecht. Hei e puer Froen un de Frank Hoffmann zu dësem speziellen Event.



De Frank Hoffmann, Direkter vum TNL
Fotoen: Eric Chenal

Ass d'Geschicht vum Wahlrecht e schwielegt Thema fir op enger Bühn?

Ech hunn déi Geschicht net wierklech kannt, an a mengem Bekantekrees ass et genee d'selwecht. Duerfir ass dat hei eng gudd Opportunitéit, fir mol iwwer déi eege Geschicht nozedanken, well dat ass jo eigentlech d'Basis vun eiser Demokratie. Wéi et zur Aféierung vum allgemenge Wahlrecht kouw, dat ass ganz spannend an oft iwwerraschend, zum Beispill, wie fir a wie géint d'allgemengt Wahlrecht war.

Wéi dréckt sech déi gesellschaftlech Trennung tëscht Biergertum an Aarbechterschaft an der Fro vum Wahlrecht aus?

Um Enn vum 19. Jorhonnert gouf den Zensus ëmmer méi a Fro gestallt, dat heescht, datt een huet missen e gewëssenen Taux u Steiere bezuelen, fir dierfen ze wielen. Munch Politiker hu fonnt, de Besëtz dierft net méi de Kritär sinn, well et géife Leit ginn, déi vill Besëtz hätten, awer net vill am Kapp. Et misst een d'Leit duerch d'Erzéiung zum Wahlrecht bréngen. Anerer hu gesot: D'Zeitunge gi jo an all Stot eran, all Mënsch um klengsten Duerf weess dach haut, wat lass ass. Wéi den Zensus vun 30 op 15 Frang erfogsat sollt ginn, huet dat amplaz vu knapps 7.000 bal 14.000 Wieler bedeit - ëmmer nach eng ganz kleng Zuel par rapport zur Bevëlkerung, mä trotzdem eng enorm Steigerung. Wéi wäerten déi nei Leit ofstëmmen? Et wor eng gewësse Panik do. A bei all Panik, déi de Mënsch huet, geet et ëmmer och ëm hie selwer; e fährt ëmmer, datt dat, wat en huet, verluer geet. Richteg zentral gëtt d'Fuerderung awer eréischt am Éischte Weltkrich, do mécht d'Vollek sech entscheidend bemierkbar. De grouse Streik vun 1917 a seng Nidderschloung, dat ass e ganz wichtige

Moment an der Entwécklung vum Wahlrecht, och wa keen direkten Zesammenhang besteet. D'Wahlrecht gëtt ëmmer méi als Léisung fir ganz vill Problemer gesinn, an iergendwann och als inevitabel, souguer fir déi Politiker, déi dergéint waren. Si hunn iergendwéi gespuert: Mir kommen net méi derlaanscht.

1919 gëtt jo och d'Fraewahlrecht agefouert. Wéi gëtt doriwwe geschwat?

Dat ass interessant, well et si Männer, déi iwwert d'Frae schwätzen. Do ginn et dann heiansdo sou Momenter, wou een am Chamberblich liest: „Hilarité à gauche, hilarité à droite“. Do gouf also och gelaacht, e bësse Witzercher gemaach, wéi jo haut och nach ëmmer. D'Thematik vun dem Fraewahlrecht hëlt all déi Deputéiert souzesoen doheem of; si hu jo mat Fraen ze dinn!



Bei de Prouwe fir d'Inzeenierung

A si schwätzen zwar ëmmer sou objektiv driwwer, mä drënner ass e ganz anere Motor, dee perséinlechen. Déi eng, déi fäerten, fir de Fraen d'Wahlrecht ze ginn, well se kéinte jo da vläicht anescht stëmme wéi erwaart. Ee Politiker fänkt souguer un, a sengem Discours wéi en Dokter d'Gehir vun enger Fra ze sezéieren. An déi aner soen: Nee, au contraire, mir mussen hinnen d'Wahlrecht ginn. Firwat solle mer fäerten, si stëmme sou of, wéi se wëllen.

Wéi huet sech d'Sprooch an der Chamber geännert, wéi duerch d'Erofsetze vum Zensus nei Leit an d'Chamber koumen?

D'Sprooch hat deemools eng aner Valeur wéi haut, d'Rhetorik, d'Formulatioun war méi wichtig. Dee sproochlechen Niveau fënnt een haut vläicht net bei all Ried erëm. Am Ufank wor d'Chamber e Cercle vu méi studéierte Leit, déi sech och am Franséische gudd konnten ausdrécken an ënnerhalen. Dunn ass

op eemol d'„Proletariat“ (dat Wuert kënnt jo ëmmer erëm) mat Vehemenz an den Discours vun der Chamber eragebrach. An déi nei Aarbechter-Deputéiert hunn och déi däitsch Sprooch benotzt, déi méi d'Vollekssprooch fir d'Lëtzebuerg war. Nieft de Sozialisten hunn awer och Leit wéi den Abbé Schiltz Däitsch geschwat.

Déi Inzeenierung ass eng Aart Collage vun historeschen Texter.

Normalerweis gi mir vu fiktionalen Texter aus, awer hei wëlle mer e Spektakel, deen zwar Spaass maachen an Interêt fir de Sujet vermëttele soll, mä deen déi historesch Texter suivéiert. Tëscht den Extraiten aus de Comptes rendus maachen Zeitungskommentaren dat Ganzt méi „kulinaresch“ an d'Musek bréngt Legéretéit eran. Et huet awer missen e Choix vun Dokumenter gemaach ginn, dat ass natierlech e Filter.

Awéiwäit versicht Der, lech an déi historesch Personnage vun der Zäit eranzeversetzen?

Dat Historesch war eis scho wichteg, zum Beispill wat d'Kleedung ugeet. Mir versichen awer net, d'Figuren historesch duerzustellen, mä eng konzeptionell Léisung ze fannen. Et si jo och nëmme sechs Schauspiller, déi spillen awer méi wéi 20 Deputéiert. Duerfir mussen mer och flexibel domat ëmgoen. Et sinn dräi Männer an dräi Fraen, ech fannen dat grad och wichteg, well deemools haaptsächlech Männer driwwer geschwat hunn. Dobäi gëtt et och e Geschlechtertausch, d'Männer spillen och alt emol an enger Zeen eng Fra.

Wat sinn d'Eraufuerderunge bei der Inzeenierung?

Eng grouss Fro ass: Wéi gi mer mam Lieu vun der Chamber ëm? Béis Zongé soen: „Et gëtt all Dag do Theater gespillt.“ Mä lo spille mer wierklech Theater do. Ech inzeeniere gär op Lieuen, déi ausserhalb vum Theater sinn. Ech hunn a Muséeën, an der Chambre de Commerce, a Kierchen inzeeniert. Duerfir ass d'Chamber eng flott Eraufuerderung an et fillt ee sech och e bësse geéiert, kënnen dann do offiziell Theater ze maachen (laacht).

THEATER AN DER CHAMBER!
D'Debatten um Wee zum allgemenge Wahlrecht
E Collage vu lëtzebuergeschen, däitschen a franséischen Texter
Praktesch Infoen am Programm Sait 3.

#wielewatmirsinn

100 Jahre allgemeines Wahlrecht in Luxemburg.

Begleitband zur Ausstellung

100 ans de suffrage universel au Luxembourg.

Recueil d'accompagnement de l'exposition

herausgegeben von · édité par

Claude Frieseisen · Régis Moes · Michel Polfer · Renée Wagener



Dieser Sammelband begleitet die Ausstellung, die im Nationalmuseum zu sehen ist, und folgt dabei dem Werdegang des Wahlrechts in Luxemburg. Reich bebildert vertiefen ein gutes Dutzend Beiträge in deutscher oder französischer Sprache die großen Themen im Zusammenhang mit dem allgemeinen Wahlrecht: die Ursprünge des Wahlsystems, die Entwicklung des politischen Lebens im 19. Jahrhundert, die Appelle zur Demokratisierung des Zensuswahlrechts sowie die Beweggründe und Bedingungen der Einführung des allgemeinen Wahlrechts. Für die Zeit nach 1919 setzen sie den Schwerpunkt auf die Kritik des Parlamentarismus in der Zwischenkriegszeit, die Abschaffung der Demokratie unter der nationalsozialistischen Besatzung im Zweiten Weltkrieg und die Entwicklung der politischen Partizipation in der Nachkriegszeit, um mit einer kritischen Darstellung des heutigen Wahlsystems zu schließen.

Mit Beiträgen von · avec des contributions de : Éloïse Adde, Christa Birkel, Michel Dormal, Ben Fayot, Fernand Fehlen, Gilles Genot, Germaine Goetzinger, Georges Hellinghausen, Christiane Huberty, Raphael Kies, Régis Moes, Michel Pauly, Philippe Poirier, Marc Schoentgen, Tobias Vetterle, Renée Wagener.

ISBN : 978-2-87985-629-2 | Lieux de vente : MNHA et librairies.

Ce recueil accompagne l'exposition sur les 100 ans du suffrage universel en suivant le parcours chronologique du droit de vote au Luxembourg. Richement illustrées, une bonne douzaine de contributions en français ou en allemand approfondissent les grands thèmes en relation avec le suffrage universel : les origines du système électoral, le développement de la vie politique au 19^e siècle, les appels à la démocratisation du système censitaire, le comment et pourquoi de l'introduction du suffrage universel. Pour l'époque d'après 1919, elles mettent l'accent sur la critique du parlementarisme dans l'entre-deux-guerres, l'abolition de la démocratie sous l'occupation national-socialiste, les différents modes d'extension du suffrage et de la participation politique après la 2^e Guerre mondiale, pour clôturer avec une revue critique du système électoral actuel.

... la volonté de la Chambre qui est la volonté du pays

Un florilège de débats parlementaires

luxembourgeois (1848-2004)

Sous la direction de Claude Frieseisen,

Marie-Paule Jungblut et Michel Pauly



Nous vous demandons à l'unanimité, nous, la Chambre, que vous soyez également conforme à la volonté de la Chambre qui est la volonté du pays. C'est par ces paroles que le député Eugène Schaus s'adressa le 22 novembre 1966 au ministre de l'Armée Marcel Fischbach lors du débat sur l'abolition du service militaire obligatoire.

Dans le cadre du 100^e anniversaire de l'introduction du suffrage universel la Chambre publie quelques-uns des « grands » débats menés dans l'enceinte parlementaire depuis 1848. Pour relever ce défi, elle a cherché la collaboration avec l'Institut d'histoire de l'Université du Luxembourg afin de proposer un regard externe, distancé, sur ses activités. Les grands débats peuvent être des discours d'une qualité rhétorique remarquable, mais aussi des discussions qui établissent des normes morales, marquent des étapes dans le développement de la démocratie ou ont des impacts importants sur notre pays à long terme.

L'éventail des contributions est large : l'introduction du suffrage universel, la langue luxembourgeoise, l'euthanasie, les traités internationaux, le statut de la femme, la législation sur la naturalisation, l'aménagement du territoire ou le projet d'une centrale nucléaire à Remerschen ne sont qu'un échantillon des sujets traités par un groupe de spécialistes composé de Vincent Artuso, Robert Biever, Laure Caregari, Michel Dormal, Viviane Ecker, Fernand Fehlen, Georges Hellinghausen, Luc Heuschling, Marie-Paule Jungblut, Eva Maria Klos, Sonja Kmec, Claude Kremer, Aurélie Lafontaine, Isabelle Lebbe, Jean-Marie Majerus, Xavier Mangeard, Michel Pauly, Sacha Pulli, Paul Rauchs, Albert Rodesch, Denis Scuto, Yvan Staus et Renée Wagener.

ISBN : 978-2-87978-215-7 | Lieux de vente : MNHA et librairies.